

INFO °02 2018 BLAT

Den analytesche Bericht vun der Stad Déifferdeng

**GEMENGEROTSSÄTZUNG
VUM 10. JANUAR 2018**

Séance du 26 septembre 2012
Séance du 7 novembre 2012
Séance du 10 novembre 2012
Séance du 7 décembre 2012
Séance du 14 décembre 2012
Séance du 6 février 2013
Séance du 6 mars 2013
Séance du 24 avril 2013
Séance du 12 juin 2013
Séance du 26 juin 2013
Kannengemengeroit 2013
Séance du 24 juillet 2013
Séance du 18 septembre 2013
Séance du 6 novembre 2013
Séance du 8 janvier 2014
Séance du 22 janvier 2014
Séance du 29 janvier 2014
Séance du 12 février 2014

Conseil communal du 25 avril 2018

Conseillers présents

Roberto Traversini (bourgmestre, déi gréng), **Tom Ulveling** (1^{er} échevin, CSV), **Georges Liesch** (échevin, déi gréng), **Laura Pregno** (échevin, déi gréng), **Robert Mangen** (échevin, CSV), **Paulo Aguiar** (déi gréng), **Guy Altmeych** (LSAP), **Fred Bertinelli** (LSAP), **Christiane Brassel-Rausch** (déi gréng), **Gary Diderich** (déi Lénk), **Serge Goffinet** (LSAP), **Jerry Hartung** (CSV), **Fränz Meisch** (DP), **Erny Muller** (LSAP), **Yvonne Richartz-Nilles** (déi gréng), **Ali Ruckert** (KPL), **Christiane Saeul** (DP), **Fränz Schwachtgen** (déi gréng), **Guy Tempels** (CSV)

Ordre du jour

À la suite de problèmes techniques, le début de la séance n'a pas pu être enregistré. Nous nous excusons.

2. Plan d'aménagement général et projets d'aménagement particuliers:

- Modification ponctuelle suivant article 30bis de la loi modifiée du 19 juillet 2004 concernant l'aménagement communal et le développement urbain du plan d'aménagement particulier concernant des fonds sis à Oberkorn, au lieu-dit «Biensel», présenté par le collège échevinal pour le compte de la s.à r.l. Bescha OS;
- Projet d'aménagement particulier aux lieux-dits «Zwischen Lanterbannen» et «route de Pétange» à Niederkorn — convention et plans d'exécution.

▶ — 33:18

3. Règlements communaux:

- Modification et adaptation du règlement-taxe, partie G, portant sur le stationnement ainsi que des parties y afférentes du règlement de circulation;
- Règlements temporaires de circulation.

▶ — 1:36:43

Infos & renseignements



Liens rapides

[Agenda](#)
[Annuaire](#)
[Carnet du citoyen](#)
[Démarches administratives](#)
[Formulaires administratifs](#)
[Galerie photos](#)
[Informationsablat](#)
[Mairie virtuelle](#)

L'AUDIO DES SÉANCES DU CONSEIL COMMUNAL EST DISPONIBLE SUR WWW.DIFFERDANGE.LU.

**INFO
BLAT** 02 18

COMPTE-RENDU DU 10 JANVIER 2018

4-82

ÉDITEUR Administration communale de la Ville de Differdange, B.P. 12, L-4501 Differdange
Tél.: 58 77 1-11 | F. 58 77 1-1210 | www.differdange.lu | mail@differdange.lu

RÉALISATION Service média et communication

IMPRIMEUR Imprimerie Heintz, Pétange

TIRAGE 10 000 exemplaires

© **PHOTOS** Couverture: Mirko Mengoni

INFOBLAT, imprimé sur du papier 100 % recyclé
L'Infoblat est distribué gratuitement à tous les ménages de la commune de Differdange.

ÉDITION MM/YYYYY, ISSN: 1561-7262, titre clé: Informationsablat

f Ville de Differdange

SÉANCE DU CONSEIL COMMUNAL DU MERCREDI 10 JANVIER 2018

CONSEILLERS PRÉSENTS

Roberto Traversini, bourgmestre (déi gréng)
Tom Ulveling, 1^{er} échevin (CSV)
Georges Liesch, échevin (déi gréng)
Laura Pregno, échevine (déi gréng)
Robert Mangen, échevin (CSV)
Paulo Aguiar (déi gréng)
Guy Altmeisch (LSAP)
Fred Bertinelli (LSAP)
Christiane Brassel-Rausch (déi gréng)
Gary Diderich (déi Lénk)

Serge Goffinet (LSAP)
Jerry Hartung (CSV)
François Meisch (DP)
Erny Muller (LSAP)
Yvonne Richartz-Nilles (déi gréng)
Ali Ruckert (KPL)
Christiane Saeul (DP)
Fränz Schwachtgen (déi gréng)
Guy Tempels (CSV)

ORDRE DU JOUR SÉANCE PUBLIQUE

1. Communications du collège des bourgmestre et échevins.
2. Finances communales: budget rectifié 2017 et budget initial 2018 — prise de position des groupements politiques et des conseillers communaux — réponses du collège échevinal — vote.
3. Projets communaux — devis nouveaux ou supplémentaires à l'appui du document budgétaire:
 - a) Maison relais Oberkorn: travaux d'aménagement extérieur – devis, article budgétaire 4/242/221313/18022;
 - b) Aménagement d'une maison des jeunes au quartier Fousbann; devis supplémentaire, article budgétaire 4/253/221311/16011;
 - c) Réaménagement de la rue Pierre-Krier à Differdange: devis, article budgétaire 4/624/221313/17010.
4. Règlements communaux: règlements temporaires de circulation.
5. Syndicats intercommunaux: désignation d'un délégué commun avec Käerjeng et Pétange au sein du Syvicol.
6. Changements au sein des commissions consultatives.

1. Communications / 2. Finances communales

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

constate que le collège échevinal n'a pas de communications. Il cède la parole à M. Muller.

ERNY MULLER (LSAP)

rappelle que le conseil communal devait mener une discussion sur le programme de coalition. Or celui-ci ne figure toujours pas à l'ordre du jour. S'il fallait en débattre aujourd'hui, la séance se prolongerait jusqu'au soir. C'est pourquoi Erny Muller propose de traiter ce point le 24 janvier.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

est d'accord. Aujourd'hui, il y a beaucoup de points à discuter concernant le budget. C'est pourquoi Roberto Traversini se réjouit de présenter le programme pour les six prochaines années le 24 janvier. (Interruption)

Roberto Traversini rappelle que les conseillers communaux ont reçu l'accord de coalition dans une langue.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

proteste. Les conseillers communaux n'ont toujours pas l'accord malgré les promesses répétées de M. Traversini.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

rétorque qu'il a été distribué.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

réplique qu'il s'agissait d'une version provisoire. Or M. Traversini a promis deux fois d'envoyer la version définitive par courrier électronique.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

exige que M. Meisch demande la parole avant de parler.

FRANÇOIS MEISCH (DP)

demande la parole.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

riposte qu'il n'a pas terminé. Le collège échevinal a distribué le programme au conseil communal tout en précisant que la mise en page n'était pas finie. (Interruption)

Roberto Traversini précise qu'il sera fini pour le 24 janvier. Il passe au budget.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Schéine gudde Moien. Mir géifen direkt mat eiser Budgetssitzung ufänken, Kommunikatiounen hu mer keng.

Den Här Muller huet eng Fro. Ass dat esou?

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, Här Buergermeeschter. Merci. Och gudde Moien alleguer zesummen.

Déi leschte Kéier war schonn ugeklongen, dass mer sollten eng Diskussioun féieren iwwert de Schäfferotsprogramm, also d'Virstellung vum Programme de coalition. Dat ass haut erëm net um Ordre du jour. Dir hat gesot, mir sollten dat mat abauen an eis Budgetsrieden. Mir hunn erausfonnt, dass dat einfach ze vill géif ginn, dass mer nach den Owend géifen hei setzen, wa mer dat ganz seriö wéilte maachen. Dofir wollt ech proposéieren oder froen, dee Punkt op den Ordre du jour vum 24. Januar ze setzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ech hunn domatter kee Problem. De Koalitiounsaccord ass esou gutt, datt mer eis freeën, de 24. doriwwer ze schwätzen.

Ech hat geduecht, et kéint een dat effektiv hei mat abauen. Mä ech mengen, haut sti vill Saachen am Budget, déi ee kann thematiséieren. Mä selbstverständlech, mat esou engem gudden Accord, dee mir hunn, hu mir d'Méiglechkeet, Iech an och der Press nach eng Kéier ze erklären, wéi gutt deen ass, a wéi gutt déi nächst sechs Joer d'Gemeng wäert gefouert ginn. Mir freeën eis, de 24. doriwwer ze schwätzen. Dat kënnt dann op den Ordre du jour vum 24. Mat grousser Freed.

(Ënnerbriechung)

De Koalitiounsaccord hutt Der jo scho kritt, op enger Sprooch.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Mir hunn en nach ëmmer net kritt. Dir hutt et schonn zweemol versprach. Mir hunn en nach ëmmer net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

En ass hei ausgedeelt ginn.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Neen, dat war déi provisoresch Versioun. Déi definitiv net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Maja.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir hutt zweemol gesot, Dir géift eis e mailen. Et ass nach ëmmer net geschitt.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Éischtens emol, Här Meisch, frot Der Iech d'Wuert, fir ze schwätzen.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Ech froe mer dann d'Wuert elo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo. Ech sinn awer nach net fäerdeg.

Mir hunn et heihinner geluecht. Mir hu gesot, de Layout wier nach net fäerdeg.

(Ënnerbriechung)

Dir kritt en da mat de Fotoen. Fir de 24. hutt Der en.

Da géife mer zum zweete Punkt kommen. Här Schwachtgen, Dir kritt d'Wuert.

2. Finances communales

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG):

Dir Dammen an Dir Hären, schéine gudder fréier Mueren. Ech probéieren, meng Ried esou kuerz wéi méiglech ze halen. Et wäert awer eng gewëssen Zäit an Usproch huelen, sou wéi wärscheinlech och bei verschiddenen anere Leit.

Ech sinn dës Kéier an der Situatioun, wéi ech schonn d'leschte Kéier gesot hunn, dass ech mat dräi anere gréng Conseillere hei setzen. Mir hunn eis eis Commentairen e bëssen opgedeelt. Dofir brauch ech net op alles anzugehen. Ech kann awer doduerch e bësse méi op aner Dossierer agoen, déi mer um Häerz leien. Ech schwätzen am groussen Ganze fir déi gréng, awer ech wäert mer och erlaben, eng Partie perséinlech Commentairen ofzeginn.

Déi generell Appreciatioun vum Budget ass bei mir vu folgender Kritäre ausgegangen: Ass e Finanztechnesch an der Rei? Léisst en den noutwennigen Spillraum fir kommend Joren a kommend Generatiounen? Hypothekéiere mer eis net etc.? Entsprécht en den ökologeschen, sozialen an nohaltegen Ziler? Dat ass eng vun de Fuerderunge vun deene gréngen, zënter eiser Präsenz hei am Gemengerot, ab 1993 an ab Januar 2000. Abordéiert en all Domänen, Interëten an Ufuerderungen, déi ufaalen an enger grousser, fortschrittlicher Gemeng, wéi se sech nennt, der drëtter Gréisster hei am Land?

Dir wësst, dass ech en Optimist sinn an dat positiv gesinn, an zur Majoritéit gehéieren, dee säin Deel zu deem Budget bäigedroen huet. Op déi dräi Frostellungen kënne mir als gréng berouegt mat "Jo" äntweren. Mir behaapte souguer, dass de Cru 2018 en extra gudden ass. Iwwerregens bal och wéi déi Jore virdrun.

Zu der drëtter Fro: All Domänen. Do wäerte mer probéieren, eng Äntwert drop ze ginn, firwat mer de Budget dann och gutt fannen.

Et kann ee feststellen, dass et e Budget vun der Kontinuitéit ass. De Rectifié weist dat aus. Vill Projekte sinn nach net ofgeschloss. Se sinn nach an der Maach. Verschidder si schonn ofgeschloss. Vlächtkommen do héchstwahrscheinlech am Laf vum Mueren eng Partie

Froen, firwat dat net esou ass. Do ka jo dann de Schäfferot drop agoen. Ech wäert der och vlächte e puer uschwätzen. E weist awer och nei Akzenter, progressiv no vir, och wat d'lescht Joer scho geplangt war, an och wat nei ass.

E puer Detailler zu groussen Punkten. 2018 muss geprägt ginn duerch Diskussiounen iwwert den neie PAG. Do stinn nach ëmmer Sue fir Etüden am Budget. Souwäit ech héieren hunn – de Schäfferot ka mech herno awer enger Besserer beléieren –, sinn elo bal all Dossierer eran. Sou dass mer kënnen an eng Phase de consultation goen. D'Biergerbedeelegung läit eis reell um Häerz. Och wann d'Dossierer elo do sinn, solle se net ganz ofgeschloss ginn, mä mir musse als Bierger, als Kommissiounsleit, als Gemengerot drop reagéieren kënnen, ier fäerdeg Dokumenter fortginn. Wéi gedenkt de Schäfferot do virzegoen?

Dréngend ass – an dat ass op der Neijorsfeier vum Personal nach vun der Aarbechtsdelegatioun betount ginn –, dass mer nei Plaze schaffe fir eis eegent Betriber. Souwuel administrativ wéi technesch. Do fanne mer eben hei och déi Richtungen, déi mer schonn ageschloen hunn. Projet CID, véierter Stack op dat Haus hei, Ukaf vu Büroaraimlechkeeten hei vir nieft der ex Kierch, op der Mandela-Plaz.

Iwwerdeems komme mer net derlaanscht, fir méi Leit anzustellen, haaptsächlech a gewësse Sparten, fir effektiv all deenen Aufgaben nozekommen, deene mer eis an deenen nächste Joren an der Gemeng musse stellen. Projekte wéi Teambildung a Weiterbildung fir d'Personal, déi am Budget verankert sinn, mengen ech, si ganz nützlich, fir den Zesammenhalt vun deem ëmmer méi groussen Betrib ze gewäerleeschten.

Efco-Terrain: ech hu gesinn, dass do eng Analys no Verseuchung stattfënnt. Soubal déi ofgeschloss ass, wollt ech froen: Sinn do schonn Iddien, wat mer dohinner setzen? Et ware mol Gedanken, de Jardinage vlächte, oder d'Fierschtereie, alternativ zu den Zären um Bierg, op esou eng Plaz ze huelen. Ech wollt froen, ob Der Iech do scho Gedanken gemaach hutt?

Wichtig bleift – dat hu mer am leschte Gemengerot gesinn – den Opkauf vum Lommelshaff, Ikkuvium, Terrainen, déi

FRENZ SCHWACHTGEN (DÉI GRÉNG)

essaiera de se montrer bref, mais il sait bien que son discours prendra un peu de temps. Les conseillers écologistes sont au nombre de trois. Ils se sont réparti les commentaires. Frenz Schwachtgen va aborder les thèmes qui lui tiennent le plus à cœur. Il parlera au nom des écologistes et en partie aussi en son propre nom.

Le conseiller s'est posé les questions suivantes: le budget est-il en ordre financièrement? Laisse-t-il de la marge pour les prochaines années? Est-il écologique, social et durable? Aborde-t-il tous les domaines nécessaires pour une grande ville progressiste?

Frenz Schwachtgen est de nature optimiste et il pense pouvoir répondre par «oui» à toutes ces questions. Il pense même que le budget 2018 est particulièrement bon. Le budget 2018 est tout d'abord un budget de la continuité. Le rectifié montre en effet que certains projets ne sont pas encore finis. D'autres le sont. Il y aura sans doute des questions à ce sujet. Mais le budget est aussi progressiste et fixe de nouveaux accents.

2018 sera sans doute marqué par des discussions sur le PAG. Les dossiers sont pratiquement tous disponibles. La phase de consultation peut donc commencer. La participation citoyenne tient à cœur aux écologistes. Les citoyens, les membres des commissions et le conseil communal doivent pouvoir donner leurs avis.

Il est urgent de créer de nouveaux postes au sein des services communaux. Frenz Schwachtgen mentionne le CID, l'aménagement du quatrième étage de l'hôtel de ville, l'acquisition de locaux... Mais il faudra aussi recruter. La formation du personnel ainsi que le renforcement d'équipe figurent dans le budget.

Une analyse du terrain d'Efco est prévue. Le collègue échevinal sait-il déjà ce qu'il va faire du site? Il a notamment été question d'y installer le service du jardinage et le garde forestier.

L'acquisition de la ferme Lommel, de l'Ikkuvium et de terrains est importante pour le développement de la ville. La commune doit recou-

2. Finances communales

rir bien plus souvent au droit de préemption.

En ce qui concerne l'aménagement de la place Nelson-Mandela, Frenz Schwachtgen espère qu'on laissera suffisamment d'espace autour. Pour le conseiller communal, le premier projet était un peu étroit. Il faudrait garder une vue ouverte entre l'ancienne école ménagère et le Petit Casino. Les cèdres devraient faire partie du projet.

Le projet de l'entrée en ville a été présenté récemment à la commission de l'environnement. Le projet est vraiment réussi. Il faut juste attendre que le trafic devienne plus fluide.

D'importants investissements sont prévus dans l'éclairage public. Après les récents accidents, il est important d'éclairer les passages pour piétons. Frenz Schwachtgen prend l'exemple de la rue de Belvaux.

Le balcon de Lasauvage sera rénové.

D'importants projets sont prévus dans le domaine du sport et le domaine sociétal. Frenz Schwachtgen mentionne le futur laboratoire du sport à Oberkorn, le centre sportif de Niederkorn et la salle de gymnastique du Bock.

Dès que le nouveau hall polyvalent sera achevé, le centre sportif d'Oberkorn n'accueillera plus que des manifestations sportives et il pourra être rénové.

Pour ce qui est du futur stade d'athlétisme au Woiwer, qu'adviendra-t-il des clubs de football qui jouent actuellement sur ce terrain?

Le projet du Thillenbergrain sera poursuivi. Frenz Schwachtgen voudrait des détails. Il demande que la tribune historique soit préservée. Il reste à voir si elle restera fonctionnelle. Les vestiaires devront peut-être être installés ailleurs.

Il a été question de remplacer l'ancien chalet par un local pouvant accueillir des fêtes de famille ou, pourquoi pas, des vestiaires. Où en sont les négociations avec Arcelor pour la location ou l'acquisition du terrain?

Frenz Schwachtgen trouve qu'il faudrait conserver au moins un court de tennis.

wichtig si fir de Gemengendevelopment. Dass mer prett sinn, déi wichtig Immobilien opzekafen, wa se um Moart sinn. Mir sollten och vill méi Gebrauch vum Droit de préemption maachen.

Déi geplangte Bebauung vun der Place Mandela steet och am Budget, sollt a mengen Ae moderat virgeholl ginn, fir vill Fräiraum ronderëm ze loossen, sou wéi dat am Ufank och geplangt war. Den Ufanksprojet war mir e bëssen ze enk. Vlächcht sollt een do awer déi Visioun vun deemools oprechterhalen, wou een effektiv vun der aler Haushaltsschoul bis op de Casino duerchgeeënd kéint gesinn. Fir mech a fir anerer sollten déi imposant Zederen onbedéngt en Deel vun deem Projet sinn.

De Projet Entrée de ville ass a sengem Concept d'aménagement der Ëmweltkommissioun viru Kuerzem virgestallt ginn. Et ass och schonn en enken Timing do. Ech muss soen: „Dat gesäit super aus“. Déi Suen, déi mer do investéieren, si gutt investéiert. Dat gëtt wierklech eng flott Saach, wann de Verkéier heron rullt. Dat ass net mäi Beräich, mä wat landschaftlech a städtebaulech gemaach gëtt, gesäit wierklech gutt aus.

Vill Sue sollen an den Eclairage public investéiert ginn. Dat ass eng ganz wichtig Saach. Ech géif all Drénglechkeet dorop leeën, effektiv no deenen neiste Virfäll an dësem Wanter/Hierscht mat Accidenter, dass mer wierklech an engem Coup probéieren, do, wou et méiglech ass, eis Foussgängersträifen ze beliichten. Als Beispill kéint een d'Bielleserstrooss huelen, wéi flott et ka beliicht ginn a siichtbar ass fir jiddereen.

Eppes, wat mir perséinlech Freed mécht: de Quartier Balcon zu Lasauvage soll an d'Renovatioun kommen. Dat ass architekturel an historesch wichtig fir dat Duerf.

Grouss Projeten am Sportsberäich, wou ech denken, dass nach verschidde Leit heibanne méi drop wäerten agoen, an am sociétale Beräich si virgesinn.

Ech gi ganz schnell derduerch, ouni an den Detail mat den Zommen ze goen. Eise Sportslabo soll gebaut ginn nieft der Sportshal, zu Nidderkuer soll den neien Hall sportif endlech ugefaange ginn. Wou ass den Dossier drun? Firwat schleift et nach? Um Bock, ganz

wichtig, en neien Turnsall, fir d'Mise en étude. Well den alen Turnsall, den ech ganz gutt kannt hunn, den schéinen Turnsall, huet scho jorelaang Rëss, an et riskéiert, méi kriddelech ze ginn. Ech mengen, do sollt mer schnell handeln.

Wann den neien Hall de la Chiers hanner der Sportshal fäerdeg gëtt – et sinn 3,3 Milliounen Euro am Budget virgesinn –, kréie mer eis Sportshal fräi, fir nëmme sportlech Aktivitéiten, a mer kënnen dann d'Renovatioun ugoen.

De Liichtathletiksterrain um Woiwer ass en Thema. Fro: Wat geschitt an Zukunft mat deem Sportsveräin, mam Fussballveräin, den jo u sech do seng Hauptmatcher a seng Niewematcher spillt? Hu mer e Konzept? Déi Fro riicht sech un eise Sportsschäffen, respektiv un déi Leit aus der Sportskommissioun, déi sech dorëm këmmen, wéi an Zukunft eis Fussballsveräiner ënnertenee solle funktionnéieren.

Den Thillebierrain, eng ganz flott Initiativ, ass d'lescht Joer ugaangen. Dat soll weidergemaach ginn. Mir wieren alleguer frou, wa mer do méi Detailler géife kréien, sou séier wéi et geet. Déi al Tribün muss onbedéngt, aus historesche Grënn, gehale ginn. Ob se funktionsfäeg bleift, fir d'Vestiaire dran ze loossen, ass eng aner Fro. Do sollt ee vlächcht kucken, fir bei deem ville Betrib, den do uewen ass, an den och an Zukunft wäert sinn, d'Vestiaire op enger anerer Plaz opzeriichten.

D'selwecht Fro mam Chalet. Do war emol ugeduecht, dass den Chalet sollt ofgerappt ginn, an dass den nei opgeriicht gëtt fir en neie sociétale Raum, fir Locatiounen, fir Familljefester ze maachen an esou weider. Vlächcht a Verbindung och mat Vestiaire fir Sportsveräiner, sou dass mer dat alles ënnert een Hutt kréichen. Op jidde Fall ass meng Fro: Wéi wäit si mer an de Verhandlung mat der Arcelor virukomm, fir den Terrain ze iwwerhuelen, ze lounen, ze kafen, oder ech weess net wat?

Flott ass et, dass mer wéinstens een Tennisterrain fir de Summerbetrib kënnen halen. Ech mengen, dat kéint en Usporn si fir en Tennisveräin, loisir oder net, fir sech nei opzestellen.

Dat e bëssen aus deem Sportsberäich. Et sinn nach vill Diversen dran. Mä

2. Finances communales

ech denken, dass aner Leit nach derzou wëlle Stellung huelen.

Ech géif da kuerz déi zweet Froestellung ugoen. Wéi ass et mam grénge Fuedem? Maache mer Natur- an Ëmweltschutz queesch duerch dee Budget? Ech behaupten: „Jo”. Wann een alles eng Kéier seriö duerchkuckt, ausser a verschiddene Beräicher, wou effektiv deen Thema net esou ginn ass, probéiere mer duerch dee ganze Budget, e grénge Fuedem ze hunn.

Beim Naturschutz wëll ech ënnerscheeden zwëschent der Stad an der Zone verte, déi mer baussent der Stad hunn. De Plan vert ass dofir do, fir all déi normal Depensen ze decken. An deen ass och erhéicht ginn a sengen Ausgaben.

Ech wëll just Stéchwierder soen. De Projet „Urban Green”, Beemplantungsaktiounen an allen Ecke vun der Stad, eng extra Bam-Equipp, déi agefouert gëtt, eng pestizidfräi Gemeng si mer a wëlle mer bleiwen, d'Schafung vu Grénganlagen a Parken. Et sinn e ganze Koup Indikatiounen dran. Immens wichteg ass, mir hunn eis mat Experte beroden, fir gréng Couloiren duerch eis ganz Stad ze zéien, déi de Loftaustausch, de Sauerstoffaustausch reguléieren, wat positiv Auswierkungen op d'Aartevillfalt an eiser Gemeng wäert hunn.

Mir hunn déi Projekte bis an d'Zone industrielle an an d'Zone artisanale a commerciale eragezunn, wou mer wäertvoll Naturterrine garantéieren, an déi verschidden Terrainen aus dem Notze vun der Industrie un d'Gemeng zeréckfale, fir Biotopen ze schafen, am Aklang mat der ekonomescher Tätigkeet, déi an deene Beräicher leeft.

An der Zone verte, ronderëm eise Bierg – dat kënne mer och am Budget gesinn –, wëll ech ervirhiewen, dass eis Forstwirtschaft total ekologesch bleift. Egal, ob se Suen erabrénge oder net. Mir si leider an der Situatioun, dass duerch eng verfeelte Forstpolitik an den 90er Joren nëmmen nach Staangebëscher do ass, deen u sech just fir Holzhackschnitzel verwäertbar ass, awer keen Holz, wat als Bauholz ka verwäert ginn.

Eis SICONA-Programmer, wou mer Member sinn, funktionnéiere ganz gutt. Och an der Zone verte do uewen. En neit Naturschutzgebitt Kiermerchen,

also ronderëm de Bierg zu Uewerkuer, Richtung franséisch Grenz, Richtung ale Ronnebiert, dierft ausgewise ginn. Dat ass an Aarbecht a wäert och am Zéngjoresplang vun der Forstverwaltung virgestallt kënne ginn. Sou dass mer nieft dem Giele Botter, der Dreckschiss an de Käerjenger Wäsen am Fong iwwer dräi Naturschutzgebitt wäerte verfügen.

Nei ass an den Diskussiounen – ech huelen e bëssen aus – e Projet Unesco-Biosphärreservat. Et lafen Ustengungen um nationalen an um europäeschen Niveau, fir dee ganze Minett, vun Diddeleng bis op Rodange, als Unesco-Biosphärreservat auszuweisen. Nach virun 2022. Mir wieren natierlech frou, wann eppes Formidabeles géif entsto, wat Déifferdeng an eis Géigend hei géif u sech an de Weltkalenner vu wichtige Gebitt setzen.

Ech sinn och frou, dass d'CIGL-Aktivitéit weider Ënnerstëtzung fanne mat engem Budget, deen et hinnen erlaabt, all hire Vociatiounen nozekommen. Virun allem am Naturberäich, wou se sech zum Beispill ëm d'Naturschoul bekëmmere an ëm aner Projete.

Fond-de-Gras, ganz wichteg; mer kréien endlech Toiletten dohin. Wéi laang et nach dauert, weess ech net. Mä et soll en neie Centre d'accueil mat Vestiaire a Sanitär gebaut ginn an Zesummenaarbecht mat der Gemeng Péiteng an an Zesummenaarbecht mam Stat. Dat ass eng erferelech Noriicht.

D'Fro stellt sech – an dat ass ëmmer eng Diskussioun –, wéivill mënschlech Aktivitéit, permanent Aktivitéit d'Natur do uewen um Bierg verdréit? All eventuellen an all neie Projet, wéi Miradoren opzeriichten, Zäreprojete, Wandenergienotzung muss an ass amgaang, strikt op Natur- a Landschaftsverträglechkeet gepréift ze ginn. Meng perséinlech Meenung, am Zweifelsfall pro natura, fir Erhuelungs- a Fräizäitgestaltung an nohaltegen Tourismus. Wéi gesot, net géint Projete, awer no eingehender Prüfung vun deene Saachen.

Ech wëll ee Wuert soen iwwert den Territoire naturel transfrontalier, eng nei Struktur, déi mer zesumme mat de Gemengen Héiseng an Zounen opgebaut hunn. Dat huet elo eng juristesche Form. Am Budget sti Sue fir e Projet in-

D'autres conseillers communaux reviendront certainement sur les questions du sport.

Frenz Schwachtgen constate qu'un fil vert traverse tout le budget. Il distingue la ville de la zone verte autour. Le «plan vert» vise à couvrir toutes les dépenses courantes.

Frenz Schwachtgen mentionne le projet «Urban Green», l'action de plantation des arbres et la nouvelle équipe dédiée aux arbres. Differdange veut devenir une ville sans pesticides avec de nombreux parcs. Les experts préconisent la création de couloirs verts à l'intérieur de la ville facilitant un échange naturel d'air et d'oxygène. Et ce y compris dans les zones industrielles et artisanales. De cette façon, des biotopes adaptés à l'activité économique seront créés.

La gestion de la forêt autour de Differdange reste entièrement écologique, même si cela ne rapporte pas d'argent.

Les programmes de SICONA fonctionnent bien. Une nouvelle zone naturelle protégée sera créée sur la colline à Oberkorn.

Frenz Schwachtgen passe à un projet de l'UNESCO pour faire de la Minette une réserve de biosphère, et ce, avant 2022. Differdange ferait alors partie du calendrier mondial des zones importantes.

Le CIGL continuera à être soutenu. Il s'occupent entre autres aussi de projets écologiques comme l'École Nature.

Des toilettes seront enfin installées au Fond-de-Gras. On y construira aussi un nouveau centre d'accueil avec des vestiaires et des sanitaires en partenariat avec la commune de Pétange et avec l'État. Bien entendu, il s'agit de voir combien d'activité humaine la nature peut supporter sur ce site. Des projets comme l'installation de miradors, de serres ou de parcs éoliens doivent d'abord être évalués d'un point de vue écologique. Frenz Schwachtgen est d'avis qu'il faut privilégier la nature en cas de doute. Il n'est pas contraire aux projets touristiques et de loisirs, mais uniquement après une évaluation conséquente.

Le territoire naturel transfrontalier a été créé en partenariat avec les communes de Hussigny et Saulnes. En fonction des subventions, un

2. Finances communales

projet pilote sur la pollution lumineuse dans la nature et dans les villes pourrait être mis sur pied.

Le budget est-il durable et écologique? Pour les écologistes, la commune doit montrer l'exemple. Frenz Schwachtgen constate que cela fonctionne dans presque tous les domaines. Les nouvelles infrastructures sont planifiées dans ce sens. Frenz Schwachtgen sait bien qu'il énerve toujours l'échevin aux bâties avec ses idées vertes.

Le concept énergétique de Differdange est parmi les plus progressistes du pays. Grâce à l'engagement de Differdange dans le pacte climat, la commune a droit à des remboursements. Elle a obtenu la médaille d'argent et espère recevoir bientôt le premier prix.

Le recours aux énergies renouvelables est devenu une normalité. Cela engendre des recettes puisque l'électricité est vendue. Les bâtiments communaux sont isolés. L'acquisition de produits se fait d'après des critères de durabilité.

Il faut parvenir à organiser les fêtes de manière plus écologique en limitant les déchets.

Les citoyens ont droit, quant à eux, à des subsides conséquents s'ils adoptent un style de vie plus écologique.

La ligne à haute tension, qui se trouve encore à l'extérieur dans la cité de la Chiers et au Mathendahl, sera aménagée sous terre. Elle ne représentera donc plus un danger pour la santé.

Parmi les postes les plus importants du budget ordinaire, on retrouve l'approvisionnement en eau, les canalisations, l'épuration de l'eau, la gestion des déchets et le recyclage. Les couts explosent littéralement et devraient normalement être financés à 100 % par les citoyens.

Les syndicats SIDOR, Minettkompost et SIACH content de plus en plus. La même chose est vraie pour Ecotech, qui s'occupe du recyclage. Il faut revoir les concepts et lancer des campagnes de sensibilisation.

Des fonds sont également prévus pour la lutte contre la pollution de l'air et de l'eau, les nuisances sonores et les mauvaises odeurs. Certains producteurs de Differdange et des alentours ne maîtrisent pas les technologies, ce qui représente un

terreg. Wa mer déi 250.000 Euro géife kréien, kéinte mer e Pilotprojet maachen iwwert d'Pollution lumineuse am Fräiraum, am Naturraum souwéi am Stadgebitt mat nei entwéckelte Luuchten, vu verschiddenen techneschen Unien, d'Unie vu Léck, Tréier a Metz. Dat kéim dann hei an den Eck, an dat wier natierlech eng Experienz, wou mer kéinte Virreider ginn a gewëssen Techniken, déi deem ënnerleien.

Eng weider Fro: Ass et e Budget vun der Nohaltegkeet? Do ginn ech och ganz séier derduerch. Nohaltegkeet, Ëmweltschutz virun allem. An d'Gemeng als Virbild. Dat war ëmmer eist Motiv an eis Motivatioun, fir de Leit dobaussen ze weisen, dass d'Gemeng mam gudde Beispill virgeet. An et kann een elo lues a lues feststellen, dass dat a bal alle Beräicher scho klappt.

All eis Infrastrukture ginn an deem Gedanke geplangt, gebaut, ëmgebaut an ënnerhalen. Ech mengen, ech oder mir sinn deene jeeweilege Bauteschäffen ëmmer déck op de Geescht gaangen, wann ëmmer erëm nach Virschléi am Beräich proaktiven Ëmweltschutz komm sinn.

Eist Energiekonzept ass mat dat fortschrëttlechst hei am Land. Et si vill Suen agesat. Geméiss eisen Engagementer am Klimapakt, Klimabündnis kréie mer do Remboursementer. Mir hunn, souwäit ech dat héieren hunn, d'Sëlwermedail kritt, den zweete Präis nach. Mir schaffen um éischte Präis. Mä et geet eben esou wäit, dass mer wierklech top sinn hei am Land.

D'Notzung vun erneierbaren Energien, Holz, Solar ass grad esou selbstverständlech wéi d'Eegeproduktioun vun Energie an eise Cogeneratiounsanlagen. Wat erëm zu Benefiss féiert, well mer eng Vente vun Electricitéit an engem relativ héije Betrag maachen. D'Uwendung vun Energiespuermoossnamen, Isolatiounstechniken ass selbstverständlech an eise Gebaier. Den Akaf vu Gidder gëtt no de Kritäre vun Nohaltegkeet gemaach, Fair-trade-Gemeng oblige, lokalen Akaf, ëmweltfrëndlech Produkter, etc.

Wa mer et nach géife fäerdeg bréngen, ëmweltfrëndlech Fester ze feieren. Mer hu jo de Cup-System, mä mir hu leider nach e ganze Koup Decheten, déi bei

eisen ëffentleche wéi och privat organiséierte Fester ufalen. Do muss nach eng Schëpp bäigeluecht ginn.

De Bierger mierkt dat natierlech. A wann en dat bis gemierkt huet, wat och op d'Sensibiliséierung zeréck ze féieren ass, kritt en Hëllef a Form vu Subsid – mir hunn do en zolitte Chiffer am Budget –, wann e matgeet op eng méi ekologesch Liewensféierung.

E ganz flotte Punkt am Budget ass déi Ligne de haute tension, déi zu Nidderkuer nach ëmmer iwwert d'Käpp vun de Leit féiert an der cité de la Chiers an am Mattendall, dass déi endlech ënnert de Buedem kënnt. Sou dass dat kee Gesondheitsrisiko méi fir déi Leit duerstellt.

Wann ech de Budget ordinaire kucken: ënnert deenen déckste Posten erëmze-fannen, sinn ëmmer erëm d'Waasserversuergung, d'Kanalisiatioun, Waasser propper maachen am SIACH, an der Kläranlag, d'Müllentsuergung an de Recycling. An deene Beräicher hu mer eng Käschtenexplosioun. Déi Ausgabe missten theoretesch käschtedeckend sinn, an de Bierger misst dat theoretesch alles bezuelen, wat awer nach ëmmer net de Fall ass. Et gëtt sech beroden, wéi mer déi Explosioun an de Grëff kréien.

Eis Syndikater SIDOR, Minettkompost, SIACH ginn ëmmer méi deier. Och d'Waasserversuergung iwwert den SES. Idem fir d'Käschte vum Recycling-betrieb, dee mer elo Ecotech iwwerginn hunn.

Do musse mer nach vill dru schaffen. Mer musse verschidde Konzepter nei iwwerdenken an iwwerschaffen, zesumme mat der Bevëlkerung, Sensibiliséierungscampagnë maachen, fir et fäerdeg ze bréngen, eng Plus-value dor-ausser ze zéien.

Et sinn dann och eng Partie Artikelen am Budget, wou mer probéieren, géint eppes ze kämpfen, wat leider nach ëmmer de Fall ass, nämlech d'Loft-, d'Waasserverschmutzung, de Kaméidi an de Gestank. Wat ebe vu Produzenten hierkënnt, déi op eise Sitten oder direkt niewendrun ugesiedelt sinn. Déi hir Technologien nach ëmmer net richtig am Grëff hunn. Sou dass effektiv Gefor besteet fir Mënsch an Natur. Mir hunn

2. Finances communales

eis selwer als Gemeng e Biomonitoring zougeluecht. D'Analyse maache mer selwer, fir dass mer kënnen do mathalen. Mer loossen eis och vun Expertisen, vu Fachleit beroden, fir dass mer op därselwechter Héicht kënnen diskutéiere wéi de Ministère an déi Bedriewer, fir se net ze nennen, ArcelorMittal, Kronospan an esou weider.

Mer mussen och an Zukunft kucken, fir modern Betriber an d'Gemeng ze kréien, Aarbechtsplazen ze schafen, awer propper Betriber a propper Aarbechtsplazen, wann ech gelift.

Voilà, dat waren e puer Brochstécker aus dem Budget, déi all fein säuberlech do opgefouert gi sinn. Ech hunn elo bewosst keng Nummern opgezielt a keng Betrag genannt, fir net nach méi Zäit ze verléieren.

Zum Schluss, zu der éischter Fro: Wéi ass et mat der genereller Situatioun? Kuerz dat heiten: Am Rectifié hu mer, wéi scho gesot, vill flott Projeten, déi nach ustinn, ofgeschloss oder ugefaange sinn. Verschiddener wäerten eis och méi laang beschäftegen. Dat ass ganz positiv. Do gehéiert och deem ale Schäfferot Merite an Unerkennung.

Am Ordinaire, souwuel wat d'Recetten wéi d'Depensen ugeet, si mer komplett am grénge Beräich an op enger Linn mam Schäfferot. Mir brauche keng nei Scholden ze maachen. Mir hunn eng ganz normal Verschëldung a si ganz wäit ewech vun enger Iwwerverschëldung. Mer kënnen eis Kreditter zeréck bezuelen. Mir kënne Reserve schafen, finanzieller Natur – et ass vun enger Millioun Euro geschwat ginn – a materieller Natur, duerch Kaf vun Immobilien, bâties oder non bâties.

Mer hunn eng nei spruddelech Quell a Form vu Recetten duerch d'Loyeren, déi mer jierlech erakréien. Wat eis d'Equivalenz mécht, wéi de Buergermeeschter gesot huet, vun der Scholdentilgung.

Doduercher, dass mer all Subside-Méiglechkeete voll ausschöpfen, gesäit eise Budget héchstwahrscheinlech esou gutt aus. Mer sinn awer och an der glécklecher Situatioun – dat muss een och soen –, dass mer d'Païe vum Léierpersonal net méi musse matdroen, wat eis zum Deel Loft verschaaft huet.

Doriwwer eraus konnte mer an de leschte Joren no u 500 Milliounen Euro investéieren. Dat ass eppes anescht wéi e Spuerveräin. Mir kënnen also all déi Projete fir 2016 weiderféieren an eis och vill nei Projete leeschten.

De Buergermeeschter a säi Schäfferot wéi och säi Gemengerot brauchen also net ze knéckeg ze sinn. Dofir stëmme mer dese Budget natierlech mat.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Schwachtgen. An da wier et um Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, am Numm vun der LSAP huelen ech zum Budget rectifié 2017 an zum Budget initial 2018 Stellung.

Erlaabt mer, direkt am Ufank all deejéinege Merci ze soen, déi mat un dësem Budget gehollef hunn ze schaffen. Virun allem eisem ganze Gemeindepersonal, op der Säit vun der Administratioun, eisen Aarbechterinnen an Aarbechter am CID, alle Leit aus dem Enseignement an de Betreungsstrukture fir hiren Asaz am Interêt vun eiser Populatioun.

Ech fänken da mat menger Budgetsanalys un, loossen awer nach Spillraum fir meng dräi aner LSAP-Kolleegen.

Fir d'éischt zum Budget rectifié 2017. Nom Exercice vun 2016, wou 44,6 Milliounen Euro investéiert goufen, ass dës Zomm 2017 nach eng Kéier eropgaangen op ronn 70 Milliounen Euro, wat en enorm héije Chiffer ass. Dës Investitiounen sinn an der Haaptsaach a Ressorte gemaach ginn, wou d'LSAP mat führend war. Dat huet och bei der aktueller Koalitioun Unerkennung fonnt.

Am Joer 2017 si ganz vill Projeten an der Stadentwécklung, an de sportlechen, kulturellen souwéi Schoul- a Betreungsinfrastrukturen ausgeschafft ginn. E Programm fir d'Zukunft also.

danger pour les hommes et la nature. La commune se laisse assister par des experts dans ses discussions avec le ministère, ArcelorMittal et Kronospan. Elle doit essayer d'attirer des entreprises modernes à Differdange.

Frenz Schwachtgen n'a pas nommé de chiffres pour ne pas perdre de temps. Pour conclure, il constate que de nombreux beaux projets du rectifié sont encore en cours de réalisation. Le mérite en revient à l'ancien collègue échevinal.

Les recettes et les dépenses ordinaires sont saines. La commune n'a pas besoin de contracter de nouveaux emprunts. Le collège échevinal pourra même créer une réserve d'un-million d'euros. Les loyers représentent une source de revenus réguliers permettant d'amortir les dettes. Le collège échevinal profite au maximum de toutes les possibilités de demander des subsides. En plus, la commune n'a plus besoin de prendre les salaires du personnel enseignant à sa charge.

Au cours des dernières années, Differdange a investi près de 500 000 €. Il n'est donc pas question de faire des économies. Le bourgmestre et le collège échevinal n'ont pas besoin d'être avares. Les écologistes approuveront le budget.

ERNY MULLER (LSAP) souhaite prendre position à propos du rectifié 2017 et du budget 2018. Il remercie tous ceux qui ont participé à sa réalisation — notamment l'administration, les employés du CID, les enseignants et les éducateurs. Il va analyser le budget, mais laissera une marge de manœuvre aux autres socialistes.

Il rappelle que les investissements de 2016 se sont élevés à 44,6 millions d'euros et ceux de 2017 à 70 millions d'euros, des chiffres énormes. Ces investissements ont été opérés dans des ressorts où les socialistes avaient leur mot à dire. La coalition actuelle le reconnaît d'ailleurs.

En 2017, de nombreux projets concernant le développement urbain, la culture, l'enseignement et l'accompagnement des enfants ont été planifiés. Il s'agit d'un programme pour l'avenir. Erny Muller mentionne notamment la place

2. Finances communales

Nelson-Mandela, le concours pour la construction des tours de l'entrée en ville, l'agrandissement du centre sportif, le stade d'athlétisme, le centre sportif de Niederkorn, le parking du contournement, les nouvelles écoles et maisons relais, le hall polyvalent... Ces projets sont à la base de ce que réalisera la nouvelle majorité au cours des cinq prochaines années.

Les dépenses extraordinaires de 2017 les plus importantes concernent les maisons relais et les écoles — le campus Woiwer, la maison relais d'Oberkorn, l'expansion Saint-Pierre — avec 6 686 000 €.

Le centre d'intervention du Scheierhaff a coûté 2 millions d'euros et le 1535° 3,25 millions d'euros, dont 3 millions seront remboursés par le ministère de l'Économie.

5,483 millions d'euros ont été investis dans l'amélioration des routes et l'embellissement de la ville.

Erny Muller passe ensuite aux différentes dépenses dans le domaine du sport.

L'école internationale a coûté 15 882 000 €. Les cours dans le nouveau bâtiment ont commencé à l'automne 2017.

Un emprunt à courte durée de 6 100 000 € a été remboursé.

Pour ce qui est du budget ordinaire 2018, la commune franchit pour la première fois la barre des 100 millions d'euros avec des recettes de 102 241 600 €. Les dépenses se montent à 80 364 371 € pour un excédent de 21 877 228 €. M. Schwachtgen a expliqué que ces résultats sont dus à deux mesures. Erny Muller mentionne la réforme des finances communales menée par le ministre de l'Intérieur socialiste Dan Kersch. Il rappelle que le CSV a voté contre cette réforme à la Chambre des députés.

Grâce à la réforme et au nouveau fonds de dotation globale, la commune touchera 3 363 376 € de plus que l'année dernière. Il s'agit du fonds de dotation et de l'impôt commercial ensemble. Erny Muller pense que ces estimations sont conservatives.

La participation au traitement des enseignants constitue l'autre mesure importante puisqu'une dépense de 8 856 000 € est simplement supprimée par rapport à 2017. En tout,

Ech wëll nëmmen erwähnen: D'place Nelson Mandela, den Towerconcours vun der Entrée en ville, den Ausbau vun der Sportshal ëm de LIPS, dem Sportinstitut oder der Sportsfabrik, nei Sportsequipementer wéi de Liichtathletikstadion oder d'Sportshal zu Nidderkuer, d'Parkhaus um Contournement, nei Schoul- a Betreuungsstrukturen zu Nidderkuer, am Déifferdeng Zentrum, en neien Hall polyvalent an esou weider.

Dës Projete wäerte sécherlech d'Basis duerstelle fir dat, wat déi nei Majoritéit an deene kommende fënnef an halleft Joer realiséiert.

D'Hauptchifferen am Budget rectifié 2017, bei den Dépenses extraordinaires, sinn op d'Maisons relais an d'Infrastrukturen zeréck ze féieren. Virun allem de Campus Woiwer, d'Maison relais Uewerkuer, d'Extension St. Pierre Nidderkuer. Am Ganze 6.686.000 Euro. Déi meescht vun dëse Projete sinn deemnächst fäerdeg. Mir freeën eis drop.

2018 bleift e Solde am Budget vu 5.257.000 Euro.

De Centre d'intervention um Scheierhaff, dee souwäit fäerdeg ass, huet eis 2017 2 Milliounen Euro kascht. Fir de 1535°C sinn 3,25 Milliounen Euro engagéiert ginn, wouvu mer bekanntlech 3 Milliounen Euro vum Ministère de l'Économie subsidiéiert kréien.

Zu de Stroossen a Verschéinerungen an eiser Stad: d'Fäerdegstellung vun der Groussstrooss, de Reamenagement vum Nidderkuerer Duerfkär, d'Entrée en ville an d'rue Pierre Krier: am Ganze 5,483 Milliounen Euro.

Terrains des sports: hei sinn direkt 937.000 Euro eragefloss. Bei den Halls sportifs, Etudes, Salle de sport um Bock, an esou weider: 1.350.000 Euro. Zur Erënnerung: mir haten den 10.05.2017 9.106.774 Euro heibanne votéiert fir e Sportsinstitut, de LIPS. D'Konstruktioun vun engem neien Hall polyvalent huet ugefaangen a schléit mat 1 Millioun Euro zu Buch. Fir dëse Projet goufe ronn 7,5 Milliounen Euro den 2.12.2016 votéiert.

Ouni wëllen all Detail opzelëschen: dee gréisste Brocken, d'École interna-

tionale, den EIDE, 15.882.000 Euro als Prefinanzement. Dir wësst, dass déi international Schoul hiren Unterrécht wéi virgesinn am Hierscht 2017 an deem neie Gebai opgehooll huet, an dass d'Gebai selwer zu dësem Zäitpunkt praktesch komplett fäerdeg ass. En absolute Rekord.

Positiv ze bewäerte fir 2017 ass de Remboursement vun engem Emprunt à courte durée vu 6.100.000 Euro, dee realiséiert gouf.

Alles an allem wollt ech heimat illustrieren, wat am Exercice 2017 geleeht gouf.

Ech kéim zum Budget initial 2018. Éischtens de Budget ordinaire 2018. Et ass déi éischte Kéier, dass e Budget ordinaire vun eiser Gemeng d'100-Milliounen-Grenz iwwerschreit. Ganz genee hu mer Recettë vun 102.241.600 Euro virgesinn, géint 80.364.371 Euro un Depensen. Wat e Boni propre vun 21.877.228 Euro ergëtt. Dëst ass en eemolegt Resultat.

Wéi kënnt et heizou? Bei der Analys gesi mir, dass zwou Mesuren heifir verantwortlech sinn. Den Här Schwachtgen war schonn drop agaangen. Dëst ass ganz kloer op d'Reform vun de Gemeengefinanze vum LSAP-Innenminister Dan Kersch zeréck ze féieren, zesumme mat der Regierung. Ech wëll awer ganz kloer betounen, dass d'CSV an der Chamber géint dës Reform gestëmmt huet.

Am Artikel 2.170 vun de Recettes ordinaires kënne mer erkennen, dass Déifferdeng duerch d'Reform an deen neien FDG, Fonds de dotation globale, e Plus kritt vun ëmmerhin 3.363.376 Euro. Et handelt sech hei ëm d'Fonds de dotation an den ICC, den Impôt commercial communal, déi zwee zesummen. Ech géif awer mengen, dass dat nach éischter eng virsiichteg Schätzung wär.

E weideren extrem positiven Effet ass deen Deel vun den Depensen ënnert dem Kapitel 3.919, d'Participation dans les traitements des enseignants. Eng Depense vun 8.856.000 Euro am Budget 2017, déi komplett ewechfällt. Am Total mécht d'Finanzreform deemno fir eis Gemeng eng positiv Differenz vu ronn 12,2 Milliounen Euro aus. Wat enorm ass.

2. Finances communales

Vu dëser exzellenter Situatioun ausgoend si mir als LSAP der Meenung, contrairement zum Här Schwachtgen, dass een och misst d'Bierger dovun profitiere loossen a versichen, an deenen nächste fënnef Joer ouni eng substantziell Taxenerhéijung auszekommen.

Bei der Situation des emprunts fällt op, dass den Total effektiv zeréckgeet. Enn 2018, wann een den Emprunt à courte durée vun der EIDE ofzitt, bleiwe 64.184.000 Euro. Eise Rechnungen no géif dat eng Pro-Kapp-Verscholdung ginn, déi eppes iwwer d'äier vum Här Buergermeeschter, dee vun 2.000 Euro geschwat hat. Ech selwer sinn op 2.400 Euro komm. Mä dat ass och nach net esou schlecht.

Wat de Rescht vun de Recetten ubelaangt, esou bleiwe se relativ konstant. Ausser de Recett fir Loyer, speziell am 1535°C, an de Recetten, wou d'Awunnerzuel respektiv d'Aschreiwungen, wéi zum Beispill bei der Kannerbetreuung, eng Roll spillen.

Ech kéim als nächst zu den Dépenses ordinaires, déi jo déi normal Frais de fonctionnement vun der Gemeng erëm spigelen an och de politesche Programm. A chronologescher Reiefolleg, wéi déi eenzel Posten am Budget optauchen. Hei si speziell déi nei Depensen oder Differenzen interessant.

De Gesamtbetrag vun den Dépenses ordinaires am Budget 2018, ass eppes Klenges iwwer 80 Milliounen Euro, 80.364.000 Euro. An dat, obwuel mer am Enseignement fondamental 8.856.000 Euro manner ausginn duerch d'Finanzreform. Dat bréngt eis nëmmen en Ecart u manner Depense vun 1 Millioun 103.300 Euro.

Wouduerch ass dat bedéngt? Ech sinn emol kucke gaang, wat mer dann elo u Méi-Depensen hunn. Ass dat zeréck ze féieren op de Programm, déi nei Orientéierungen oder aner Ursachen? Do gesi mer, dass d'Gehälter bedeitend eropginn. 2 Milliounen Euro. Dat ass bedéngt, an dat ënnerstëtze mer voll, duerch déi nei Astellungen. Dat sinn nei Prestatiounen am Déngscht vum Bierger, vun eise Clienten, de Bierger an de Biergerinnen. Eiser Meenung no muss just opgepasst ginn, dass déi Astellungen equitabel sinn an do geschéien, wou se am noutwennegste sinn.

D'Augmentatioun vun de Kanner an de Betreuungsstrukture féiert automatesch zu méi Personal. Dat wierkt sech sécherlech op d'Léin aus. Mä do, mengen ech, spillt den SAS-Kontrakt eng Roll, dee sech positiv op d'Personal auswierkt, wat jo gutt ass.

Mat an d'Spill kënnt dee berühmte Fonds de réserve vun enger Millioun Euro, deen am Budget 2018 virgesinn ass, wat mer begrëssen.

D'Participatioun un de Syndikater SIACH, T.I.C.E., SES: 1.256.000 Euro. An den Diffbus: Mir hunn elo e flotten Diffbus, voll elektresch, mir hu véier Linnen, wat alles gutt ass, alles am Interêt vum Bierger. Mä well mer eréischt am Mee ugefaangen hu mam Diffbus, kommen nach 400.000 Euro dobäi. Sou dass déi do Chifferen alleng 1.656.000 Euro ausmaachen.

Mir müssen oppassen op d'Syndikater. Automatesch solle mer dat ëmschloen op eis Bierger. Mir hunn awer séier wéineg Afloss op déi Depensen. An eis Bierger hu scho guer keen. Dach, si kënnen spuwersam virgoe mat hiren Dechen, mat der Müllabfuhr, mat hirer Consommatioun an esou weider, dat ass scho richtig. Mä op d'aner Sait, wann d'Syndikater ëmmer méi eng grouss Roll spillen an den direkte Fraise vun den Taxen, musse mer méi Kontroll doriwwer behalen.

Dann nei Mesuren. D'äier sinn der eng ganz Partie dobäi. Déi sinn ze begrëssen. Ech kommen do op 800.000 Euro. Et sinn der bestëmmt méi. Ech géif soen, bestëmmt 1 Millioun Euro un nei Depensen, déi am Interêt si vun nei Aktivitéiten. Ech ziele se eng Kéier ganz kuerz op. Dat ass de City-management: 25.000 Euro. Ech mengen dat ass awer méi Marketing, de City-management, doriwwer kéint een nach laang schwätzen.

Den E-commerce, wichteg an interessant: 20.000 Euro. Dat ass eng Initiativ vum Ministère de commerce.

Égalité des chances an Inklusioun: 30.000 Euro. Och do wichteg Akzenter.

Séier wichteg all déi Initiative fir d'Jugend: 160.000 Euro. Do kommen nach Initiativen dobäi wéi Outreach youth work, an all aner Initiative si mat dran.

la réforme représente une différence énorme de 12,2 millions d'euros.

Contrairement à M. Schwachtgen, Erny Muller trouve que les citoyens devraient profiter eux aussi de cette situation et qu'ils ne devraient donc pas subir une augmentation des taxes au cours des cinq prochaines années.

Le total des emprunts recule. Sans compter l'EIDE, il reste 64 184 000 € à rembourser. Cela représente 2400 € par tête d'habitant et non 2000 € comme a dit le bourgmestre.

Les autres recettes restent constantes à l'exception des loyers et des recettes liées au nombre d'habitants ou à des inscriptions.

Les dépenses ordinaires reflètent les frais de fonctionnement de la commune et le programme politique. Elles se montent à 80 364 000 € malgré la baisse nette des dépenses dans l'enseignement fondamental. Cela est dû à une forte augmentation des salaires de l'ordre de deux-millions d'euros, à des recrutements et à davantage de prestations. Il faut juste veiller à ce que les recrutements soient équitables. L'augmentation du nombre d'enfants dans les structures d'accueil nécessite un renforcement de l'équipe d'éducateurs.

Il a beaucoup été question du fonds de réserve d'un-million d'euros.

La participation aux syndicats SIACH, TICE et SES s'élève à 1 256 000 €. À cette somme, il faut ajouter 400 000 €, car le nouveau Diffbus électrique n'a commencé à fonctionner qu'en mai. Erny Muller constate que l'influence de la commune sur les dépenses liées aux syndicats est petite. Certes, les syndicats peuvent essayer de faire des économies. Mais ils jouent un rôle de plus en plus important dans les frais directs.

Entre 800 000 € et 1 million d'euros constituent de nouvelles dépenses. Erny Muller mentionne tout d'abord le «city management», qui s'apparente plutôt à du marketing. Il y aurait beaucoup à dire à ce sujet.

Vingt-mille euros sont destinés au commerce électronique. Il s'agit d'une initiative du ministère du Commerce. Trente-mille euros sont alloués à l'égalité des chances

2. Finances communales

et à l'inclusion et cent-soixante-mille euros aux initiatives pour la jeunesse, par exemple «Outreach Youth Work». Il est important d'investir dans le «streetwork». Le bourgmestre a fini par reconnaître que ce type de travail sur le terrain et pas seulement dans les maisons des jeunes est nécessaire.

Le budget alloué aux mesures sociales augmente de 60 000 €.

Des mesures pour l'emploi des jeunes sont également prévues. Il s'agit notamment de l'initiation à l'emploi, de l'aide à l'emploi, de formations et du CIGL.

Le montant réservé au parc industriel s'élève à trois euros par tête d'habitant. C'est important.

Cent-vingt-mille euros sont alloués aux espaces publics, cent-mille euros à «European City of Sport» et vingt-cinq-mille euros aux archives. Sont également prévus des fonds pour la capitale européenne de la culture et des fêtes comme la Fête de la musique ou la fête de la jeunesse.

Les socialistes saluent les mesures pour l'encadrement des enfants — par exemple l'aide aux devoirs à domicile qui contribuera à l'égalité des chances.

Pour ce qui est du chômage — surtout des jeunes —, Erny Muller rappelle que M. Mangen a décrit la situation sociale de la commune la dernière fois. Les socialistes estiment que le Jobcenter doit être réformé malgré le bon travail de M^{me} Katrin Kater.

(Interruption)

Erny Muller s'excuse. Il s'agit de M^{me} Carole Hesse.

En ce qui concerne les structures d'accompagnement, M. Hobscheit a analysé certaines mesures en juillet. Il faut réduire le changement de personnel au minimum. Mais cela n'est possible que si les éducateurs travaillent quarante heures par semaine. Il faut aussi évaluer les concepts et discuter avec les éducateurs.

Les fonds alloués au tourisme passent à 89 000 €. Le Minettpark pourra fonctionner de manière plus professionnelle. M. Mangen a raison de souligner les problèmes de stationnement. Un «park & ride» pourrait être la solution.

Mir si frou, ze héieren, dass mer erëm op de Wee gi vu méi Streetworking. Dat war net ëmmer esou, dass mer eis do eens waren, dass dat eng wichtig Initiative wär. Den Här Buergermeeschter weess dat. Mä ech mengen, hien huet dann och elo agesinn, dass eng gewëssen aner Aktivitéit um Terrain, net nëmmen an de Jugendhaiser, déi och selbstverständlech wichtig ass, vu séier grousser Wichtigkeit ass.

Dann de CIGL, Mesures sociales: do gi mer 60.000 Euro méi aus. Bei 400.000 Euro ass dat schonn e gewëssene Betrag. Och de Kollektivvertrag SAS spilt selbstverständlech och mat.

Dann de CIGL: do si mer och frou. Ech mengen, mir hate gesot: „Mir maache Mesures d'emplois bei der Jugend“. Ech komme vläicht nach eng Kéier drop zeréck. Dat ass déi Initiation à l'emploi, d'Aide à l'emploi, all déi Formatiounen an de CIGL: 50.000 Euro nach zousätzlech am Budget. Ech mengen, dat ass och eng direkt Initiative fir den Emploi.

Parc industriel: wou ech ganz frou sinn, dass mer elo a Richtung ginn, fir 3 Euro pro Kapp, pro Awunner müssen ze bezuelen, wat fir eis e Pak gëtt vu méi wéi 45.000 Euro. Mä deen ass och wichtig.

D'Espaces publicen: dat ass en neie Poste mat 120.000 Euro.

Dës Kéier ass den Tour de Luxembourg erëm dobäi, all zwee Joer. An European city of sport: 100.000 Euro. Archiven: 25.000 Euro, och wichtig. D'Capitale européenne de la culture kënnt dës Joer och eran, déi si mat an deenen Zommen. Dat anert si verschidde Fester, wéi d'Fête de la musique an d'Fest fir d'Jugend.

Wéi gesot, dat wäert alles zesumme ronn 1 Millioun Euro ausmaachen. Dat waren d'Erklärungen zu den Haaptchifferen, déi eis bei deene 7 Milliounen Euro am Fong bei den Depensë feelen. Fir op de Chiffer ze kommen an déi 8 Milliounen an esou vill kënnen direkt anstellen.

Déi Initiativen am Encadrement vun de Kanner begréisst mer. Mer hoffen, dass d'Hausaufgabenhëllef, wat sécherlech zu der Chancëgläichheet vun alle Kan-

ner bäidréit, esou schnell wéi méiglech uleeft.

D'Problematik vun der Aarbechtslosigkeit, speziell der Jugendarbeitslosigkeit: den Dokter Mangen hat eis dee sougenannte soziale Spigel vun eiser Gemeng déi leschte Kéier bei senger Budgetsried virgehalen. Mer müssen déi mat alle Mëttele bekämpfen. Dofir ass d'LSAP der Meenung, an dat huet näischt mat der gudder Aarbecht vun der Madame Karin Kater ze dinn, dass den Jobcenter misst reforméiert an ausgebaut ginn.

(Ënnerbriechung)

Carole Hesse, entschëllegt.

Wat d'Betreiungsstrukturen ubelaangt, weise mer drop hin, dass eise viregte Fraktiounsspriecher, de Pierre Hobscheit, schonn an der leschter Analys am Juli op eng ganz Rei Mesuren agaangen ass. Hei, mengen ech, ass et wichtig, den heefegen Wiessel vum Personal an dës Strukture wierklech op e Minimum ze beschränken. Wat warscheinlech awer nëmme méiglech ass, wann d'Stonnenzuel eropgesat gëtt, a Richtung 40 Stonnen. Do wëlte mer där neier Schëffin soen, si soll dat emol kucken an do vläicht Efforte maachen. Och wichtig, an Dir hutt dat annoncéiert, nei Konzepter evaluéieren a mat den Educatrici an Educateuren diskutéieren, an esou am Konsens déi Initiativen duerchzéien.

Mir begréissen am Kader vum Tourismus fir Déifferdeng d'Eropsetzung vum Betrag. Sou dass mer elo eng Gesamtdepense vun 89.000 Euro hunn. Dat, fir de Minettpark, de Fond-de-Gras, nach méi professionell schaffen ze loosse. Ech deelen dem Här Mangen seng Suerg, wat d'Parkinge fir den Accès op de Site ugeet. Hei muss sécherlech eng Lösung fir d'Zukunft fonnt ginn. Vläch iwwert e Park-and-ride-System. Och geet et drëms, Lasauvage méi mat anzubauen.

Des Weidere begréisst mer, dass mer elo endlech an definitiv op den Zuch vun der Kulturhauptstad 2022 gekomme sinn.

Als nächst wëll ech mech mat de Recettes extraordinaires beschäftegen. Fir d'éischt d'Recettes a selbstverständ-

2. Finances communales

lech och d'Dépenses extraordinaires. Et sinn am Ganzen, bei de Recetten, 38.285.288 Euro, déi sech zesummesetzen aus engem Emprunt à courte durée fir 3.982.000 Euro – dee mir hoffentlech geschwënn erëmkreien, well dat mécht ongeféier 10% vun där Zomm vun deenen 38 Milliounen Euro aus –, Subside vum Stat fir déi verschidde Projeten – ëmmerhi ronn 8,6 Milliounen Euro, an do kéint een de Support étatique fir de 1535°C nach dobäi zielen, dat sinn 3 Milliounen Euro, sou dass mer am Ganzen 11,6 Milliounen Euro, oder 30% vun de Recetten iwwert dës Wee erakreien –, enger eemoleger Recette – ech mengen, dat solle mer net vergiessen, dat ass eng ganz héich Zomm: 7,2 Milliounen Euro vum Tower Entrée en ville, wou mer awer och just kënnen dësen Exercice, 2018, dovu profitéieren. Dat sinn ëmmerhin 18,7% vun eise Recettë vun 2018.

Mir hunn och d'Ventë vun Terrains communaux, immeubles bâtis. Eng, op déi mer all Joer kënnen zeréckgräifen, ass de Pacte logement, mat 3,8 Milliounen Euro. Wat och 10% ausmécht. Ech mengen, och dat ass wichteg, dass mer kënnen op déi Zommen zeréckgräifen, well mer vill wuessen.

Dann zum leschte Kapitel vum Budget, awer och dat interessantst, wat eis Stadentwécklung ubelaangt: dat ass den Deel vun den Dépenses extraordinaires. Et si ronn 60,5 Milliounen Euro am Budget 2018. Bedéngt duerch den héijen Iwwerschoss am Ordinaire an eng Partie interessant Recetten am Extraordinaire, déi net all Joer virkommen, hat ech scho gesot, brénge mer et also fäerdeg, fir ouni zousätzlechen Emprunt am Joer 2018 auszekommen.

E puer Chifferen an e puer Posten, déi interessant sinn: ënner 4.125 Informatique: et sinn 140.000 Euro virgesinn, ënnert anerem fir Wi-Fi hotspots, Reider virtuel, Panneaux informatiques an Administration an esou virun. D'LSAP ënnerstëtzt an der Regel all Initiativen op dësem Plang, déi drop histeieren, eis Biergerinnen a Bierger an och eis Beamten nach méi ze informéieren, sou wéi den Internetzougrëff op déi administrativ Dokumenter.

Zu de Wi-Fi hotspots: Eis Gemeng geet mat op de Wee vum ProSud, fir eng gemeinsam Strategie an de Südgemen-

gen duerch ze zéien, wat sécherlech am Interêt vun den Utilisateuren ass. A gläichzäiteg kënnen eng Partie Käschte gemeinsam gedroe ginn.

Ënner 4.131, Urbanismus: ech fänken u mat der Elaboratioun Projet Parkhaus um Contournement, 100.000 Euro. D'LSAP ka sech domatter solidariséieren, dass dës Projet a Form vun engem Concours en appel public ausgefouert gëtt. Wat der Stad Déifferdeng en deieren Invest au départ erspuert. Mir géifen hei och d'Form vun enger Emphytéose virschloen, dat heescht, den Terrain fir eng gewësse Lafzäit, 30 oder 50 Joer, zur Verfügung ze stellen.

Bei dësem wichtege Projet wollt ech awer nach un e puer Saachen erënnere. Éischtens hu mer d'Méiglechkeet, bis maximum 800 Parkplazen anze-riichten. An dann ass och séier wichteg eng flott urbanistesche Ubannung vun der Entrée en ville zum Stadzentrum hin. Duerfir sollt zousätzlech eng Foussgängerüberführung iwwert d'Eisebunn geplangt ginn.

Wann een dat Parkhaus direkt un der Peripherie huet, wär et interessant, den Anrainer, dat heescht, de Leit, déi an eisem Stadzentrum wunnen, wou jo bekanntlech net vill Garagen oder Parkméiglechkeete sinn, Laangzäitparkplazen ze offéieren.

Drëttens ass et eng Plaz vun engem Echange de mobilité. Hei kéint een e richtegen, ech géif bal soen, Pôle multimodal opzéien. Mir sinn direkt beim Zuch. Mir si praktesch um Quai. Mir hunn de Bus do. A mir hunn d'Méiglechkeet vum sougenannte Carsharing, dat heescht, eng aner Mobilitéit nach mat ze praktikéieren, well do kéint een en Espace, eng Partie Plazen, praktesch ee Stack virgesinn, fir de Carsharing-System, deen d'CFL deemnächst operationell mécht, ze installéieren.

Mir hunn alleguerge gesinn, wéi flott en Espace multifonctionnel ass, wou mer kéinten nei Aarbechtsplaze créieren. Ech mengen, et sinn zirka 3.000 Quadratmeter Fläch iwwert déi puer Stäck, déi mer jo awer wierklech kéinten interessant gestalten an eppes maache fir d'Aarbechtsplazen, och direkt do, wou d'ëffentlech Verkéiersmëttelen ukommen.

Les socialistes saluent le fait que Differdange participera à la capitale européenne de la culture 2022.

Erny Muller passe aux recettes extraordinaires de 38 285 288 € se composant d'un emprunt de courte durée de 3 982 000 € et de subsides de l'État à hauteur de 8,6 millions d'euros auxquels s'ajoutent 3 millions d'euros pour le 1535°. 30 % des recettes proviennent donc de subsides de l'État, dont 7,2 millions pour la tour de l'entrée en ville, un subside unique. Cela représente 18,7 % des recettes 2018.

Erny Muller mentionne ensuite les revenus liés au pacte logement, une somme qui revient tous les ans.

Pour ce qui est des dépenses ordinaires, elles se montent à 60,5 millions d'euros. Grâce à l'excédent ordinaire et aux recettes extraordinaires exceptionnelles, un emprunt ne sera pas nécessaire en 2018.

Cent-quarante-mille euros sont prévus pour des hotspots Wifi, des raiders virtuels et des panneaux informatiques. Les socialistes soutiennent toutes les initiatives pour informer davantage les citoyens. Les hotspots wifi seront réalisés en partenariat avec le ProSud.

Pour ce qui est de l'urbanisme, 100 000 € sont destinés au parking du contournement. Le projet sera lancé sous la forme d'un concours. Le LSAP propose de le mettre à disposition en emphytéose d'une durée de trente ou cinquante ans. Erny Muller rappelle que ce parking pourra accueillir 800 véhicules. Il devra être relié au centre-ville. Le conseiller communal préconise un pont pour piétons au-dessus de la voie ferrée. Il serait aussi intéressant de proposer aux habitants du centre-ville, où il y a peu de garages, des places de stationnement de longue durée. En outre, ce site est l'endroit idéal pour la création d'un pôle multimodal. En effet, il se trouve à proximité de la gare et d'arrêts de bus. Il sera aussi possible d'y pratiquer le «car sharing», par exemple en réservant un étage pour le système prévu par les CFL. Erny Muller pense qu'un espace multifonctionnel de 3000 m² aussi bien desservi que celui-ci est également adapté à la création d'emplois.

2. Finances communales

M. Ulveling souhaite mener des négociations avec ArcelorMittal pour voir si le parking ne pourrait pas être aménagé ailleurs. Erny Muller en a déjà discuté avec la direction et craint que les choses n'aillent pas dans la direction escomptée. C'est pourquoi les socialistes sont d'avis qu'il faut construire le parking tel que planifié et prévoir un accès au premier étage pour les véhicules en provenance des Hauts-Fourneaux. Si la «Groussgasmaschinn» et le Science Center devenaient réalité, un deuxième parking pourrait être construit.

Il s'agit d'analyser la situation et de trouver le bon équilibre, mais sans retarder inutilement le projet, car le terrain en face n'appartient pas à la commune et le propriétaire a d'autres idées que la commune.

Lors de son discours budgétaire, le bourgmestre a dit qu'il ferait tout pour redonner une importance nationale à Differdange et dans ce contexte, il a cité le 1535°. Il a raison, mais ne doit pas oublier que le Science Center est lui aussi promoteur. Or le budget ne prévoit aucune contribution au Science Center pour le moment.

Erny Muller passe à la place Nelson-Mandela, qui comprendra des infrastructures scolaires et d'accompagnement, ainsi qu'un parking souterrain. Les socialistes saluent le fait que ce projet soit entamé rapidement.

La maison relais d'Oberkorn est presque terminée. Cent-trente-mille euros sont destinés à l'aménagement d'un accès.

Le déplacement de la ligne à haute tension du Mathendahl est prévu début 2018. Le campus Woiwer sera agrandi. Le projet a été ficelé ensemble avec M. Liesch. L'école et la maison relais se trouveront au sein d'un même bâtiment. Il reste un solde de 3,7 millions d'euros dans le budget 2018.

Le projet d'agrandissement de l'hôtel de ville sous le toit est pertinent. Le service scolaire emménagera dans le bâtiment de la place Nelson-Mandela. Le quatrième étage de l'hôtel de ville est réservé à l'administration politique, car dans les grandes entreprises, la direction est toujours tout en haut.

(Rires)

Allerdéngs – dat muss ech awer soen – kann ech dann net ganz novollzéien, dass den Här Ulveling nach wëll fir d'éischt Negociatioune mat ArcelorMittal féieren, fir ze kucken, ob een dat Parkhaus net sollt op déi aner Plaz bauen. Ech hu schonn esou Virgesprécher mat der Direktioun vun ArcelorMittal gefouert, well ech jo a menger Eeigenschaft am Urbanismus an och fir d'Bauten zimlech regelméisseg Kontakt mat der Direktioun hat, an do war och de Gemengenarchitekt dobäi. An ech mengen, behaapten ze kënnen, dass Der net esou schnell hei virukommt.

Dat Parkhaus um Contournement soll eiser Meenung no esou gebaut ginn. An ech mengen, do soll een einfach Mesurë maache bei deem neie Parkhaus, wat dann op där anerer Säit ass, fir d'Méiglechkeet ze schafen, fir e spéideren Accès fir Gefierer um éischte Stack ze kréien, vun där anerer Säit hier, vum Süden, ex Hauts fourneaux, als Überführung iwwert déi aktuell Strooss vum Contournement. Ech mengen, esou eng Méiglechkeet kéint een direkt an de Projet mat afléisse loossen. Sollten dann de Science Center an déi fréier Groussgaassmaschinn Realitéit ginn, wat mer alleguer hoffen, kann een nach en zousätzlecht Parkhaus op dësem Site maachen.

Wéi gesot, e gutt Gläichgewicht an déi zwou Säiten ënnersichen. Mä net, fir elo nach d'Saach ze verzögere an ofzewaarden, bis dass mer en Accord hu fir déi aner Säit, well deem Terrain gehéiert eis net. An ech kann Iech soen: „Do si ganz aner Virstellung wéi déi, déi mir elo hunn“. Dat kann Iech scho mat op de Wee ginn.

E Wuert zum aktuellen an zukünftige Science Center. Den Här Buergermeeschter huet a senger Budgetsried gesot, et wier alles versicht ginn, fir Déifferdeng erëm op d'Landkaart ze kréien, an hie weist op eng Partie Initiativen an der Stadentwécklung hin, wéi zum Beispill de 1535°C. Mir kënnen him nëmmen zoustëmmen. Allerdéngs, mengen ech, huet de Science Center och vill heizou bäigedroen, a mir versprechen eis nach vill méi fir d'Zukunft. Mir fannen awer weder am Extraordinaire nach am ordinairé Budget eng Kontributioun vun der Stad Déifferdeng fir de Science Center erëm. Op jidde Fall fir de Moment.

Da kéime mer zu der place Nelson Mandela, eng flott Gestaltung vun dëser Plaz, wou schoulesch Betreuungsinfrastrukturen an esou weider virgesinn, a selbstverständlech de Parking sous-terrain. Ech wëll elo net op all Detailer agoen. Mir wëssen alleguer, dass dat e ganz interessante Projet ass. D'LSAP begréisst speziell, dass dëse sécherlech ganz interessante Projet direkt ugepak gëtt. Dass mer also nahtlos virufueren.

D'Maison relais Uewerkuer ass deemnächst fäerdeg. Et ass e Sold vun 1,2 Milliounen Euro virgesinn. Hei kommen nach 130.000 Euro dobäi fir den Amenagement vum Accès, wat néideg ass.

D'Aarbechte fir den Déplacement vun der Héichspannungsleitung am Matendall sollen endlech 2018 ugoen. Mir schleefen dat elo schonn e puer Budgete mat. Mä ech mengen, elo kënn ee geschwënn net méi derlaanscht.

Den Ausbau vum Campus scolaire Woiwer, nom integrative Prinzip: dat war déi éischte Kéier, wou mer dat ausgeschafft hunn an op dee Wee gaange sinn, zesumme mam Här Liesch. Duerfir huet dat och e bësse méi laang gedauert au départ, well mer dee ganze Projet ebe souwäit ficeléiert haten. D'Schoul an d'Maison relais sinn elo integrativ, an et bleift e Sold vun 3,7 Milliounen Euro am Budget 2018.

Den Ausbau vum deem Gebai, wou mer haut hei sinn, dem Hôtel de ville, um 4. Stack, ënnert dem Daachraum, ass sécherlech sënnvoll. Och wa schonn decidéiert gouf, dass de Service scolaire mat engem familjefrëndlechen Accueil op de Rez-de-chaussée vun engem neie Gebai op der place Mandela kënnt. Hei soll dann déi sougenannte politesch Administratioun hi kommen. Bei de gréissere Firmen ass d'Direktioun jo bekanntlech och ëmmer um ieweschte Stack.

(Gelaachs)

Ech gi just ze bedenken, dass mer op-passe mussen, dass d'Héicht vum Sitzungssall, dat heescht de Volume, passend ass, wat sécherlech hei net einfach ze realiséieren ass. Ech war mer dat schonn uewen ukucken. Ech weess net.

2. Finances communales

Dir hutt dat wahrscheinlech och gemaach, ginn ech dervun aus.

Nach en aneren héije Posten ass dee vum Gebai fir d'Crèche a Logementen fir Studenten a Jugendlecher mat 7.379.200 Euro. Dat alles hate mer déi leschte Kéier am Gemengerot gestëmmt. Dat ass e wichtege Projet fir eis Stad, wéi Dir och gesot hutt, Här Schwachtgen.

Den Tourismus: d'Etüd fir den Aménagement vum engem Besucherzentrum am Fond-de-Gras, wat ech d'lescht Joer ugefaangen hunn, gëtt virugefouert. Ech freeë mech doriwwer. Dat ass e Projet zesumme mat der Gemeng Péiteng. Hei muss nach eng kleng Impaktstudie gemaach ginn. De Projet ass no Concertatioun mat Sites et monuments esou schnell wéi méiglech un de Ministère du tourisme virunzeginn, fir dass en op de Fënnfjoresplang kënnt. D'Madame Closener ass schonn informéiert.

Ech hat heiriwwer schonn en Echange mat deenen zwee neien zoustännege Schaffen, deem fir d'Bauten an deem fir den Tourismus. Ech fannen de Montant vun 30.000 Euro fir 2018 allerdéngs e bësse knapp. Mä dat ka sech jo nach änneren, wa mer gesinn, wat mer reell brauchen.

Den Accès op de Lauterbannen zu Nidderkuer, nieft dem Collé, soll hiergestallt ginn, wat wichteg ass fir d'Phas vun der Realisatioun vum CID op dem Site.

Datselwecht gëllt fir d'Extenssioun vun der Zone artisanale a commerciale am Haneboesch.

Am 1535°C geet et 2018 viru mam Ofschloss vum Bâtiment C a speziell dem Soundstudio, an da gëtt de Bâtiment B an Ugrëff geholl. Eis Froen zum 1535°C: Ass et am Kader vun der Dialogfreedegkeet, déi dës Schafferot jo ugekënnegt huet, méiglech, dass eng Kéier an enger informeller Sitzung vum Gemengerot iwwert d'Form vun der Exploitatioun vun de Proufsäll an och dem Soundstudio geschwat gëtt?

Datselwecht gëllt fir déi politesch Verwaltungsstruktur vum 1535°C. Mir hate schonn eng Kéier drop higewisen.

Mir mengen och, dass den Aménagement vum den Alentouren um 1535°C, wat ëmmer en enorme Problem ass, zemools bei schlechtem Wieder, dréngend misst ugepak ginn.

En neie Projet, deen awer scho säit enger Zäit virgesinn ass, ass dee vum Reaménagement vum der Montée du Wangert an dem Uewerwangert, deen 2018 zesumme mat der Post ugefaange gëtt. Dat gëtt spannend. Do spillt den Dialog mam Bierger, an ech kommen nach drop zeréck, effektiv eng grouss Roll. Well dat ass keen einfache Projet.

D'rue Bessemer zesumme mat der Post. Hei ass e Reewaasserkanal ze realiséieren, wéinst där neier Cité d'O.

D'Entrée en ville ass mat weideren 2 Milliounen Euro agedroen. Mir hoffen, datt d'Strooss 2018 souwäit fäerdeg gëtt an d'Ampelkräizung a Betrib geet.

Dann en neie Punkt, dee vun der Suppressioun vum PN15, der Barrière zu Uewerkuer. „Etudes et aménagements tests“, steet do. Mir kënnen dës Projet awer net op eng Manéier ugoen: „Elo maache mer d'Barrière zou, an da kucke mer, wat geschitt“.

Datselwecht gëllt fir de Shared space an der rue Emile Mark, laanscht d'Schoul an och zu Nidderkuer bei der Schoul.

Wat d'Noutwennegkeet vun enger urbanistescher Ubannung vun deem neie Geschäftszentrum Entrée en ville mat eisem Stadkär ubelaangt, si mer eis effektiv all eens, mengen ech. Meng Kolleege wäerten nach op dee Punkt agoen.

Zu Nidderkuer geet et virun, wat d'Etüd vun der Weiderféierung vun der rue St. Pierre an der rue Charlé ubelaangt. Dësen Aménagement muss spëtstens 2019 ufänken, wa mer hoffen, dass bis dohin déi nei Sportshal zu Nidderkuer fäerdeg gëtt.

De Reaménagement vum Quartier Belair ass deemnächst ugesot. Et stinn 300.000 Euro am Budget. Et ass wichteg, dass de Charakter vun deem Quartier mat senge Beem erhale bleift. Gegebenenfalls, a wann et net anescht méiglech ass, kënnen dëslewecht Beem erëm dohi kommen. Hei ass op jiddede Fall en intensiven Dialog mat den Awunner ubruecht. Ech mengen, dat

Le bâtiment pour la crèche et les logements pour étudiants constituent un autre article conséquent avec 7 379 200 €. Il s'agit d'un projet important pour Differdange.

L'étude pour l'aménagement d'un centre pour visiteurs au Fond-de-Gras sera poursuivie. Ce projet est réalisé en partenariat avec la commune de Pétange. Il devra être communiqué au ministère du Tourisme aussi vite que possible pour qu'il soit inscrit dans le plan sur cinq ans. Erny Muller a discuté de tout cela avec les échevins aux bâtisses et au tourisme. Il trouve que les 30 000 € prévus en 2018 sont un peu justes. L'accès à «Lauterbannen» derrière Collé sera aménagé. C'est important pour la réalisation du CID.

La zone artisanale Haneboesch sera étendue.

Le bâtiment C et le studio d'enregistrement du 1535° seront terminés et les travaux du bâtiment B entamés. Le collège échevinal prévoit-il une réunion informelle pour discuter du bâtiment C et de la structure administrative du 1535°? Les alentours de centre créatif devraient être aménagés rapidement, car ils constituent un problème par mauvais temps.

Les projets de la montée du Wangert et de l'Uewerwangert ont été entamés en 2018 en partenariat avec la Poste. Il faudra dialoguer avec les habitants.

Un canal d'eau de pluie doit être réalisé dans la rue Bessemer.

Deux-millions d'euros sont prévus pour l'entrée en ville. Erny Muller espère que la route sera terminée en 2018.

Des études et des aménagements-tests sont prévus dans le cadre de la suppression du passage à niveau 15 à Oberkorn. Ce projet devra être réalisé de manière réfléchie, tout comme celui du «shared space» dans la rue Émile-Mark. Ce qui est sûr, c'est qu'un raccordement urbanistique entre l'entrée en ville et le centre-ville est nécessaire.

L'extension de la rue Saint-Pierre et la rue Charlé doit commencer au plus tard en 2019, si la commune veut que le nouveau centre sportif de Niederkorn ouvre.

Trois-cent-mille euros sont prévus pour le réaménagement du quartier

2. Finances communales

Belair. Il faudra conserver le caractère du quartier avec ses arbres et dialoguer avec les habitants.

Le budget prévoit 200 000 € pour le CID. Ce projet est urgent. Le parc automobile sera modernisé. M. Ulveling a expliqué que la commune comptait acquérir des véhicules électriques, dont une benne à ordures pour 1 360 000 €.

(Interruption)

Erny Muller précise que cette somme est destinée à trois véhicules.

Des négociations ont eu lieu avec ArcelorMittal pour l'acquisition de terrains au Thillenbergrue et dans la rue Pierre-Gansen. Cinq-cent-mille euros sont prévus.

Des immeubles bâtis seront acquis pour cinq-millions d'euros. Dans ce contexte, Erny Muller salue la création d'un service du logement. Personnellement, il trouve que la construction d'appartements à louer et de logements pour seniors n'avance pas assez vite. La commune doit trouver des accords avec les promoteurs et acquérir une partie des appartements.

Erny Muller recommande au collègue échevinal de voir avec Servior où en est le projet des Woiweruise. Les seniors ont un besoin urgent de structures d'accompagnement et de soins modernes.

M. Bertinelli abordera la question des infrastructures sportives. Erny Muller, quant à lui, souhaite revenir sur le hall polyvalent d'Oberkorn et plus précisément sur le thème de l'utile et du nécessaire dont a parlé M. Ulveling. Il espère que ce projet, qui a contribué à élaborer, sera réalisé dans un dialogue transparent entre les services communaux, les associations et les représentants politiques. Après tout, ce projet porte sur trente ou cinquante ans.

Pour ce qui est de la maison des jeunes, dont il sera question tout à l'heure, les coûts ont sensiblement augmenté par rapport à la première ébauche. En effet, on s'est rendu compte que les besoins étaient différents.

Le nombre d'élèves de l'EIDE augmentera en 2018-2019. Le collègue échevinal a-t-il prévu des locaux pour éviter que les élèves de Differdange n'aillent à Esch?

ass bei all grousser Projet néideg, mä hei, mengen ech, ass eng gewësse Sensibilitéit do.

Fir eis nei Gemengenateliere, den CID, stinn 200.000 Euro am Budget. Mir wëssen alleguer ëm d'Drénglechkeet vun dësem wichtege Projet.

De Parc automobile gëtt weider erneiert, sou wéi dat schonn d'lescht Joer de Fall war. Den Här Ulveling huet eis erkläert, dass d'Gemeng a Richtung vun elektresche Gefierer geet. An d'Müllween kréien eng elektresch Schüttung. Käschtepunkt 1.360.000 Euro.

(Ënnerbriechung)

Fir dräi Ween dann. Selbstverständlech, jo.

Mat ArcelorMittal hate mer selwer u Gespräicher deelgeholl betreffend dem Ukaf vun Terrainen zu Déifferdeng Thillebierg an Nidderkuer rue Pierre Gansen, wou elo e Parking ass. Dofir si 500.000 Euro am Budget 2018.

Am Kapitel 4.650 figuréiert d'Acquisition vun Immeubles bâtis mat 5 Milliounen Euro.

Hei begrëisse mer, dass en neie Service logement ageriicht gëtt. Wat jo net ausbleift, wa mer an d'Richtung ginn, dass d'Gemeng selwer Initiativen hält am Ukaf an am Baue vu Wunnengen.

Hei wëll ech eppes soen aus menger perséinlecher Erfahrung. Wann ech op engem Punkt während menger Responsabilitéit am Schäfferot absolut net zefridde war, dann ass et d'Weiderkomme beim Bau vu Mietwunnengen a Wunnenge fir Seniore gewiescht. Prinzipiell si mer d'accord, dass d'Mietwunnengen sollen op verschidde Plaze vun eise Lokalitéiten entstoën. Heifir si jo déi nei grouss Lotissementer, wéi Matendall an esou weider, predestinéiert.

Dofir soll d'Gemeng selwer aktiv ginn a mat de Promoteure bei all Lotissement aushandelen, dass en Deel Wunnenge fir d'Gemeng à livre ouvert gebaut ginn, an dass d'Gemeng dës ofkeeft fir weider ze verlounen.

Déi Initiative vun Erschléissung vun zousätzlechen erschwénglechen Eigentumswunnengen, respektiv och Haiser

musse vu Säiten der Gemeng weider virugedriwwen ginn.

Och wëll ech dem Schäfferot mat op de Wee ginn, dréngend mat Servior ze kucken, wat mat dem Projet an de Woiweruise lass ass. Mir brauchen dréngend zäitgeméis Infrastrukture fir d'Betreiung an d'Soine vun eisen eelere Leit.

Zu den neie Sportsinfrastrukturen hält den Här Bertinelli Stellung a senger Intervention. Ech wëll just op den neien Hall polyvalent zu Uewerkuer agoen, an zwar zum Thema l'utile et le nécessaire vum Här Ulveling.

Mir hoffen, dass dëse Projet, deen ech mat ausgeschafft hunn, wéi och déi aner, an engem transparenten Dialog, wou d'Besoinen sinn, zesumme mat eise Servicer an de spéideren Utilisateuren, de Veräiner – ob dat Kultur, Sport oder anerer sinn – souwéi mat de politesche Vertrieeder heibannen definéiert gëtt. Ech mengen, dat ass emol esou ugeklongen. Mir plange jo schlussendlech hei fir déi kommend 30 bis 50 Joer. An et soll een do awer vläicht net ze vill spueren, wat den Nécessaire ubelaangt.

Mir hunn e Beispill, ech kommen nach drop zeréck, dat ass d'Jugendhaus. Do wäerte mer herno nach Geleeënheet kréien, driwwer ze schwätzen. Dat war och méi niddreg geplangt. An do huet ee gesinn, dass een aner Besoinen hätt, an aner Initiativen hu sech entwéckelt. Do si mer herno op e wesentlech méi héije Chiffer komm. Doriwwer stëmme mer jo och haut of.

Ech wëll eng Fro stelle betreffend dem EIDE, der internationaler Schoul. Hei soll fir d'Rentrée 2018/2019 d'Schülerzuel eropgesat ginn. Dofir mussen Raimlechkeete bäikommen, eventuell en neie provisoresche Site gesicht ginn, soss riskéiere mer, dass d'Schüler vun Déifferdeng eventuell op Esch mussen goen. Wat sécherlech net an eisem Interêt wär. Wat huet de Schäfferot hei virgesinn?

Als allerleschte Punkt hunn ech mer dee fir d'LSAP wichtigste Punkt zeréck behalen. Dat ass dee vum Bau vum neie Polizeikommissariat um Contournement.

Ech hunn déi lescht Sitzung d'Welt net méi verstanen, wéi den Här Buerger-

2. Finances communales

meeschter eis erkläert huet, hien hätt, aus Grënn vu Mangel u Ressources humaines, dem Bâtiment public e Brëif geschriwwen, dass si dëse Projet sollte realiséieren. D'LSAP protestéiert formell dergéint, dass de Schäfferot dëse Projet elo net méi ënnert der Tutelle vun der Gemeng realiséiere wëll. Dir, Här Buergermeeschter, an ech selwer, ware bei deem zoustännege Minister an hunn engem mëndlechen Accord zu dëser Prozedur zougestëmmt.

Ech erënneren drun, dass déi aktuell Gebailechkeete vun der Police zu Déifferdeng, der fréierer Gendarmerie, ëmmerhin néng un der Zuel, sollen un d'Gemeng Déifferdeng ofgetruede ginn, mam Terrain hannendrun, dee bis an d'rue Belair reecht. Als Contrepartie baut d'Gemeng Déifferdeng en neit Polizeikommissariat en accord mat de Servicer vum Bâtiment public an der Police.

Nodeems de Käschtepunkt vum Gebai kloer ass, an och déi al Gebailechkeeten zesumme mam Terrain evaluéiert wäeren, sollt eng Konventioun gemaach ginn. An dat ass dëse Moment elo de Fall. Ech mengen, d'Pläng heifir leie fäerdeg am Tirang. D'Direktioun vun der Police huet en éischte Projet revidéiert am Kader vun hirer Analys vun de Bedürfnisser an den Zuele vun den Agenten, wat d'Süddregioun ubelaangt. An do ass d'Zuel nach eng Kéier eropgaang vu virgesi 60 op 85 Agenten. Dat huet bedéngt, dass en zousätzleche Stack huet missen op dat Gebai geplangt ginn. Doduerch hu mer allerdéngs praktesch ee gutt Joer un Zäit agebéisst.

Wéi gesot, nach eng Kéier: déi fäerdeg Pläng sinn do. De Käschtepunkt ka kloer evaluéiert ginn. A wann dann déi zwee Projete géintwäer verglach ginn, dat heescht, déi zwee Echengen, ass jo praktesch dann e Prefinancement ze maachen, wéi mer et bei der internationaler Schoul gemaach hunn, wéi et bei der LUNEX geschitt ass. An amplaz kréie mer Terrain, wat jo awer och wichteg ass. Da kréie mer Immobilien an neien Terrain an eise Besëtz, wat och wichteg ass fir d'Gemeng. An d'Differenzzomm, ob positiv oder negativ, fléisst dann op déi eng oder déi aner Säit. Als LSAP hu mer dat déi Zäit e ganz gudden Accord fonnt.

Ech mengen, et geet net alleng duer, Sécherheet fir eis Bierger ze priedegen an dann Initiativen opzeginn, déi fir eis Stad enorm wichteg sinn. Datselwecht gëllt fir d'Aarbechtskonditiounen vun de Polizeibeamten, déi einfach onzoumuttbar sinn.

Ech hu während véier Joer mam Fred Bertinelli, zoustänneg fir Sécherheet, an eisem Gemengenarchitekt an Architektbüro intensiv un dësem Projet geschafft. Dir konnt dat jo och am Budget gesinn, un deenen Zommen déi mer do virgesinn haten, op jidde Fall d'lescht Joer. Mir haten och eng Partie Entrevü mat eise lokale Polizeikommissariat, hiren Agenten a mat der Polizeidirektioun. Dee ganze Projet ass vum Gemengenarchitekt geleet ginn. Dir kënnt, wann deemnächst de PAG ofgeschloss ass, nahtlos mam Projet Polizeikommissariat weiderfueren. Lo hätt Dir kënne op déiselwecht Manéier dat Gebai no engem Cahier des charges ausschreiwen, wéi Der dat jo fir de Projet Parkhaus Contournement maacht. Ech gesinn hei kee Problem, ausser et gëtt politesch Grënn, bedéngt duerch déi nei déi gréng/CSV-Majoritéit.

No Ärer Diskussioun riskéiere mer nach laang op deen neie Polizeikommissariat ze waarden.

Mir als LSAP wëllen eist Versprieche hale vis-à-vis vun deem zoustännege Minister, dee sech bis elo op déi ofgemaachte Prozedur mat der Gemeng Déifferdeng oder der Stad Déifferdeng agestallt hat. Mir erënneren drun, dass déiselwecht Quellen der Stad Déifferdeng de Subsid vun néng Milliounen Euro fir de 1535°C accordéiert hunn an och eng Hightech-Entreprise mat 150 neien Aarbechtsplazen op Nidderkuer bréngen.

Wéi gesot, d'LSAP hält Wuert a mécht en dréngenden Appel un de Schäfferot, seng Positioun betreffend dem Polizeikommissariat nach eng Kéier ze iwwerdenken an eis heirop nach virun der Ofstëmmung eng Äntwert ze ginn. Ech wëll nach dem Här Buergermeeschter zwee Bréiwer gi vun der Polizeidirektioun. Deen ee geet un de Minister vun der Sécurité intérieure an deen aneren un de Finanzminister.

La construction du commissariat de police du contournement est le projet le plus important pour les socialistes. Erny Muller a été fort étonné d'entendre le bourgmestre expliquer que c'était aux Bâtiments publics de réaliser le projet. Les socialistes protestent formellement contre cette décision. Erny Muller rappelle que les locaux actuels de la police de Differdange seront cédés à la commune avec le terrain qui se trouve derrière. En contrepartie, la commune doit construire le nouveau commissariat. Les couts ayant été évalués, il est temps de signer une convention. Les plans sont terminés. La police a revu à la hausse le nombre d'agents nécessaires dans ce commissariat. Il a donc fallu prévoir un étage supplémentaire, ce qui a entraîné des retards. Mais dans la pratique, les couts sont connus et les plans sont prêts. Pour la commune, il s'agit d'une sorte de préfinancement, puisqu'elle recevra des terrains et des immeubles. Bref, pour le LSAP, c'est un bon accord. Erny Muller trouve qu'on ne peut pas prêcher la sécurité d'un côté et abandonner ce type de projets de l'autre. Il faut aussi tenir compte des conditions de travail des agents de police.

Pendant quatre ans, il a collaboré sur ce projet avec M. Bertinelli, l'architecte communal et un bureau d'architectes. Des discussions ont eu lieu avec le commissariat local et la direction de la police. C'est l'architecte communal qui a suivi ce projet. Erny Muller estime que le collègue échevinal pourra poursuivre ce projet sans difficulté dès que le PAG sera fini. Un appel d'offres avec cahier de charges pourrait être lancé comme cela a été fait pour le parking du contournement. Y a-t-il une raison politique pour laquelle ce projet devrait être abandonné?

Les socialistes veulent se tenir aux promesses faites au ministre, qui de son côté respecte la procédure mise en place avec la Ville de Differdange. Erny Muller rappelle que le même ministre a accordé un subside de neuf-millions d'euros pour le 1535° et a favorisé l'implantation d'une entreprise «high-tech» à Niederkorn.

Le LSAP demande que le collègue échevinal revoie sa position. Erny

2. Finances communales

Muller remet deux lettres au bourgmestre, l'une destinée au ministre de la Sécurité intérieure et l'autre au ministre des Finances.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
préfererait le ministre de l'Économie.

ERNY MULLER (LSAP) *ajoute que si le collègue échevinal ne revient pas sur sa décision, les socialistes seront forcés de voter contre le budget bien que 90 % du travail préliminaire concernant le budget ait été réalisé par la coalition précédente.*

GUY TEMPELS (CSV) *se réjouit de pouvoir soutenir ce budget durable. La politique pratiquée est responsable et saine. Les recettes ordinaires grimpent tandis que les dépenses stagnent.*

Les recettes extraordinaires grimpent également. Les loyers représentent quatre-millions d'euros. M. Muller a parlé d'un changement de position du CSV. Or les chrétiens sociaux ne sont pas contraires à l'acquisition d'objets à condition que le prix soit correct et qu'il puisse être amorti en une vingtaine d'années. Cependant, il n'est pas question d'acheter tous les immeubles sur le marché Il faut plutôt motiver les propriétaires d'immeubles vides — le cas échéant grâce à une taxe.

Le 1535° touchera un subside de neuf-millions d'euros répartis en trois ans. La commune vendra des terrains pour neuf-millions d'euros. Les dépenses de 6,5 millions d'euros pour l'enseignement fondamental vont disparaître. En plus, les revenus liés à la dotation de l'État et à l'impôt commercial vont augmenter. Cela permet au collègue échevinal d'investir massivement sans contracter d'emprunt.

Ce qui est plus inquiétant, c'est que les dépenses ordinaires liées au personnel dépassent le seuil de 50 % du budget. Or il faut encore recruter du personnel pour proposer davantage de services aux citoyens. Les dépenses relatives aux syndicats augmentent aussi d'un-million d'euros pour atteindre 8,3 millions. Il faut trouver une solution.

Les emprunts concernant l'EIDE augmentent de 25 millions d'euros. Cet argent sera remboursé par

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hätt léiwer dee vun der Economie.

ERNY MULLER (LSAP):

Wa sech näischt soll un der Decisioun änneren, si mir als LSAP forcéiert, géint de Budget 2018 ze stëmmen. Obwuel mer ronn 90% vun der Viraarbecht zum Budget extraordinaire an der vieregter Koalitioun realiséiert hunn.

Ech soen Iech Merci fir Är Gedold.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Muller. A Merci fir déi flott Analys vum ganze Budget. Da géif ech dem – wat hat ech hei opgeschriwwen? – Här Tempels d'Wuert ginn.

GUY TEMPELS (CSV):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Hären, d'CSV ass frou, dese Budget ze ënnerstëtzen. Dëst ass en nohaltege Budget. D'Zuele beweisen, dass eng responsabel Politik gemaach gëtt.

Wann ech mir déi brut Zuelen ukucken, stellen ech fest, dass déi ordinär Recettë klammen, an déi ordinär Depensë stagnéieren. Dat bedeit, dass mir am uerdentleche Budget ëmmer méi Boni maachen, dee mir da kënnen investéieren. Dëst ass eng gesond Politik.

Och déi extrauerdentleche Recettë ginn erop. Mir generéieren also méi Recetten. Wéi de Buergermeeschter deslescht sot, si mëttlerweil 4 Milliounen Euro Loyer virgesinn. Dëst si Recetten, déi och an deenen nächste Jore wäerte klammen.

A wann den Här Muller d'leschte Kéier vun engem soi-disant Sënneswandel vun der CSV geschwat huet, wëll ech dat relativéieren. Mir hunn näischt dogéint, fir deen een oder deen aneren Objet ze kafen, wann de Präis stëmmt, a wann een dat iwwer, loosse mer soen 20 Joer kann amortiséieren. Domat hu mer jo dann eppes Nohalteges gemaach, a mir hunn eise Kanner Recettë garantéiert.

Ech wëll awer kloer soen, dass mer net kënnen a sollen all Gebai kafen, wat eidel steet, respektiv ze verkafen ass. Vill méi géif ech mengen, wéi den Här Mangen gesot huet, mir sollten iwwerleeën, wéi mer d'Leit dobausse motivéieren, hir Immobilien net eidel stoen ze loosse. A wann et net anescht geet, firwat net vläicht iwwert eng Tax nodenken?

De leschte Schäfferot huet sech derfir agesat, dass mer 9 Milliounen Euro fir de 1535°C, iwwer dräi Joer verdeelt, wäerte kréien. Doniewent verkafe mir Terraine fir 9 Milliounen Euro, an d'Depensé vu 6,5 Milliounen Euro fir den Enseignement fondamental fallen ewech. Déi Zouwendunge vum Stat sollen nach ëm 9 Milliounen Euro eropgoen, sief dat de Fonds de dotation oder den Impôt commercial, sou dass mer elo kënnen vill investéieren, ouni zousätzlech Kreditter opzehuelen. Donieft kënnen mer eis Schold substanzuell ofbauen, trotz engem massiven Investitiounsprogramm.

Wat mer e bësse Suerge mécht, ass, wéi den Här Ulveling et och deslescht bemierkt huet, datt déi uerdentleche Depensé fir eist Personal bal 50% vum Budget iwwerschreiden. Awer mer müssen nach ëmmer Personal a verschiddene Servicer astellen, well d'Aarbecht, awer och d'Servicer, déi mer eise Bierger wëllen ubidden, ëmmer méi grouss ginn.

Doniewent gesinn ech, dass d'Ausgabe vun de Syndikater all Joer kontinuéierlech eropginn. 2018 solle se e Sprong maache vun iwwert 1 Millioun, fir bei 8,3 Milliounen Euro ze landen. An do schwätzen ech nëmme vun den ordinären Depensen, net vun den extraordinären Investissementen. Do géif ech eis Verrieder an de Syndikater bidden, op d'Brems ze trëppelen, well esou Spréng kënnen mer eis an Zukunft net all Joers erlaben.

Ech hu gesinn, dass d'Emprunten, déi mer fir de Stat tätegen, fir den EIDE, op 25 Milliounen Euro klammen. Et ass gewosst, dass mer déi erëmkreien, well mir hunn dem Stat, wann ech dat richtig verstanen hunn, déi virfinanzéiert. Eis Servicer ware fir dese risege Chantier responsabel. Dofir meng Fro: Froe mir dem Stat déi Suen zeréck, déi eis Leit kascht hunn, oder wat et kascht

2. Finances communales

huet, fir déi Aarbecht ze maachen, déi mer souzesoe fir de Stat gemaach hunn?

Mir fannen et gutt, dass dëse Schäfferot de Stat gebieden huet, säi Police-Gebai selwer ze bauen. Well wann ech déi vill Projete gesinn, déi de Schäfferot wëll ugoen, froen ech mech, wéi eis Mataarbechter dat an Zukunft solle packen.

Ech mengen, aus dësem Budget gesäit ee kloer d'Prioritéite vun dësem Schäfferot. Et gëtt vill an Opfangstrukture fir Kanner, Maisons relais investéiert. Et gëtt vill an d'Schoulen investéiert. An de Mattendall kënnt eng nei Schoul mat Maison relais a Kantinn fir 600 Kanner. De Bock gëtt endlech renovéiert a kritt eng nei Sportshal. Eng nei Schoul op der Nelson-Mandela-Plaz gëtt geplangt mat Maison relais, Kichen a Kantinn.

Et gëtt och an de Sport investéiert mam Bau vun enger iwwerregionaler Liichtathletikspist mat neiem Fussballsterrain. Dëst Joer si mer City of sport. Do kréie mer d'Geleeënheet, eis dobaussen als aktiv a sportlech Stad duerstellen.

Fir 6,5 Milliounen Euro gëtt an d'Stroosseninfrastrukturen investéiert. Do ass et gutt, dass endlech de Wangert an Uewerwangert nei gestalt ginn. Ech huelen un, dass domat déi Parksituatioun, déi deelweis chaotesch ass, wäert verbessert ginn. Meng Fro: Ass virgesinn, dass d'Bierger hir Autoe während dem Chantier iergendwou parke kënnen?

Et gëtt ausserdeem vill an d'Kultur investéiert. Mat deem grouse Monument, nieft der Rocade, kréie mer eng nei flott Plaz mat engem neie Wahrzeche fir Déifferdeng.

Endlech gëtt och deen neien CID geplangt. Wa mer wëssen, a wat fir enge Konditiounen eis Leit do musse schaffen, ass dat batter noutwenneg. De CID platzt aus allen Néiten, well et schaffe mëttlerweil méi wéi duebel sou vill Leit do, wéi virgesi war. Des Weidere gëtt de Fuerpark vum CID op deen neiste Stand gesat.

Wann ech eis Recetten a Käschte vun der Müll- a Kanaltax kucken, leie mer gutt. Dëst ass pollueur/payeur-gerecht.

Um soziale Gebitt mécht eis Gemeng weider hir Hausaufgaben. Dat ass gutt esou. Et gëtt un der AIS geschafft, et gi Studenten- a Seniorewunnenge geplangt, fir e gesonden a soziale Mix ze kréien.

Erlaabt mer an dësem Sënn eng Fro: Wéi steet et mam Fleegeheim, wat um Woiwer sollt gebaut ginn, vun deem mer schonn ongeféier zéng Joer schwätzen? Mir kréie jo dat aalt Altersheim vun Déifferdeng erëm. Doraus kéint een e flotte Projet maachen.

De 1535°C gëtt weider ausgebaut, wat zousätzlech Aarbechtsplazen hei zu Déifferdeng wäert mat sech bréngen.

Dee grouse Parking um Contournement gëtt elo gebaut. Dat bréngt Entlaaschtung vun der Parkproblematik. Mir dierfen deen net ze kleng bauen. Well et kommen elo schonns bal 200 Leit an den Auchan schaffen. An et wäerten 150 Enseignanten am EIDE schaffen.

Och ass e Park and ride zesumme mat der CFL ugeduecht, an eventuell e Carsharing.

Ech hätt eng Fro zu de Parkhaiser: Ech gesinn, dass mer vill fir d'Gestioun vun eise Parkhaiser ausginn. Et misst een emol déi nei Kontrakter analyséieren loosse. Well e Parking muss sech droen. An och, ob e Parkleitsystem ugeduecht ass.

Dat eenzelt, wouriwwer mer eis nach e bësse Suerge maachen, ass de Verkéier hei zu Déifferdeng. Mä do si jo Mesurë virgesinn, wéi d'Suppressioun vum PN15, e Shared space am Zentrum an eventuell och zu Nidderkuer bei der Schoul.

Awer och iwwert eisen Zentrum, dee mer mussen um Liewen halen, musse mer eis Gedanke maachen. Dofir proposéieren ech, eng Task force ze grënnen, déi sech Gedanke mécht, wéi een den Zentrum weider beliewe kann.

Eis Ëmwelt kënnt net ze kuerz. E puer Saache wëll ech ernimmen: D'Müllkonzept gëtt iwwerschaaft, den TNT, de Parc transfrontalier, steet an de Startlächer, et wäerte weider Beem geplangt ginn, an et gëtt ee Bam-Expert agestellt,

l'État. Guy Tempels rappelle que les services communaux s'occupent des travaux. Les frais de personnel seront-ils aussi remboursés.

Pour ce qui est du commissariat, le collège échevinal a raison de demander à l'État de le construire, car le personnel communal a déjà énormément de travail.

Les priorités fixées dans le budget sont claires. Des investissements importants sont opérés dans les maisons relais et les écoles. Guy Tempels mentionne l'établissement du Mathendahl pouvant accueillir 600 enfants. Le Bock sera rénové et une nouvelle école planifiée sur la place Nelson-Mandela.

Pour ce qui est du sport, une piste d'athlétisme régionale et un nouveau terrain de football seront construits. Guy Tempels rappelle que Differdange est «European City of Sport 2018».

6,5 millions d'euros seront investis dans les infrastructures routières. Le Wangert et Uewerwangert seront refaits. Où les gens pourront-ils se garer pendant les travaux?

En ce qui concerne la culture, un monument sera installé à côté de la rocade.

Le CID emménagera dans un nouveau bâtiment et son parc automobile sera modernisé.

Le rapport recettes-couts de la taxe des déchets et la taxe des canalisations est bon.

La commune fait ce qu'il faut dans le domaine social afin de promouvoir une mixité saine. Dans ce contexte, où en est la maison de soins prévue au Woiwer?

Le 1535° est en train d'être développé.

Un parking sera construit au contournement. Il devra être suffisamment grand, car 200 personnes travaillent à Auchan et 150 enseignants à l'EIDE. Un «park & ride» et un système de «carsharing» sont prévus. Guy Tempels trouve qu'il faudrait revoir les contrats sur les parkings, car un parking doit se financer. Un système de guidage est également nécessaire. Pour ce qui est de la situation sur les routes, des mesures comme la suppression du PN 15 et un «shared space» dans le centre sont prévus.

2. Finances communales

Les chrétiens sociaux proposent la création d'une «taskforce» pour dynamiser le centre.

Pour ce qui est de l'environnement, Guy Tempels mentionne la gestion des déchets, le TNT, la plantation d'arbres, la qualité de l'air... La mine Renkert constitue un beau projet. De nouvelles études portant sur le parc éolien seront effectuées. Le budget est rempli de projets et peut être qualifié de responsable et de durable. Il fait avancer Differdange. C'est pourquoi les chrétiens sociaux l'approuveront.

FRANÇOIS MEISCH (DP) explique qu'il aura du mal à traiter tous les points compte tenu du temps qui lui est imparti. C'est pourquoi il se concentrera sur ceux qui lui tiennent à cœur.

Tout d'abord, il remercie ceux qui ont contribué à la réalisation du budget ainsi que les collaborateurs communaux pour leur travail en 2017.

Le budget est un des documents les plus importants de l'année puisqu'il fixe le fonctionnement de la ville. Plus la ville est grande, plus les responsabilités sont importantes. Differdange étant la troisième ville du pays, les sommes à gérer sont conséquentes.

Si l'on considère les dépenses ordinaires et extraordinaires, on atteint la somme de 140 millions d'euros. C'est pourquoi chaque conseiller communal est tenu de l'analyser en détail avant de l'approuver ou de le rejeter. Les citoyens doivent pouvoir compter sur la diligence de leurs représentants politiques. Les démocrates en sont conscients et ont effectué une analyse sérieuse du budget.

La situation financière de Differdange est bonne, car la commune touche de nombreux millions de l'État. François Meisch mentionne les neuf-millions d'euros qui seront versés au 1535°.

Les dépenses ordinaires dépassent pour la première fois les cent millions d'euros. Les salaires fixes représentent moins de 50 % des dépenses ordinaires, mais certains services ont un besoin urgent en collaborateurs, ce qui a des conséquences négatives sur les conditions de travail. François Meisch aime-

Biomonitoring fir eis Loftqualitéit gëtt gemaach.

Donieft dierft d'Minn Renkert e flotte Projet ginn, vläicht an Zesummenaarbecht mat der UNESCO, wou mer endlech emol kéinten d'Erënnerungen un de Biergbau wakreg halen.

Et ginn nei Etüde gemaach fir de Wandpark, déi nach feelen, fir d'Bevëlkerung dobaussen ze iwwerzeegen.

Bref, mir stelle fest, dass all dës Projeten an noer Zukunft wäerte fir – dat eise Standpunkt – e Plus suergen.

Ech stelle fest, dass dës Budget gutt, responsabel an nohalteg ass. Ech stelle fest, dass dës Budget eng Hellewull vu Projeten enthält, déi mer eise Wieler versprach hunn. Ech stelle fest, dass den Elan vun eisem Schäfferot net gebrach ass, an dass mer weider no vir plangen. Sou dass et keen heibanne wäert wonneren, dass d'CSV dës Budget an d'Investitiounen an d'Zukunft ënnerstëtze wäert.

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Tempels. Här Meisch, w.e.gl.

FRANÇOIS MEISCH (DP):

Dir Dammen an Dir Hären aus dem Schäffen- a Gemengerot, léif Vertrieeder vun der Press, léif Nolauschterer a léif Lieser, an där Zäit, wou mir laut Reglement zousteet, ass et natierlech schwierereg, all Punkt ze beliichten. Ech konzentréiere mech also op Punkten, déi eis als DP méi um Häerz leien.

Fir unzefänken, e Merci vun eis aus un all déi Leit, déi um Budget mat geschafft hunn. E Merci och un d'Leit an de Verwaltungen an an eisen Déngschter fir déi Aarbecht, déi se 2017 geleescht hunn.

De Budget vun enger Gemeng ass, wéi Dir all wësst, ee vun deene wichtegsten Dokumenter, iwwert dat am politesche Joer am Gemengerot diskutéiert gëtt. Mam Budget steet a fält de Fonctionne-

ment vun enger Stad. A wann eng Stad méi grouss ass, wat méi eng grouss Verantwortung heimat verbonnen ass.

Zu Déifferdeng, als drëttréisst Stad am Land, hu mir folglecherweis zolitt Zomme vu Suen ze geréieren.

Wa mer am Budget déi ordinär an extraordinär Ausgaben zesummerechnen, komme mer op iwwer 140 Milliounen Euro. Als Gemengeconseiller oder -conseillère ass et onverantwortlech, sech net mat dësem Dokument ze beschäftegen an et ouni Analys einfach duerchzewénken oder ofzeleenen.

D'Bierger musse kënnen drop vertrauen, datt déi Leit, déi d'Aufgab hunn, de Bierger hir Interessen ze verrieden, dës Analys seriö a mat beschtem Wëssen a Gewëssen duerchféieren. D'Demokratesch Partei vun Déifferdeng ass sech deem bewosst, a mir hunn eis intensiv mam Budget, wéi och mam provisoresche Koalitionsaccord auserneegesat.

Finanziell steet d'Gemeng gutt do. Duerch d'national Reform vun de Gemeengefinanzen, déi 2018 richteg spillt, kritt d'Gemeng Déifferdeng etlech Milliounen méi vum Stat. Ze erwähnen an deem Kontext sinn déi 9 Milliounen Euro, iwwert dräi Joer, wou de Stat bei eisem Vorzeigeprojekt, der Kreativfabrik 1535°C Creative hub, wéi se genannt gëtt, bäileet. Zesumme mat enger positiver Konjunktur an der aktueller unhalender Zënspolitik stinn déi finanziell Virzeechen deemno gutt.

Fir déi éischte Kéier leien déi ordinär Einnahmen am Joer 2018 – et ass scho gesot ginn – bei iwwer 100 Milliounen Euro. Bei den ordinären Ausgabe leien déi fix Paien ënner 50%, wou awer definitiv Sputt no uewe muss sinn. A verschiddene Servicer ass méi wéi Nout um Mann oder un der Fra, a méi wéi ee fiert op der Felg. Mir hoffen, dass ënnert dës Viraussetzung schnellstens gehandelt gëtt, an eis Belegschaft endlech de Besoinen ugepasst gëtt. A verschiddene Beräicher si mer staark ënnerbesat, wat sech natierlech negativ op d'Aarbechtskonditiounen vun dem Personal auswierkt. An deem Kontext wär et gutt, eventuell d'Detailer vun de geleeschten Iwwerstonnen am Joer 2017 de Gemengeréit virzeleeën.

2. Finances communales

Mir hoffen, dass déi Problematik sech schnellst méiglech verbessert, fir eis Leit ze entlaaschten a weiderhi kënnen en héijen Niveau de fonctionnement vun eise Gemengeservicer ze garantéieren. Wat sécherlech och e wichtege Déngscht um Bierger ass. Wann net dee wichtigsten.

Investéieren ass gutt, richtig Investéieren ass besser. Besser fir nei Aarbechtsplazen, besser fir d'Bildung, besser fir bezuelbare Wunnraum, besser fir sozialen Zesummenhalt. Beim Koalitiounsaccord, a beim éischte Budget vun enger neier Legislaturperiod, erwaart ee sech mëttel- a laangfristeg Äntwerten op d'Zukunftsfragen a Léisunge fir déi grouss Erausforderungen, virun deenen d'Stad Déifferdeng nach ëmmer steet.

Wou soll eis Gemeng an deenen nächste sechs Joren an doriwwer eraus histeieren? Wéi kënnen mer dozou bäidroen, fir op déi sozial Schifflag an eiser Gemeng besser anzewierken? Fir den iwwerdurchschnittlech héije Chômage ze bekämpfen? Fir de Bierger de Wee aus der Sozialhëllef ze weisen? Fir all de Kanner gerecht Zukunftschancen ze bidden?

Déifferdeng muss sech weider zu enger Stad entwéckelen, wou Wunnen, Schaffen a Fräizäit méi no beieene rëckelen. Mir musse virun allem bezuelbare Wunnraum fir jidderee schaffen. Déi sozial Déngschtleeschungen no de Besoine vun eiser Populatioun ausriichten. Gutt Schoule fir eng multikulturell Schülerschaft ubidden. Nei Aarbechtsplaze schaffen.

Initiativen, fir Laangzäit- a jonk Chômeuren ze begleeden, begrësse mer natierlech. Hauptzil, fir de Chômage ze bekämpfen, muss awer sinn, nei an ënnerschiddlech Aarbechtsplazen zu Déifferdeng entstoen ze loossen. Do geet et net duer, d'Firma Costantini ze erwähnen, déi op Déifferdeng plënnert, respektiv op siwen zousätzlech Loten an der Industriezon Haneboesch hinzeweisen. Dat war en plus scho länger gewosst.

Duerch d'Notze vun zousätzlechen Industriebrachen, déi de Moment brooch leien, kënnen massiv nei Aarbechtsplazen a ganz verschidde Beräicher entstoen. Wéi esou eng wäitsichteg Politik geet, weist eis absolut d'Success sto-

ry, de sougenannte 1535°C, wou mer deemools belächelt goufen a vill Géigewand kruten. A kuerzer Zäit konnten esou Honnerte Leit eng nei Aarbechtsugeo, a verschidde Start-uppe konnten zu Déifferdeng entstoen.

D'Aarbechten um leschte Gebai vun der Kreativfabrik ginn an d'Schlussphas. Et ass de Moment, fir e weidert Standbeien vun der Kreativwirtschaft an eiser Gemeng ze plangen an an den nächste Joren entstoen ze loossen. Elo missten d'Weihe gestallt ginn. A mir bedauern, dass dat net geschitt.

Mir vermësse substanzuell Initiativen am Budget, respektiv am Koalitiounsaccord, déi dozou bäidroen, Déifferdeng wirtschaftlech méi staark opzestellen. Viru Jore gouf e ganze Pak vun Initiativen lancéiert, fir déi wirtschaftlech Basis vun eiser Gemeng ze stäerken. All déi Projeten droe mëttlerweil hir Friichten, wéi d'Zone d'activité zu Nidderkuer, de Kreativzentrum, de Shoppingcenter Opkorn an anerer méi. Méi wéi 1.000 Aarbechtsplaze sinn entstanen.

Dat weist, wéivill Spillraum d'Gemeng huet, fir nei Aarbechtsplazen ze schaffen. An et wär elo un der Zäit, fir nei Initiativen ze ergräifen, fir kloer ze maachen, datt d'Gemeng dat als eng grouss Prioritéit gesäit, nei Aarbechtsplazen op hirem Territoire ze schaffen. Fir eisen Awunner attraktiv a sécher Aarbechtsplazen ze bidden, an déi wirtschaftlech Aktivitéiten am Land ze dezentraliséieren. Wann eng Majoritéit dee Wëllen net kloer dokumentéiert, dann hunn déi ekonomesch Akteure kee Vertrauen an d'Entwécklung vun eiser Gemeng. Et feelt un enger Visioun vun der Stadentwécklung an deem Beräich.

Mir stellen eis weider Froen: Wéi kënnen mer sécherstellen, datt Jonker hir eegen Zukunft mat der Stad Déifferdeng verbannen? Wou ass den attraktiven a bezuelbare Wunnraum? Gemengeneegen Terrainen leien nach ëmmer brooch, Terrainen, op deenen neie Wunnraum fir déi Jonk aus eiser Gemeng kéint entstoen. Déi 37 Logementer, déi kaf goufen um Plateau funiculaire, a wou den éischte PAP schonn 2010 duerch de Gemengerot goug, sinn natierlech e Schrack an déi richteg Richtung. An engems begrëssen ech déi inklusiv Crèche, déi säit längerem geplangt ass,

rait d'ailleurs connaître le nombre d'heures supplémentaires réalisées en 2017 par le personnel communal. Il s'agit de soulager le personnel et de continuer à garantir un niveau de fonctionnement élevé.

Du premier budget d'une période législative, on s'attend à des réponses quant à l'avenir à moyen et long terme de la ville et des solutions face aux défis. Dans quelle direction la ville ira-t-elle au cours des six prochaines années? Comment luttera-t-elle contre le chômage? Comment améliorer la situation sociale des habitants et offrir une plus grande égalité des chances aux enfants?

Differdange doit devenir une ville où il fait bon vivre, travailler et passer son temps libre. Le logement doit y être abordable. Les services doivent être adaptés au besoin de la population. Il faut créer de bonnes écoles pour une population multiculturelle et des emplois.

Les démocrates soutiennent les initiatives pour aider les chômeurs. Mais l'objectif doit être celui de créer de nouveaux emplois. Il ne suffit pas de mentionner l'entreprise Costantini et sept lots du Haneboesch. Le succès du 1535° montre la voie à suivre puisque ce projet a entraîné la création de centaines d'emplois et de nombreuses startups. Le dernier bâtiment de la fabrique créative est en train d'être finalisé. Il est donc temps de prévoir un nouveau pilier de l'économie créative à Differdange.

François Meisch regrette l'absence de projets renforçant Differdange économiquement. Il y a plusieurs années, des initiatives portant leurs fruits aujourd'hui ont été lancées. Plus de mille emplois ont été créés. Le temps est venu d'en lancer de nouvelles, car il faut proposer des emplois attractifs aux habitants. Si la majorité ne parvient pas à documenter clairement sa volonté, les acteurs économiques ne peuvent pas avoir confiance dans le développement de la commune. Il manque une vision du développement urbain.

Par ailleurs, comment s'assurer que les jeunes voient leur avenir à Differdange? Où sont les logements attractifs? Les 37 appartements du plateau du Funiculaire constituent

2. Finances communales

un pas dans la bonne direction, mais le premier PAP a été approuvé en 2010. François Meisch salue l'ouverture de la crèche inclusive.

Il espère qu'un concept intergénérationnel intéressant verra le jour au Lommelshaff. Ouvrir une auberge de jeunesse serait aussi une bonne idée. François Meisch espère que le nouveau service du logement donnera de l'élan aux projets.

Pour ce qui est des investissements, les démocrates ont remarqué l'absence de certains projets importants dans le budget 2018. Or il conviendrait de profiter des bonnes conditions actuelles auprès des banques. Ces investissements porteraient leurs fruits dans le futur. François Meisch cite les exemples du 1535°, de l'Aalt Stadhaus et d'Aquasud, qui attirent l'attention sur Differdange. Voilà ce qu'il appelle une politique d'investissements intelligente. Malheureusement, le budget 2018 manque d'idées et de visions pour moderniser la ville, améliorer la qualité de vie des habitants et aller au-delà de ce qui est nécessaire.

François Meisch rappelle que la commune touche quatre-millions d'euros en loyer, ce qui suffit à rembourser les prêts. Les démocrates s'en réjouissent.

Pourquoi la construction d'un parking au contournement avec gare de bus et bureaux a-t-elle été abandonnée? Le projet a été présenté en grande pompe avant les élections avant d'être stoppé peu après. Apparemment, le collègue échevinal recherche désormais un investisseur privé. Les démocrates craignent que ce projet essentiel pour la ville ne finisse par succomber.

Pourquoi les phases 3 et 4 de la modernisation du centre de Niederkorn ne sont-elles pas prévues?

(Rires)

François Meisch rappelle que les plans sont presque finis et que les travaux pourraient commencer.

La remise en état de l'église de Lasauvage est également repoussée.

Depuis des années, il est question de la création d'un bâtiment adéquat pour la police. Il était question d'un terrain à côté du parking du contournement. Or si c'est l'État qui doit se charger des travaux, il faut s'attendre à un retard de

a wou d'Konditiounen däitlech verbessert ginn.

Mir hoffen, dass fir de Lommelshaff, dee kaf gouf, en innovativt Wunnkonzept entsteet, wéi zum Beispill Wunn-gemeinschaften an intergenerationellt Wunnen. Och eng Jugendherberg vläicht géif Déifferdeng gutt zu Gesiicht stoen. Leider ass dat just eng Drëps op de waarme Steen. Do ass nach vill Loft no uewen, fir spierbar positiv Resultater ze bewierken. D'Schafe vun engem Service logement gëtt där Problematik hoffentlech e bëssi Elan.

Wat den Invest ugeet, ware mer erstaunt, dass verschidde grouss a wichteg Projeten 2018 net op der Agenda stinn. Dat trotz der positiver finanzieller Situatioun an der gudder Wirtschaftslag. Duerch déi aktuell Konditiounen, fir e Prêt ze maachen, wär et wäitsiichteg, fir sech d'Geleeënheet net entgoen ze loossen, fir intelligent an eis Stad ze investéieren. Sinn déi Investitiounen gutt gemaach, wäerte se an der Zukunft der Stad Déifferdeng eppes zeréckginn, an domat och erlaben, eis Stad weider ze entwéckelen an un d'Besoinen vun eisen Awunner unzepassen.

D'Manpower dofir muss ee sech ginn. E Projet wéi de 1535°C, de Kulturzentrum aalt Stadhaus, de Schwamm- a Wellnesskomplex Aquasud, fir nëmmen déi ze nennen, si méttlerweil ee Begrëff a konnten, wéi mir dat virgesinn haten, positiv op Déifferdeng opmierksam maachen. Dat war eng intelligent Investitiounspolitik, vun där eis Gemeng elo, ënnert anerem duerch ee méi attraktivt Bild vun eiser Stad no baussen, duerch méi Einnahme bedéngt duerch de Commerce, a virun allem duerch méi Einnahme vu Loyereren extrem profitéiert.

Am Budget feelt et mer weiderhin un neien Iddien, neien Impulser, neie Visiounen, déi an dem Geescht vun deene schonn ugeschwatene Projete kéinten entwéckelt ginn. Iddien, déi déiselwecht Ziler hunn. Nämlech eis Stad ze moderniséieren, d'Liewensqualitéit ze erhéijen, a vläicht och méi sinn, wéi just dat, wat souwisou muss gemaach ginn, fir datt eis Stad funktionnéiert.

An deem Kontext sief erwähnt, dass d'Gemeng Déifferdeng méttlerweil, et ass scho gesot ginn, eng 4 Milliounen Euro pro Joer u Loyer anzitt. Alleng

doduerch sinn d'Remboursementen vun de Préten an Zënse scho gedeckt. Dat virun allem duerch d'Kreativfabrik, awer och duerch d'Gebaielcheeten oder d'Lokaler, déi mer weider verlounen. Eng Situatioun, déi mer och weider wäerten ënnerstëtzen.

Eng ganz Rei vu Froen stinn awer nach am Raum: firwat gëtt d'Parkhaus mat eventueller Busgare, Büroraimlecheeten an esou weider net um Déifferdenger Contournement gebaut? De Projet gouf virun de Wahlen der Ëffentlecheet grouss virgestallt. Kuerz no de Wahlen dann eng Vollbremsung. Wann ech richteg verstanen hunn, soll elo e privaten Investor gesicht ginn. Mir fäerten net nëmmen, dass d'Ëmsetzung verschleeft gëtt, mä dass dee ganze Projet, deen Déifferdeng dréngend brauch, komplett stierft.

Firwat gëtt d'Phas 3 a 4 vun der Erneuerung vum Nidderkuerer Duerfkär net, wéi viru laanger Hand geplangt, ëmgesat?

(Gelaachs)

D'Planunge si fortgeschratt, an et kéint kuerzfristeg mat den Aarbechte lassgoen.

Och d'Lasauvager Kierch muss nach waarden. Mir hoffen, dass d'Gebai et nach packt, bis et dann iergendwann mat enger Restauratioun ka lassgoen. Do louche jo och scho viru Joren Etüden um Dësch.

Dann ee Projet, wou scho laang dru geplangt gëtt, a wou elo ganz gestrach ass. Säit Jore lafen Diskussiounen a Planungen, dass d'Police en adequat Gebai mat funktionnelle Raimlecheeten, accessibel an ugebonnen un den ëffentlechen Transport, sollt kréien. Ugeduecht war initial en Terrain nieft der Foussgängerbréck, beim Parking Contournement zu Déifferdeng. Hei gëtt mat der Sécherheet vun den Déifferdenger Bierger gespillt. Zousätzlech wäerte weider puer Jore verluer goen, wann de Stat elo alleng gelooss gëtt.

Puncto Investitiounen sief nach bemierkt, dass eng grouss Unzuel vu Projete vum Stat massiv finanziell ënnerstëtzt ginn. Sief dat Schoulen, Maisons relais, Sportshalen, d'geplangte Sportsfabrik, fir nëmmen déi ze nennen. Och

2. Finances communales

ganz vum Stat rembourséiert gëtt d'international Schoul zum Beispill.

Bei de Finanzen spillt nach e generell Problem, wou mer wahrscheinlech all d'selwecht gesinn, et ass och scho gesot ginn: dat sinn d'Ausgabe fir déi eenzel Syndikater, déi iwwerdurchschnittlech ze vill klammen.

Am Géigesaz dozou begrësse mer, dass eng besser Vernetzung geplangt ass tëscht de Schoulen a Maisons relais op där enger Säit a Veräiner a beispillsweis der Musekschoul op där anerer Säit. Déi international Schoul huet et virgemaach. Duerch esou eng Initiativ gëtt den Nowuess vun de Sports- a Kulturveräiner gefërdert.

Och begrësse mir, dass den Diffbus, deen ënnert der DP-Féierung mat agefouert gouf, weider gratis bleift. Mir stellen eis just d'Fro, ob dat neit Konzept klappt. Ëmmer méi gesäit een zu Nidderkuer e Bus à vide fieren. An där Hisiicht wär et vläicht interessant, e Comptage virgeluecht ze kréien.

Doriwwer eraus begrësse mir, dass a gewinntem Ëmfang an de soziale Beräich investéiert gëtt. Aarbechtslosegkeet, Aarmut, Kannerbetreung, Inklusioun a Chancëgläichheet sinn nëmmen e puer vun de Schlagwierder, déi an deem Zesummenhang musse genannt ginn. Dass mir vill Leit an eiser Gemeng wunnen hunn, déi keng Aarbecht hunn, déi Dag fir Dag kämpfen, fir eng ze fannen, déi net wëssen, wéi se een Dag iwwert deen anere finanziell iwwert d'Ronne solle kommen, musse mir eis als politesch Verantwortlech ëmmer erëm virun d'Ae féieren. An dat besonnesch, wann et drëms geet, Iwwerleeungen iwwert d'Zukunft ze maachen an Decisiounen an deem Sënn ze treffen.

Nieft Investitiounen a Schoulen an Opfangstrukturen, déi staark staatlech subventionéiert ginn, wollt ech virun allem nach eng Kéier déi inklusiv Crèche um Funiculaire ervirhiewen. Eis Gesellschaft gëtt ëmmer méi divers. Mä oft hu Leit, an och Kanner, mat engem Handicap et schwéier a ginn net mat där néideger Toleranz behandelt. Si ginn ausgegrenzt a souguer, wann dat net de Fall ass, hu si et net einfach, fir als normale Member vun der Gesellschaft kënne matzewierken. Dat geet schonn am Alter vun e puer Méint un.

Am Konzept vun där Crèche, an där souwuel Kanner mat enger Behënnerung wéi och ouni eng Plaz fannen, solle scho sou fréi wéi méiglech Beréierungsängscht ofgebaut ginn. D'Kanner kënnen hei op eng natierlech Aart a Weis léieren, ee mat deem aneren ëmzegoen an openeen anzegoen. D'Kanner ouni Handicap verstinn duerno besser, mat wat fir Problemer hir Altersgenosse mat enger Behënnerung konfrontéiert sinn. Dat hëlleft hinnen, dat néidegt Versteedemech an déi néideg Hëlfsbereedtschaft fir si ze entwéckelen a si als gläichgestallte Member vun der Gesellschaft unzërkennen.

Domat ass et awer net gedoen, well e Kand net just an d'Crèche geet. Mir als Gemeng Déifferdeng stinn an der Verantwortung, datt déi Inklusioun, déi an där Crèche wäert gelieft ginn, net nëmmen, mä och de Wee an d'Maisons relais an an d'Schoule fënnt. Datt déi Kanner duerno als Jugendlecher an Erwuessener d'Chance hunn, dës Inklusioun an hirem Alldagsliewen zu Déifferdeng, sief dat op der Aarbecht, an de Veräiner, am Verkéier, an hirer Fräizäit oder soss enzwoosch, kënnen ze erliewen. Dofir freeën ech mech, datt mam Projet Design for all, un deem scho säit längerem geschafft gëtt, e kleng Schratt an dës Richtung gemaach ginn ass. Doduerch gëtt e Grondsteen geluecht fir eng oppen an tolerant Generatioun vu Mënschen.

Inklusioun spillt awer och an anere Beräicher eng wichteg Roll. Mat Initiativen haaptsächlech am Senioreberäich goufe scho viru Jore vill Aarbecht geleescht a Projeten an d'Wee geleet, fir d'Leit sou gutt wéi méiglech an eis Gesellschaft ze integréieren an hinnen ze hëllef, e Wee aus der Isolatioun an deenen oft awer nach schwierige Situatiounen, déi den Alter an och déi noloossend Gesondheet mat sech bréngen, ze fannen.

Wa mer vu Seniore schwätzen, switchen ech kuerz eriwier bei d'Kanner an déi Jugendlech. Mir géifen eis wënschen, datt de Kanner- an de Jugendgemengerot mat méi Konsequenz géif akzeptéiert a behandelt ginn. Vill méi Ënnerstëtzung wär do wëschenswert.

Datselwecht gëllt fir d'Gemengekommissiounen. Wou ëmmer behaupt gëtt, se géifen opgewäert. Leider ass

quelques années. Le collège échevinal joue avec la sécurité des habitants.

La construction d'écoles, maisons relais et centres sportifs est massivement soutenue par l'État.

François Meisch passe aux syndicats. Ces dépenses augmentent trop rapidement.

Les démocrates saluent en revanche la collaboration accrue entre les écoles et les maisons relais d'un côté, et les associations et l'école de musique de l'autre. L'École internationale a montré la voie.

Le Diffbus, qui a été créé lorsque les démocrates étaient au pouvoir, reste gratuit. Mais le nouveau concept fonctionne-t-il? Car le Diffbus est souvent vide à Nieder Korn. Un comptage des passagers serait intéressant.

François Meisch salue les investissements sans le domaine social. Les responsables politiques savent bien que Differdange compte de nombreux habitants sans emploi et luttant pour joindre les deux bouts. François Meisch tient à mentionner la crèche inclusive du plateau du Funiculaire. Les enfants handicapés ne sont pas toujours traités avec suffisamment de tolérance et ont du mal à devenir des membres à part entière de la société. Grâce à la crèche inclusive, les jeunes enfants non handicapés sont confrontés quotidiennement aux problèmes que rencontrent les enfants handicapés. Cela les aide à développer de l'empathie pour leurs camarades. De son côté, la Ville de Differdange doit veiller à ce que l'inclusion ait également lieu dans les maisons relais, les écoles, au travail, dans les associations, sur les routes... Le projet «Design for all» constitue un petit pas dans la bonne direction et pose la première pierre d'une génération plus tolérante.

Pour ce qui est des seniors, des initiatives ont été lancées il y a de nombreuses années pour les intégrer davantage dans la société et les aider à sortir de l'isolement que peut comporter un âge élevé et d'éventuels problèmes de santé.

François Meisch passe aux enfants et aux jeunes. Il demande un plus grand soutien pour les conseils communaux des enfants et des jeunes.

2. Finances communales

La même chose est vraie pour les commissions consultatives. Le collègue échevinal prétend vouloir les revaloriser, mais c'est le contraire qui arrive. Et lorsque leur avis est demandé, personne ne le lit.

Les démocrates ne comprennent pas non plus pourquoi un projet aussi important que le Science Center ne figure pas dans le budget. Il ne constitue visiblement pas une priorité pour le collège échevinal. François Meisch rappelle que la petite version du projet a ouvert ses portes le 4 octobre 2017 et se réjouit que le gouvernement le soutienne à travers une convention. Le Science Center a un rôle unique à jouer dans le développement des enfants et des jeunes. Ceux-ci apprennent à connaître la chimie, la physique et les mathématiques de manière vivante et expérimentent les sciences naturelles en s'amusant. Il s'agit d'un âge où les enfants sont curieux. Or à l'école, les maths, la chimie et la physique ne font pas forcément partie des branches préférées. En plus, le Science Center est parfait pour Differdange, où se situent une école internationale, la Miami University et LUNEX. Il entraîne la création d'emplois, amène des visiteurs et améliore la renommée de Differdange. Il s'agit aussi d'un investissement dans l'avenir des jeunes, qui peuvent s'enthousiasmer pour des sujets qu'ils ne connaissent pas forcément bien.

Dans la centrale à gaz, le Science Center pourrait démultiplier sa taille et ensemble avec la «Groussgasmaschinn» constituer une attraction unique dans la Grande Région. C'est ce que les démocrates appellent une vision d'avenir. Ceux qui connaissent des projets similaires à Paris ou à Winterthur savent qu'il s'agit d'une grande opportunité pour Differdange. Malheureusement, une partie du collège échevinal ne se caractérise pas par son dynamisme dans ce dossier. François Meisch se serait attendu à plus d'engagement dans ce dossier. Le budget 2018 prévoit de nombreuses études. Or certains projets traînent depuis des années – par exemple le parking du centre culturel, la serre potagère, les ateliers communaux... Qu'attend le collège échevinal? Les ateliers communaux

regelméisseg de Konträr de Fall. Dat meescht leeft laanscht d'Kommissiounen. A wa se da gefrot ginn, ass den Avis knapps de Pabeier wäert, wou en drop steet, well en net gekuckt gëtt. Unerkennung an e bësse méi Autonomie sinn do leider fehl am Platz.

Net verstoe kënne mer, dass dee grouse Projet Science Center an der monumental fréierer Gaszentral, mam nationale Monument Groussgaassmaschinn, weder am Budget nach am Koalitionsaccord grouss thematiséiert gëtt. Dee Projet huet sécher keng Prioritéit fir den aktuelle Schäfferot. Déi kleng a provisoresch soi-disant Versioun vum Science Center konnt am Joer 2017 déi éischt Schouklasse an der fréierer Léierbud empfänken an huet de leschte 4. Oktober och seng Dier fir de Public opgemaach.

Mir als Demokratesch Partei freeën eis enorm driwwer, dass dee Projet fir d'Regierung wichteg genuch war, dass déi Initiativ, déi scho vill Kapital zesummebruecht huet, mat enger Konventioun ënnerstëtzt gouf an doduerch als Zentrum fir Wëssen a Wëssenschaft ka funktionnéieren.

Virun allem fir d'Entwécklung vun de Kanner an de Jugendlechen ass de Science Center eng eemoleg Geleeënheet. Hei kréie se d'Meiglechkeet, op lieweg a realitéitsno Aart a Weis mat esou komplexen Theme wéi Chimie, Physik oder Mathematik a Beréierung ze kommen. Se kënnen hiert Ëmfeld spillend erfuerschen a grondleeënd Erfahrungs mat den Naturwëssenschafte maachen.

An deem Alter gëtt de Virwëtz fir Fächer wéi Mathé, Chimie, Physik wackreg gemaach. A mir wëssen all, dass dat Fächer sinn, déi de Moment an de Schoulen net onbedéngt sech gréisser Beléiftheet erfreen. Dëst läit ënner anere dorunner, dass d'Bicherwëssen net mat deem Wësse gläichzesetzen ass, wat d'Kanner, mä och d'Jugendlecher kënnen sammelen, wa se sech op praktesch Aart a Weis domatter auserneesetzen.

An enger Stad wéi Déifferdeng, mat enger Miami University, mat enger internationaler Schoul, mat der LUNEX, mat der Proximitéit zur Uni Lëtzebuerg passt dës Projet wéi d'Fauscht op d'A. Déifferdeng mat senger industrieller

Vergaangenheet, déi an dësem Projet gutt zur Geltung kënn, kann nëmmen heivunner profitéieren. Net nëmme sinn et zousätzlech Leit, déi dohinnerschaffe kommen, an déi heihinnerschaffe kommen, dass Déifferdeng säi schlechte Ruff längst net méi verdéngt huet. Et ass och en Invest an d'Zukunft vun deene jonke Mënschen, déi hei op eng spilleresch Aart a Weis eppes Neies entdecken an d'Chance kréien, sech fir eppes ze begeeschten, wat si virduvläicht nach net esou kannt hunn.

De Science Center an der sougenannter renovierter Gaszentral kéint sech x-fach vergréisseren an developpéieren. Zesumme mat ënnert anere der Groussgaassmaschinn wär dat am Fong eng eemoleg Saach fir déi ganz Groussregioun a géif eise Virstellung vum enger Zukunftsvisioun gerecht ginn. Wann ee sech vergläichbar Projeten, beispillsweis zu Paräis oder zu Wintertur an der Schwäiz, ukuckt, versteet een, wat dat fir eng enorm Chance fir eis Stad kéint sinn.

Leider sinn de Schäfferot oder vläicht éischter eenzel Memberen heiraus net duerch hiren Dynamismus an hir Eegeninitiativ positiv opgefall, fir d'Iddi Science Center an der fréierer Gaszentral zesumme mam nationale Monument Groussgaassmaschinn a gegebenenfalls engem Musée de l'énergie weider ze bréngen. Fir de Bildungsstanduert Déifferdeng hätt ech mer do méi Engagement erwaart, virun allem an enger Stad mat esou enger handwierklecher Traditioun a Vergaangenheet.

Da wollt ech nach bemerken, dass eng Partie Etüde fir Projeten am Budget 2018 stinn. Dat sief vläicht normal, virun allem am Ufank vum enger Legislaturperiod, awer verschidde Projete gi scho säit Jore mat engem klengen Montant pour mémoire oder fir Etüde matgeschleeft. Zum Beispill den ënnertierdesche Parking nieft dem Kulturzentrum. Sou lues freet ee sech awer, op wat mer de Moment nach waarden. Et kritt een d'Impressioun, dass sech net getraut gëtt, eng Decisioun ze huelen. D'Zär potagère, d'Gemengenateliere oder de Parkleitsystem, fir nëmmen déi ze nennen, schleefe mer och schonn eng Zäitche mat. Do hoffe mer, dass zäitno d'Entwécklung an déi richteg Richtung geet. Virun allem mat eise Gemengenateliere muss et virugoen, och wa mer elo

2. Finances communales

Plaz do recuperéieren, well de Pompjeesschapp eidel gött. D'Aarbechtskonditioun si schwierig, an de Bau ass weder zäitgeméis nach funktionnel.

Wou eng Etüd awer hoffentlech kuerzfristeg Léisunge bitt, ass d'Verkéisberouegung an d'Neigestaltung vun der Zolwerstrooss, souwéi d'Entschäerfung vun der Woiwer Kräizung. Doduerch géifen d'Biergerinnen an d'Bierger vum Fousbanner Quartier ee Stéck Liewensqualitéit zeréck kréien.

Wou sécherlech och Etüden Opschloss kënne ginn, ass beim geplangte Shared space an den Hauptstroossen op der Héicht vun de Schoulen zu Déifferdeng an Nidderkuer. Mat enger Verkéisberouegung si mer ganz kloer averstan. Ier een awer op de Wee geet vun engem Shared-space-Konzept mussen alternativ Léisunge fir de Verkéis fonnt ginn. Soss schnüre mer eis komplett an.

A wann dann zu Déifferdeng en Test gemaach gött fir de Passage à niveau 15, also d'Barrière, ganz zouzeloossen, muss dat natierlech an dës Iwwerleeunge mat afléissen, grad wéi och d'Entwécklung vun der Entrée en ville.

Och muss d'Geschäftswelt mat an déi Diskussiounen agebonne ginn. An deem Kontext vermësse mer och Iddien a Kreativitéit fir d'Beliewe vum Déifferdenger Stadkär. Fir dass déi traditionell Geschäftstroosse bestoe kënnen, musse mat alle Partner alternativ Konzepter an Iddie fir de Commerce an d'Déngschtleschtungen ausgeschafft ginn, der Gemeng, der Geschäftsleit, der Proprietären. Eis Iddien aus dem Wahlprogramm sinn do net erëmfannen. Aner Iddie leider och net. An der City-management ass komplett dout.

Och wat d'Animatioun am Déifferdenger Stadkär, respektiv d'kulturell Programmation am Allgemengen ugeet, vermësse mer nei Iddien, Initiativen oder Projeten. Do musse mer erëm méi dynamesch a kreativ ginn. Och wat déi eenzel Manifestatiounen an Organisatiounen ugeet.

Vun Zäit zu Zäit kritt de Gemengerot ee sougenannte Bilan culturel virgeluecht. Fir mech huet dat awer näischt mat engem Bilan culturel ze dinn. Et ass éischter eng Statistik oder en Dekont.

Konscht a Kultur kann een net einfach bilanzéieren an ee rengen Käschtennotzevergläich maachen. Wann ee Bilan seet, muss ee virdrun en Zil gehat hunn. Wat wëlle mer erreechen? Wou wëlle mer hin? Am Nachhinein kontrolléiert een dann, ob alles esou gelaf ass wéi geplangt. Sinn d'Ziler erreecht ginn? Wat ka besser gemaach ginn? Wou sinn d'Schwaachpunkten, déi mussen ugepackt ginn? Wat huet et eis bruecht? Wéi gesinn dat déi eenzel Akteuren, déi dru bedeelegt waren? D'Partner, d'Mataarbechter, eventuell d'Sponsoren, d'Medien an esou weider.

Fréier gouf den Exercice intern mam Ressortschäff gemaach, wéi ech nach derbäi war. Extern gouf de Bilan vun de Veranstaltungen an der Asbl Comité des Fêtes gemaach, wou politesch Vertrieeder, Veräinsvertrieeder a Vertrieeder aus der Geschäftswelt mat derbäi waren. All Bilan gouf schréfflech festgehal a per Mail verdeelt. Dat géif ech éischter Bilan culturel nennen, an net déi puer dréchen Zuelen, déi hei vun Zäit zu Zäit virgeluecht ginn.

Kultur kann en dreiwende Motor vun enger Stadentwécklung sinn, wann een e Plang huet a Wäitsicht beweist. Kultur a Konscht si wäit méi wéi dréchen Zuelen.

D'Politik ka Friichten droen, wann ee sech eng stabill Richtung gött. Déi wichtegst Fro ass: Wou wëlle mer hin? Dofir muss ee méi wäit gesi wéi just dat nächst Joer. Eis Partei huet nach ëmmer eng Visioun, wou et mat eiser Stad soll hi goen, a wéi si sech ka weider, zum Beispill als Bildungsstanduert, entfalten, mat engem faarwegen an aktive Studenteliewen a mat allem, wat dozou gehéiert, wéi dem Logement, der Gastronomie, dem Commerce, den Aarbechtsplazen an esou weider.

Mir wëssen och, wéi mer Déifferdeng als bedeitenden Akteur an der Kreativindustrie weider wëlle placéieren an eis Stärkt op dësem Gebitt ausbaue kënnen. Mir hunn Iddien dofir, wéi Wunnen awer och Schaffe kann zu Déifferdeng ëmmer méi attraktiv ginn, an der Bierger méi Liewensqualitéit zegutt kënn.

Nodeems ech de Budget rectifié 2017 an de Budget initial 2018 analyséiert hunn, an nodeems ech mat menge Kol-

sont particulièrement importants, car les conditions de travail deviennent difficiles.

En revanche, des études peuvent s'avérer pertinentes dans le cadre du réaménagement de la route de Soleuvre et des mesures à prendre pour soulager le carrefour du Woiwer. Des études apporteront aussi des éclaircissements quant aux projets de «shared spaces» à Differdange et Niederkorn devant les écoles. Sans alternative pour le trafic, ce sera le chaos sur les routes. Ces projets doivent être évalués en même temps que celui de la suppression du passage à niveau 15 et du développement de l'entrée en ville.

Pour ce qui est du commerce, François Meisch regrette le manque de créativité pour dynamiser le centre-ville. Les idées qui figuraient dans le programme électoral du DP n'ont pas été reprises. Malheureusement, il n'y en a pas d'autres non plus. Et le «city management» est mort.

Il manque aussi des idées pour l'animation du centre-ville et la programmation culturelle. Le bilan culturel présenté régulièrement au conseil communal n'est qu'une statistique. Pour tirer un bilan, il faut des objectifs. Quels sont-ils? Ont-ils été atteints? Que reste-t-il à faire? Quand François Meisch faisait partie du service culturel, le bilan était réalisé ensemble avec l'échevin responsable et avec le Comité des fêtes. Une version écrite était distribuée par e-mail. Aujourd'hui, on ne présente plus que quelques chiffres. La culture peut être un moteur de développement urbain à condition de voir plus loin que les chiffres.

La politique de son côté ne peut porter ses fruits que si on sait où aller. Les démocrates ont une vision de Differdange en tant que lieu de la formation avec une vie étudiante colorée et active, des logements, de la gastronomie, du commerce des emplois... Ils savent aussi comment renforcer Differdange dans le domaine de l'industrie créative. Ils ont des idées pour augmenter le nombre d'emplois et de logements dans la commune et améliorer la qualité de vie des citoyens.

Les démocrates ont analysé en détail le rectifié 2017 et le budget 2018. Le sentiment qui prévaut

2. Finances communales

est celui d'une grande déception dans tous les domaines. François Meisch estime que les investissements ne font que répondre aux besoins engendrés par l'évolution de la population, mais qu'il manque les idées. Investir dans le présent et dans le béton ne suffit pas. Il faut aussi prévoir l'avenir.

Des responsables politiques, on s'attend surtout qu'ils soient visionnaires et qu'ils aient des idées pour développer la ville. C'est ce qui manque au budget 2018 et au programme de coalition. C'est pourquoi le DP ne pourra pas approuver le budget. François Meisch a une idée bien différente de ce à quoi devrait ressembler un budget au début d'une période législative. Celui-ci ne fournit pas d'indications sur la façon dont Differdange compte répondre aux défis à long terme.

ALI RUCKERT (KPL) constate que les communistes ont fixé leurs priorités dans leur programme électoral. Il évaluera le programme de coalition et le budget en comparaison aux propositions communistes.

La coalition déi gréng-CSV doit prendre ses responsabilités puisque c'est elle qui a élaboré ces documents. Le parti communiste de son côté n'a pas à le faire puisque ce n'est ni son programme ni son budget pour la réalisation duquel il n'a même pas été consulté. Ali Ruckert répète qu'il va comparer ces documents aux propositions communistes qui ont permis au parti d'obtenir plus de voix aux dernières élections qu'en 2011.

Le flyer que les communistes ont distribué une semaine avant les élections contenait les revendications suivantes: tout d'abord, empêcher que les taxes n'augmentent et que les services ne soient facturés au prix réel. Pour ce qui est de l'eau, Ali Ruckert demande que chaque habitant ait droit à vingt litres d'eau gratuits par jour. D'après le programme de coalition déi gréng-CSV, la majorité veut, quant à elle, que tous les frais relatifs à l'eau soient couverts. Une augmentation des taxes n'est pas prévue, mais ce n'est pas surprenant en raison des élections législatives dans neuf mois. Mais les citoyens peuvent être

leegen aus der Demokratescher Partei Déifferdeng heiriwwer beroden hunn, huet deen hei Budget bei mir e grousst Gefill vun Enttäuschung an alle Beräicher hannerlooss.

Et bleift mir just de Resumé ze zéien, datt zwar investéiert gëtt, virun allem a Projeten, déi néideg sinn an eng néideg Reaktioun op d'Evolution vun eiser Populatioun duerstellen, datt et awer op där anerer Säit un neien Impulser an Iddie feelt, an datt de Budget deem Stadbild, wat mir als Demokratesch Partei vun eiser Gemeng, vun eise Déifferdeng hunn, net gerecht gëtt. Eng Investitioun an d'Géigewaart ass wichteg, geet awer net duer. Wat mir brauchen, ass eng Investitioun an d'Géigewaart an an d'Zukunft. An dat net nëmmen am Bëton.

Politesch Verantwortung droen, heescht virun allem, Visiounen hunn. Nei Iddien, konzeptuell Wäitsicht fir d'Entwécklung vun eiser Stad. An déi vermësse mer als Demokratesch Partei an dësem Budget an an dësem Koalitionsaccord.

Mat all deene Remarquen, déi ech opgelëscht hunn, kënnen mir et als DP Déifferdeng net verantworten, esou e Budget mat ze droen. Mir hunn eng aner Virstellung, wéi esou e Budget, virun allem am Ufank vun enger Legislaturperiode, sollt ausgesinn. D'DP-Fraktioun vun Déifferdeng wäert dëse Budget net matstëmmen. Och well de Budget nu wierklech net weist, wéi d'Gemeng gedenkt, op déi grouss Erausforderunge vun eiser Stad à long terme anzewierken.

Ech soe Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Meisch.

Här Ruckert, Dir hutt d'Wuert.

ALI RUCKERT (KPL):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengerot, d'Kommunistesch Partei ass an d'Gemengewahl vum 8. Oktober 2017 gaange mat engem Wahlprogramm, an deem se hir

Prioritéite festgehalen huet. A selbstverständlech bewäert se de Koalitionsprogramm, deen den 23. November 2017 am Gemengerot virgestallt gouf an iwwert deen dann de 24. Januar soll diskutéiert ginn, am Verglach mat hiren eegene Virschléi. Datselwecht gëllt fir de Budgetsprojett fir 2018, iwwert deen haut ofgestëmmt gëtt.

Fir de Koalitionsaccord a fir de Budget muss d'Koalitioun vun de gréngen a vun der CSV selwer Verantwortung iwwerhuelen. Si hunn de Koalitionsprogramm an de Budgetsprojett fir 2018 ausgeschafft a mussen dofir riichtstoen. D'Kommunistesch Partei muss dat net, well et ass net hire Koalitionsprogramm, a se ass och net bei der Opstellung vum Budget ëm hir Meenung gefrot ginn.

Meng Roll als Vertrieder vun der KPL ass et, haut Stellung zum Budgetsprojett fir 2018 ze huelen, andeems ech e mat deem vergläichen, wat d'Kommunistesch Partei virgeschloen huet, a wat schlussendlech derzou gefouert oder bäigedroen huet, dass d'KPL erëm an de Gemengerot gewielt ginn ass, an dat souguer mat méi Stëmme wéi 2011.

Eng Woch virun de Wahlen huet d'KPL e Fluchblat un all Haushalter verdeelt, an deem se siwe wichteg Fuerderunge genannt huet.

Do huet et geheescht, éischstens: D'KPL setzt sech dofir an, dass Taxenerhéijungen a käschtedeckend Déngschtleschtungen verhënnert ginn. A fir d'Drénkwaasser huet d'KPL de Virschlag gemaach, datt 20 Liter pro Dag a pro Persoun gratis si sollten.

Am Koalitionsprogramm vun de gréngen an der CSV gëtt am Géigendeel dozou e kloert Bekenntnis zur Käschtedeckung beim Waasser ofgeluecht. Taxenerhéijunge sinn, souwäit ech dat an der Zäit kucke konnt, am Budget fir 2018 net virgesinn. Ma d'Bierger sollte sech net täuschen loossen. Well mer sinn elo néng Méint virun de Parlamentswahlen, an d'Koalitionsparteien an de Schafferot wëllen net elo schonns den Ierger vun de Bierger op sech zéien. Dir kënnt awer sécher sinn, datt et schonn am nächste Joer, also no de Parlamentswahlen, zu weideren Taxenerhéijunge komme wäert, nodeems schonn 2012 d'DP an déi gréng an 2015 d'LSAP,

2. Finances communales

déi gréng an d'CSV d'Taxen an den Déngschtleeschunge vun der Gemeng deelweis staark erhéicht hunn.

Zweetens: D'KPL setzt sech dofir an, dass d'Gemeng méi Geld fir d'sozial Ëmverdeelung, d'Bekämpfung vun Aarbechtslosegkeet an Aarmut ausgëtt. Dat ass natierlech eng komplex Fro. Besonnesch, well d'sozial Ëmverdeelung an d'Bekämpfe vun der Aarbechtslosegkeet an der Aarmut Froe sinn, déi wäit iwwert d'Gemeng erausginn an ouni Moossnamen op nationalem Plang zum groussen Deel net an der Gemeng ze léise sinn.

Den direkten Zesammenhang besteet awer doran, datt an der Chamber an an der Regierung déiselwecht Parteie setzen, déi och am Gemengerot an am Schäfferot sinn. An déi kënnen hir Hänn net an Onschold wäschen, wann hir Parteikollegen an der Chamber an an der Regierung sech weigere, de Mindestloun ëm 10% oder méi ze erhéijen, wa se d'Kafkraaft duerch eng Erhéijung vun der TVA an duerch eng Indexmanipulation an zousätzleche Sozialofbau schwächen, wa se Verschlechterungen am Fleegeberäich decidéieren an d'Eegebedelegung vun de Patiente beim Dokter a bei ville Medikamenter eropsetzen, wa se e Rekordbudget am Militärberäich stëmmen an da bei der öffentlecher Schoul spueren.

Als Vertrieeder vun der KPL maachen ech drop opmierksam, dass esou eng Politik vun der Chamber an der Regierung dozou féiert, datt och zu Déifferdeng vill Leit a prekäre Verhältnissen liewe mussen, an datt et der ëmmer méi amplaz manner gëtt, déi déi zwee Enner um Enn vum Mount net méi zesumme kréien, a vun deenen dann en Deel op den Déifferdenger Sozialbüro geet, deen ëmmer méi an Usproch geholl gëtt.

Ech soen dat, well eise Buergermeeschter, dee bei de leschte Gemengewahle plebiscitiéiert gouf, jo och an der Chamber sëtzt an en ee vun deenen ass, deen déi Decisiounen matgedroen huet, déi sech negativ fir d'Déifferdenger Awunner auswirken. Ech maachen och drop opmierksam, well d'Leit net ëmmer den Zesammenhang gesinn, a well oft net erkannt gëtt, datt op Gemengenniveau manner géint d'Aarmut misst gemaach ginn, wann op Chamber- a Regierungs-

niveau déi néideg Decisiounen geholl géifen.

Dat gesot, wëll ech am Numm vun der KPL feststellen, dass an de vergaangene Joren op Gemengenniveau Munches gemaach gouf, fir mannerbemëttelte Mënsche materiell a finanziell ze hëllef. Ze begrëssen ass och, dass vill jonk Leit, déi keng Aarbecht a keng Ausbildung hunn, fir eng gewëssen Zäit beim CIGL agestellt ginn. D'KPL ënnerstëtzt dës Moossnamen, ass awer der Meenung, dass dat nach an engem méi groussen Ëmfang misst geschéien.

Besonnesch ass ze bedauern, dass déi kommunal Gäertnerei mat Geméiszeeren, déi d'KPL gefuerdert hat, an déi de leschte Schäfferot a säi Programm opgeholl hat, nach ëmmer net verwierklecht ass.

Drëtters: D'KPL setzt sech dofir an, dass dem Bau vu bezuelbare Mietwunnengen Prioritéit bäigemoozt gëtt. Am Wunnengsbau entsprécht d'Politik vum Schäfferot net den Erwaardungen vun der KPL. Ech wëll hei net ofstreiden, dass am Schäfferotsprogramm an am Budgetsprojett eng Rei gutt Initiative geholl ginn, fir Wunnengsprojeten ze verwierklechen. An d'KPL wäert déi och ënnerstëtzen. Och d'Weiderféierung vun der Agence immobilière sociale Kordall ass eng gutt Saach. An eng verstärkt Zesummenaarbecht mam Fonds du logement a mat der Société nationale des habitations à bon marché ass och ze begrëssen.

(Diskussiounen)

Dat war elo déi Bomm, déi ech lassgelooss hunn.

(Gelaachs)

Ugekënnegt gëtt d'Schafe vun engem Service communal logement. Wann dee verwierklecht gëtt, gëtt och eng Fuerderung vun der KPL verwierklecht, déi se schonn 2011 an hirem Wahlprogramm gestallt hat.

Ma an den Ae vun der KPL geet dat alles net duer. Ech erënneren drun, dass déi Déifferdenger Logementskommission den 12. Dezember 2016 an engem Brëif un den deemolege Schäfferot festgehalten huet, dass zu deem Zäitpunkt 800 Mietwunnengen zu Déifferdeng

surs que les taxes seront revues à la hausse plus tard.

Le KPL exige ensuite que la commune dépense davantage dans la lutte contre le chômage et la pauvreté. Il s'agit d'un sujet complexe, car la redistribution des richesses dépasse le simple cadre communal. Pourtant, il y a un lien direct: les partis au gouvernement et à la Chambre des députés sont les mêmes que ceux du collège échevinal et du conseil communal. Par conséquent, lorsque le gouvernement et les députés refusent d'augmenter le salaire minimum de 10 %, qu'ils augmentent la TVA, qu'ils manipulent l'indice, qu'ils affaiblissent le secteur des soins, qu'ils augmentent la participation des patients aux frais médicaux et qu'ils approuvent un budget record pour l'armée tout en faisant des économies dans l'enseignement, le collège échevinal et le conseil communal ne peuvent pas s'en laver les mains. C'est à cause de cette politique que de plus en plus de Differdangeois n'arrivent plus à joindre les deux bouts.

Ali Ruckert rappelle d'ailleurs que le bourgmestre est également député et qu'il a soutenu des décisions qui font mal aux Differdangeois. Mais les citoyens ne font pas toujours le lien.

Cependant, la Ville de Differdange a pris des mesures pour aider les personnes dans le besoin ces dernières années. Elle a aussi recruté des jeunes sans travail et sans formation au CIGL. C'est une bonne chose. Mais Ali Ruckert regrette que la serre à légumes promise par le dernier collège échevinal n'ait toujours pas été réalisée.

La construction d'appartements à louer abordables doit devenir une priorité. Le programme de coalition contient des propositions intéressantes que le KPL soutiendra. Ali Ruckert salue aussi une collaboration renforcée avec le Fonds du logement et la SNHBM.

(Discussions)

Ali Ruckert passe à la création du service du logement que le KPL avait demandée en 2011.

Mais pour les communistes, tout cela ne suffit pas. Il manque actuellement 800 appartements à louer à Differdange. La mise en place d'une

2. Finances communales

stratégie est nécessaire. Il faut aussi que la commune se montre plus active dans la construction de logements.

Ali Ruckert est surpris de lire que la majorité souhaite introduire une taxe sur les logements vides si les autres mesures s'avéraient inefficaces. C'est vague. En plus, une telle taxe est d'ores et déjà nécessaire puisque des centaines de logements sont vides à Differdange. Mais cela n'a pas empêché déi gréng, le CSV, le DP et le LSAP de voter contre une motion des communistes demandant la création d'une taxe sur la spéculation en novembre 2015. En fait, le collège échevinal ne fait que jeter de la poudre aux yeux: d'un côté, il dit prendre des mesures contre le manque de logements, mais de l'autre il n'existe aucun concept pour construire 800 appartements à louer au cours des prochaines années.

Quatrièmement, le KPL veut empêcher la privatisation de services. Des efforts ont été faits au sein du service informatique. Mais d'une manière générale, le collège échevinal ne semble pas vouloir faire machine arrière sur la privatisation de certaines structures communales comme la piscine, le stade, le Diffbus et le centre de recyclage.

Les communistes demandent ensuite la création d'un service de conseil juridique gratuit. Car de nombreuses personnes ont du mal à s'y retrouver dans la jungle bureaucratique. Ali Ruckert espère que comme pour d'autres dossiers, les autres partis finiront par reconnaître la pertinence de cette idée plusieurs années après avoir été lancées par le KPL. En tout cas, cela démontre que l'on peut obtenir gain de cause même si l'on fait partie de l'opposition.

Tous les enfants devraient pouvoir disposer d'une place en maison relais. L'école fondamentale doit, quant à elle, être une école de l'égalité des chances. Au cours des dernières années, des efforts ont été accomplis pour élargir l'offre en structures d'accueil. Cette politique sera poursuivie en 2018 et sera soutenue comme de coutume par les communistes.

Pour ce qui est du personnel dans ces structures, Ali Ruckert s'in-

feelee géifen. Dofir wär eng Strategie erfuerdert, wéi dëse Wunnengsmangel systematesch reduzéiert kéint ginn, an d'Gemeng misst selwer als Bauhär aktiv ginn a Wunnenge bauen. Esou eng Strategie ass am Schafferotsprogramm net ze gesinn. Wat als Folleg huet, dass och am Budget net déi néideg Akzenter am Wunnengsbau gesat ginn.

Staune kann een doriwwer, dass am Schafferotsprogramm steet, d'Koalition vun de gréngen an der CSV géif kommunal Taxen op eidele Wunnengen a kommerzielle Lokaler aféieren, wann aner Moosnamen ouni Erfolleg bleiwe sollten. Wat dat heescht, gëtt net präziséiert. Sou wéi ganz vill Punkten am Schafferotsprogramm ganz vag gehale sinn. A si ginn och net méi kloer, wa se an e puer Kapiteln ëmmer erëm widerholl ginn.

Ofgesinn dovun, géif esou eng Tax sech elo schonns opdrängen, well et Honnerte vu Wunnengen zu Déifferdeng gëtt, déi eidel stinn. Dorun hu sech awer weder déi aktuell Schafferotsparteien, déi gréng an d'CSV, nach d'DP an d'LSAP gestéiert, wéi se den 11. November 2015, also viru knapps zwee Joer, am Gemengerot géint d'Motioun vun der KPL gestëmmt hunn, an där d'Aféiere vun enger Spekulationstax op bestëmmte Wunnengen, déi eidel stinn, an op bestëmmte Bauterrainen, déi zanter laangem brooch leien, gefuerdert gouf.

D'KPL fënnt, dass de Schafferot de Leit Sand an d'Ae street, wann en den Androck opkomme loosse wëll, mat sougenannten anere Moosname kéint d'Wunnengsnout zu Déifferdeng behuewe ginn, ëmsou méi et jo kee Konzept fir de Bau vun 800 oder méi Mietwunnengen an den nächste Jore gëtt.

Véiertens: D'KPL setzt sech dofir an, dass d'Privatiséierung vu kommunalen Aariichtungen an Dénsgschtleeschunge verhënnert oder réckgäנגeg gemaach ginn. D'KPL begréisst, dass am Informatikberäich Ustrengunge gemaach ginn, fir d'Ofhängegkeet vu Privatfirmen ze reduzéieren, an dass och e Programméierer agestallt gëtt. Ma generell muss ee soen, dass och d'Koalition vun déi gréng an der CSV un de Privatiséierung vu kommunalen Aariichtungen festhält, déi se an deene vergaangene Joren deelweis selwer mat der DP

beschloss hunn an ëmgesat haten. Dat ass e wichtege Grond, firwat d'KPL de Schafferotsprogramm kritiséiert an net fir de Budgetsprojert stëmme wäert.

D'Kommuniste bleiwe bei hirer Forderung: D'Privatiséierung vun der Schwämm, vum Fussballstadion, vum Diffbus a vum Recyclingspark muss réckgäנגeg gemaach ginn.

Fënneftens: D'KPL setzt sech dofir an, dass eng juristesche Informatiouns- a Berodungsplaz vun der Gemeng geschaf gëtt, déi allen Awunner gratis zur Verfügung steet. Esou eppes ass am Budgetsprojert net ze fannen. Ma vill Leit hu Problemer, sech am administrativen a juristeschen Dschungel erëmfannen. Duerfir huet d'KPL dës Forderung gestallt a se zu enger vun hire Prioritéite gemaach.

Ma mir ginn d'Hoffnung net op, dass et domat goe wäert wéi mat der Gemëiszär, dem Service communal logement, de Sätzgeleeënheeten an de Bushaisercher, der Spekulationstax, der Rekommunaliséierung vun de Botzdéngschter an anere Punkten, déi Joren, nodeems d'Kommunisten dës Forderungen opgestallt a propagéiert hunn, och vun anere Parteien als vernünfteg erkannt an da vum Schafferot verwierklecht goufen. Och dat ass eng Genugtuung fir d'KPL a fir déi Bierger, déi hir Forderung vun Ufank un ënnerstëtzt hunn, a mécht däitlech, dass een och an der Opposition eppes bewierke kann.

Sechstens: D'KPL setzt sech dofir an, dass fir all Kand eng Plaz an de Maisons relais zur Verfügung steet, wann d'Elteren dat wënschen, an dass d'Grondschoul eng Schoul vun der Chancëgläichheet gëtt. An deene vergaangene Jore si grouss Ustrengunge gemaach ginn, fir Maisons relaisen an deene verschiddenen Uertschafte vun der Gemeng ze bauen an auszebauen. An am Budgetsprojert fir 2018 sti jo och nei Kreditter fir de Bau vun neie Maisons relaisen zu Nidderkuer, am Zentrum, am Quartier Mattendall zu Nidderkuer an op der Mandela-Plaz zu Déifferdeng. Sou wéi d'KPL an de vergaangene Jore fir de Bau an den Ausbau vu Maisons relaise gestëmmt huet, wäert se dat och an Zukunft maachen.

Gedanke maache mir eis just iwwert déi grouss Fluktuation am Personal-

2. Finances communales

beräich, déi et do gëtt, déi an eisen Aen och dermat zesummenhängt, datt et ëmmer méi Kontrakter mat 20 a mat 30 Stonne gëtt.

Ganz zefridden ass d'KPL doriwwer, dass de Schäfferot op de Wee geet, méi kleng Quartiersschoulen ze bauen amplaz vu groussen zentraliséierte Gebaier fir d'Grondschoul. Dat entsprécht och eise Virstellungen an ass een Element, fir besser Bedéngungen am Schoulbetrib ze schafen.

Vu que dass ech als Verrieder vun der KPL nach all Joer bei de Budgetsdebatten a bei der Debatt iwwert d'Schoulorganisatioun kritiséiert hunn, dass et nach ëmmer Container am Déifferdenger Schoulbetrib gëtt, an ech an de leschte sechs Joren ni eng konkret Äntwert kritt hunn, wëll ech de Schäfferot dofir nach eng Kéier froen: Wéini verschwénnt dee leschte Container aus der Déifferdenger Schoullandschaft? Well och uerdentlech Schoulgebaier fir all Kanner a fir dat ganz Léierpersonal sinn en Deel vun der Schoul vun der Chancëgläichheet.

Et kann net ofgestridde ginn, dass an der Vergaangenheet grouss Ustrennung gemaach gi sinn am Beräich vun der Grondschoul, ma d'Rahmebedéngunge sinn net ëmmer déi besch, well d'Regierung eng Spuerpolitik am Beräich vun der Bildung mécht an de Gemengen net ëmmer déi néideg Moyene gëtt. Méi qualifizéiert Schoulmeeschteren, a méi engem grouss Mooss individuell Hëllef fir déi méi schwach Schüler a méi Hëllef bei den Hausaufgabe sinn an eisen Ae bluttnoutwenneg.

Eng Viraussetzung fir eng Schoul vun der Chancëgläichheet bleift fir d'KPL awer d'Aféiere vun enger ëffentlecher polytechnescher Gesamtschoul fir all Kanner bis den Alter vu mindestens 16 Joer. Virausgesat, et wëll ee wierklech verhënneren, dass d'Schoul déi Diskriminéierungen, déi et an der Lëtzebuerger Klassegesellschaft net nëmmen, ma och am Bildungsberäich gëtt, ëmmer erëm reproduzéiert.

Siwentens: D'KPL setzt sech dofir an, dass eescht Moossnamen ergraff gi géint de Verkéierschaos, an dass d'Parkgebühren ofgeschaf ginn.

Am Schäfferotsprogramm sinn am Kapitel Mobilitéit eng ganz Rei vun Ukënnegungen, déi d'KPL deelweis schonn zanter Jore fuerdert. Dofir ënnerstëtze mer och esou Moossnamen. Zum Beispill d'Bushaisercher op allen Haltestellen, Sätzgeleeënheeten an alle Bushaisercher, Echtzäitinformatiounen op allen Haltestellen doriwwer, wéi de Bus kënnt, Verkéiersberouegung am Zentrum vun Déifferdeng a bei ville Grondschoulen an der Gemeng. Am Géigesaz zu deenen anere Parteien ass d'KPL awer der Meenung, dass d'Parkgebühren ofgeschaf misste ginn.

Generell triede mer dofir an, dass den ëffentlechen Transport prioritär gefërdert gëtt, datt e gratis gëtt fir jiddereen, an datt de kollektiven Transport ausschliesslech a staatlecher a kommunaler Hand ass. Wat och derzou féiere géif, datt mat den niddrege Léin Schluss wär, déi bei de Privatpatronen am Personentransport bezuelt ginn.

An deem Zesummenhang fuerdert d'KPL de Schäfferot an d'Verrieder aus eiser Gemeng am interkommunalen Tram-Syndikat T.I.C.E. och op, sech derfir anzesetzen, dass genuch Chaufferen agestellt ginn. Sou dass endlech Schluss ass mat deenen 10.000en Iwwerstonnen, déi do nach ëmmer ufalen an déi derzou féieren, dass vill Chauffere kee geregelt Privatliwwen hunn.

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre vum Gemengerot, zu all aneren Themen a Projete wäert ech als Verrieder vun der KPL Stellung bezéien a Virschléi maachen, wann am Laf vun de Joren iwwert déi eenzel Projeten a Kreditter ofgestëmmt gëtt.

Dëse Budget ass e Budget vun der Kolitioun vun de gréngen an der CSV an net dee vun der KPL, déi, wéi Der héieren hutt, deelweis aner Prioritéiten an hirem Programm huet. Dofir wäert ech och als Verrieder vun der KPL géint dëse Budget stëmmen.

Ech soen Iech Merci fir Är Opmierksamkeet.

quiète de la multiplication de contrats à vingt et trente heures. En revanche, il salue la création d'écoles de quartier pour remplacer les grands campus centralisés.

Ali Ruckert critique tous les ans la présence de conteneurs dans les écoles de Differdange, mais il n'a jamais reçu de réponse concrète de la part du collège échevinal. Quand le dernier conteneur disparaîtra-t-il? Car des établissements de qualité pour les enfants et les enseignants contribuent aussi à une plus grande égalité des chances.

Il est indéniable que des efforts ont été faits par le passé, mais les conditions ne sont toujours pas idéales parce que le gouvernement veut faire des économies dans l'enseignement et qu'il ne fournit pas les moyens nécessaires aux communes. Il faut que les instituteurs soutiennent davantage les élèves en difficulté. Les communistes demandent aussi la création d'une école polytechnique pour tous les enfants jusqu'à 16 ans pour éviter toute forme de discrimination.

Des mesures sont nécessaires pour lutter contre le chaos sur les routes. Ali Ruckert exige aussi la suppression des taxes de stationnement.

Certaines promesses du collège échevinal correspondent à ce que demandent les communistes: l'installation d'abribus à tous les arrêts, informations sur le temps d'attente, etc. Les transports en commun doivent être soutenus, devenir entièrement publics et mis à la disposition des citoyens gratuitement. Cela permettrait d'éliminer les salaires faibles que paient les entreprises privées. Ali Ruckert demande en outre que les représentants auprès du TICE s'engagent à recruter davantage de chauffeurs. Car les chauffeurs actuels multiplient les heures supplémentaires avec des répercussions négatives sur leur vie privée.

Pour ce qui est des autres projets, Ali Ruckert prendra position au fur et à mesure qu'ils seront présentés au conseil communal.

Le budget 2018 est celui de la majorité et non des communistes. Les priorités ne sont pas les mêmes. Ali Ruckert ne l'approuvera pas.

2. Finances communales

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) remercie tous ceux qui ont participé à la réalisation du budget et qui garantissent un service public de qualité. Il salue le fait que l'endettement communal soit devenu plus transparent et que le collège échevinal ne joue plus avec la ligne de crédit. Que la dette par tête d'habitant ait baissé montre que la situation financière est saine. Cependant, il faut expliquer pourquoi. Lancer quelques termes ne suffit pas pour transformer la politique pratiquée.

Les recettes en provenance des loyers augmentent grâce à une politique remontant à plusieurs années. Les répercussions d'une politique active ne laissant pas la main libre au marché sont positives.

Les subsides — par exemple pour le 1535°, où l'État prend enfin ses responsabilités — constituent un autre élément important.

Vient ensuite la réforme des finances communales grâce à laquelle la commune touche 12,2 millions d'euros en plus. Il faut désormais faire en sorte que ce montant soit investi en faveur du bien-être des citoyens à long terme.

Toutefois, la situation financière positive de la commune repose aussi sur des choix politiques négatifs. Pendant des années, le collège échevinal a fait des économies sur le personnel. Heureusement, le budget 2018 prévoit des recrutements. Mais ils ne suffisent pas. À cause de la privatisation d'Aquasud, le personnel n'est plus recruté par la commune et touche un salaire modeste. De ce fait, le roulement est important. On recourt même à des intérimaires. Et s'il le faut, on ferme la piscine en plein air.

Au cours des dernières périodes législatives, le collège échevinal a augmenté les taxes à plusieurs reprises. Cependant, le prix de l'eau ne distingue toujours pas entre les besoins minimaux de chacun et le gaspillage de certains. L'eau n'est pas un simple produit de consommation et il ne faut donc pas essayer à tout prix de rentrer dans ses frais. Certains projets, comme le CID, ont été repoussés.

Une autre raison pour la bonne situation financière est que la commune n'a pas investi dans la construction publique d'apparte-

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ma ech soen Iech och Merci, Här Ruckert.

Da géif ech der Madame Christiane Brassel-Rausch d'Wuert ginn. Ah, neen, Pardon, den Här Diderich, w.e.gl. Ech hat scho viraus geduecht.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Merci, Här Buergermeeschter, léif Kollegen a Kolleeгинnen aus dem Gemeindegrot, léif Press, och vu mir als Vertriebder vun Déi Lénk ee Merci un all déi, déi um Budget an iwwert d'ganz Joer am Sënn vum Bierger schaffen an e qualitative Service public garantéieren.

Et ass positiv, dass d'Scholdelag vun der Gemeng méi transparent ginn ass an net méi mat der Ligne de crédit gespillt gëtt. Dass d'Verscholdung pro Kapp net eropgaang, mä erofgaang ass, weist, dass d'finanziell Situatioun vun der Gemeng duerchaus gesond ass.

Mä bei den Erklärungen, firwat dat esou ass, ass et mir wichteg, méi an den Detail ze goen, wéi just Stéchwierder opzelëschen. Well et ass wichteg ze verstoen, fir kënnen ze transforméieren a méi wéi Gestionspolitik ze maachen.

Positiv Elementer sinn zum Beispill, dass méi Loyerer erakommen duerch eng Politik, déi iwwer laang Jore gemaach ginn ass. Wou een ëmmer méi gesäit, wat d'positiv Repercussione sinn, wann een eng aktiv Politik mécht, wou ee selwer en Acteur ass als Gemeng, als ëffentlech Hand an net alles dem Marché iwwerléisst.

En anert Element ass dat vun de Subsidien, déi erakomm sinn, zum Beispill fir de 1535°C a fir aner Projeten, wou mir investéiert hunn, a wou de Stat dann och en Deel vu senger Verantwortung endlech iwwerholl huet.

E ganz wichtigen Aspekt ass d'Gemeindefinanzreform, déi dozou féiert, dass mer 12,2 Milliounen Euro méi am Budget hunn. Dat ass e bedeitende Montant, an et geet elo drëm, deem esou anzesetzen, dass en dem Bierger laangfristeg zegutt kënnt.

Mä et muss een och soen, op wéi enge, aus eiser Siicht, negative politesche Choixen des positiv Finanzlag och deelweis baséiert. Et ass jorelaang beim Personal gespuert ginn. Net vill Leit hu vill Aarbecht misse maachen. Positiv un deem Budget ass, dass een déi finanziell Schifflag endlech ugeet a weidert Personal rekrutéiert. Dat ass ganz wichteg, an et gëtt héich Zäit dofir.

Eng Aspuerung beim Personal gëtt awer an deem Budget net redresséiert. Et ass dës d'Privatisierung vum Aquasud, déi dozou gefouert huet, dass d'Personal zënter Joren net méi vun der Gemeng agestellt gëtt, vill méi modest Sallairé kritt an de PPP-Modell dann dozou féiert, dass vill Schwankunge beim Personal sinn, bis hin zu Interim-Personal, an dass d'oppe Schwämm am Zweifelsfall éischter zougemaach gëtt wéi op. Wat déi lescht Saison fir jiddereem bemierkbar war.

Och sinn an de leschten zwee bis dräi Mandatsperioden ëmmer erëm Taxenerhéijunge komm, déi sech op dese Budget nach ëmmer auswierken. An do och nach ëmmer keng Staffelung, zum Beispill vum Waasserpräis, virgesinn ass. Dat heescht, weiderhi gëtt keen Ënnerschied gemaach tëscht dem deegleche minimale Besoin fir jiddereen an der Verschwendung vum Waasser, wat e wichtige Bien commun ass, mat deem ee ganz verantwortlech soll ëmgoen an awer och net als Wuer soll ugesinn. An déi Richtung steiere mer awer hi mat engem käschendeckende Waasserpräis, wann een deem Dogma blann noheet.

Eng Rei Investitiounen, déi batter néideg sinn, sinn a Verspéidung a scho laang iwwerfällg. Wéi eben nei Ateliere fir de CID. Déi mussen esou schnell wéi méiglech kommen an dierfen net nach e Budget verschleefen ginn.

Schlussendlech gëtt et ee bedeitende Grond, firwat d'Situatioun kuerzfristeg esou gutt ass a laangfristeg manner gutt wéi dat, wat méiglech wär. Et ass verpasst ginn, Suen an den ëffentleche Wunnengsbau ze investéieren, och, awer net nëmmen, an de soziale Mietwunnengsbau. Well och dat wär wéi aner Projeten, wéi zum Beispill de 1535°C, eng Investitioun, déi laangfristeg duerch Loyere méi Recettes ordinairé géif erabréngen.

2. Finances communales

Virun allem géifen dës Investitiounen op een urgente soziale Besoin äntweren a wärend esou net nëmme finanzwirtschaftlech, mä och volkswirtschaftlech sënnavoll.

An ech weisen nach eng Kéier drop hin, dass sozial Mietwunnengen net musse bedeuten, dass méi sozial schwach Bierger an enger Gemeng konzentriert ginn, mä grad doduercher, dass d'Gemeng et selwer mécht, eng geziilt Verbesserung vun der Situatioun vun eiser aktueller Populatioun, well dann d'Gemeng nieft dem soziale Kritär och Kritäre vun Anciennetéit vun de Bierger an Unzuel vu Kanner als Kritäre kéint festleeën. Wann also manner Leit ze vill Sue bezuele fir eng adequat Plaz fir hir Kanner, dass se a Rou kënnen spielen a léieren, ginn eis Schoulen, eisen Office social entlaascht. An eis lokal Geschäftswelt kéint och dovunner profitieren.

Ech bedauern an deem Sënn nach ëmmer, dass meng Motioun fir d'Ulounen an d'Verlounen vu Wunnengen, souwuel fir Leit, déi d'Kritäre fir sozial Mietwunnengen erfëllen, wéi zur gläicher Zuel och fir Bénéficiaires de protection internationale vu soss kengem am Gemengerot ënnert der viregter Period gestëmmt ginn ass. Obwuel jo haut och d'LSAP an d'KPL gesot hunn, dass et méi sozial Mietwunnenge sollte ginn.

Dobäi géif een de Wunnengsnoutstand, dee jidderee betrëfft, an de Mangel vu Foyere vu Flüchtlingen an de Grëff kréien. Well ënnert anerem gëtt et net genuch Plazen an de Foyere fir Flüchtlingen, well schonn iwwer 400 Leit de Statut vum BPI zwar hunn, dat heescht, déi normal kéinte schaffen a wunne wéi all aner Bierger hei am Land, mä se fannen näischt. An dofir plënnere se net eraus. An déi Motioun, déi ech gemaach hat, huet näischt anescht gefrot, wéi déi Circulaire vum Ministère ëmsetzen an e Bäitrag ze maachen. Wann nämlech all Gemeng dat géif maache fir och déi dote Phas vun der Integratioun, awer och vum soziale Wunnen, géif déi Laascht op jidderee verdeelt ginn.

Wou et ëm den Office social gaangen ass an der leschter Versammlung, huet den Här Schwachtgen, zum Beispill, gesot: „Et musse méi Moyenen an d'Stied wéi Déifferdeng fléissen“. Mä et muss ee soen, dass dat mat deenen 12,2 Mil-

liounen Euro elo geschitt. An d'Fro ass: Wat maache mer domatter? Do gesi mir als Déi Lénk zwar Usätz an dësem Budget, awer nach net déi Akzenter fir eng aktiv Sozialpolitik, déi op der Héicht vun de sozialen Erausforderunge wär.

Et ass zwar ze begreifen, dass de Budget fir de CIGL vu 50.000 op 250.000 Euro eropgeet, eng bedeitend Augmentatioun, mä et muss een awer och soen, dass de Modell vum CIGL keen Allheilmittel ass. E schafft net vill durabel Aarbechtsplazen, an d'Leit riskéiere weiderhin an esou Mesurë ronderëm ze dréien. Dat wëll keen. Et ass awer d'Realitéit, wéi mer wëssen, dass se do ass.

Anescht wéi den Här Ruckert gesot huet, sinn et net primär jonk Leit, déi beim CIGL ënnerkommen. Mä do ass et awer d'Déifferdenger Gemeng, déi iwwer CAE-Kontrakter, also de Contrats d'appui à l'embauche, ganz aktiv ass, sou aktiv wéi keng aner Gemeng, wat mir och begreifen.

Och muss een transparenzhalber soen, wat de CIGL ugeet, dass d'Gemeng zum Deel eng Rei Aarbechte méi bëlleger iwwert de CIGL gemaach kritt, wéi wann d'Gemengeservicer et selwer géife maachen, oder wéi wa se géifen iwwer e private Betrib gemaach ginn.

Firwat zum Beispill net eng Kooperativ mat initiéieren, wou fir d'Installatioun an d'Ennerhaltung vu Spillplaze fir Kanner zoustänneg wär, an dat iwwert de Statut vun der SIS, an esou fest, durabel Aarbechtsplaze schafen? Iwwert de Wee kéint ee méi eng Konzeptaarbecht an eng Expertis opbauen, fir, zum Beispill, bei de Spillplaze Richtung Naturspillplazen ze goen. Dat kéint dozou bäidroen, dass bei de Spillplazen net méi nëmmen op Quantitéit géif gesat ginn, mä och op Qualitéit. Also en Aménagement, wat mat a fir d'Kanner gemaach gëtt, an net einfach aus dem Katalog, wéi dat leider ze oft de Fall ass.

Mir begreifen deementspreechend déi Investitiounen am Beräich vun de Spillplazen, mä weisen nach eng Kéier drop hin, dass e Spillpädagog mat erunzezéien, ganz wichteg ass, fir dass déi Investitiounen och wierklech de Kanner zegutt kommen, an net verschidde Spillplazen eidel bleiwen, oder déi de Kanner net wierklech dee Raum ginn,

ments. Or cela aurait représenté un investissement à long terme tout en répondant à un besoin social urgent. En plus, construire des appartements sociaux à louer ne signifie pas concentrer des personnes dans le besoin dans une commune. Car d'autres critères comme l'ancienneté ou le nombre d'enfants pourraient jouer. Et dès que ces personnes ne devront plus payer trop cher leur logement, l'office social et les écoles seront soulagés. Sans oublier que les commerçants locaux en profiteraient aussi. Dans ce contexte, Gary Diderich regrette que sa motion visant à louer des appartements pour les personnes dans le besoin et les bénéficiaires de protection internationale n'ait été approuvée par aucun conseiller communal. Et cela malgré le fait que le KPL et le LSAP demandent aujourd'hui des appartements sociaux à louer.

Ces mesures permettraient aussi de lutter contre le manque de logements et le manque de places dans les foyers pour réfugiés. La motion de Gary Diderich n'exigeait rien d'autre que ce que la circulaire du ministère ne demande déjà.

Lors des débats sur l'office social la dernière fois, M. Schwachtgen a dit que les villes comme Differdange avaient besoin de plus de moyens. Or la commune touche 12,2 millions de plus. Il reste à voir ce qui sera fait de cet argent.

Que le budget du CIGL passe de 50 000 € à 250 000 € est une bonne chose, mais le CIGL n'est pas une panacée, car il ne crée pas d'emplois durables. Le CIGL n'emploie pas prioritairement des jeunes, mais la Ville de Differdange propose de son côté plus de CAE que n'importe quelle autre commune. Dans un souci de transparence, il faut aussi dire que le CIGL réalise des travaux pour la commune à un prix plus faible que les services communaux ou des entreprises privées. Pourquoi ne pas plutôt confier l'aménagement des aires de jeux à une coopérative avec le statut de SIS et miser sur la qualité au lieu de la quantité? Gary Diderich salue l'installation d'aires de jeux, mais voudrait que l'avis d'un pédagogue soit demandé. Car autrement, ces aires de jeux risquent de rester vides.

2. Finances communales

Differdange doit aussi prendre ses responsabilités pour ce qui est des sans-abris et des addictions. L'année dernière, 11 sans-abris de Differdange ont trouvé refuge à Abrisud à Esch. Or le budget ne prévoit rien de concret.

Le bourgmestre s'investit enfin pour que le ProSud devienne une plateforme de coordination régionale en matière de politique sociale. Mais pourquoi seulement maintenant? Si Gary Diderich voulait être optimiste, il dirait que cela permettrait aux 11 communes du sud d'être plus efficaces que si elles agissaient seules. Mais sans budget, cela ne servira en fait qu'à repousser les mesures jusqu'au prochain exercice.

M^{me} Pregno a mentionné le plan communal de la jeunesse. Mais comme tous les ans, M. Diderich se demande où il est. Ce plan est censé définir des objectifs sur la base d'un état des lieux. Il aurait dû être réalisé il y a dix ans. Or le bourgmestre ne le lui a jamais remis, comme il ne lui a toujours pas remis l'accord de coalition pourtant promis. Ce plan existe-t-il? Ou bien le collègue échevinal est-il d'avis qu'il n'est pas nécessaire? Pour en réaliser un, il faudrait en tout cas un service jeunesse avec des employés ayant les compétences nécessaires.

Gary Diderich souhaite fournir un exemple concret de l'utilité d'un tel plan. Car il existe des communes lançant des initiatives dans l'intérêt des jeunes. À Esch, le plan communal de la jeunesse a montré que certains ne vont pas s'informer dans les maisons des jeunes, car celles-ci ne sont pas considérées comme des espaces neutres par tous. C'est pourquoi les maisons des jeunes ne peuvent pas suffire dans les grandes communes. À Esch, la commune a réagi et créé des points pour jeunes. Le succès est tel que même des jeunes de Differdange en profitent. Gary Diderich salue le fait que le service à l'égalité des chances compte enfin deux collaborateurs. Il espère qu'il n'y aura plus d'interruptions.

(Interruption)

Gary Diderich répond qu'une grosse peut être la raison d'une telle interruption. Mais le service a besoin de stabilité. Il est dommage

fir sech kreativ esou auszedrécken an ze betätegen, wéi dat néideg wär.

Wat och feelt, ass, dass och mir als Gemeng Déifferdeng eis Verantwortung iwwerhuelen, wat d'Obdachlosegkeet an d'Suchtproblematik ugeet. Bis zu eelef Sans-abrië sinn am leschte Joer am Abrisud zu Esch ënnerkomm, déi vun Déifferdeng komm sinn. Mir kritiséieren, dass am Budget näischt Konkretes heifir virgesinn ass.

Mir begrëssen, dass de Buergermeeschter endlech aktiv dozou bäidroen wëll, dass de ProSud endlech eng Plattform gëtt, wou och eng regional Koordinatioun vun der Sozialpolitik gemaach gëtt, mä ech froe mech: "Firwat elo eréischt? Firwat hunn déi viregt Majoritéiten net schonn an déi Richtung geschafft? Firwat huet de ProSud schonn x Zich verpasst, fir an deem Beräich Akzenter ze setzen an tëscht deenen eelef Südgemengen eng Koordinatioun ze maachen?"

Dës Approche riskéiert zu enger weiderer Verschleefung ze féieren, fir dass d'sozial Verantwortung méi solidarisch zwëschent de Gemenge verdeelt gëtt. Wann ech optimistesich sinn, féiert et dozou, dass mer endlech méi large weiderkommen, wéi wa verschidde Gemengen eenzel Initiativen huelen. Mä fir dass een déi kann huelen, an dass et net ze laang dauert, muss een op jidde Fall emol e Budget virgesinn, well soss verschleift een et erëm op deen nächsten Exercice.

Souwuel de Budget wéi och d'Madame Pregno schwätze vun engem Weiderschaffen um Plan communal jeunesse. Wéi all déi aner Jore muss ech froen: "Wou ass dann dee Plang?" D'Instrument Plan communal jeunesse ass grad eent vun enger Politik, déi d'Ziler definéiert opgrond vun enger Bestand-sopnam. Dëst hätt eng Kéier sollte gemaach gi sinn, virun iwwer zéng Joer. Mä de Buergermeeschter huet mir dee Plang grad sou wéineg ginn iwwert all déi Joren, wéi e mir déi definitiv Versioun vum Koalitiounsaccord wéi versprach laanscht bruecht hätt.

Meng Fro ass also: "Gëtt dann elo esou ee Plang gemaach? Oder ass d'aktuell Majoritéit der Meenung, wéi déi viregt, dass ee weess, wat vun Aktivitéite gemaach gëtt, an dat einfach ouni Plang

ze maachen?" Da kommt, mir nennen dee Posten einfach „Activités en faveur de la jeunesse“, oder sou ähnlech. Mä esou ee Plang opzestellen, wär mir léiwer. An dofir bräicht een e Service jeunesse mat de richtege Leit, déi esou eng konzeptuell Aarbecht, Netzwierk-aarbecht, mat alle Servicer an Akteure kéinte maachen an och eng Evaluatioun vun deenen Ziler, déi ee sech gesat huet.

Ech ginn Iech ee ganz konkret Beispill, zu wat fir positive Mesuren esou ee Plang ka féieren. An dat Beispill weist an engems, dass et Initiative gëtt vun anere Gemengen, déi och eise Jonken zegutt kommen.

Zu Esch ass duerch de Jugendkommunalplang erauskomm, dass eng Rei Jonker net an d'Jugendhaus ginn, fir sech ze informéieren. Well quasi, egal, wéi gutt ee sech uleet, kee Jugendhaus als neutrale Raum wouer geholl gëtt vun all de Jonken, an net all Jonke sech dovunner wäert ugesprach fillen an dohinner wäert goen. Dofir kann a grouse Gemengen d'Jugendhaus net deen eenzege Lieu sinn, wou d'Jugend-informatioun stattfënnt. Zu Esch hu se dofir e Point pour jeunes, opgrond vun där Feststellung duerch dee Jugendkommunalplang, opgebaut. An de Succès vum PIJ beweist, datt och eng ganz Rei Jonker vun Déifferdeng dovunner profitéieren.

Am Beräich vun der Chancëgläichheet begrësse mir, dass endlech eng Equipp vun zwee Leit mat voller Dynamik hir Aarbecht ugeet. A mir hoffen, dass net erëm eng Ënnerbriechung kënnit duerch Ëmstänn, déi kee wëll. Mir hoffen, dass déi ...

ENG STËMM:

Schwanger.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Zum Beispill. Bon, dat wëlle verschidener jo. Mä mir hoffen, dass mer méi Stabilitéit an dee Service vun der Chancëgläichheet kréien. A mir begrëssen, dass och déi néideg Mëttelen dofir virgesi sinn.

2. Finances communales

Et ass schued, dass an de Jore virdu verschidde Saache verpasst gi sinn, a mer elo eréischt ufänken, de Formatiounsprogramm ëmzesetzen, deen am Fong viru fënnef Joer oder méi schonn ausgeschafft ginn ass mat e puer Gemengen, fir d'Personal an de Structures d'accueil am Beräich Gender an Diversitéit auszebilden.

Aner Gemengen hunn an der Zwëschenzäit schonn hiert komplett Personal an deem Beräich forméiert. Ech fäerten, dass mer en ongëschtegen Timing hunn, well ganz vill scho vum Personal gefuerdert gëtt am Beräich Weltatelier, do vill Formatioune sinn an do d'Aart a Weis an och d'Ramebedéngunge bis elo net ideal waren.

Wann d'Personal op Reunionen fir d'Elteren eriwwerbréngt, dass eppes kënnt, wat éischter mat Bedenke verbonne gëtt, ass dat kee gudder Point de départ. An d'Verantwortung dofir kann een net nëmmen dem Personal ginn. Et muss ee vill méi froen, wéi hinnen dat vermittelt ginn ass. Grad bei esou enger bedeitender Ännerung wéi e pädagogescht Konzept vum enger Maison relais muss een op d'Kommunikatioun ganz gutt oppassen. Wat kënnt beim Personal un? An herno: Wat kënnt bei den Elteren un? A kënnt dat och bei de Kanner un? Et däerf net dozou féieren, dass Kanner, déi virdu gären an d'Maison relais gaange sinn, dat net méi esou gär maachen.

Mir stinn hannert deem Konzept. Mä mir soen, dass et néideg ass, dat anescht unzegoen, anescht ze vermittelen an d'Rahmebedéngungen ze verbessern, fir et ëmzesetzen.

Da kommen ech op den Aspekt zeréck vun de Wunnengen a vun den Investitiounen an d'Wunnengen. Et si 5 Milliounen Euro fir den Akaf vun Immeubles virgesinn. Mä dovunner sinn, nom Akaf vum Lommelshaff, dem Ikkuvium an dem Geschäftslokal an der avenue Charlotte nëmmen nach 1,7 Milliounen Euro iwwreg.

Ech erënneren drun, dass an der leschter Mandatsperiod d'Logementskommissioun unanime, also all d'Parteien, en Avis un de Schäfferot ginn huet, fir 5 Milliounen Euro nëmme fir sozial Mietwunnenge virzegesinn. Dorop ass ni eng Äntwert vum Schäfferot komm. An

trotz engem ambitiëse Koalitiounsaccord am Beräich Logement gesäit een an deem Budget nach keng bedeitend Akzenter. Ausser dem Lommelshaff, wou mer awer nach net ganz genee wëssen, wat domat gemaach gëtt, an deene scho méi laang geplangte Wunnenge fir Jonker um Site Arboria ass soss näischt virgesinn. Grad esou am Beräich vun den Terrainen, wou ee mat enger hallwer Millioun Euro net kann aktiv Gebrauch vum Virverkafsrecht maachen, wéi dat och am Koalitiounsaccord steet.

Ech hätt eng ganz konkret Fro zum Recyclingspark. Do hunn ech héieren, dass eng Refacturatioun gemaach gëtt un de Bierger, well et elo dorop limitéiert soll sinn, dass een eng Faart pro Woch mat x Meterkibb däerf maachen. Ech wollt froen, wat do virgesinn ass, an ob mir als Gemengerot bei all Adaptatioun vum esou enger Tax gefrot ginn. Well zum Deel kann dat derzou féieren, dass een da méi oft fiert a souzoe méi Verkéier produzéiert, wéi wann ee just bei der Fréijorsbotz zweemol fiert, amplaz all gudder Mount eng Kéier oder all Woch eng Kéier mat verschiddene Saachen ze fueren.

Dann zu engem ganz wichtege Thema, dem PAG, wou et héich Zäit gëtt. De Stéchedatum ass den August. Den Här Schwachtgen huet hei, an dat begrëssen ech, vu Biergerbedeelegung geschwat. Mä ech hunn awer d'Gefill, dass mer do leider ganz wäit dovunner ewech sinn. Mol als Conseiller hu mir wéineg Informatiounen. Ech hat se virum Summer dräimol schréfftlech gefrot a se ni kritt. Ech sinn ëmmer verträischt ginn, dass gekuckt gëtt, wat vun deenen Informatiounen, déi iwwer Jorzéngte mat ëffentleche Suen zesummebruecht gi sinn, dann dierft un e gewielte Conseiller goen. Ech hoffen, dass dat elo net esou laang gekuckt ginn ass, an dass dofir net konnt um PAG geschafft ginn. Dat war jiddefalls net meng Absicht.

Zum Parking Contournement wollt ech och Froen opwerfen: Firwat, no etlechen Etüden, déi jo awer eppes kascht hunn, wou Concourse gemaach gi sinn, wou Projete virleien, elo erëm alles a Fro gestallt gëtt? D'Plaz a Fro gestallt gëtt, an et erëm eng Kéier an Negociatioune geet? Wou den Här Muller jo och scho gesot huet, dass d'Chancen net all ze gutt ausgesinn. Wéivill Suen hu mer

que le programme de formation prévu il y a cinq ans pour former le personnel des structures d'accueil au thème de la diversité ne soit mis en place que maintenant.

Par ailleurs, le moment n'est pas bien choisi, car le personnel de Differdange suit déjà de nombreuses formations concernant le «Weltatelier». Par ailleurs, le personnel semble communiquer ses inquiétudes aux parents lors des réunions d'information. Mais la faute n'en revient pas seulement au personnel. La communication est essentielle lorsqu'on change de concept pédagogique dans une maison relais. Qu'en pense le personnel? Qu'en pensent les parents? Qu'en pensent les enfants? Il ne faudrait pas que des enfants qui aimaient aller en maisons relais ne veuillent plus s'y rendre.

Cinq-millions d'euros sont destinés à l'acquisition de logements. Mais si l'on enlève le Lommelshaff, l'Ikkuvium et le commerce de l'avenue Charlotte, il ne reste que 1,7 million d'euros. Or la commission du logement a demandé au collège échevinal d'investir cinq-millions d'euros dans les logements sociaux à louer. Le collège échevinal n'a jamais répondu et les seuls deux projets importants du budget sont le Lommelshaff et l'immeuble pour jeunes à Arboria.

Pour ce qui est du centre de recyclage, il est question d'une refacturation aux citoyens, qui ne peuvent plus se rendre au centre qu'une fois par semaine avec un nombre limité de mètres cubes. Le conseil communal devra-t-il approuver la nouvelle taxe? Est-ce que limiter le nombre de mètres cubes n'entraînera pas une augmentation du trafic puisque les gens devront se rendre plus souvent au centre de recyclage?

Le PAG devra être terminé en aout. M. Schwachtgen a parlé de participation citoyenne, mais on en est loin. Même les conseillers communaux n'ont que peu d'informations. Le collège échevinal a expliqué à Gary Diderich qu'il devait voir quelles informations pouvaient lui être communiquées. Il espère que cette question n'a pas retardé la réalisation du PAG.

Pourquoi l'emplacement du parking du contournement est-il remis

2. Finances communales

en question? Combien d'argent la commune va-t-elle perdre si ce projet n'est pas réalisé? Et pourquoi aménager le parking du côté où il faudra traverser la rue pour atteindre la gare?

En revanche, Gary Diderich salue les mesures de «carsharing» et le développement de Vël'OK. Cependant, il existe des systèmes de location de vélos sans stations et donc plus flexibles. Bien entendu, il faut délimiter une zone pour éviter que ces vélos ne soient abandonnés n'importe où. Pour ce qui est du «carsharing», il existe des systèmes fonctionnant par applications mobiles. Gary Diderich voudrait en savoir plus sur le système choisi par le collège échevinal. Est-il compatible avec celui des CFL ou avec d'autres?

Pour ce qui est des infrastructures, comment est-il possible que l'on réfléchisse à un agrandissement d'Aquasud ou à une deuxième piscine? Aquasud n'aurait-il pas été planifié comme il faut? Ou bien la population croît-elle beaucoup plus vite que ce que les responsables politiques prévoyaient? Sur combien d'années la capacité d'Aquasud a-t-elle été calculée? En plus, le lycée n'est pas une surprise.

(Interruption)

Gary Diderich rappelle que d'après M. Meisch Aquasud devait être construit en prévision du futur lycée et que cela engendrerait des recettes.

Déi Lénk salue les investissements dans les écoles, les infrastructures d'accueil, le sport et la culture. La population doit cependant pouvoir participer activement — notamment en ce qui concerne Esch 2022. Le développement d'une commune doit reposer sur les réalités de sa population et ses besoins. Déi Lénk a une vision pour rendre Differdange attractive pour les visiteurs, les personnes qui veulent y emménager et pour les habitants. Cette vision englobe tous les domaines, que ce soit la culture, le social, le tourisme, l'éducation ou le commerce.

Differdange est aussi une ville où vivent beaucoup d'enfants. C'est pourquoi déi Lénk a une vision de Differdange en tant que ville pour les enfants. Differdange se trouve dans une dynamique positive. Il

do schonn dran investéiert? Wéivill dovunner gi verluer, wa mer de Projet elo ganz a Fro stellen? An ass et sënnvoll, e Parkhaus, wou jo och e Knotenpunkt vun der Mobilitéit kéint kommen, op déi Sait ze setzen, wou eng Strooss tëscht dem Parking an der Bunn wär?

An der Mobilitéit begrëisse mir, dass mer mat Déifferdeng endlech a Richtung vu Carsharing ginn. An och dass d'Vël'ok an d'Vëloen ausgebaut ginn. Bei deenen zwee froe mer eis awer, wéi ee Modell do wäert ausgewielt ginn. Beim Vël'ok ass et jo relativ kloer. Dee wäert wärscheinlech tel quel ausgebaut ginn. Et gëtt awer bei de Vëloer mëttlerweil aner Systemer, déi méi flexibel sinn, wou een net onbedéngt muss Statioune bauen, fir dass Vëloer kënnen benotzt ginn, vun engem Punkt A bis bei e Punkt B. Et kann een do mëttlerweil iwwer Applikatiounen um Smartphone fueren, wou een de Vëlo op iergendenger Plaz am ëffentleche Raum hält, op eng aner Plaz fiert an erëm ofstellt. An da mat engem aneren Transportmëttel weider geet, wou an Zwëschenzäit de Vëlo erëm ka benotzt ginn.

Do muss een natierlech oppassen, dass een e gewëssenen Zonage mécht. Well déi Leit gi jo identifizéiert, dass de Vëlo herno net um Bierg steet, an do, sou bal ee laanscht kënnt, de Vëlo erëm mathëlt. Dat heescht, do muss ee kloer reglementéieren, wou dat da kann de Fall sinn, a wou net.

Virun allem, well nach guer kee System en place ass, wëll ech déi Ureegung beim Carsharing maachen. Do gëtt et och dee Modell iwwert esou Applikatiounen, wou een net muss ëmmer oppassen, op wéi eng Plaz an der Gemeng ech den Auto bréngen, a wéi ech erëm vun där Plaz enzwousch anescht hkommen. An do wollt ech froen, wat de System ass, an awéiwäit deen och mam System vun enger CFL oder anere vernetzt kéint ginn, respektiv engem, deen och an der Stad scho leeft.

Wat d'Infrastrukturen ugeet, froe mir eis, wéi et kënnt, dass iwwert en Ausbau vum Aquasud nogeduecht gëtt, respektiv iwwert eng zweet Schwämm. Den Aquasud ass net virun allze laanger Zäit gebaut ginn. Mir froen eis, ob deen dann net adequat geplangt ginn ass. Ass de Wuesstum an der Gemeng wierklech esou vill iwwert deem, wat

d'Politik virgesinn huet, an ass do net genuch gesteiert ginn? Op wéivill Joer war d'Capacitéit vum Aquasud calculéiert?

De Lycée an aner Infrastrukture ware jo awer gewollt a geplangt an net onbedéngt eng Iwwerraschung, déi vum Himmel gefall ass.

(Ënnerbriechung)

Neen, neen. Et ass souguer deemools gesot ginn, wéi e gestëmmt ginn ass: „Mir bauen en...” – dat ass hei gesot gi vum Här Meisch – „...Mir bauen den Aquasud, fir wann de Lycée kënnt. Da wäert och dee kënnen dovunner profitéieren. Och dat wäert Recettë bréngen, och do wäert de Stat sech bedeelegen”. An awer ass en ze kleng.

Mir begrëissen déi Investitiounen am Beräich vun der Schoul, vun de Structures d'accueil, vum Sport a vun der Kultur. Ech ginn net an den Detail an, dee vill Leit hei genannt hunn. Mir wëllen, virun allem am Beräich vun der Kultur, dass d'Bevëlkerung méi agebonne gëtt. Och am Hibleck vun Esch 2022. Et ass wichteg, dass déi Kulturentwécklung net laanscht d'Bevëlkerung gemaach gëtt, mä en lien ass mat der Bevëlkerung.

D'Entwécklung vun der Gemeng muss sech opbauen op de Realitéite vun hirer Populatioun an hire Besoinen. Och op hiren Atouten. Als Déi Lénk hu mir mat de Leit zesummen eng Visioun ausgeschafft, déi d'Gemeng net nëmmen attraktiv mécht fir d'Visiteuren a fir d'Leit, déi op Déifferdeng gezu ginn, oder wou mir wëllen, dass se heihinner ugezu ginn, mä déi och eise Bierger zegutt kënnt. Dës Visioun géif an alle Beräicher Akzenter setzen. Kultur, Soziales, Tourismus, Educatioun a souguer Geschäftswelt.

Déifferdeng ass eng Gemeng, wou vill Kanner wunnen. Dat huet och déi demografesch Etüd gewisen, déi mer hei virgestallt kritt hunn. Mir hu vill ze bidden fir Kanner. Dofir hu mir déi Visioun vun der Kannerstad Déifferdeng ausgeschafft. Déi Visioun kéint fir déi nächst Joren e Leitmotiv si fir Déifferdeng an déi positiv Dynamik, an där mer eis befannen – dat muss een och soen –, verstärken a méi nach op d'Besoinen vun der aktueller Bevëlkerung agoen.

2. Finances communales

Dat géif och am Beräich vun der Geschäftswelt Akzenter setzen. Dozou féieren, dass Geschäfte och nieft engem grouse Centre commercial kéint bestoen am Zentrum. A wa mer an d'Richtung ginn, fir Geschäftslokaler selwer unzelounen oder ze kafen an ze verlounen, ass et wichteg, dass mer kucken, a wéi eng Richtung mer domatter wëlle goen, a mat wéi enge Grënn da Leit bis an den Zentrum vun Déifferdeng géife kommen.

Mä net nëmmen de Beräich vun de soziale Mietwunnngen, wéi ech gesot hunn, soll de Kanner zegutt kommen, och an der Kultur ass ganz vill méiglech. Hei kéint Déifferdeng sech am Kader vum Süden als Kulturhauptstad e spezifeschen Akzent ginn.

Schlussendlech schléissen ech domatter of, dass mer aus enger Rei genannte Grënn, déi kee Geheimnis sinn, well se an eise Wahlprogramm stoungen, well se eis Politik an de leschte sechs Joren och uitgemaach hunn, a mer déi an dësem Budget net gesinn oder net genuch gesinn, dëse Budget net wäerte stëmmen.

Ouni wierklech bedeitend Investitiounen am Beräich vun de soziale Mietwunnngen, ouni e gestaffelte Waasserpräis, ouni e Réckgängemaache vu Privatiséierung kënne mir e Budget, deen op all deene Facteur baséiert, net stëmmen. Och wann eng Rei positiv Akzenter dra sinn, déi mer och nennen an net ausblenden, kënne mir dëse Budget, esou wéi en am Moment virläit, net stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Diderich.

Madame Christiane Rausch-Brassel. Elo ass et awer un Iech.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech beschränke mech op véier Themen, souwéi mer eis dat hei opgedeelt hunn. Fir d'éischt

beschäftegen ech mech mam Enseignement. Eent vun deene wichtigsten Ziler vum Enseignement ass d'Chancëgläicheit fir all Kand. Ech mengen, do si mer eis all eens. All Kand soll, wann et wëll léieren, déi nämmelecht Chancë kréien. Et soll säin zukünftegt Liewe kënnen optimal gestalten. An dat geet nëmmen duerch a mat Bildung.

De Schaffen- a Gemengerot ass sech däers bewosst. Et gi souwuel vill Suen an d'Konstruktioun, dat heescht an déi nei kleng Quartiersschoule gestach, wéi vill Suen an de Fonctionnement vun de Schoule gestach, an et gi vill Suen an den Encadrement vun de Schoule gestach.

Wat d'Konstruktioun ubelaangt, wëll ech just un déi kleng Quartiersschoulen erënneren, déi am Budget virgesi sinn, wéi d'Cité Matendall, d'place Nelson Mandela. Net ze vergiessen déi vill Renovatiounen vun anere Schoulen, wéi zum Beispill d'Etüd fir en neien Turnsall um Bock, d'St. Pierre gëtt vergréissert, Nidderkuer kritt eng nei Sportshal, dat ass schonn alles hei ernimmt ginn, a villes méi.

Och net ze vergiessen, dass d'Dépenses ordinaires fir d'Bësch-Crèche an de Schoulen an d'Luucht ginn.

Wat de Fonctionnement vun de Schoulen ubelaangt, hänkt et heiansdo einfach u Klenggekeeten, wann een dat esou däerf soen, fir dass den Dagesoflag an enger Schoul méi agreabel gëtt, souwuel fir d'Schüler wéi fir d'Enseignanten. Ech denken, dass d'Schoul sech der neier Zäit muss upassen. Dofir ass an de leschte Jore vill an d'Digitaliséierung gestach ginn. Et si Laptoppe kaf gi fir d'Schüler, an et ass vill an d'Infrastruktur gestach ginn, déi ass geupdated ginn. Fir dëst Joer si 15.000 Euro virgesinn, fir Beamer-Weenercher an all Schoul ze kréien. Dat ass eng Nofro vun den Enseignanten, souwuel fir de Préscolaire wéi fir de Primär. Déi Beamer-Weenercher sinn esou Weenercher, wou ee kann duerch d'Schoul dermaten fieren.

D'Schoul muss sech den Erausforderungen stellen, wa se all Kand wëll eng Chance ginn, fir op déi nei Aarbechtswelt kënnen anzegoen a fir sech op déi virzebereeden. Wou mir alleguer, mengen ech, nach guer net wëssen, wat op

faut en profiter pour tenir compte davantage des besoins de la population.

Pour ce qui est des commerces, il faut veiller à ce que les magasins du centre puissent coexister avec le centre commercial. Lorsque le collège échevinal acquiert des surfaces commerciales, il doit réfléchir à la question de savoir quels commerces pourraient attirer les clients dans le centre.

Dans le domaine de la culture, Differdange doit essayer de se démarquer dans le cadre de la capitale européenne de la culture.

Gary Diderich annonce qu'il n'approuvera pas le budget, car il n'y retrouve pas les priorités fixées dans le programme électoral de déi Lénk. Sans des investissements dans la construction d'appartements sociaux, sans échelonnement du prix de l'eau et sans un arrêt des privatisations, il ne peut pas soutenir le budget malgré les notes positives.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG)

commence par l'enseignement et plus particulièrement par l'égalité des chances entre tous les enfants. Pour pouvoir planifier sa vie de façon optimale, il faut une bonne formation. Le collège échevinal en est conscient et investit aussi bien sans les écoles de quartier que dans le fonctionnement de ces écoles. Christiane Brassel-Rausch mentionne notamment la construction des écoles de la cité Mathendahl et la place Nelson-Mandela ainsi que la rénovation de la salle de gymnastique du Bock, l'agrandissement de l'école Saint-Pierre et l'aménagement du centre sportif de Niederkorn.

Les dépenses ordinaires pour la crèche en forêt augmentent. Le fonctionnement d'une école doit viser à rendre le quotidien des élèves et des enseignants plus agréables. Au cours des dernières années, des investissements ont été faits dans la numérisation. En 2018, 15 000 € serviront à acheter des charriots pour les projecteurs. Il s'agit d'une requête des enseignants.

L'école doit relever les défis afin de préparer chaque enfant au monde du travail. Pour le moment, personne ne sait réellement ce qui attend les jeunes à l'avenir.

2. Finances communales

L'encadrement des enfants doit être de qualité. La commune veut soutenir le personnel enseignant. Une mention particulière revient aux projets pilotes de l'école nature et de l'école technique.

Le Science Center, qui a ouvert récemment, constitue un excellent complément à l'enseignement.

Le prix de fin d'année a changé. Avant, les enseignants recevaient 27 € par enfant. C'était trop peu pour une excursion, mais trop pour un livre. Désormais, ceux qui achèteront un livre auront droit à 22 € et ceux qui partiront en excursion à 35 €. Cela permettra de récompenser la motivation des enseignants, qui saluent d'ailleurs cette mesure.

Comme cela a déjà été souligné, les salaires des enseignants ne seront plus financés par la commune, ce qui entraîne une augmentation des recettes de huit-millions d'euros.

La Ville de Differdange a préfinancé l'école européenne et a déménagé dans le cadre du même projet le centre de recyclage en un temps record. Christiane Brassel-Rausch demande des informations concernant le campus scolaire de l'école européenne.

Elle passe aux structures d'accueil, où la qualité joue un rôle tout aussi important. Des investissements conséquents seront consentis en 2018 avec le recrutement de davantage de personnel. Le personnel est garant de la qualité des structures. Christiane Brassel-Rausch rappelle que les crèches de la Ville de Differdange fonctionnent selon le concept de Pikler, où l'enfant est placé au centre. Le personnel a besoin de formation pour se former aux théories du «Weltatelier». Le but est de créer une équipe dynamique et engagée rendant les enfants plus forts. C'est dans ce contexte qu'un renforcement de la collaboration entre les écoles et les maisons relais est important. Il faudrait par exemple que les mêmes règles valent partout.

Ce qui est nouveau, c'est que les maisons relais vont coopérer avec le service à l'égalité des chances pour sensibiliser les enfants à certains problèmes.

L'ancienne villa d'Oberkorn a été assainie pour devenir une maison

déi zukünfteg jonk Leit wäert zoukommen.

Mat deem Zil virun Ae spillt den Encadrement vläicht déi wichtegst Roll. Et soll an et muss e qualitativ héichwärtigen Encadrement sinn. Dofir setzt sech eist forméiert an engagéiert Schoulpersonal an, schonn iwwer Joren. D'Gemeng wëll hinnen zur Säit stoen. Dat gëllt fir all Enseignanten. Ech wëll awer och nach am Enseignement déi Pilotprojeten, wéi d'Natur-schoul Lasauvage, déi am ganze Land e Begrëff ass, déi dëst Joer 30 Joer kritt, an d'Technikschoul ervirhiewen.

Ech denken och un de Science Center, dee jo elo eréischt viru Kuerzem opgaangen ass an absolutt complémentaire zum Enseignement ass, an deem och soll weider ausgebaut ginn.

An deem Sënn ass dann och déi Neierung ze gesinn, dass de Prix de fin d'année fir d'Enseignante geännert ginn ass. Soss war et ëmmer esou, dass all Enseignant zum Schluss vum Joer 27 Euro kritt huet fir all Kand. Dat ass knapps gewiescht, fir en Ausflug ze maachen. Ass awer vläicht ze vill gewiescht, fir e Buch ze kafen.

A fir d'Enseignanten an hirem Engagement a virun allem och an hirer Motivatioun ze ënnerstëtzen, ass gesot ginn: „22 Euro Prix de fin d'année kritt den Enseignant fir all Kand, wa se e Buch kafen, a 35 Euro, wa se en Ausflug maachen”. Ech hu scho vu ville Säiten héieren, dass dat vun den Enseignante wierklech begréisst ginn ass.

Als Bonbon kann een dann nach soen, wat elo schonn iwwerall gesot ginn ass, dass d'Païë vun de Schoulmeeschteren net méi vun der Gemeng gedroe ginn. Wat en Zousaz vun 8 Milliounen Euro ass. Ech schlësse mech deem un.

Et ass wichteg, ervirzehiewen, dass d'Gemeng déi ganz Europaschoul virfinanzéiert huet a gläichzäitig an deem Kontext an enger Rekordzäit e Recyclingzenter geplënnert huet. Meng Froe si folgend: Wéi geet et mam Campus scolaire Europaschoul virun? Kënnt do nach eng Primärschoul fir d'Europaschoul? Wéi gëtt déi finanzéiert, a wéi gëtt dat gehandhabt?

Ech kommen op d'Structures d'accueillir. Do spillt d'Qualitéit genau déi nämmelecht Roll wéi am Enseignement an am Encadrement. An deem Sënn ass d'Qualitéit erëm prioritär, an et gëtt och dëst Joer vill investéiert. Souwuel an d'Structure wéi an d'Betreiung.

Et gëtt méi Personal agestellt, fir an de Structures d'accueillir neit educativt Personal ze kréien, a fir eng héichwärtig educativ Aarbecht ze leeschten.

D'Personal ass de Qualitéitsgarant vun deene Strukturen. Eis Maisons relaise funktionéiere relativ nei, nom Konzept Weltatelier. Dat ass schonn e puermol erläutert ginn.

Eis Crèchen nom Konzept Pikler. Dat heescht, an deene Konzepter steet d'Kand am Mëttelpunkt. A fir déi ganz Konzepter ëmzesetzen, déi jo och zum Deel vun der Oppositioun begréisst ginn, brauche mer einfach méi Personal an de Maisons relaisen. Dat Personal, wat agestellt gëtt, brauch Formatioun fir am Kader vum Weltatelier ze funktionéieren. An et geet och drëm, d'Personal anzebezéien. Et soll eng dynamesch an eng engagéiert Equipp entstoen, fir eis Kanner staark ze maachen.

Dofir ass et och ganz wichteg, dass d'Maisons relaise mat de Schoulen zesummeschaffen, dass déi Zesummenaarbecht verbessert an nach méi intensivéiert gëtt. Zum Beispill, wat d'Regelen an deene jeeeweilege Strukturen ugeet, ob ee sech net soll iwwerleeën, dass souwuel an der Schoul wéi an der Maison relais déi nämmelecht Regeln zielen. Dat ass nach ze gesinn.

Nei ass, dass d'Maisons relaise mam Service à l'égalité des chances zesummeschaffen, fir se op verschidden Themaen ze sensibiliséieren, scho vu Klengem un. Wat d'Konstruktioun ubelaangt, wollt ech nach ervirhiewen, dass do och investéiert gëtt.

Déi al Villa zu Uewerkuer, zum Beispill, gëtt karsanéiert, fir dann erëm Maison relais ze ginn. Et ass eng nei gebaut ginn. Déi geet elo am Fréijoer op, oder soll am Fréijoer opgoen. An engems gëtt eng nei Kiche gebaut, fir d'Essen fir d'Kanner vun der Maison relais zu Uewerkuer ze kachen.

2. Finances communales

Mir stellen eng gewësse Kontinuitéit fest an deem ganze Konzept an ënnerstëtzen et.

Deen nächste Punkt, wou ech drop aginn, ass Loisirs, culture et cultes. D'Kultur ass a wäert och dëst Joer nees en héijen Invest sinn zu Déifferdeng am ale Stadhaus. Dat e Succès huet mat engem Besetzungsprozentsaz, dee sech weise léisst. Ech hu just dee vum virleschte Joer. Dee vum leschte Joer hu mer nach net.

Initiative wéi d'Poppespënnchen op der Zoowaasch, wat nach ganz rezent ass, fanne ganz vill Uklang bei Eltere mat Kanner, awer och vu Leit vun ausserhalb vun Déifferdeng. Dat begrëissen ech.

Och op déi ganz grouss Evenementer, wéi de Blues Express, de Steampunk kommen d'Leit mat an iwwehall hier. An dat soll esou weidergoen.

Mir dierfen och net vergiessen – dat ass och scho gesot ginn –, d'Veräiner an d'Leit mat an déi Evenementer anzebauen. Wat jo och schonn zum Deel geschitt. A wat een am Kader vun Esch 2022 weider soll ausbauen, dass d'Leit mat bedeelegt sinn un deenen Evenementer. Zum Beispill eng Fête multiculturelle ass net méi ewechzedanken, géif ech einfach emol soen.

Trotz der gudder Auslaaschtung vum ale Stadhaus ass gesot ginn am leschte Gemengerot – ech widderhuelen et just einfach –, dass vum Kulturministère nach ëmmer kee Subsid accordéiert ginn ass. Dat heescht, dat Aalt Stadhaus dréit sech selwer, mat der Hëllef vun der Gemeng. Mir begrëissen dat. An ech wëll der Equipp felicitéiere fir hir gutt Aarbecht. Si hunn e Budget kritt vu 15.000 Euro fir Publizitéit. Ech denken, dass et derwäert ass, ze kucken, wou mer hi komme mat deene 15.000 Euro.

(Ënnerbriechung)

Jo. An ob et awer duergeet. Ob et duergeet, d'Publizitéit ...

(Ënnerbriechung)

Neen. Well d'Publizitéit kascht einfach. An doduerch, wa mer wëlle präsent sinn, ...

(Ënnerbriechung)

Mä et muss ee sech awer d'Fro stellen, ob déi Erhéijung vu 15.000 Euro duergeet. Ech géif einfach virschloen, ze kucken um Enn vun dësem Joer, a wann et net duergeet, vläicht dann awer eng Kéier dorunner ze goen.

Wat och ganz wichteg ass, a wat mech perséinlech immens frou gemaach huet, ass de Succès vun der Musekschoul. Wat ech ganz schéi fannen a begrëissen, ass dee Mix vu Jonk an Al, deen do zesummegeet, an och, dass eeler Leit sech kënne weiderbilden, Neies léieren, virun allem an der Kultur. Musek gehéiert jo zu der Kultur. Dat begrëissen ech absolut. Dee Budget ass eropgaangen, ënnert anerem, fir Instrumenter ze kafen.

Da bleiwe mer nach d'Archiven. De Budget vun 100.000 Euro fir Esch 2022 ass wichteg an néideg. Et ass elo, no deenen, mengen ech, villen onnéidegen Turbulenzen an deem Thema, esou wäit, dass déi Responsabel, den Andreas Wagner an d'Janina Strötgen, duerch sämtlech Südgemenge ginn, fir hire Projet virzustellen. Sou dass ech mech freeën, se och eng Kéier kënnen am Gemengerot ze begrëissen, wou se eis da méi Detailler ginn, wat dee Projet Esch 2022 ass.

Zum Schluss kommen ech op de Cultes ze spriechen. Et ass och schonn e puermol erwähnt ginn: fir d'Kierch vu Lasauvage ass e Budget vu 50.000 Euro virgesinn. Déi Kierch gehéiert der Gemeng, wougéint alleguer déi aner Kierche jo an de Kierchefong kommen. Als ganz kleng Remarque wollt ech einfach soen, dass et dann elo vläicht un der Zäit wär, dass och d'Paschtéier e Loyer kéinte bezuelen.

Wat de Logement ubelaangt: de Logement ass zu Déifferdeng wéi am ganze Land e wichtegt an e schwieregt Thema. D'Gemeng engagéiert sech mat héije Chifferen a mat vill Engagement an deem Beräich. „Déifferdeng“, gëtt ëmmer erëm gesot, „soll eng Stad ginn, wou ee schaffen, wunnen a seng Fräizäit verbréngen kann“.

Wat awer dat Wichtegst ass, ass, dass een zu engem abordabele Präis, digne-ment ka liewen an en Ënnerdaach fannen. Et soll eng Liewensstad si fir jid-

relais qui ouvrira au printemps. Elle comprendra une cuisine.

Christiane Brassel-Rausch passe aux loisirs, culture et cultes. L'Aalt Stadhaus peut se prévaloir d'un taux d'occupation conséquent. Des initiatives comme celles du Poppespënnchen sont appréciées des parents et des enfants, mais aussi de personnes n'habitant pas à Differdange. Les grands événements comme le Blues Express ou le Steampunk sont très fréquentés. Il faut aussi veiller à intégrer les habitants et les associations aux manifestations — notamment dans le cadre d'Esch 2022.

Comme cela a été dit, l'Aalt Stadhaus ne touche toujours pas de subside de la part du ministère de la Culture. Il est donc financé par la commune et à travers ses propres revenus. Christiane Brassel-Rausch salue l'équipe de l'Aalt Stadhaus, qui a droit à 15 000 € pour la publicité. Il faudra voir si c'est suffisant. (Interruption)

Christiane Brassel-Rausch constate que la publicité coûte cher. (Interruption)

Christiane Brassel-Rausch estime qu'il faudra voir si une augmentation de 15 000 € est suffisante. Autrement, il faudra intervenir.

Christiane Brassel-Rausch se réjouit du succès de l'école de musique — et particulièrement du fait que celle-ci soit fréquentée par des personnes jeunes et anciennes. Le budget a été augmenté pour acquérir des instruments de musique.

Pour ce qui est des archives, 100 000 € sont destinés à Esch 2022. Après toutes ces turbulences inutiles, les responsables Andreas Wagner et Janina Strötgen se rendront dans les communes du Sud pour présenter leur projet. C'est une bonne chose.

En ce qui concerne les cultes, 50 000 € sont prévus pour l'église de Lasauvage. Contrairement aux autres églises, elle appartient à la commune. Christiane Brassel-Rausch trouve qu'il est temps que les curés payent un loyer.

Le logement est un thème important pour Differdange et tout le pays. On répète souvent que Differdange doit être une ville où l'on habite, travaille et passe son temps libre. Mais il est plus important que

2. Finances communales

L'on puisse y vivre dignement à un prix abordable. C'est pourquoi il est prévu d'acquérir des immeubles à louer ensuite à des prix raisonnables. La commune touche d'ores et déjà quatre-millions d'euros de loyers.

Le premier étage de la Villa Hadir, qui appartient aussi à la commune, accueillera une sorte de guichet unique. Il sera donc loué par l'État. S'y planteront également la Direction générale de l'enseignement fondamental, l'équipe de soutien aux enfants à besoins spécifiques et les instituteurs spécialisés dans le développement scolaire.

Cinq-millions d'euros serviront à acquérir des terrains et des immeubles. Differdange a besoin de logements abordables et de mixité. Cependant, il n'est pas nécessaire de concentrer tous les logements sociaux dans le centre-ville. Christiane Brassel-Rausch rappelle en outre que l'agence immobilière sociale du Kordall connaît un énorme succès. La commune garantit un loyer aux propriétaires. Les locataires ont une maison à un prix abordable. Et les propriétaires jouissent d'avantages fiscaux.

La mesure du crédit-bail n'est pas encore finalisée. Mais il s'agit de la voie à suivre.

La Ville de Differdange dépensera huit-millions d'euros en 2018 pour un immeuble pour étudiants et jeunes en difficulté. Il inclura aussi un foyer du jour inclusif Topolino pour 80 enfants.

Il faudra réfléchir à une taxe sur les immeubles vides et à un cadastre vertical.

Pour toutes ces raisons, la création d'un service du logement est inévitable.

Pour ce qui est du domaine social, le service sénior sera inclus dans le service à l'égalité des chances.

Des mesures seront prises pour réintégrer les chômeurs à longue durée dans le marché de l'emploi. Il s'agit d'une initiative de l'État.

Le CIGL fêtera ses vingt ans. Il permet aussi à des chômeurs de retrouver du travail ce que Christiane Brassel-Rausch salue expressément. Des initiatives comme De Kleng Casino doivent être soutenues. Pour ce qui est de l'Ikkuvium, il faut voir

dereen. An dat ass an deem héije Budget virgesinn, wou d'Gemeng Haiser keeft, wéi, zum Beispill, de Lommelshaff – dat ass och schonn hei ugeschwat ginn –, Wunnengen, Geschäfte, den Ikkuvium. An d'Gemeng soll déi dann zu engem – ech ënnersträichen et – räsoneble Präis weider verlounen, ouni Gewënn drop ze maachen. Fréier huet een dat Profit genannt. Déi 4 Milliounen Euro Loyer sinn och schonn erwähnt ginn, déi erakommen duerch Wunnengen an Haiser, déi der Gemeng gehéieren, a wou se Loyer erakritt.

An deem Zesummenhang wëll ech erwähnen, dass op den éischte Stack an der Villa Hadir, déi jo och der Gemeng gehéiert, sou eng Zort Guichet unique kënnt. Dat heescht, dee ganzen éischte Stack ass vum Lëtzebuerger Stat gelount. Do kënnt dran: D'Direction générale de l'enseignement fondamental, dat ass een Direkter mat dräi Adjunkten, d'Équipe de soutien aux enfants à besoins spécifiques et particuliers, dat war fréier d'Équipe multiprofessionnelle. An et kommen dran d'Instituteurs spécialisés dans le développement scolaire. Dat weist, dass mer an deem Sënn um richtege Wee sinn.

Et ass e Budget virgesi vu 5,5 Milliounen Euro, fir Gebaier an Terrainen ze kafen. Mir brauche bezuelbare Wunnraum, well bezuelbare Wunnraum Mixitéit schaaft. A fir déi Ziler ze erreechen, gëtt de soziale Wunnengsbau weider ënnerstëtzt, mä mir mussen deen net onbedéngt an eisem Zentrum konzentréieren.

Fir bezuelbare Wunnraum kann ee sech asetzen. D'Agence immobilière sociale Kordall huet e risege Succès. Si muss weidergefouert ginn. D'Gemeng huet mëttlerweil ëm déi 76 Wunnengen oder Haiser. D'Zil ass, fir plus ou moins 100 Unitéiten ze kréien.

Wéi de System funktionéiert: D'Gemeng garantéiert de Propriétaires de Loyer. D'Leit kréien en Ënnerdaach zu engem abordable Präis. An neierdénks hunn och ewell d'Propriétaires eppes méi dovunner, si kënnen et nach vun de Steieren ofsetzen.

Eng aner Initiative fir en abordable Wunnengspräis wär nach d'Méiglechkeet vun deem sougenannte Mietkauf, oder Crédit-bail, wat awer nach net

ganz vun der Legislatioun ausgeschafft ass. Dat wier awer absolut de richtege Wee a mengen Aen. Dat heescht, fir jonk Leit, déi e Minimum brauche fir e Prêt, déi dann e kleng Loyer bezuelen, an no zéng Joer wier dat hiert. Ech mengen, op all deene Weeër musse mer weiderfueren.

Um Funiculaire huet d'Gemeng en Haus kaf, mat engem Budget vun 8 Milliounen Euro dëst Joer. Am Ganze ginn et der 11. Do komme Studentewunnengen hin a Wunnenge fir Jonker en difficultés, déi sozial betreit ginn, an Zesummenaarbecht mat der Caritas oder der Croix Rouge. An et kënnt en inklusive Foyer du jour fir Kanner vu 0 bis 4 Joer dohin. An dem Topolino um Rez-de-chaussée an deem Haus an op engem Deel vum éischte Stack soll Plaz si fir bis zu 80 Kanner. Wat net näischt ass.

Mir kéinten eis och vläicht eng Kéier Gedanke maachen iwwert d'Taxe sur immeubles vides an iwwert e Cadastre vertical am Logement.

Aus all deene Grënn an aus all deenen Opzielungen, déi elo nach net exhaustiv sinn, denken ech, dass et absolut noutwenneg ass, d'Schafung vun engem Service logement ze envisagéieren, vu que dass déi Aquisitiounen, wat der jo ëmmer méi ginn, musse geréiert ginn. An dat soll ënnert deene bescht méiglechen Ëmstänn geschéien.

Mäi leschte Punkt ass am Beräich Soziales. Do bleift ze soen, dass de Service Senior an de Service de l'égalité des chances agegliddert gëtt. Weider Mesurë solle geholl ginn, fir d'Chômeurs à longue durée erëm an den Aarbechtsprozess eranzekréien. Dat geet op eng Initiative vum Stat hin.

De CIGL kritt dëst Joer 20 Joer. Hei fannen d'Leit erëm de Sprong an d'Aarbechtswelt. En ass absolut ze begrëssen an auszebauen.

Initiative wéi de Kleng Casino mussen oder solle weider begleet, betreit an ënnerstëtzt ginn, fir dass se zum Schluss e Succès ginn. Et kann ee sech och froe beim Ikkuvium, ob een op dee Wee geet oder net, oder waart, bis Resultater a Konklusiounen gezu gi sinn.

2. Finances communales

D'Allocation de solidarité: do kann ee sech iwwerleeën, ob déi net un d'Allocation de vie chère mam Index ugepasst gött. Wat méi einfach wär.

De Service social ass an eiser Stad gewuess, an e wiest weider. Déi brauche méi Raimlechkeeten. An d'Fro ass, ob een, amplaz se an en anert Haus ze stichen, wat zousätzlech Raimlechkeeten erfuerdert, hinnen net en zweete Stack am Medico zur Verfügung stellt, aus ganz praktesche Grënn, well dann alles op enger Plaz konzentréiert wär.

D'Maison des conflits huet en neien Agrément kritt. Bis elo hat se just Médiation de voisinage gemaach, plus ou moins 20 Joer. Elo wäert se och Médiation socio-familiale maachen. Dee Service funktionéiert opgrond vu Rendez-vousen an net vu Permanenzen.

Den Office social huet en hallwe Poste vun Assistante sociale bäikritt wéinst Surcharge de travail. Och wann domatter d'Dotatioun iwwerschratt ginn ass. An de Service régional d'action sociale huet annerhallwe Poste bäikritt. Dat heescht, et ass e Besoin do.

Et gött eng Evaluatioun gemaach vun der Uni Lëtzebuerg iwwert d'Gesetz vun der Aide sociale, wat vun 1912 un a Kraaft ass, fir ze kucken, wat do funktionéiert oder net.

Ze begrëssen ass dat neit Gesetz vum RMG, deen elo Revis heescht, Revenu d'inclusion social. Dee stellt Ännerungen ...

ALI RUCKERT (KPL):

Et ass nach net duerch d'Chamber.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass nach net duerch.

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG):

Jo, jo, okay. Wann et de Revis bis gött, stellt deen Ännerungen am positive Sënn an Aussicht.

Ech soen Iech am Numm vun deene grénge villmools Merci fir d'Nolauschteren. Mir wäerten dëse Budget stëmmen. An ech soe virun allem och nach all deene Leit Merci, déi beim Ausschaffe vun dësem Budget matgeschafft hunn. Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Madame Brassel-Rausch Christiane. Den Här Fred Bertinelli huet d'Wuert.

FRED BERTINELLI (LSAP):

Léif Kollegeinnen, léif Kollegen, virun net allze laanger Zäit soutz ech hei als Schaffen, fir d'Ressort Sport, Verkéier a Sécherheet. Haut wäert mäin éischte Budget als Oppositionspolitiker sinn, fir iwwert de Budget 2018 ze diskutieren.

Déi, déi mech kennen, wëssen, datt, wou ech Schaffe war, de Sport mer am meeschten um Häerz louch. An dat huet ee jo och gesi bei den Aarbechten, déi mer realiséiert hunn. Et muss ee soen, datt de Sport an deene leschte Joren an eiser Gemeng en anere Stellewäert kritt huet, a mir en och op d'national Bildfläch gesat hunn.

An eiser Gemeng sinn an deene leschte Joren enorm vill Gelder fir Renovierungsarbeiten vun Infrastrukturen an d'Hand geholl ginn, déi batter néideg waren, well mer Strukturen haten, wou Jorzéngten näischt geschitt war.

Och nei Strukturen hu mer op de Wee bruecht mat eise viregte Bauteschaffen, dem Erny Muller, wéi zum Beispill d'Sportshal zu Nidderkuer, d'Renovatioun vun der Uewerkuerer Sportshal, de LIPS, d'LUNEX an net ze vergiessen d'Liichtathletikspist. Déi Aarbechte gi jo och weidergefouert. Wouriwwer mer enorm frou sinn, datt déi Projekte realiséiert ginn.

Projete mat der Mataarbecht vun der LSAP zesummen, oder wou souguer munchmol d'LSAP führend war. A bei deene Projekte si mer ganz frou, datt se weidergefouert ginn. Datt all déi Projekte realiséiert solle ginn, ass fir de Sport an eiser Gemeng enorm wichteg.

si l'on veut se lancer sur la même voie.

En ce qui concerne l'allocation de solidarité, il faut décider si elle doit être adaptée à l'allocation de vie chère.

Le service social a besoin de locaux plus grands. Peut-être pourrait-on mettre le deuxième étage du centre médicosocial à sa disposition.

La maison des conflits s'occupera de médiation sociofamiliale en plus de la médiation de voisinage. Ce service fonctionne sur rendez-vous exclusivement.

Un demi-poste d'assistante sociale a été créé à l'office social pour surcharge de travail. Le service régional d'action sociale a aussi été renforcé d'une demi-tâche.

L'université de Luxembourg est en train d'évaluer la loi sur l'aide sociale de 1912 pour voir ce qui fonctionne et ce qui ne fonctionne pas. Christiane Brassel-Rausch salue la nouvelle loi sur le RMG, qui s'appelle désormais Revis.

ALI RUCKERT (KPL) *signale que cette loi n'a pas encore été approuvée par la Chambre.*

CHRISTIANE BRASSEL-RAUSCH (DÉI GRÉNG) *répond que lorsque la loi passera, elle apportera des nouveautés positives.*

Elle approuvera le budget et remercie tous ceux qui ont contribué à sa réalisation.

FRED BERTINELLI (LSAP) *rappelle qu'il était échevin au sport, à la circulation et à la sécurité. Aujourd'hui, il fait partie de l'opposition.*

Le sport lui a toujours tenu particulièrement à cœur et au cours de ces dernières années, l'image de Differdange a été rehaussée dans ce domaine. La commune a également investi énormément dans la rénovation d'infrastructures. Fred Bertinelli mentionne aussi les nouvelles infrastructures comme le centre sportif de Niederkorn, le LIPS, LUNEX et la piste d'athlétisme. Il se réjouit que tous ces projets soient poursuivis. Les socialistes ont contribué à leur planification. Il faut qu'ils soient réalisés, car le sport est important pour la commune.

2. Finances communales

Plusieurs conseillers communaux ont souligné la mauvaise collaboration avec le ministre de la Culture. Mais d'un autre côté, la commune n'a jamais été autant soutenu financièrement que par le ministère des Sports au cours des quatre dernières années. Fred Bertinelli souhaite bonne chance au nouvel échevin aux sports et espère que les choses continueront sur la même voie. Car il est heureux de voir que Differdange et le LIPS sont cités en même temps que la Coque et le lycée du sport.

Fred Bertinelli rappelle ensuite la construction du nouveau terrain Luna, les vestiaires du Woiwer, l'assainissement du stade Josy-Haupt, les tribunes de Lasawage, le parquet du centre sportif et la salle de boxe de l'école de Differdange. Fred Bertinelli n'a malheureusement pas pu achever la rénovation du Thillenberg. Il demande au collègue échevin de faire son possible pour acquérir le site, car il a une valeur historique, sportive et écologique.

Differdange doit renforcer sa position de ville du sport. Cela aura aussi des répercussions sur l'économie, comme on le voit avec LUNEX et le laboratoire.

Les socialistes sont d'avis que les infrastructures sportives doivent être maintenues en bon état et ne pas attendre aussi longtemps avant de les rénover. Une équipe du CIGL pourrait éventuellement s'en charger. Car plus on attend, plus les travaux coutent cher. Cela se voit pour les infrastructures qui n'ont pas été renouvelées pendant dix ans. En revanche, un entretien annuel permet de limiter les frais.

Si Differdange est devenue «European City of Sport», ce n'est pas seulement grâce à ceux qui ont reçu le drapeau à Bruxelles, mais aussi grâce à ceux qui ont réalisé le projet. Fred Bertinelli espère que ce titre sera honoré en 2018.

Le budget 2018 prévoit un soutien financier et logistique accru pour les associations. Fred Bertinelli est d'avis que le service des sports devrait être renforcé par des personnes ayant une formation sportive.

Il regrette que le bénévolat soit en train de disparaître. La commune

Hei ass virdru vun anerer Säit gesot ginn, wéi schlecht d'Zesummenaarbecht mam Kulturminister war. Hei muss ech awer erwähnen, datt an deene leschte Joren d'Déifferdenger Gemeng nach ni esou vill Sue kritt huet vun engem Ministère wéi déi lescht véier Joer vum Sportsministère. An all deenen Aktivitéiten, an allem, wat mer gemaach hunn, huet de Sportsministère eis méi wéi ënnerstëtzt. An en ass oft a Sitzungen erof op Déifferdeng komm, fir déi Projete weiderzeféieren. Wéi gesot, do-riwwer si mer och ganz frou.

Mir wënschen deem neie Sportsschäfte grad esou eng gutt Hand, an datt dat op deem Niveau weidergeet. Well dat wäert och heeschen, datt Déifferdeng och wäert um nationale Plang sinn. Well et ass eng grouss Freed fir mech, wann een iwwert d'Coque, iwwert de Sportslycée oder iwwert den INS schwätzt, an an deemselwechten Ootemzuch Déifferdeng mam LIPS, mat hirem Labo genannt gëtt. Dat heescht, datt mer aus engem gewësse Schlof erauskomm sinn, an datt mer zu Lëtzebuerg op der nationaler Kaart stinn, wat de Sport ugeet.

Aner Projeten, déi mer realiséiert hunn an där kuerzer Zäit, an deene leschte véier Joren, ass ee komplett neien Terrain op der Luna, Vestiaires um Woiwer, praktesch eng komplett Käranséierung vum Stade Josy Haupt zu Nidderkuer, Tribünen a Vestiaires zu Lasawage, en neie Boxsall an der Schoul zu Déifferdeng. An natierlech en neie Parquet an der Sportshal.

Eppes, wat mer ugefaangen hunn, wat mer och ganz um Häerz louch, ass d'Renovéierung vum Thillebiërg, wat ech leider net ka fäerdeg maachen. Ech wëlt eng grouss Ureegung un deen neie Schafferot maachen: dës Renovatioun weider ze féieren an, wann et nëmme méiglech ass, och deen Areal ze kafen, well et en Areal ass, deen en historeschen, e sportlechen an en ekologesche Wäert fir eis Stad huet. Dofir wär et nëmmen ze begrëssen, wa mer dee ganze Site kéinte kafen, fir dann och dat ze realiséieren, wat mer eis an deene leschte Joren op de Fändel geschriwwen hunn.

Et ass immens wichteg, déi Efforte weiderhin oprecht ze erhalen, fir Déifferdeng a senger Positioun als Sportsstad ze stäerken. Well dat Besch ass: et dréit

net nëmmen e sportlechen Interêt, mä och ekonomesch gesäit ee mat der LUNEX, mat dem Labo, dee mer hei hunn, datt ëmmer méi Leit interesséiert sinn, op Déifferdeng ze kommen, och wat den ekonomesche Beräich ugeet, net nëmmen dee sportlechen.

Och menge mir als LSAP, datt mer déi Sportsinfrastrukturen nach musse weiderféieren a regelméisseg no deene Gebailechkeete kucken an net esou laang waarden, fir se ze renovéieren. An hei och deeselwechten Opruff, deen den Här Diderich gemaach huet, fir vläicht beim CIGL eng Equipp ze schafen, déi regelméisseg déi Infrastrukture kuckt an an der Rei hält. Wann ee Joren a Jore waart, fir se nei ze maachen, kaschte se enorm vill Suen. Dat gesäit een, wann een an Infrastrukture kënnt, wou zéng Joren näischt geschitt ass. Da kascht et richtig Geld, an da gëtt et och richtig deier. Wann een awer konsequent ëmmer, all Joer, no deenen Infrastrukture kuckt, kaschte se net esou vill Suen, a si bleiwen ëmmer an der Rei.

Datt Déifferdeng 2018 europäesch City of sports ginn ass, ass net nëmmen de Verdéngscht vun deenen, déi de Fändel op Bréissel siche waren, mä vun all deenen zu Déifferdeng, déi dorunner geschafft hunn. A mir hoffen, datt dat net nëmmen eng Eintagsfliege war, mä datt och wierklech eppes geschitt, wat 2018 dee Label City of sports ugeet.

Am Budget 2018 gesi mer – dat war och eng laang Fuerderung vun der LSAP –, fir de Veräiner méi Gelder an och eng gréisser Hëllef, net nëmmen am logisteschen, mä och am finanzielle Beräich zoukommen ze looschen. Hei menge mir, datt de Service des sports nach misst ausgebaut ginn. Net direkt mat administrativen oder Aarbechtsposten, mä méi mat sportleche Leit. Dat heescht, Leit déi eng Sportsformatioun hunn, fir alleguerten déi Coursen, déi mer uginn, och intern, inhouse kënnen ze maachen.

Mir sinn eis alleguerte bewosst, datt eis Veräiner et ëmmer méi schwéier kréien, wat de Benevolat ugeet. Lues a lues ass en um Ausstierwen. Hei huet d'Gemeng eng gewësse Responsabilitéit a muss mat de Subsiden de Veräiner zur Hand goen, oder mat anere Méiglechkeeten, déi och schonn ugeduecht sinn an deem heite Budget, wéi Trainere beschafen

2. Finances communales

oder logistisch de Veräiner eng Hand mat upaken.

Ween de Wahlprogramm vun der LSAP gelies huet – ech mengen, jo bal jiddereen heibannen –, huet jo dann och gesinn, datt mer souguer e Schrëtt méi wäit gaange wieren an hei eng Sportschoul am Ënnergrad wollten zu Déifferdeng realiséieren, wou mer eis och scho mam Sportsministère zesumme gesat haten, fir e bëssen ze kucken, wéi esou e Pilotprojet hätt kéinten zu Déifferdeng ausgesinn, a wou mer och net direkt “Neen” gesot kritt hunn. Dat sollt eng kleng Ureegung sinn un den neie Schafferot, fir an deem Label, wann et se interesséiert, weiderzefueren.

Et mussen Neel mat Käpp gemaach ginn, fir déi sportlech Situatioun an eise Schoulen an an eise Structures d'accueil en ze verbesseren, fir endlech all de Kanner d'Chance ze ginn, vu Sport a Kultur an eiser Stad kënnen ze profitéieren. Et si scho verschidde Saachen ugeduecht, mä dat geet awer bei wäitem net duer.

Mir wëssen alleguerten, no där Etüd vum Professeur Romain Seil, wat den Niveau vun der Obesitéit vun eise Kanner an der Schoul ass. Hei muss nach vill méi gemaach ginn. Hei mussen och déi eenzel Strukturen opgemaach ginn, an et muss probéiert ginn, iwwert de Service des sports, och an anere Gemengen, d'Kanner aus deene Strukturen erauszekréien, fir se an d'Sportsveräiner ze bréngen.

Wat e groust Uleies vu mir ass, ass natierlech de Schwammsport. Eng Sportart, déi an der Déifferdenger Gemeng ëmmer berühmt war, déi ëmmer Champions gestallt huet an e ganz grouse Stellewäert an eisem Sportsliwwen an der Gemeng Déifferdeng hat. Deen huet leider am Moment den Houscht, well d'Infrastrukturen einfach net méi duer ginn.

Et kann net sinn, datt d'Kanner kee Schwammen an der Schoul méi hunn oder mussen op d'Nopeschgemengen ausweechen, well d'Situatioun et net méi zouléisst, fir alleguerten de Kanner d'Méiglechkeeten ze ginn, fir Plagen ze hunn, an eiser Gemeng schwammen ze kënnen. Hei mussen mer onbedéngt en neit Léierschwammbecke bauen. Och fir zu Nidderkuer dat Becken, wat do

verschwonnen ass, ze ersetzen. Well mer wëssen alleguerten, wéi néideg et ass, well mer nach vill méi Studenten a Kanner wäerte kréien an deenen nächste Joren, sou datt dat ëmmer méi wichtig gëtt.

Wat den Aquasud ugeet, kennt Der jo alleguerten d'Meenung vun der LSAP, datt mer och an där leschter Legislatioun, wou mer d'Responsabilitéit haten, probéiert hunn, aus deene Kontrakter erauszekommen, wat leider net méiglech war, well et de Steierzueler vill ze vill Geld kascht hätt. Mä et ka keen eis soen, datt mer et net probéiert hätten.

Et ass och esou, datt mer praktesch kee Schwammmeeschter méi fannen, deen an den Aquasud wëll schaffe kommen. Sou datt mer praktesch forcéiert sinn, mat anere Gemengen zesumme Schwammmeeschteren ze engagéieren, well se do praktesch ënnert engem ganz anere Statut musse schaffe wéi soss am ganze Land. Se verdéngen d'Halschent an hunn dofir keen Interêt, an esou eng Schwämm schaffen ze goen.

Dat sinn déi negativ Punkten, wann een esou eppes wéi den Aquasud mécht. Et seet keen eppes vun der Schwämm, d'Gebailechkeeten an d'Infrastrukture sinn top an der Rei. Mä wéi gesot, datt dat privat geréiert gëtt: do si mer nach ëmmer darselwechter Meenung, wéi scho viru Joren, datt dat näischt bréngt. Et gëtt dann och meeschtens, wann doriwier geschwat gëtt, iwwer Sue geschwat. An hei sinn d'Suen awer wierklech dat Lescht. Wann eis Kanner net méi kënnen schwamme goen, oder eis Sportsveräiner net méi déi Leeschtungen kënnen bréngen, well se déi Moyenen net méi kréien, keng Basengen zur Verfügung gestallt kréien, fir anstänneg Sport ze maachen, ass dat net dat, wat mer gesicht hunn. An et kann een ëmmer iwwer Suen oder Spuere schwätzen, mä hei hu mer dann op där falscher Plaz gespuert.

Wat eise Liichtathletikszenter ugeet, sinn ech wierklech ganz frou, datt déi dräi Nopeschgemengen vill dru geschafft hunn, och dee viregte Schafferot vill dru geschafft huet, datt mer déi Infrastruktur an eis Gemeng kréien. Dat soll e regionale Projet sinn, wat mer wierklech begrëissen. A mir begrëissen och, datt e weider gefouert gëtt. Wou mer endlech dee leidege Problem vum CSO-Fuss-

doit soutenir les associations par des subsides entre autres.

Ceux qui ont lu le programme électoral des socialistes savent que le LSAP voulait ouvrir une école du sport à Differdange et que le ministère des Sports n'est à priori pas contraire à un tel projet pilote. Il est temps d'agir pour améliorer la situation sportive dans les écoles et les structures d'accueil et faire en sorte que chaque enfant puisse profiter des activités sportives et culturelles. Le professeur Romain Seil a réalisé une étude sur l'obésité des élèves. Il est impératif de sortir les enfants des structures d'accueil pour qu'ils puissent faire du sport.

La natation est particulièrement importante pour Fred Bertinelli. Differdange a toujours produit des champions. Malheureusement, les infrastructures ne suffisent plus. Il est inadmissible que les petits Differdangeois soient obligés de se rendre dans les communes voisines. Le bassin qui a disparu à Niederkorn doit être remplacé, car le nombre d'enfants et d'élèves va augmenter au cours des prochaines années.

Pour ce qui est d'Aquasud, la position des socialistes est connue. Ils ont essayé de libérer la commune de certains contrats coûtant très cher aux contribuables. Malheureusement, cela n'a pas été possible.

Par ailleurs, la Ville de Differdange ne trouve pas de maîtres nageurs et est obligée d'en recruter en partenariat avec d'autres communes. Comme leur statut est différent de celui des autres maîtres nageurs et qu'ils gagnent nettement moins, il est difficile d'en trouver.

Les infrastructures d'Aquasud sont certes excellentes, mais une gestion privée n'apporte rien de bon à la commune. Lors des discussions, on en revient toujours à l'argent, mais ce qui importe, ce sont les enfants et les clubs sportifs, qui ne disposent pas d'assez de bassins pour faire du sport. Faire des économies dans ce domaine n'a pas de sens.

Pour ce qui est du centre d'athlétisme régional, Fred Bertinelli se réjouit du fait qu'il sera construit à Differdange. Ce projet permettra en outre aussi de résoudre le problème du terrain de football du CSO grâce

2. Finances communales

à l'installation d'un terrain synthétique.

Differdange est la première ville du Luxembourg à obtenir le label de «City of Sport». Fred Bertinelli y voit une grande opportunité pour les associations, les infrastructures et les sportifs de haut niveau differdangeois. Cependant, Differdange a aussi des points faibles: la mobilité réduite, le troisième âge et la jeunesse. Fred Bertinelli suppose que des fonds sont prévus dans le budget pour améliorer la situation. La Ville de Differdange est à la recherche d'un manager du sport. Fred Bertinelli est sceptique, car il doute que quelqu'un de l'extérieur ne connaissant pas la réalité sportive differdangeoise puisse obtenir les résultats escomptés. Les socialistes espèrent que le collège échevinal sera ouvert à d'autres solutions, car la Ville de Differdange a déjà fait les frais de ce type de décisions. Le «city manager» était censé dynamiser le centre-ville et attirer les commerces. Malheureusement, il a échoué et aujourd'hui plus personne ne parle de «city management».

Le sport est un facteur de cohésion, d'intégration et de santé. Les socialistes font désormais partie de l'opposition, mais continueront à soutenir les initiatives autour du sport dans la commune.

À 90 %, le budget 2018 a été réalisé ensemble avec les socialistes.

(Interruption)

Fred Bertinelli constate que les électeurs ont demandé un changement. Mais le budget alloue six-millions d'euros au sport, ce qui est conséquent. Differdange est devenue un acteur important avec des infrastructures nationales. Il s'agit de poursuivre sur cette voie. Fred Bertinelli est contraire à des économies dans ce domaine. Ces dernières années, le collège échevinal a démontré qu'à travers son courage, il a obtenu du succès dans le 1535°, LUNEX et le LIPS. Ici, il est question de faire de Differdange une ville du sport sur le plan national. C'est important.

Pour ce qui est du nouveau stade, il est regrettable qu'il y ait eu des problèmes dès le départ. De nombreuses études ont été réalisées concernant le gazon et le drainage.

ballsterrain domatter an engem Coup ewechkréien an e synthetischen Terrain dohi kréien. Sou datt déi kënne Sport maache mat deene ville Kanner, déi se hunn, wéi dee Club dat verdéngt huet.

Wéi déi meescht vun Iech wëssen, hu mer de Label City of Sport kritt. Dat ass eng Éier, well mer déi éischte Stad sinn zu Lëtzebuerg, déi dee Label kritt huet. Mä elo gëllt et dann och, Fuerf ze bekennen an eppes doraus ze maachen. Et ass nämlech eng grouss Chance fir all eis Veräiner, fir all eis Strukturen, fir mat deem Label, dee soll siichtbar sinn iwwert eis Gemeng ewech, eppes ze maachen. Och eis Héichleeschtungs-sportler kënne vun deem profitéieren, andeem se international op engem Niveau kënne schaffen, deen de Moment nach net bekannt ass. Mä do hu mer awer och gewise kritt, wou d'Schwächte sinn. Dat heescht, am Sport, wat d'Mobilitéé reduit ugeet, drëtten Alter, Jugend. Do musse mer eis wierklech verbessern. An ech mengen, datt déi Gelder, déi elo am Budget sinn, dofir geduecht sinn.

D'Gemeng Déifferdeng huet eng Plaz ausgeschriwwen als Sportsmanager. Do si mer gedeelter Meenung, wann ee vu bausen an eis Gemeng erakënnt, deen net esou richteg weess, wéi zu Déifferdeng d'Veräiner an de Sport funktionnéieren, deen op verluerenem Posten ass an héchstwahrscheinlech net dat erreeche kann, wat mir eis allegueren vun him erwaarden. Do si mer skeptesch.

Mir kucken, ob net mam Schäfferot ze diskutéieren ass, fir aner Méiglechkeeten ze fannen. Well een, deen hei erakënnt, deen den Tissu, d'Schwächen oder d'Stärken vun eise Veräiner oder eiser Stad net kennt, kritt et relativ schwéier, fir Fouss ze faassen. Hei hu mer jo och scho Léiergeld bezuelt mat eise Citymanager, wou mer och eis allegueren erhofft haten, datt mer an eise Stadkär géife virukomme mat de Geschäften an de Betriber, déi mer géifen an eis Stad kréien. A leider Gottes huet dat jo net geklappt, esou wéi mer eis dat virgestallt hunn. An haut gëtt net méi iwwert de Citymanagement geschwat.

D'LSAP ass der Meenung, datt de Sport weiderhi soll e Facteur vun Zesummenhalt, Integratioun a Gesondheet

bleiwen. Mir wäerten alles maachen, fir eng Hand mat unzepaken. D'LSAP wäert, och wa se elo an der Oppositioun ass, well et hei ëm eis Stad geet, och eng Hand mat upaken, fir déi international Sportsequipagen an d'Gemeng ze kréien.

E Budget 2018, wéi den Här Muller gesot huet, wou 90% vum Budget mer héchstwahrscheinlech zesummen opgestallt hunn. Mä leider wollt de Wieler eppes anescht, wat awer net heesche wëll, datt ...

(Ennerbriechung)

De Wieler wollt eppes anescht. Wat awer net soll heeschen, datt mer elo einfach Oppositioun maachen, just fir Oppositioun ze maachen. Et si vill Saaen dran.

Ech hunn dat e bëssen ausgerechent: 2018 wäerten erëm ongeféier bal 6 Milliounen Euro an de Sport investéiert ginn, wat relativ vill ass. Et muss ee mol kucken, vu wou mer hierkommen. Wann een haut kuckt, datt, wann Déifferdeng genannt gëtt, mer en nationale Player am Sport sinn, an datt, wann iwwert de Sport am Land geschwat gëtt, Déifferdeng, wéi ech scho virdu gesot hunn, an engem Numm gesot gëtt mat deenen aneren nationale Sportsinfrastrukturen, heescht dat, datt mer an deenen nächste Joren op deem Wee solle weiterfueren.

Nëmmen net mat enger iwwerdriwwener Spuermoosnam probéieren, déi eenzel Projeten ze verklengeren oder net ze maachen. Well iwwerall wou de Schäfferot Courage hat déi lescht Joren, ob dat de 1535°C war, ob dat d'LUNEX war, ob dat de LIPS war, gesi mer, datt mer vill Succès domatter hunn, an datt dat eis Stad no vir bréngt. An och bei deem heiten Aspect mengen ech, datt mer esou sollte virufueren an och eis Stad op den nationalen Niveau bréngen, wat de Sport ugeet. Ech mengen, datt dat enorm wichteg ass.

Wat eisen Déifferdenger neie Stadion ugeet, muss ech leider soen, datt dat vum éischten Dag un net geklappt huet, datt deen Terrain vum éischten Dag un net an der Rei war, an datt mer eis do vill erziele gelooss hunn a vill Etüde maache gelooss hunn, iwwert den

2. Finances communales

Drainage, iwwert de Wues, an datt et elo duergeet.

A well mer festgestallt hunn, mat ganz viller Aarbecht an deene leschte Joren, mat sëllege Reuniounen, datt d'Grondwaasser iwwert dem Spigel vum Drainage steet, an da kann dat net funktionnéieren. Deen Terrain muss eng Kéier ganz erausgeholl ginn a ganz frësch amenagéiert ginn, soss wäerte mer do en éiwege Problem hunn. Deen Terrain ass amgaang komplett ze faulen, well deen ëmmer ënner Waasser steet, well een dat Waasser guer net evakuéiert kritt.

Hei musse mer awer eng Kéier en Opruff maachen, datt awer all Mënsch seng Responsabilitéit iwwerhuele muss, och déi, déi et gebaut hunn, déi sech elo e bëssen aus der Responsabilitéit wëlle stiel. Well dee Problem besteet net eréischt kierzlech, mä dat ass e Problem, dee vum éischten Dag un do ass. Deen éischte Match war dee Problem schonn do, an et huet ni richteg funktionnéiert. Dann ass et och einfach, de Gemengenaarbechter, eise Gärtner oder verschiddenen anere Leit d'Schold ze ginn. Ech mengen, et huet kee Schold. Do soll ee just kucken, datt mer déi Infrastruktur kréien, déi mer och bezuelt hunn, an dat an där nächster Zäit, fir datt ee fir allemol deen Terrain an der Rei ass, esou wéi mir e gären hätten, fir datt anstänneg Sport kann drop gemaach ginn.

Dat wier et, wat de Sport ugeet. Ech wollt nach ganz kuerz op de Verkéier agoen. Mäi Kolleeg, de Guy Altmeisch, wäert herno nach méi an intensiv drop agoen. Ech wëll just soen, datt dat net esou ee Projet war, dee mer um Häerz louch, mä datt ech do praktesch erfëiert war, wou ech dat geierft hunn. Ech weess net, ob et net express war, fir mer de Verkéier ze ginn, mä do loung d'Kar effektiv am Dreck.

A wat déi lescht véier Joer am Verkéier an eiser Gemeng geschitt ass, ass enorm. A jiddereen, dee sech e bëssen domatter beschäftegt, weess dat, ob dat den Diffbus ass, eis Busgare, ob dat de Parking résidentiel ass, mir hunn d'Camionnetten aus eiser Stad eraus kritt, mir hu praktesch ganz Reforme vun eise Schëlde a Stroosse gemaach. Also do ass enorm vill geschafft ginn.

Ech wëll och all deene Leit, déi un deene Projekte matgeschafft hunn, e grouse Merci soen, well et war munchmol net einfach. A mech freet et haut, deem neie Verkéiersschaffen esou eppes ze iwwerginn, wat ech leider net esou kritt hunn, sou datt en awer ka schaffen an deenen nächste Joren, wat enorm wichteg ass.

Well gleeft mer, Här Liesch, domatter gewënnt ee keng Wahlen. De Verkéier ass ëmmer schwéier. An et mécht ee wierklech kee frou, wann een Decisiounen ze huelen huet, well jidderee kuckt ëmmer nëmmen de Verkéier viru senger Dier. Mä et muss awer ee sech domatter beschäftegen. An et muss och gemaach ginn, fir datt eis Stad net am Verkéier ersëft.

Wéi gesot, den Här Altmeisch wäert méi intensiv op de Verkéier agoen.

Dann hätt ech nach d'Sécherheet. Do géif ech mech deem uschlëssen, wat mäi Fraktiounsspriecher gesot huet, no deene sëllege Sitzungen, déi mer mat der Police haten, net nëmme mat eisen Agente vun Déifferdeng, mä och mat der Direktioun. Mat der Direktioun aus dem Süden hate mer ganz oft Sitzungen, fir deen neie Kommissariat hinzekréien. An ech kann et net verstoen, an ech wëll nach eng Kéier en Opruff un de Schafferot maachen, sech dat awer nach eng Kéier ze iwwerleeën.

Well ganz am Ufank, ier iwwerhaupt dovunner ugefaange ginn ass, ze diskutéieren, war et scho fest, datt praktesch ganz Déifferdeng géif mat iwwerholl gi vun Esch, datt mer just nach am Dag Polizisten op eise Kommissariat hätten. An owes wier kee méi hei. A mat dëser Léisung wier Déifferdeng, wat d'Sécherheet ugeet, net zefridden.

An ech denken och e bëssen un deen neie Sécherheetsschaffen, den Här Mangen. Wann en déi Sécherheet net huet, wa mer 80 Poliziste géife kréien, wat mer versprach kritt hunn, a souguer deen neie Prisong zu Zolwer, wann all déi Leit, déi fir den Transport zoustänneg sinn, och géifen op Déifferdeng kommen, kann ech net novollzéien, datt mer dat net wëllen an eiser Gemeng hunn.

Ech halen dat fir dee wichtigste Punkt an der Sécherheet an eise Zentrum vun eiser Stad, wou mer wëssen, wat fir

Mais cela suffit. Le système de drainage actuel ne peut pas fonctionner. Il sera donc nécessaire de réaménager le terrain entièrement. Actuellement, il pourrait sous l'eau que l'on n'arrive pas à évacuer. Chacun doit prendre ses responsabilités – y compris ceux qui ont construit le terrain et qui désormais font un peu semblant de rien. Le problème existait déjà au premier match. Par conséquent, il est facile de donner la faute au service du jardinage. Mais, en réalité, ce n'est la faute de personne. Il faut juste veiller à ce que la commune dispose enfin du stade qu'elle a payé et qu'on puisse y pratiquer du sport comme il faut.

En ce qui concerne le ressort de la circulation, c'était un domaine qui intéressait moins Fred Bertinelli. Mais il avoue qu'il a été effrayé d'hériter de tous ces problèmes. Ce qui a été réalisé au cours des quatre dernières années est énorme. Il mentionne le Diffbus, la gare de bus, le stationnement résidentiel, le règlement sur les camionnettes, la réforme des panneaux et des routes... Il en profite pour remercier tous ceux qui ont collaboré aux projets et se réjouit de transmettre le dossier au nouvel échevin à la circulation dans un état qui lui permettra de travailler plus sereinement. M. Liesch peut le prendre au mot: le ressort de la circulation est difficile et ne permet pas de gagner des élections, car chacun ne regarde que ce qui se passe devant sa porte. Fred Bertinelli revient sur ce qu'a dit M. Muller concernant la sécurité. Des entretiens ont eu lieu avec la police et sa direction concernant le nouveau commissariat. Fred Bertinelli ne comprend pas la décision du collège échevinal. Au début, la police de Differdange devait être intégrée à celle d'Esch. Par conséquent, il n'y aurait plus eu d'agents à Differdange le soir. Les Differdangeois ne pourraient pas être satisfaits d'une telle solution. L'échevin à la sécurité, M. Mangen, ne pourra pas profiter des 80 policiers promis. Il ne faut pas oublier non plus la prison qui va ouvrir ses portes à Soleuvre. Bref, Fred Bertinelli ne comprend pas que le collège échevinal ne veuille pas d'un commissariat. Le collège échevinal connaît les problèmes névralgiques

2. Finances communales

du centre-ville. C'est pourquoi Fred Bertinelli lui demande de revenir sur sa décision.

Il voudrait approuver le budget 2018. Mais pour cela, il faudrait que le bourgmestre accepte de discuter du commissariat.

Fred Bertinelli profite de l'occasion pour inviter les conseillers communaux au bureau de police.

(Rires)

Fred Bertinelli estime que cela leur permettrait de se rendre compte des conditions dans lesquelles les policiers travaillent. Aujourd'hui, pour un policier, être à Differdange est une punition. C'est pourquoi Fred Bertinelli trouve que la commune devrait maintenir ce qu'elle a promis. Il demande à nouveau au collège échevinal de revenir sur sa décision.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

réplique que la Ville de Differdange n'est pas contraire au commissariat. Il reviendra sur ce point tout à l'heure, mais voulait rectifier l'erreur.

JERRY HARTUNG (CSV) remercie ceux qui ont réalisé le budget ainsi que tout le personnel.

La situation économique de la commune est bonne. Le budget ordinaire croît lentement. Il n'y a pas de nouveaux emprunts. La commune investit dans ses infrastructures et dans son personnel. Elle dispose d'un fonds de réserve d'un million d'euros et investit cinq millions d'euros dans l'immobilier. Ces investissements permettent de rendre les infrastructures plus attractives, mais aussi de générer des recettes ordinaires à travers les loyers.

Les salaires des enseignants sont entièrement à la charge de l'État à partir de cette année. Cela donne donc une marge de manœuvre à la commune, dont il faudra profiter.

Les taxes ne seront pas augmentées, ce qui est une bonne chose. Une exception cependant: la taxe des canalisations, car une loi nationale est en route.

Le budget s'inscrit dans la continuité tout en incluant les projets du nouveau programme de coalition. Pour proposer des services efficaces, il faut investir dans le personnel, le matériel et les infrastructures. Le

nevragesch Problemer mer hunn. Dofir wëll ech nach eng Kéier den Opruff maachen un de Schäfferot fir, wann ech gelift, dat awer nach eng Kéier ze iwwerdenken.

A wéi eise Fraktiounsspriecher gesot huet, géif ech gären dee Budget stëmmen, an ech weess, datt de Buergermeeschter jo ëmmer frou ass, wa mer de Budget stëmmen. Wann Der Iech kéint d'accord weisen, fir awer nach eng Kéier iwwert dee Projet nozedenken, wat de Kommissariat ugeet.

Da wëll ech och dee ganze Gemengerot invitéieren, op de Policebüro – ech weess, datt verschiddener e kennen –...

(Gelaachs)

Ech wëll alleguerten d'Conseilleren invitéieren, eng Kéier dohinner ze goen an ze kucken, ënnert wat fir enge Konditiounen déi Leit do musse schaffen. Et ass praktesch eng Strof, wann een haut ernannt gëtt, fir op Déifferdeng ze kommen. Dat ass scho praktesch eng Strof fir e Polizist. Et wëll kee méi op Déifferdeng komme wéinst den Infrastrukturen, déi se hei hunn, a wéi se hei musse liewen. Mat där gudder Aarbecht, déi mer an de leschte Joren opgebaut hate mat eiser Police, déi och ëmmer „Jo“ gewénkt hunn, wa mer se geruff hunn, mengen ech, datt mer och iergendwéi eist Wuert sollen halen als Gemeng an dat heite maachen. Dofir mäin Opruff nach eng Kéier, datt Der Iech dat nach eng Kéier sollt iwwerleeën.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Well dat elo fir d'Veiert gesot ginn ass: d' Stad Déifferdeng wëll dee Policebüro op der Plaz. Zu kengem Moment ass gesot ginn, datt d' Stad Déifferdeng dat net wëll. Mir hu jo Zäit, herno nach drop ze reagieren. Ech wëll dat awer elo richtegstellen, no där véierter Kéier, wou et falsch gesot ginn ass.

Här Hartung.

JERRY HARTUNG (CSV):

Gudde Moien, Här Buergermeeschter, léif Memberen aus dem Schäffen- a Gemengerot. E grouse Merci un déi, déi dëse Budget esou gutt erstallt hunn, an dem ganze Personal, dat am Asaz fir eis Bierger schafft. An dann och dofir entlount ka ginn, wann dëse Budget bis gestëmmt ass.

Virop wëll ech emol generell umieren, datt dëse Budget weist, datt d' Stad Déifferdeng op engem gesonde Wee ass, wat hir Finanzen ugeet. D' Indikatoren, fir mech, fir dës Ausso, sinn u sech déiselwecht wéi déi, déi och d' Finanzkommissioun an hirem Avis festhält. En ordinäre Budget, dee lues wisst, keng nei Scholden. An dennoch kënne mer wichteg Investissementer an Infrastrukturen a Personal tätigen.

Dobäi gëtt eng Reserv vu ronn 6 Milliounen Euro ugeluecht. 1 Millioun Euro ginn an de Fonds de réserve op d'Säit gesat, a fir ronn 5 Milliounen Euro ginn Investitiounen getäteg, andeems Immobilien zu engem gudde Präis kaf ginn. Wou zum enge geduecht ass, fir mat sënnavolle Strukturen Déifferdeng méi attraktiv ze maachen, an zweetens mir dann iwwer Loyer zousätzlech Recetten am Ordinaire generieren. Also gewanne mer e puermol hei drop.

Et muss een och präzisieren, datt d' Paië vun eisen Enseignanten ab dësem Joer ganz vum Stat iwwerholl ginn. Wat engem e bësse Sputt gëtt. Déi Sue solle sënnavoll investiert ginn. Wat jo och gemaach gëtt.

Flott ass, datt keng Taxen erhéicht ginn. Just d' Kanaltax, wou vum Stat e Gesetz ënnerwee ass, wat mer mussen applizieren.

Am Budget gesäit een d' Kontinuitéit vun de Projete vu vir drun, gekoppelt mat de Richtlinnen an de Projete vun dem neie Koalitiounsprogramm.

Fir datt d' Gemeng gutt Servicer ubidden kann, muss an d' Personal investiert ginn. Déi brauchen uerdentlecht Material an Infrastrukturen. Wat mat engem neie CID fir de Service technique an engem Ausbau um véierte Stack vun der Gemeng budgetisiert ass.

2. Finances communales

Zu deem freet et mech, ze gesinn, datt Offere vun Teambuilding a Weiderbilde virgesi sinn. Wichtig fir eng gutt Aarbecht vun eisem Personal.

Jo, eist Personal schléit mat ronn 46% vun den Dépenses ordinären héich zu Buch, a mir brauchen nach zousätzlecht Personal fir eis Gemeng, déi wiisst. Folglech och méi Infrastrukturen, Gemengeservicer, Stroossen, Parken, Gréngzonen an den neie Quartieren, Schoulen, Maisons relais an esou weider, déi mussen ënnerhale ginn.

Grad dofir ass et wichtig, fir Mesuren en place ze setzen, déi eis Recettes ordinaires an d'Luucht schrauwen. Wat, wéi ech uganks scho gesot hunn, gemaach gëtt.

Och an d'Informatik gëtt investéiert, fir datt mer modern Servicer kënnen ubidden an net der Zäit hannendrun hinken. Hotspot an enger Stad wéi Déifferdeng ass ee Must, deen hei och virgesinn ass.

Bei de Bauten an am Verkéier gëtt et vill ze soen. D'Place Nelson Mandela gëtt mat Parking an der geplangter Urbanisatioun uwendrop ugaangen. Wat jo och hei groussen Uklang fonnt huet. Dräi aner Projekte ginn dogéint méi kontrovers diskutéiert. D'Policegebai, d'EIDE, de Parking Contournement. D'CSV ass kloer fir des dräi Projekten.

Wat de Parking Contournement ugeet, kuckt den neie Schäfferot, ob ee mat der Arcelor dëse Projet anescht kéint plangen. D'Terrainen, déi eis bis dato net gehéiert hunn, kéinten esou an dëse Projet mat afléissen an deem esou nach méi eng grouss a wichtig Envergure ginn. Et geet drëms, fir d'Dieren net direkt zouzemaachen an duerch éischt Aarbechten de Site fir besser Léisungen ze blockéieren.

Wat d'Policegebai an den EIDE ugeet, muss ee sech awer grouss Froe stellen, wat d'Approche vun der aktueller Regierung ugeet. Jo, mir gi bei der Fäerdegstellung fir dës staatlech Gebaier finanziell rembourséiert. D'Gemeng huet, wéi een am Budget gesäit, awer och selwer vill eege Bauprojeten ze plangen, de Suivi ze maachen an esou weider.

Mir si frou, wann d'Policegebai an d'EIDE Realitéit ginn. De Stat dierf

awer seng Aarbechten, Planung, Suivi an all déi Aarbechten net einfach esou op d'Gemeng ofwälzen. Dofir hu mer Versteesdemech fir d'Decisioun vum Schäfferot, wat d'Policegebai ugeet, an hoffen, datt de Stat et selwer séier baut. Wat schwätzt u sech dann dogéint?

Am EIDE, wou et elo wierklech urgent ass, hoffen ech, datt d'Beméiunge vum Schäfferot, fir eng provisoresch Léisung fir de Primär an den nächste véier Joer ze fannen, fruchtbar sinn.

Ech schlësse mech der Madame Brasel-Rausch un, fir ze froen, wou mer betreffend der Iwwergangsphas vun der EIDE-Primärschoul fir déi nächst véier Joer stinn. Wuel wëssend, datt d'Schoulorganisatioun deemnächst wäert ufänken, a mer net bis de 15. September kënnen waarden.

Hei sinn net nëmmen d'Politik an d'Personal direkt betraff, mä och d'Schüler, déi virdru schonn an eis Gemengeschoule gaange sinn – an dat sinn der eng jett – misste soss erëm de Schoulsystem wiesselen. Et si véier parallell Klasse pro Joergang virgesinn. Dat heescht, de Moment 24 Klassen. Dat maache ronn 600 Kanner. Wann d'EIDE géif op Esch wiesselen, also de Primär, géif op d'mannst d'Halschent vun dëse Schüler och erëm an eis Schoulen zeréck kommen. Wou mer dann erëm misste vill Schoulgebaier ausbauen. Wou mer an dësem Budget och elo scho virgesinn hunn, auszubauen, well se schonn op de Limité sinn.

De Projet Entrée en ville geet weider. An de Stroossen ass virgesinn, fir d'Infrastruktur ze erneieren. An an de Quartiere ginn analyséiert, wéi een dës an den nächste Joren am beschte renovéiere soll.

Fir d'Parkplatzsituatioun ze verbessern an de Parkraum méi effikass ze notzen, stinn zwee gutt Projekten dran. Éischstens dee vum Parkleitsystem, an zweetens, datt d'Horodateuren am Zentrum esou programméiert sinn, datt een net all hallef Stonn oder all zwou Stonnen en neie Parkticket kann zéien. Esou schafe mer fräi Plaze fir déi, déi hir Kommissiounen am Zentrum maachen.

Mat den neien Agents municipauxen – zwee Poste si jo aktuell ausgeschriwwen – kann an de Zone-bleuen an de

budget prévoit aussi du renforcement d'équipe et des formations.

Le personnel représente 46 % des dépenses ordinaires. Differdange croît. Plus d'embauches sont donc nécessaires, en plus des nouvelles infrastructures, routes, écoles, maisons relais et des nouveaux parcs, espaces verts, quartiers... Il est donc important de mettre en place des mesures permettant d'augmenter les recettes ordinaires.

En ce qui concerne l'informatique, Jerry Hartung salue l'installation de hotspots.

Pour ce qui est des constructions et de la circulation, il y a beaucoup à dire. Jerry Hartung mentionne d'abord la place Nelson-Mandela et son parking souterrain. Les projets du commissariat, de l'EIDE et du parking du contournement sont plus controversés.

Le collège échevinal voudrait évaluer d'autres solutions pour le parking du contournement en concertation avec Arcelor, qui est propriétaire de certains terrains.

Quant au commissariat et à l'EIDE, l'approche du gouvernement laisse dubitatif. Certes, l'État remboursera les travaux, mais la commune a ses propres constructions à financer. Jerry Hartung n'est pas contraire à ces deux projets, mais l'État ne peut pas se contenter de laisser tout le travail à la commune.

Où en est la phase de transition de l'école primaire de l'EIDE? Car les élèves risquent de devoir changer de système scolaire. Actuellement, l'école primaire compte 24 classes pour quelque 600 élèves. Si le primaire de l'EIDE déménageait à Esch, environ la moitié retournerait dans les écoles traditionnelles. La commune devrait donc prévoir d'agrandir les établissements.

Le projet de l'entrée en ville se poursuit. Les infrastructures et les quartiers seront rénovés.

En ce qui concerne le stationnement, Jerry Hartung mentionne deux projets: le système de guidage vers les parkings et les horodateurs du centre, qui ne permettront plus de prendre un nouveau ticket gratuit toutes les demi-heures. Grâce à la création des deux nouveaux postes, les agents municipaux pourront contrôler plus efficacement les

2. Finances communales

zones bleues sans les quartiers résidentiels.

Jerry Hartung constate ensuite qu'Esch et Dudelange touchent un subside conséquent de la part du ministère des Transports pour leur citybus. La Ville de Differdange devrait théoriquement avoir droit à un-million d'euros, mais elle ne reçoit rien, car le Diffbus est gratuit. Jerry Hartung est d'avis qu'il doit le rester.

Le conseiller communal passe à l'écologie et aux économies d'énergie. La Ville de Differdange propose six sortes de subventions à ses citoyens.

Le budget pour les aires de jeux et les parcs a doublé il y a un an.

Sur le plan social, Differdange investit dans la construction de logement pour les jeunes, les seniors et les étudiants. Sans entrer dans les détails, la rubrique protection sociale des dépenses ordinaires s'élève à 17,7 millions d'euros.

En matière de sécurité, un groupe de travail sera créé. Les places publiques seront aménagées de manière à renforcer leur sécurité. Une campagne de sensibilisation pour lutter contre le sentiment d'insécurité sera lancée.

Les services de secours continueront à être soutenus. Ils emménageront au Scheierhaff et profiteront de conditions de travail modernes et professionnelles.

Pour ce qui est des écoles et maisons relais, quatre salles seront aménagées à Niederkorn et une nouvelle école construite au Mathendahl.

Les maisons relais seront élargies. Des fonds sont prévus pour la maison des jeunes du Fousbann ainsi que pour une étude pour un bassin d'apprentissage. Au-delà des nouveaux établissements, la commune investit aussi dans les livres scolaires, et les cahiers, mais aussi des excursions.

L'adaptation du prix de fin d'année est une bonne chose. Les enseignants partant en excursion avec les élèves toucheront dorénavant plus que ceux offrant un livre. Mais cela ne signifie pas que les enseignants offrant un livre en fin d'année ne partent jamais en excursion avec les élèves.

Les écoles et les associations ont besoin d'infrastructures sportives.

Wunnquartieren zudeem méi streng kontrolléiert ginn.

Da wollt ech awer nach eppes uschwätzen, wat jidderengem bekannt ass, wou een eng zousätzlech Recette, an net där mannster eng, kéint generéieren. An zwar gouf ech u fréier Diskussiounen erënnert, wou ech de Budget vum T.I.C.E.-Syndikat gelies hunn. An zwar, wat d'Gemengen Esch an Diddeleng u Subside vum Transportministère kréie fir hire Citybus. Ech schätzen, datt mer bal 1 Millioun Euro esou misste vum Stat zegutt hunn. Mä mir kréien näischt, well mir e gratis ubidden.

Den Diffbus soll och zukünfteg gratis bleiwen. Net, datt ech falsch verstane ginn. An ech weess och, datt den Transportministère eis dofir an der Vergaangenheet punktuell, zum Beispill bei der Rode, entgéintkomm ass. Awer mir sollten elo d'Zäit notzen, fir a Rou ze kucken, wéi een dëst kéint handhaben, datt d'Stad Déifferdeng och an de Genoss vun dësem reglementéierte Subsid kéint kommen. Mat deene Sue kéint ee vill maachen.

Am Budget stinn och vill gutt Projeten a Saachen Naturschutz, a fir Energie ze spueren, dran. Ënnert anerem, wou eis Bierger vun der Gemeng sechs verschiddenen Zorte vu méigleche Subventiounen an dësem Sënn ugebuede kréien.

Besonnenesch frou sinn ech, ze gesinn, datt de Poste fir d'Spillplazen an d'Parken, dee virun engem Joer quasi verdubelt gouf, op dësem Seuil bleift.

Um soziale Plang ënnerhëlt Déifferdeng villes. Et gëtt a soziale Wunnengsbau investéiert, Wunnenge fir Jonker, Senioren a Studente gi geschaf. Et si vill Projeten, wou een elo kaum all kann ernimmen. Dofir just e Gesamtmontant vun der Rubrik Protection sociale an den Dépenses ordinaires, dee sech op 17,7 Milliounen Euro beleeft. Annerhallef Millioun méi wéi am Joer 2017, an 3,5 Milliounen Euro méi wéi 2016.

Och sinn ech frou, ze gesinn, datt bei der Sécherheet vun eise Bierger, ee vun de grouse Voleten an eisem Wahlkampf, Neel mat Käpp gemaach ginn. Souwuel en Aarbechtsgrupp, fir déi ëffentlech Plazen esou ze gestalten, voire ze iwwerwaachen, datt se d'Sécherheet verstärken, gëtt an d'Liewe geruff, wéi

och eng Sensibiliséierungscampagne iwwert déi gefillten Onsécherheet.

Eis Rettungsdéngschter gi weider ënnerstëtzt, wou den neie Site um Scheierhaff bezugsfäeg ass, an deemnächst eis Corpse vu Fräiwëllege modern a professionell Aarbechtsbedéngunge gebuede kréien. Am Budget steet zudeem eng nei Dréilieder, déi zesumme mat Suessem an dem Stat finanzéiert gëtt.

Och an eis Schoulen a Betreuungsstrukture gëtt vill investéiert. Zu Nidderkuer gi véier Säll um Schoulcampus fäerdeggestallt, an eng nei Schoul am Mattendall ass geplangt. An aneren Uertschafte si grouss Posten am Budget extraordinaire virgesinn, fir d'Maisons relaisen ze erweideren. Zu Uewerkuer, Déifferdeng an um Woiwer sou wéi fir d'Jugendhaus um Fousbann. Eng Etüd fir e weidert Lernschwimmbecken, wat dréngend fir d'Schoule gebraucht gëtt, ass och virgesinn.

Et gëtt awer net nëmmen a Konstruktiounen investéiert. D'Budgetsposte fir d'Funktionement vun eise Schoule loosse sech weisen. Sou ginn d'Schoulbicher an d'Hefter vun der Gemeng weiderhi gestallt. Wat net an all Gemeng esou normal ass. An d'Klasse kënnen a Kolonien an op Ausflich goen.

D'Upassung vum Prix de fin d'année ass eng gutt Saach. Ech krut vill positiv Echoe vun eisen Enseignanten. Bis elo war dat fir jiddereen d'selwecht, mä bei deene Kanner, déi e Buch kaf kruten, blouf ëmmer eppes iwwreg, a fir déi, déi en Ausflich gemaach hunn, ass et knapps duergaangen. Duerfir fannen ech et eng gutt Saach, datt een elo fir en Ausflich méi kritt, wat da bei de Bicher agespuert gëtt.

Ech wëll awer just nach präziséieren, datt bei de Kanner, déi e Buch um Enn vum Joer kréien, den Enseignant mat senger Schüler am Prinzip awer op d'mannst een, meeschtens méi, Ausflich mécht am Laf vum Joer. Mä dann iwwert aner Budgetsposten, zum Beispill Naturschoul oder Sorties pédagogiques. Net, datt den Androck entsteet, datt all dës Enseignanten, déi fir e Buch optéieren, net géife mat hire Schüler de Kllassesall verloossen.

Souwuel d'Schoule wéi d'Veräiner brauche gutt Sportsinfrastrukturen.

2. Finances communales

Mat enger neier Sportshal zu Nidderkuer, dem Ufank vun der Renovatioun vun eisem Centre sportif zu Uewerkuer an der Sportshal um Bock, der regionaler Leichtathletikspist um Woiwer an engem Neibau vum Hall de la Chiers gëtt och hei viles ëmgesat.

Des Weideren investéiere mer an d'Aarbechtsplazen. Et si vill Büroflächen a verschidde Projete virgesinn. Zum Beispill d'Entrée en ville, d'Vergrößerung vun der Zone industrielle Haneboesch an d'Weiderféiere vun den Aarbechten am 1535°C. Hei sief bemierkt, datt mer insgesamt 9 Milliounen Euro, 3 Milliounen Euro während dräi Joer, vum Stat kréien, wou mer dann den Invest vun der Gemeng kleng halen. Woubäi et awer ganz an eiser Hand bleift.

Da kommen ech elo zum Ofschloss. Et ass e Budget mat Projete fir d'Zukunft vun Déifferdeng, ouni awer d'Finanze fir déi zukünftige Generatiounen ze hypothekéieren. Dese Budget weist, datt de Schäfferot sech vill virgeholl huet an d'Aarbecht net scheit. Ech hoffen, datt se dës alles ëmgesat kréie wéi geplangt, an ënnerstëtze si an hirem Budget.

Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

An ech soen Iech Merci, Här Hartung. Da géif d'Madame Christiane Saeul d'Wuert kréien.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Häre Schäffen- a Gemengerot, Madame, Monsieur vun der Press, zum Budget rectifié 2017 a Budget initial 2018.

De Budget soll en zolitt Fundament duerstelle vun enger zilstrieweger a verantwortlecher Finanzpolitik, e Gesamtkonzept mat zukunftsorientierter Kontinuität an enger nohalteger Standortwécklung. Wou d'Rees higeet an den nächste Joren? Do, wou de Bierger sech wuel fillt, gäre wunnt a schafft.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Lauschtert der Madame Saeul no, wann ech gelift.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Kënnt Dir mer nolauschteren, wann ech gelift? Jo.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech hunn dat gemaach, Madame Saeul. Wann Dir gäre matenee schwätzt, kënnt Der roueg erausgoen.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Gär geschitt.

CHRISTIANE SAEUL (DP):

Vum Wuesstum ausgoend, mat de Projete fir déi nächst sechs Joer, ass et net ze ëmgoen, déi néideg Opfangstruktur wéi Foyers scolaires a Schoulen an d'Weer ze leeden. Mat engem Total vu 4.228.000 Euro ginn d'Maisons relais ausgebaut. E Projet, dee schon amgaangen ass, Woiwer an Uewerkuer.

En Ufanksmontant fir d'Maison relais op der place Nelson Mandela an der Cité Mattendall zu Nidderkuer. D'Stroosseninfrastruktur sinn do schon amgaangen. Duerno d'Realisatioun vun der Schoul/Maison relais.

An der Cité wäerte keng grouss Schoulcampussen, wéi zum Beispill d'Déifferdenger Schoul, gebaut ginn. Éischter Quartiersschoule mat Maison relais integréiert, an de bestoenden an neie Quartiere vun der Gemeng. An der Cité Mattendall kéime plus minus 1.048 nei Awunner zu Nidderkuer bäi. Wichteg wär en neit Verkéierskonzept op Héicht vun der Gafel, Käerjenger Wee a Péitenger Strooss. En vue, dass mer elo

Jerry Hartung mentionne le centre sportif de Niederkorn, le centre sportif d'Oberkorn, la salle de gym du Bock et la piste d'athlétisme du Woiwer.

Le collège échevinal compte aussi investir dans l'emploi. Des surfaces de bureau sont prévues à l'entrée en ville, la zone industrielle Haneboesch sera agrandie et le 1535° développé. Pour ce qui est du 1535°, la commune touchera un subside de neuf-millions d'euros répartis sur trois ans.

Le budget 2018 prépare Differdange à l'avenir sans hypothéquer les finances des prochaines générations. Le CSV l'approuvera.

CHRISTIANE SAEUL (DP) constate que le budget 2018 doit poser les fondations d'une politique financière solide et d'un concept global orienté vers le futur. Differdange doit être une ville où il fait bon vivre et travailler.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande aux conseillers communaux de faire attention. Ceux qui veulent discuter entre eux n'ont qu'à quitter la salle.

CHRISTIANE SAEUL (DP) remercie M. Traversini pour son intervention.

Compte tenu de l'accroissement de la population, la Ville de Differdange n'a pas d'autre choix que de construire des foyers scolaires et des écoles. Quatre-millions-deux-cent-vingt-huit-mille euros sont prévus pour l'agrandissement de maisons relais. Des fonds sont notamment destinés à la maison relais de la place Nelson-Mandela et à la cité Mathendahl. La cité n'accueillera pas un grand campus scolaire, mais une école de quartier avec maison relais intégrée. Mille-quarante-huit habitants vivront dans la cité. Il serait important de prévoir d'ores et déjà un concept de circulation.

2. Finances communales

Christiane Saeul passe à la construction du centre sportif de Niederkorn. Le devis se monte à 6 millions d'euros, dont 2,3 millions d'euros en 2018. Le DP se pose des questions concernant les locaux de stockage pour les associations. Ne pourrait-on pas prévoir un centre sportif plus grand et résoudre ce problème?

Soixante-dix-mille euros sont prévus pour le carrefour de la rue Émile-Mark et la rocade. Une statue de M. Meis, qui a obtenu le Mérite culturel de la ville, y sera installée. Christiane Saeul plaisante sur le fait que la commune aurait dû, elle aussi, recevoir un prix du mérite pour avoir attendu aussi longtemps que la rocade soit construite.

Le budget 2018 pour l'entrée en ville s'élève à deux-millions d'euros. Christiane Saeul passe aux zones «shared space» entre le pont des CFL et la place du Marché de Differdange, et autour du rondpoint de Niederkorn. Des études sont prévues. Les démocrates ne sont pas contraires aux «shared spaces», mais demandent que le problème du trafic soit réglé au préalable et qu'un projet soit élaboré au sujet de la sécurité des enfants.

Le collège échevinal évalue la possibilité de supprimer le passage à niveau de Differdange. Une des variantes consiste à fermer la barrière. Mais comment gèrera-t-on alors le trafic? Christiane Saeul espère que les experts analyseront cette question et ne bloqueront pas complètement le centre et ses commerces. Soixante-dix-mille euros sont destinés à l'intégration et au handicap. Sont prévues des campagnes de sensibilisation et des formations avec des flyers, des badges et des posters, ainsi que la création d'un jeu «Differdange sans frontières» destiné à toutes les cultures et à tous les habitants. Christiane Saeul mentionne ensuite la formation pour babysitteurs, les différentes journées internationales — de la femme, de l'homme, des personnes handicapées, de la diversité culturelle... Un autre projet vise à promouvoir l'intégration par l'art dans les écoles. Des actions seront aussi organisées dans le cadre de «City of Sport».

schonn e staarkt Verkéiersopkommen do hunn.

Zum Bau vun enger neier Sportshal zu Nidderkuer um Campus vun der Bouweschoul. Devis: opgeronnt 6 Milliounen Euro. Am Budget 2018 2,3 Milliounen Euro.

D'DP wéilt hei nohaken zum Thema Stockageraim fir d'Veräiner. Et wär elo an an d'Zukunft denkend d'Geleeënheet, déi nei Sportshal auszebauen, fir Raim ze schafen, déi gebraucht ginn. Et wär och d'Léisung, wann d'Sportshal zu Uewerkuer renovéiert gëtt. Dat geet jo net vun haut op muer. A wann d'Veräiner déi Zäit op Nidderkuer kommen, wou stockéiere mer dann all dës Sportsutensilien an Elementer?

Den Amenagement vun der Plaz op der Kräizung Emile-Mark-Strooss mat der Rocade: e Budget vu 70.000 Euro. D'Fäerdegstellung vun dëser Plaz ass den optesche Punkt, wou d'Rocade mat der Entrée vum Zentrum vun Déifferdeng verbënnt. Op déi Plaz kënn eng Skulptur vum Här Meis, welchen e Mérite culturel vun der Stad kritt huet. E Mérite hätt och d'Gemeng Déifferdeng zegutt fir hir Gedold, déi trotz Interventioun esou laang op d'Rocade gewaart huet.

Budget Entrée en ville: 2 Milliounen Euro.

No der Eisebunnsbréck wär ech dann an der Emile-Mark-Strooss a beim Punkt Etüd vun enger Shared-space-Zon vun der Maartplaz laanscht d'Schoul bis zur Eisebunnsbréck als méiglech Léisung zur Berouegung vum Trafic. Och d'selwecht d'Etüd ëm de Rondpoint zu Nidderkuer.

D'Demokratesch Partei huet weider kee Problem mat dem Shared space, proposéiert awer emol fir d'éischt eng fabel Etüd op zwee Niveauen. Fir d'éischt eng aner Léisung fir den Trafic – et wär wuel problematesch an net ze geréieren, wann de jëtzen Trafic iwwert d'Shared-space-Zon mat Tempolimit 20 fuere misst – an e Projet fir d'Sécherheet vun der Schoulkanner auszeschaffen. Eng esou berouegt Plaz initiéiert et gären, fir sech méi fräi an ausgiebig ze bewegen, wat wuel e relative Problem gëtt bei der Kanner a bei der Sécherheet.

Zudeem dann och de Budgetspunkt Suppression passage à niveau Déifferdeng. Hei soll emol eng Variant getest ginn, dës Barrière ganz zouzemaachen. Dëst a Relatioun mam Shared space. Do freet d'DP: Wouhi mam Trafic?

Et soll keng theoretesch Léisung ginn. Si soll op de Wee vun enger praktescher an ausféierbarer Léisung goen. Ech weess, dës Léisung kënn net mat engem Blëtzedanken. An ech hoffen, dass déi beoptragten Experte sech an d'Liewen an d'Aart vun Déifferdeng anschaffen, fir d'Léisung an Zesummenaarbecht mam Schaffen a Gemengetrot ze fannen. An net den Zentrum vun Déifferdeng blockéieren, mat senger Commercen an dem Artisanat, de Praxissen, de Kinéen, Agencen, Apdikten an esou weider. Soit, dat, wat d'Liewen an engem Zentrum ausmécht. Da bräichte mer keen neit Konzept ze schafen, fir dësen erëm ze beliewen. Wat mer eis jo net wënschen.

Zum Budget 2018, Programm vun dem Service à l'égalité des chances: an dem Domaine Intégration et handicap – 70.000 Euro – hu mer vermehrt Projeten. Ënnert anerem Sensibilisatiounscampagnen a Formatiounen, sou wéi eng visuell Campagne, dat heescht, Flyeren, Badgen a Posteren, Sensibilisatiounscampagnen iwwert Gerechtegkeet, Verschiddenheet an Diskriminatioun, d'Schafe vun engem Gesellschaftsspill „Déifferdeng ouni Grenzen“, fir Déifferdeng kennen ze léieren. Dëst fir all Kulturen oder Handicap. An interessant fir nei Awunner.

Formatioun Babysitting: eng Offer un déi jonk Leit vun Déifferdeng, déi sech ausbilde wëlle loosse.

Do gëtt et d'Initiatioun vun de Journées internationales. Där hu mer der méi: vun der Fra, vum Mann, vun den handicapéierte Mënschen an der kultureller Verschiddenheet.

E Projet an der Schoul vu méi Klassen, d'Integratioun duerch Konscht.

Am Kader vun der City of sports, verschidden Aktiounen en faveur vun der Verschiddenheet an dem Handicap.

Mir wënschen all dës Projete vill Erfolleg. Ech schlësse mech der Argumentatioun vu mengem Parteikolleg a

2. Finances communales

Virriedner un a géif hoffen, dass meng Objektiv a Reflektiounen en oppent Ouer fannen.

Ech soe Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Da misst Der de Budget jo mat stëmmen, Madame Saeul.

D'Madame Richartz hätt dann d'Wuert.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären an all Matbierger dobaussen, e puer Bemierkungen zur Déifferdenger Verkéierssituatioun, déi eis alleguer besonnesch um Härze läit. Dat wier un éischter Stell de séchere Schoulwee. Fir d'Vitesse ze reduzéiere virun de Schoulen, wäerte mir Shared-space-Zonen aféieren zu Déifferdeng an der rue Emile Mark bis op de Rondpoint an zu Nidderkuer ronderëm de Rondpoint, fir domatter eis Kanner besser ze schützen.

Mir wäerten d'Foussgängersträifen um Schoulwee nei maachen an nei beliichten, wat iwwregens fir sämtlech aner Foussgängersträifen an der Gemeng zielt. Ech perséinlech sinn der Meenung, dass esou Projete méi séier missen ausgefouert ginn.

Mir wäerten en neit Parkkonzept aféieren, wou een net méi ka fuddele mat der berühmter Brötchentaste. Mat zwee neien Agente wäerte mir d'Parke besser kontrolléieren. Informatiounen dozou wäerte mat der Zäit kommen.

Mir wäerte Laangzäitparkingen um Contournement maachen. Mir hunn nach e grouse Chantier an der Entrée de ville. A wann dee Chantier fäerdeg ass, wäert do de Verkéier rullen. Hofentlech.

Mir maache Stroossen, déi scho laang an der Planung sinn, nei. De Belair an de Wangert. Am Belair gëtt et e puer Variante fir de Chantier: d'Beem stoe loossen, d'Strooss oprappen, d'Kabelen an d'Strooss leeën, oder d'Beem ewech-

huelen, dann d'Kabele leeën an d'Beem erëm nei planzen.

Ech hu mat den Awunner aus deem Quartier geschwat: déi wäere frou, mat Zäit iwwert dee Chantier informéiert ze ginn.

Mir wäerten zwou Brécke fir d'Foussgänger an d'Vëlofuerer bauen. Eng an der Héisenger Strooss, Richtung Rollesbiërg, an eng aner zu Nidderkuer, Richtung Hondsbësch.

An der rue Emile Mark wäerte mer eng Verkéiersberouegung gestalten, vun der rue Emile Mark bis op d'Woiwer Kräizung.

An nächster Zäit wäerte mir Gespräicher féieren, fir, nodeems den Diffbus elektresch funktionéiert an nach ëmmer gratis fiert, och eise Schülerbus elektresch fueren ze loossen.

Natierlech vergiesse mir déi Persounen mat engem Handicap net a wäerte méi Handicapéierteparkplaze schafen an d'Trottoiren handicapéiertegerecht gestalten.

Eng Propos vu mir perséinlech: Nodeems landeswäit 20 Persounen am Dezember op engem Foussgängersträifen ugestouss si ginn, hat ech d'Iddi, dass ee vläicht géif d'nächst Rentnerfeier all Persoun e Phosphorbändchen an de Kado leeën.

(Ënnerbriechung)

Jo, selbstverständlech och an de Schoulen. Iergendeppes mat Phosphor, wat liicht.

(Diskussiounen)

Da kéim ech zum drëtten Alter. Natierlech hale mir un de Manifestatioune fest, déi schonn ëmmer grouse Succès haten. Dat wär d'Journée du grand âge, de Seniorefuesbal, d'Journée forestière mam Service forestier, en Dag wéi fréier, wat ëmmer e grouse Succès ass, d'Senior Art. Nei an eise Programm ass de Speed dating, deen och gratis offréiert gëtt, wou Leit, déi sech alleng fillen, sech kënnen treffen an Zäit matenee verbréngen.

Christiane Saeul souhaite beaucoup de succès à tous ces projets.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
trouve que dans ce cas, M^{me} Saeul devrait approuver le budget.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG)
explique que le «séchere Schoulwee» lui tient particulièrement à cœur. Les «shared spaces» dans la rue Émile-Mark jusqu'au rondpoint et à Niederkorn autour du rondpoint permettront de réduire les vitesses. Les passages piétonniers sur le chemin de l'école seront éclairés. Yvonne Richartz-Nilles trouve que ces projets devraient être réalisés rapidement.

Un nouveau système pour le stationnement ne permettra plus de tricher avec les distributeurs de tickets courte durée gratuits. Grâce à deux nouveaux agents municipaux, le stationnement sera contrôlé plus efficacement.

Yvonne Richartz-Nilles espère que le trafic sera plus fluide que maintenant une fois le grand chantier de l'entrée en ville fini.

Certaines routes seront refaites. Au Belair, plusieurs variantes ont été élaborées. Les habitants sont contents d'avoir été informés à temps.

Deux ponts seront construits pour les piétons et les cyclistes: un dans la rue de Hussigny en direction du Rollesberg et l'autre à Niederkorn en direction du Hondsbësch.

Dans la rue Émile-Mark, il s'agira de calmer le trafic jusqu'au croisement du Woiwer.

Des négociations sont en cours pour remplacer les bus scolaires par des bus électriques.

Des places de stationnement adaptées aux personnes handicapées seront créées.

En décembre dernier, vingt personnes ont été renversées sur des passages pour piétons. Yvonne Richartz-Nilles propose d'offrir un bracelet fluorescent à la prochaine fête des retraités.

(Interruption)

Yvonne Richartz-Nilles répond que l'on pourrait bien entendu faire de même dans les écoles.

(Discussions)

Yvonne Richartz-Nilles passe aux seniors et mentionne la Journée

2. Finances communales

du grand âge, le «Seniorefuesbal», la Journée forestière, le «Speed Dating»... Elle salue le fait que la commune s'occupe désormais du Senior Plus. Des activités sont organisées avec Käerjeng, Sanem, Pé-tange et Dippach.

SERGE GOFFINET (LSAP) se montre bref, car ses collègues socialistes se sont montrés exhaustifs.

Il commence par la programmation de l'Aalt Stadhaus. Il salue le fait que le budget soit resté le même, mais signale que les sommes prévues pour la publicité ne sont pas très élevées. Cela ne permettra pas de faire connaître la programmation à travers la radio et la télévision. Serge Goffinet suggère aussi l'installation de panneaux lumineux à l'entrée de la commune ou sur la place du Marché, pour ceux qui ne lisent pas le DIFFMAG et les autres publications. Ces panneaux pourraient aussi être utilisés pour des événements sportifs par exemple.

Serge Goffinet passe à Esch 2022 et rappelle qu'il a été président de la commission culturelle. Cent-mille euros sont prévus en 2018, mais ce qui sera fait de cette somme n'est pas clair. M. Ulveling lui fournira sans doute des explications. Il faudrait aussi que les différentes fractions puissent prendre position. Il est probable que personne n'est contre le projet à condition qu'il soit durable. Si c'est le cas, la commune et la région pourront en profiter pendant des années.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) est d'accord avec ce qui a été dit.

SERGE GOFFINET (LSAP) rappelle que le dernier collègue échevinal a recruté une responsable des archives, ce qui est une excellente chose. Malheureusement, il a vite déchanté en constatant qu'elle travaille à mi-temps à la bibliothèque. S'occuper des archives est un travail minutieux pour lequel il faut être hautement qualifié. Serge Goffinet estime une tâche à plein temps nécessaire. L'histoire de Differdange le mérite bien.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass an e puer Deeg. Et ass nach e bëssen Zäit, fir sech unzemellen.

YVONNE RICHARTZ-NILLES (DÉI GRÉNG):

Ech fannen et och gutt, dass d'Gemeng de Senior Plus iwwerhëlt. Vill aner Aktivitéite fënnt een an eiser Broschür "Aktivitéite fir Seniore vu 60 Joer un", déi mat de Gemengen Déifferdeng, Käerjeng, Suessem, Péiteng an Dippech zesummeschaffen.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Richartz.

Da géif den Här Serge Goffinet d'Wuert kréien. Här Goffinet, et ass un Iech.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, ech probéiere mech kuerz ze faassen. Ech maachen dat och. Meng Virriedner vun der LSAP hunn de Budget sou genee erkläert a genee Bemierkunge gemaach, dass ech elo net méi grad sou vill brauch doriwwer ze schwätzen.

Ech hunn awer e puer Punkten, déi a mengen Ae wichteg sinn, déi nach net grad esou ernimmt gi sinn. Ech fänken u mam Budget vun der Programmation vum Ale Stadhaus. Ech si ganz zefridden, dass de Budget d'selwecht bliwwen ass wéi dee vum leschte Joer, vun 2017. Wat ech awer bemängelen, oder net bemängelen, mä bemierken, ass, dass mir eis kee ganz grouse Betrag gi fir d'Publizitéit no baussen. Dat ass schonn ugeschwat ginn. Et gëtt och aner Méiglechkeeten, fir Publizitéit ze maachen – iwwert de Radio, iwwert d'Télee – an doduerch eis Gemeng an eis Programmation e bësse méi siichtbar ze maachen.

Eng aner Méiglechkeet vu Siichtbarkeet ass d'Installatioun vu Liichtpanneauen am Ufank vun der Gemeng oder op

der Moartplaz, fir eben all Bierger, déi vläicht net den Diffmag oder iergendeng aner Publikatioun liesen, drop opmierksam ze maachen, wat hei an der Gemeng leeft. Dat ass net reng kultureller Natur, dat ass fir Sportevenementer, fir aner Eventer. Dat ass zum Notzen an zum Virdeel vun der Gemeng.

Da kommen ech natierlech, als fréiere President vun der Kulturkommissioun, zum Projet 2022. Et sinn 100.000 Euro fir 2018 ageplangt ginn. Mä néierens steet esou richteg, wat mat där Zomm, deenen 100.000 Euro, virgesinn ass. Ech weess net, ech hu mech e bëssen duerchgewullt, déi stinn do, an ech mengen, den Här Ulveling wäert mer dann déi néideg Informatiounen dozou ginn.

Hei am Gemengerot wier et och emol interessant ze diskutéieren, wéi déi eenzel Fraktiounen zu deem Projet stinn, a wat si vum Projet erwaarden. Ech gleewe kaum, dass een dergéint wier, mä wat een erwaart vum Projet, a wéi nohalteg de Projet soll sinn, ass menges Erachtens ee vun deene wichtigste Punkten. Wann déi Responsabel vun der Gemeng sech do gescheit uleeën, wäert d'Gemeng an natierlech d'Regioun nach Jore vun deene Projekte profitéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Richteg.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Den nächste Punkt ass een, dee mer besonnesch wichteg ass, och alt erëm als fréiere President vun der Kulturkommissioun.

De leschte Schäfferot hat eng Archivarin agestellt. Als President war ech iwwerglécklech, well dat war ëmmer eng Fuerderung vu mir als President an och vun der ganzer Kulturkommissioun. Mä déi Freed war zimlech kuerz, well ech gemierkt hunn, dass déi Archivarin hallef Tâche als Archivarin hëlt an déi aner Halschent an der Bibliothék schafft.

Eng Archivarin ass e Posten, dee wichteg ass, et ass eng Persoun, déi héich

2. Finances communales

ausgebildet ass, déi dat wonnerbar, minutiéis mécht. An eis Gemeng huet esou vill Aarbecht, dass se sech wierklech kéint erlaben, déi Tâche zu 100% auszufüllen. Ech mengen, d'Geschicht vun eiser Gemeng wier dat wäert.

Just als kleng Remarque. Ech mengen, et wier einfach besser, dee Moment souguer zousätzlech zu der 100%-Tâche en anere Personnage mat anzubannen, wann där enger Persoun vläicht eng Kéier eppes géif geschéien, oder... Dat ass e ganz grousst Uleies. An ech hoffen, dass Der als Schäfferot e bëssen entgéint kéint kommen.

Fir et nach eng Kéier ze betounen: „Ech fannen et aarmséileg“. Et ass wichteg, dass mer d'Geschicht vun Déifferdeng an e richteg Kontext setzen an hir méi eng grouss Valeur ginn.

Domat géif ech dann zu den Archive kommen. D'Archiven an der Uewerkurer Schoul si net méi passend. Déi sinn an engem muffege Keller.

Souwäit ech weess, sollen d'Archiven op der neier place Nelson Mandela gebaut ginn. Ass dat de Fall? Wa jo, sinn déi grouss genuch? An ass do alles adequat ugepasst, fir dass mer, ...

(Ënnerbriechung)

Dir sidd den neie Schäfferot. Ech stellen déi Froen un den neie Schäfferot. Wat se domatter wëlles hunn. Ginn déi Archive grouss genuch? Ginn déi direkt ugebonnen un d'Bibliothék? Wat ideal wier.

Dann nach eng kleng Fro: Stellt Der de Bam-Expert honnertprozenteg an, oder stellt Der dee 50/50 an? Ech wier frou, wann dat net esou géif lafe wéi bei der Archivarin.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Mir hu bäigeléiert.

SERGE GOFFINET (LSAP):

Da wäre mer scho beim Bësch ukomm. Voilà. De Bam-Kadaster ass eng wonnerbar Saach. De Bam-Kadaster war eng laang Fuerderung, souwäit ech

weess. Schonn zu där Zäit virun 12, 13, 14 Joer, wou ech an der Ëmweltkommissioun war, ass schonn dovunner geschwat ginn. Dee kënnt jo dann och. Um Bësch-Plang ass einfach guer näischt aussetzen. A mam Astelle vun engem Bam-Expert si mer natierlech honnert Prozent d'accord.

Den „Urban Green“ ass eng flott Saach, fir eis Gemeng méi ze begréngen. Do wollt ech just froen: sinn déi 200.000 Euro, déi am Budget stinn, reng fir Beem, oder ass dat Beem a Beplanzen? Okay. D'Beem an d'Beplanzen.

Da wollt ech nach zu e puer Punkten am Budget, zu de Chiffere Froen stellen oder verschidde Bemierkunge maachen. An de Recettes ordinaires, ënner Hôtellerie/Restauration/Brasserie/Café ass e globale Montant vun 280.000 Euro. Dat si Location de bâtiments à destination de restaurants/brasseries ou hôtellerie. Dat ass de Punkt 2-492. Ech wëll eigentlech just wëssen, wat bei verschiddene Lokalitéiten erakënnt. Dee Chiffer ass einfach global.

Eng Bemierkung zu den Dépenses ordinaires vun de Frais de publications communales, dat ass deen nächste Punkt: do stinn 20.000 Euro, dat ginn 10%. Ass dat fir weider Infoe bei de Chamberwahlen oder wat? Ech wier frou, doriwwer méi Informatiounen ze kréien.

Weider an den Dépenses ordinaires, Autres, jeunesse, dat ass 3-259, Fête annuelle pour jeunes: firwat sinn déi 7.500 Euro?

Da kommen ech zu méi grousser Chifferen. Wat schonn hei ugeschwat ginn ass, den Diffbus, de Punkt 3-441: do stinn 1.600.000 Euro am Budget. Dat sinn 390.000 Euro méi. Wat ass d'Begrënnung, firwat mer do méi Geld ausginn? Déiselwecht Fro beim T.I.C.E., dat ass de Punkt 648211-990025, wou mer 2.466.145,90 Euro ausginn. D'lescht Joer waren et 1.784.000 Euro.

Dépenses ordinaires, Protection de la nature, en anere Punkt, 3-542 Participation aux frais d'exploitation d'une association Territoire national transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette Asbl: 71.000 Euro. Wéi gëtt dat gerechent? Dat hunn ech net richteg erausfonnt.

Serge Goffinet trouve qu'il faudrait même créer un deuxième poste à temps complet au cas où il arriverait quelque chose à un des deux. Il trouve la situation actuelle vraiment minable. Il faut redonner à l'histoire de Differdange sa juste valeur.

L'école d'Oberkorn, où se trouvent les archives actuellement, n'est pas un site adapté. C'est une cave sentant le renfermé. Serge Goffinet a entendu dire que les archives emménageront sur la place Nelson-Mandela. Est-ce vrai? Les locaux seront-ils assez grands?

(Interruption)

Serge Goffinet rétorque qu'il pose la question au nouveau collègue échevinal. Les archives seront-elles reliées à la bibliothèque?

L'expert en arbres sera-t-il recruté à temps complet? Serge Goffinet espère que le collègue échevinal ne fera pas comme avec les archives.

Le cadastre des arbres est une excellente chose. Il en est question depuis quelque 14 ans, époque à laquelle Serge Goffinet faisait partie de la commission de l'environnement.

Urban Green est une bonne chose. Serge Goffinet demande si les 200 000 € prévus dans le budget sont destinés uniquement aux arbres ou aussi à d'autres plantations.

Deux-cent-quatre-vingt-mille euros sont alloués à la location de bâtiments destinés à l'hôtellerie, la restauration, les brasseries et les cafés. Serge Goffinet demande des détails.

En ce qui concerne les frais de publication, le budget augmente de 20 000 € — soit 10 %. Est-ce lié aux élections législatives?

Sept-mille-cinq-cents euros sont destinés à une fête annuelle pour jeunes. De quoi s'agit-il?

Le budget alloue 1 600 000 € au Diffbus, une augmentation de 390 000 €. Pourquoi cette augmentation? La même question vaut pour le TICE, dont le budget passe de 1 784 000 € à 2 466 145,90 €.

La Ville de Differdange participe à hauteur de 71 000 € à l'association Territoire national transfrontalier de la Chiers et de l'Alzette. Comment cette participation est-elle calculée? Serge Goffinet passe à la gestion de l'eau et constate qu'il est pré-

2. Finances communales

vu d'augmenter le prix de l'eau de 20 %.

Dix-mille euros serviront à déplacer le monument de la place du Marché. Il était temps.

(Interruption)

Serge Goffinet rappelle que la commission culturelle avait déjà remis un avis dans ce sens, car il n'est pas apprécié des gens. Sans oublier les personnes qui laissent leurs chiens faire leurs besoins tout autour.

Le budget prévoit 140 000 € pour la modernisation des outils informatiques. Le projet d'installation de hotspots Wifi sera-t-il réalisé avec les autres communes du sud?

L'aménagement d'un parc interrégional à Lasauvage coulera 250 000 €, mais les subventions se montent à 225 000 €. Combien de temps les travaux dureront-ils?

Qu'en est-il de la modernisation des outils de communication dans la rubrique «City Management»? À quoi cet argent servira-t-il?

Serge Goffinet regrette ensuite que le collège échevinal ne prévoise pas d'acquérir de nouveaux chalets pour le Marché de Noël. Il signale que les chalets actuels ne sont plus en bon état.

En ce qui concerne le volet social, Serge Goffinet souhaite l'aborder lors de sa prise de position sur le programme du collège échevinal le 24 janvier, car pour lui, ce volet n'est pas purement financier.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) signale que cette séance est une des plus importantes de l'année puisque le budget fixe toutes les dépenses et les recettes de 2018. Pour lui, le budget 2018 est un bon cru puisqu'il est à la fois ambitieux et équilibré. Il se focalisera sur des thèmes qui lui tiennent particulièrement à cœur en raison de son vécu personnel et professionnel: la jeunesse, l'intégration, l'égalité des chances et l'informatique.

Dépenses ordinaires, Alimentation en eau, Participation aux frais d'exploitation d'un syndicat de production d'eau potable SES: just als Bemierkung: et stoung am Budget, de Waasserpräis géing 20% an d'Luucht. Do wäre mir als LSAP natierlech frou, wann dat net onbedéngt zu enger Taxenerhéijung géif féieren.

Dépenses ordinaires, Patrimoine culturel: 10.000 Euro. De Punkt 3-838, dat ass, fir d'Monument vun der Moartplaz ze deplacéieren. Dat ass jo dat Monument beim Klänge Casino. Wat eng gutt Saach ass. Et gött déck Zäit ...

(Ënnerbriechung)

Do hate mer schonn eng Kéier als Kulturkommissioun en Avis ginn, fir dat Monument vläicht ze réckelen, well dat net grad vun de Leit appréciéiert gött, zemools vun deenen, déi mat hiren Hënn ronderëm trëllen a mengen, si missten hiren Hond dann do ronderëm Gassi féieren.

Weider zu den Dépenses extraordinaires, Informatique, Frais d'études et frais de recherche, de développement, de modernisation des outils informatiques, de communication externe et interne: 140.000 Euro. Do interesséiert mech besonnesch de Wifi, den Hotspot. Wéi dat agesat gött, an ob dee Projet mam Wifi a mam Hotspot mat anere Südgemengen a Verbindung ausgeschafft gött.

Dépenses extraordinaires, Ecologie, Aménagement d'un parc interrégional Lasauvage: 250.000 Euro investéiere mer. Dovu sinn 225.000 Euro Subsid, hat ech gesinn. Da leeë mir als Gemeng 25.000 Euro drop. Wéi laang soll dee Projet dauen? Wat soll deen am Endeffekt kaschten? Gött et do Virstellungen?

Zum Citymanagement: dat wier eent vun deene leschten Themen, wou ech reng budgetär, also Rechtfroen, hunn. Citymanagement, Modernisation des outils de communication: 50.000 Euro. Dat ass e bësse vag. Wat wëllt Der domatter maachen?

Dann eng aner Saach vun der Maartleit vum Chrëschtmoart, déi u mech eruge-droe ginn ass. Duerfir kommen ech op déi Fro. Fête publique, Acquisition cha-

let marché de Noël: 0 Euro. Mir hunn ëmmer manner Chaleten. An eis Chaleten sinn net méi grad am allerbeschten Zoustand. Wier et net vläicht emol un der Zäit, eng nei Formule ze fannen oder nei Chaleten ze kafen? Dat emol zu de Chifferen.

Zum Budget 2018, zu de soziale Froen: Zu de soziale Froen ass vill gesot ginn. Ech wollt déi awer eigentlech net am Budget maachen. Ech wollt déi an der Schäfferotserklärung maachen, de 24. Ech gesinn et net nëmme vun enger finanzieller Natur, ech gesinn et och vun enger sozialer Natur. Ech wier frou, dozou eng Kéier Stellung kënnen ze huelen.

Dat wier et. Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Här Goffinet.

Ech géif dann dës Säit kucken. Här Paulo Aguiar.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter. Dir Dammen an Häre vum Schäfferot, léif Kolleegen, all Matbierger, comme vous le savez, les séances de la semaine dernière et celle d'aujourd'hui font partie des plus importantes de l'année, puisqu'il est question du budget 2018. C'est-à-dire du document qui fixe toutes les recettes et dépenses pour l'année à venir. Et qui prévoit également les projets qui vont s'étendre bien au-delà de 2018.

Il me semble que le budget 2018 est un bon cru. Il est suffisamment ambitieux pour permettre à Differdange d'aller de l'avant, mais en même temps il est équilibré financièrement.

En ce qui me concerne, je souhaite revenir sur plusieurs thèmes me tenant particulièrement à cœur en raison de mon vécu et de mes expériences professionnelles, et notamment la jeunesse, l'intégration, l'égalité des chances et l'informatique. Ce sont précisément ces thèmes-là que je vais aborder aujourd'hui en commençant par la jeunesse.

2. Finances communales

Quand on parle des jeunes et des difficultés qu'ils peuvent rencontrer, deux problèmes reviennent inmanquablement. Ce sont ceux du logement et de l'emploi.

Deux problèmes qui sont d'ailleurs souvent liés, car nous savons tous à quel point il est compliqué au Luxembourg, notamment à Differdange, de trouver un logement convenable sans disposer de ressources financières conséquentes. Et je ne parle même pas forcément de l'acquisition d'un logement, mais même de la location. Et s'il est vrai que dans notre ville les prix sont plus raisonnables que dans le reste du pays, nous savons aussi que la situation de notre population n'est pas des plus aisées non plus. Donc, sans travail, pas de logement. À moins d'habiter chez ses parents. Mais tous les jeunes n'ont pas cette possibilité non plus. Et sans logement, il est aussi dur de chercher un emploi et de se faire engager. Bref, là on rentre dans un cercle vicieux.

Au-delà même du travail, comment inviter des amis, vivre en couple ou fonder une famille si on n'a pas de maison?

Dans ce contexte, je ne peux que saluer toutes les mesures prises dans le domaine de la construction de logements abordables et en particulier la création de l'ensemble sociofamilial Arboria dont le premier coup de pelle a eu lieu en juillet dernier et qui devrait ouvrir ses portes à l'automne de 2019. Il comprendra au-delà d'une crèche de l'APEMH et d'appartements pour étudiants, une quinzaine de studios spécialement destinés aux jeunes.

Pour de nombreux jeunes, leur proposer des logements adaptés, c'est vraiment leur retirer une épine du pied et leur faciliter grandement la vie. Differdange a besoin de ce projet et d'autres projets dans le même style.

Pour ce qui est de l'emploi, la commune va continuer, et je le salue expressément, à recruter des jeunes dans le cadre d'un contrat CAE, le contrat d'appui emploi. Ce contrat permet aux jeunes de trente ans ou moins d'être embauchés par l'État ou la commune pendant douze à dix-huit mois. Ils reçoivent alors une formation théorique et pratique facilitant plus tard leur insertion dans le marché d'emploi.

Et toujours en ce qui concerne les emplois des jeunes, Differdange est une des communes participant au projet «Outreach youth work», un projet issu de l'entente des gestionnaires des maisons des jeunes, qui est extrêmement important à mes yeux.

Pour ceux qui ne le savent pas, l'«Outreach youth work» a pour objectif de venir en aide aux jeunes de 16 à 26 ans, qui sont inactifs. C'est-à-dire qui n'ont pas d'emploi, mais qui ne suivent pas non plus une formation. Concrètement, il s'agit d'un véritable travail sur le terrain, puisqu'une psychologue de formation est chargée d'aller à la rencontre de ces jeunes. Et une fois les jeunes retrouvés, sa mission se compose de plusieurs étapes: établir une relation de confiance avec les jeunes, définir un plan pour le sortir de sa situation et l'accompagner dans ses démarches prévues par un plan établi, par exemple d'aller avec le jeune à l'ADEM ou à l'office social.

Ce projet, soutenu par le Fonds social européen auparavant, a commencé il y a deux ans. Et ce qui est nouveau pour 2018, c'est que la ville de Differdange a décidé d'ajouter son poste dans le cadre d'une convention avec le «Jugendtreff Déifferdeng» afin de lui permettre de poursuivre son travail dans notre ville. C'est une décision que je salue également.

Le projet «Outreach» est réalisé dans le cadre spécifique, je répète, par le «Jugendtreff Déifferdeng», auquel je dois assigner l'importance de ces structures de jeunes dans notre ville. Avec l'ouverture de celle de Fousbann dans quelques semaines, je l'espère...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Moi aussi.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG):

... nous en aurons quatre à Differdange. Quatre maisons des jeunes qui permettent aux jeunes de notre ville de se retrouver entre eux, de participer à des activités, à des projets, mais toujours en toute liberté et sans aucune contrainte.

Pour ce qui est de la jeunesse, deux problèmes reviennent inmanquablement: l'emploi et le logement. Ces deux points sont liés, car on rentre vite dans un cercle vicieux: sans travail, les jeunes ne peuvent pas acheter ou louer un logement; mais sans logement, il n'est pas évident non plus de se faire embaucher. Mais au-delà même du travail, la vie sociale s'en ressent puisqu'on ne peut pas inviter des amis ou vivre en couple sans habitation. C'est pourquoi Paulo Aguiar salue la construction de logements à prix modérés et en particulier l'ensemble sociofamilial à Arboria prévoyant une crèche de l'APEMH, mais aussi des appartements pour les jeunes et les étudiants. Donner un logement aux jeunes revient à leur retirer une épine du pied. Et c'est pourquoi Differdange a besoin de projets comme celui-ci.

La commune recrute aussi de nombreux jeunes à travers des contrats CAE leur permettant de travailler et de se former pendant 12 à 18 mois. Paulo Aguiar mentionne ensuite le projet «Outreach Youth Work», qui est extrêmement important à ses yeux. Il a pour objectif d'aider les jeunes de 12 à 26 ans sans emploi, mais également sans formation. Concrètement, une psychologue va à la rencontre de ces jeunes, établit une relation de confiance avec eux, définit un plan pour les sortir de leur situation et les accompagne ensuite dans leurs démarches. Ce projet est soutenu par le Fonds social européen et la Ville de Differdange a décidé de créer un poste dans le cadre d'une convention avec le Jugendtreff Déifferdeng. Paulo Aguiar salue cette décision.

Il rappelle que Jugendtreff Déifferdeng s'occupe des structures pour jeunes de notre ville. Il espère d'ailleurs que la maison des jeunes du Fousbann ouvrira dans quelques semaines.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
l'espère également.

PAULO AGUIAR (DÉI GRÉNG) *ajoute que Differdange comptera alors quatre maisons des jeunes permettant aux jeunes de participer à des activités ensemble, mais toujours sans contraintes. Il se réjouit de*

2. Finances communales

L'ouverture de la maison des jeunes du Fousbann, car elle est unique. Elle comprend notamment une piste de skateboard amovible, qui se transforme alors en terrain de sport pour le football ou le basket. Le toit est équipé de panneaux solaires installés par les jeunes en partenariat avec Greenpeace. Paulo Aguiar a hâte que cette maison des jeunes ouvre ses portes.

Les jeunes doivent s'intéresser davantage à la politique communale. Pour cela, il faut les faire participer aux décisions les concernant. Paulo Aguiar espère que les conseils communaux des enfants et des jeunes trouveront l'écho nécessaire et qu'ils seront poursuivis ou relancés. Il sait qu'un appel à candidats a été lancé récemment dans les cycles 3 et 4 des écoles de Differdange.

Il passe au thème de l'intégration. Lors de sa présentation, il avait abordé les problèmes qu'il avait rencontrés lorsqu'il est arrivé au Luxembourg. Le plus grand obstacle n'était ni sa volonté ni l'absence de mesures, mais le manque de connaissances concernant les outils à disposition. Si les immigrés ne savent pas que des outils facilitant leur intégration existent, ils ne lui servent à rien. Ces dernières années, la Ville de Differdange a beaucoup fait dans ce contexte. Paulo Aguiar mentionne la création du wok, qui soutient les associations actives dans le domaine de l'intégration, des campagnes comme «Je vis ici, je vote ici» ou «Differdange vote: une chance, un droit», les actions de soutien aux demandeurs d'asile, les conférences, les tables rondes... Si beaucoup a été fait, Paulo Aguiar trouve qu'il y a du pain sur la planche pour faire parvenir les informations là où il faut. La documentation mise à disposition des nouveaux arrivants doit être adaptée à leurs besoins en étant rédigée en plusieurs langues et surtout dans un langage facile à comprendre.

Par ailleurs, l'intégration est un processus qui se fait dans les deux sens. Chacun peut y contribuer. Dans ce contexte, Paulo Aguiar trouve intéressante l'idée d'un système de parrainage pour habituer les nouveaux arrivants à leur nouvel environnement. Il a hâte de voir comment ces

Je me réjouis particulièrement de l'ouverture de cette maison des jeunes du Fousbann, parce qu'elle est unique dans notre pays, et même au-delà. Pour rappel: elle était planifiée avec les jeunes eux-mêmes, puisqu'ils ont eu la possibilité d'apporter leurs idées au cours d'un forum. Il en est sorti un grand hall avec une piste de skateboard amovible, ce qui permet de transformer cette partie de la maison en un terrain de multisport et pratiquer par exemple le foot ou le basket.

Un autre élément particulièrement intéressant de cette maison des jeunes, c'est qu'elle comprend des panneaux solaires, installés par les jeunes eux-mêmes, en collaboration avec Greenpeace. Je dois dire que j'ai vraiment hâte de la voir ouvrir ses portes et de la voir remplie de vie.

Je disais que les jeunes eux-mêmes avaient participé à la planification de cette maison des jeunes, ça me mène tout droit à mon prochain point. C'est qu'il faut intéresser les jeunes davantage à la politique communale et qu'il faut les faire participer aux décisions qui les concernent.

Le budget prévoit des fonds pour le «Kannergemengerot» et le «Jugendgemengerot». J'espère que ces deux projets trouveront l'écho nécessaire et qu'ils seront poursuivis ou relancés là où c'est nécessaire. En tout cas, je sais qu'un appel à candidats était lancé récemment dans les cycles 3 et 4 des écoles pour le conseil communal des enfants.

Je pourrais poursuivre encore longtemps s'il me fallait mentionner tous les projets mis sur pied à la Ville de Differdange, mais je voudrais aussi aborder d'autres thèmes et notamment l'intégration.

Lorsque je me suis présenté en tant que nouveau conseiller communal il y a quelques semaines, j'avais brièvement mentionné les difficultés que j'avais rencontrées lorsque je suis venu du Portugal au Luxembourg il y a vingt-trois ans. J'avais notamment dit que lorsqu'on essaie de s'intégrer, le principal obstacle n'est ni le manque de volonté de l'immigré ni forcément le manque des outils et de mesures mis à dispositions. Mais plutôt le manque de

connaissance de ces mesures. Car si je ne sais pas que ces mesures existent, je ne sais pas comment m'y prendre pour en profiter. Et donc, elles ne me serviront à rien.

Il me semble qu'en cours de ces dernières années Differdange s'est montrée extrêmement active dans le domaine de l'intégration et qu'elle a mis en place des structures et développé des campagnes pour aller à l'information. Il n'est pas nécessaire, je pense, de dresser une liste exhaustive de tout ce qui était fait, mais juste à titre d'exemple et sans ordre particulier je pourrais citer: la création du Wok qui apporte son soutien aux clubs, associations actives dans le domaine d'inclusion sociale, sous toutes ses formes, et dont l'équipe est extrêmement engagée. Les campagnes visant à convaincre les non-Luxembourgeois à voter, que ce soit à travers la participation à l'action de l'OLAI «Je vis ici, je vote ici» ou la campagne «Differdange vote, une chance, un droit». Les actions menées autour de ces demandeurs d'asile, que ce soient des réunions d'information ou des appels aux dons. Les conférences et tables rondes autour du thème de la double-nationalité, etc.

Il faut continuer sur cette voie afin d'assurer que les informations parviennent bien là où il faut. Mais malgré tout ce qui est fait, il reste encore beaucoup à faire. Je tiens par exemple à souligner l'importance à mettre à disposition de notre population, et notamment des nouveaux arrivants, une documentation adaptée à leurs besoins. C'est-à-dire en plusieurs langues et surtout aussi dans un langage facile à comprendre par tout le monde.

Il ne faut pas oublier non plus que l'intégration est un processus fait dans les deux sens et auquel chacun peut et doit contribuer. Je trouve particulièrement intéressante la mise en place d'un système de parrainage, dans le cadre duquel les personnes qui vivent à Differdange contribuent à habituer les nouveaux venus à leur nouvel environnement. Cela peut prendre de nombreuses formes: donner une aide dans les démarches administratives, au niveau de la langue ou bien grâce à une simple visite de notre ville ou la découverte de nos traditions.

2. Finances communales

À mes yeux, de tels parrainages ont beaucoup à offrir et je suis déjà curieux de voir comment cela se déroulera concrètement.

Pour ce qui est de l'intégration des demandeurs de protection internationale, Differdange a été une des premières et une des rares communes à avoir apporté son soutien concret au moment de la crise. Nous devons continuer à mettre des structures adéquates à la disposition de ces personnes en détresse et veiller à ce que leurs enfants puissent être scolarisés et intégrés dans les structures d'accueil afin de mettre toutes les chances de leurs côtés pour une bonne intégration dans notre société.

Je viens de parler des chances, et cela me mène tout droit à un sujet me tenant aussi à cœur, c'est celui de l'égalité des chances. Il s'agit bien évidemment d'un sujet extrêmement vaste, puisque l'égalité des chances touche des domaines aussi variés que la nationalité, la race, la religion, l'âge, le sexe, l'orientation sexuelle, le handicap. La Ville de Differdange dispose de nombreuses mesures promouvant l'égalité des chances, et ce pour tous les âges et dans de nombreuses situations de la vie.

Dans ce contexte, je souhaiterais saluer la reconduction du projet Baby Plus, qui vient en aide aux jeunes familles en attente de bébés et ensuite au nouveau-né pour la première année de vie.

Le projet Senior Plus, qui est lui aussi reconduit et qui permet de lutter activement contre la solitude, dont peuvent être victimes les seniors. Et à ne pas oublier qu'un jour, on sera également un senior.

S'assurer que chacun dispose des mêmes chances doit être une priorité dès le plus jeune âge. Ici aussi, je me réjouis particulièrement de la politique scolaire et de l'accompagnement des enfants poursuivis par la Ville de Differdange depuis plusieurs années, et qui prévoient la construction d'écoles plus petites et de maisons relais dans les quartiers au lieu des grands campus scolaires. Des structures plus petites permettent un accompagnement plus personnalisé des enfants. Il est plus facile également pour les enseignants et les éducateurs d'intervenir individuellement en cas de difficultés.

Au-delà du simple encadrement des enfants et des jeunes, les maisons relais et les maisons des jeunes ont un rôle important à jouer dans la promotion de l'égalité des chances. La Ville de Differdange doit soutenir la mise en place de ces projets dans ces structures visant à lutter contre toute forme de discrimination qu'elle soit liée au sexe, au handicap, etc.

Inutile de nous voiler la face, l'égalité des chances est profondément liée à la situation financière de nos citoyens. Et s'il n'est pas possible — au simple niveau communal en tout cas — d'éradiquer ce type d'inégalité, la Ville de Differdange fait énormément pour soutenir les personnes en proie à de difficultés financières. Il y a quelques semaines, le docteur Mangen a d'ailleurs présenté les nombreuses formes que ce soutien peut prendre dans son bilan de l'Office social.

Le budget de 2018 prévoit lui aussi des allocations substantielles, ce que je salue expressément.

Enfin, pour conclure le volet de l'égalité des chances, je tiens à saluer l'importance que le collège échevinal a donnée au concept du «Design for all» visant à supprimer les barrières physiques et sociales, dans les infrastructures et les services publics.

Je passe maintenant au dernier sujet, l'informatique. C'est un ressort un peu ingrat. On dit toujours que les gens s'attendent à ce que tout fonctionne. Mais on ne se rend pas vraiment compte du travail réalisé dans les coulisses pour que justement tout marche. En effet, malheureusement on ne parle de l'informatique que quand quelque chose ne marche pas.

C'est un domaine où tout évolue très vite et en permanence. Il faut donc des gens extrêmement compétents pour tenir le pas. Personnellement, je souhaiterais saluer le renforcement de l'équipe du service informatique communal au cours de ces derniers mois et années. Ce qui a permis de réaliser en interne des tâches qui étaient auparavant réalisées par des entreprises externes. C'est la voie à suivre et c'est d'ailleurs la voie que compte suivre notre parti «déi gréng», puisqu'il est prévu d'embaucher un programmeur en 2018. Un pro-

parrainages se dérouleront concrètement.

Differdange a été une des premières et une des rares communes à soutenir les demandeurs de protection internationale. Il faut mettre des structures adéquates à leur disposition et veiller à ce que les enfants soient scolarisés afin de mettre toutes les chances de leur côté.

Paulo Aguiar passe à l'égalité des chances. Celle-ci touche des domaines comme la religion, l'âge, le sexe, l'orientation sexuelle, le handicap... Le conseiller communal salue tout d'abord la reconduction du projet Baby Plus venant en aide aux jeunes familles en attente d'un bébé. Il mentionne ensuite le projet Senior Plus luttant contre la solitude des personnes âgées.

S'assurer que chacun dispose des mêmes chances est important dès le plus jeune âge. Paulo Aguiar salue la construction d'écoles et de maisons relais dans les quartiers au lieu de grands campus centralisés. Elles permettent un accompagnement plus personnalisé et facilitent le travail des enseignants et des éducateurs. Les maisons relais et les maisons des jeunes ont un rôle à jouer dans la promotion de l'égalité des chances. La Ville de Differdange doit soutenir la mise en place de projets visant à lutter contre la discrimination dans ces structures.

L'égalité des chances est aussi liée à la situation financière des citoyens. La Ville de Differdange soutient les habitants dans le besoin. Il y a quelques semaines, le docteur Mangen a présenté les nombreuses formes que ce soutien peut prendre dans son bilan de l'office social. Le budget 2018 prévoit des allocations substantielles.

Le collège échevinal accorde par ailleurs une grande importance au concept du «Design for all» visant à supprimer les barrières physiques et sociales dans les infrastructures et services publics.

Paulo Aguiar passe à l'informatique, un ressort ingrat, car on en parle uniquement quand les choses ne fonctionnent pas. Au cours des derniers mois, le service informatique a été renforcé, ce qui lui a permis de réaliser de nombreuses tâches en interne. En 2018, il est prévu de recruter un programma-

2. Finances communales

teur, dont une des missions consista à mettre en place un processus d'automatisation des tâches administratives pour faciliter le travail des employés et fonctionnaires.

Une tendance importante est celle du «paperless», c'est-à-dire l'abandon du papier au profit du numérique. Paulo Aguiar rappelle la mise en place du Diffcloud par le service informatique, qui permet aux conseillers communaux de télécharger les dossiers dont ils ont besoin au lieu de les imprimer. Le «paperless» est nécessaire pour l'écologie, mais aussi d'un point de vue financier, car les photocopies, les impressions et l'envoi de courrier contentent cher. Il reste à voir si pour aller vers le «paperless», une formation des services administratifs est nécessaire. Tout le monde sait-il comment s'y prendre? Connaît-on les astuces?

Paulo Aguiar pense avoir fait le tout des sujets qu'il voulait commenter.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

cède la parole à M. Altmeisch en parlant en français. Il traduit ensuite ses propos.

(Rires)

GUY ALTMEISCH (LSAP) souhaite revenir sur la sécurité et la circulation.

Il commence par le commissariat. Après tout, d'autres projets moins importants ont été commentés six ou sept fois. Il y a quatre ans, la commune, l'État et la direction de la police ont constaté que le taudis servant de commissariat de Differdange devait être modernisé. Les locaux sont mal placés, les conditions de travail sont catastrophiques, les dimensions ne sont plus adaptées... Les travaux ont commencé rapidement. Un accord a été trouvé quant à l'emplacement, aux dimensions et au financement du commissariat. Tout le monde semblait avoir conscience de l'urgence de la situation. Le bâtiment devait être construit à côté du nouveau parking du contournement. Le nombre de policiers était censé passer de 53 à 80. Le commissariat était voué à devenir un centre d'intervention adapté à la situation d'aujourd'hui et de demain.

Le dossier était donc sur le point d'être signé lorsque le collège éche-

grammeur dont une des missions, je crois, sera aussi de mettre en place un processus d'automatisation des tâches administratives. Ce qui, j'espère, facilitera le travail de nos employés et fonctionnaires communaux, mais aussi les démarches administratives de nos citoyens.

Une autre tendance qui me semble importante et qui est soutenue par le collègue échevinal est celle du «paperless». C'est-à-dire l'abandon considérable du papier pour passer au numérique. Dans ce domaine on ne peut que saluer le travail du service informatique avec notamment la mise en place du «Diffcloud», ce qui nous permet, à nous conseillers communaux, de retrouver notre documentation sur les serveurs de la commune et de les télécharger sur nos ordinateurs. Par conséquent, ne plus devoir imprimer des centaines et des centaines de pages et transporter des dossiers énormes.

Cette tendance au «paperless» est nécessaire non seulement d'un point de vue écologique, mais aussi financier lorsqu'on voit les dépenses occasionnées par les photocopies et les impressions, mais aussi les frais de poste pour l'envoi des courriers et des invitations.

Je pense vraiment qu'il faut aussi aller vers cette tendance «paperless» dans le cadre de nos services administratifs. Et là, c'est sans doute une question d'habitude, mais aussi une question de connaissances: est-ce que tout le monde sait comment s'y prendre? Est-ce qu'il faut prévoir des formations?

Est-ce qu'il faut avoir un plateau de communication pour se rendre compte des astuces? Dans quelle communication est-ce qu'on peut également se projeter pour nos citoyens de la Ville de Differdange?

Voilà. J'ai fait les grandes lignes pour tous les sujets que je tenais à commenter. Je vous remercie pour votre écoute.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci aussi, Monsieur Aguiar.

Et je donne la parole à Monsieur Altmeisch Guy. Ech ginn Iech d'Wuert.

(Gelaachs)

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech hat gutt verstanen. Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen an Dir Hären, ech wëll a menger Stellungnam zum Budget 2018 zwee Voleten eraushuelen. An zwar de Volet Sécherheet an de Volet Verkéier an der Gemeng.

D'Urgence vum Dossier, a meng perséinlech Vergaangenheet, verflachte mech dozou, nach eng Kéier op d'Situatioun vum Kommissariat anzegoen. Et ass déi x-te Stellungnam zu där Situatioun, mä ech stelle fest, dass aner Situatiounen, déi net esou grav sinn, sechs-, siwemol kommentéiert sinn. Dofir erlaabt mer, nach eng Kéier dozou Stellung ze huelen.

Virun zirka véier Joer waren déi concernéiert Institutiounen, dat heescht, de Stat, d'Gemeng an d'Policedirektioun sech eens, dass de Schandfleck Kommissariat Déifferdeng net den Ufuerderunge vum 21. Jorhonnert entsprécht. Net an zentraler Lag, keng biergerfrëndlech Gestaltung, katastrophal Aarbechtskonditioun fir d'Beamten, d'Dimensioun an d'Innenaustattung vum Gebai wäre veraltet. Deen drénglechen Handlungsbedarf war all Mënsch kloer. Aarbechte si schnell an Ugrëff geholl ginn, et war ee sech eens iwwer Emplacement, Dimensioun a Finanzéierung vum Kommissariat.

Am Zentrum vun eiser Stad sollt d'Gebai niewent deem neie Parkhaus Contournement gebaut ginn. Et war virgesinn, dem Bierger, deen Hëllef brauch, Parkplazen, adequat Zougangsweeër fir Leit mat enger reduzéierter Mobilitéit an e biergerfrëndlechen Accueil ze garantéieren. Vun haut 53 op 80 Beamte sollte se effektiv gehuewe ginn. D'Kommissariat sollt zu engem Asazenter wuessen, deen der Sécherheetlag vun haut a muer ugepasst ass. Aarbechtskonditiounen vun de Beamte sollten eiser moderner Zäit ugepasst ginn.

Den Dossier war ofgeschloss a sollt ënnerschriwwen ginn, an dunn ass d'Deklaratioun vum Schäfferot komm: „Aus Personalmangel kann net méi mat der Ënnerstëtzung vun der Stad Déifferdeng an dësem Dossier gerechent ginn“.

2. Finances communales

D'LSAP Déifferdeng stellt Folgendes fest: De Bau kritt minimum véier Joer Verspéidung. De Projet fänkt bei Null un, vu que dass ee vun deenen dräi Partner inexistent gött. Véier weider schrecklech Joer fir eis 25.000 Bierger, déi Hëllef bei der lokaler Police sichen, keng Parkplaz fannen, keen adequaten Zougangsweg, e Bonsai-Accueil vun 2 m² mat zwee Still, deen oft vu ville Leit benotzt muss ginn, déi sech fille wéi d'Hierken an der Tonn. Endlech am Gebai ukomm, müssen d'Leit sech dann un dee staarke Kanalgeruch gewinnen.

Mir schwätze vu Bierger mat Misär. Mir schwätze vu Bierger, déi Problemer hunn, déi Affer gi si vun engem Verbruechen oder enger Gewaltdot. Also eng schwéier Laascht ze droen hunn an duerch dës Ëmstänn net gutt drop sinn.

D'Beamte müssen am Alldag an dësem Schandfleck schaffen. Onméiglech Aarbechtskonditiounen, D'Sanitäreanlage fir 23 Leit mussen vun 53 Leit benotzt ginn. Dës Konditiounen sinn net de Motor vu mega Aarbecht. D'Dimensiounen vum Gebai erlaben net déi geplangte Personalverstärkung, déi misst a Relatioun mat der Sécherheitslag gemaach ginn.

D'Relatioun zwëschen der Gemeng an der lokaler Police leit garantéiert ënnert der Decisioun vum Schäfferrot. Schued, wou dach am Alldag zesummegeschafft an diskutéiert soll ginn, zum Wuel an zur Sécherheet vum Bierger.

National steet Déifferdeng um Podium, wat d'Polizeiaarbecht ubelaangt. Sabotage vum Gebai bréngt eis garantéiert eng éischte Plaz.

(Ënnerbriechung)

Merci fir d'Bemierkung.

Ech fuere viru mat der Situatioun vun der Sécherheet an dem Ordre public hei an der Gemeng. Vandalismus, Brandstiftung, Abréich stinn an der Gemeng Déifferdeng op der Dagesuerdnung. An ëffentleche Gebaier, op Spillplazen a Schoulen, bei Sportsinfrastrukturen a Parkanlagen, op Parkingen, an den ëffentlechen Transportmëttel, ëffentlechen Toiletten. An eiser Gemeng bleift kee Bau, keng Spillplaz, keng Plaz a kee Park verschount.

Joer fir Joer entsteet Schied an enormer Héicht.

Ech waarden op deen Dag, wou eis nei Bësch-Crèche vu Vandalen, respektiv Brandstëfter besicht gött. Dës flotte Site presentéiert sech onbewacht an der Gewan. Fräien Zoutrëtt zu Dag an Nuecht, keng Baussensicherung, schlecht beliicht, ouni Alarmanlag. Dat geet net méi laang ouni unerwünschte Besuch.

Et muss reagéiert ginn, net duerch Schafe vun neien Ugrëffsfläche fir Vandalen an Abriecher, mä duerch besser Ofsicherung vun eisen Infrastrukturen, mat Alarmanlagen, Bewegungsmelderen an allen aneren technesche Mëttelen. Besser Beliichtung vun de Parkanlagen a Parkingen, och verstärkt Kontrollen an der Nuecht duerch eis Agents municipaux an Zesummenaarbecht mat der lokaler Police, Präventionsaarbecht an Opklärungsversammlungen an de Primärschoulen an an de Jugendhaiser. Moossnamen, déi Geld kaschten, awer méi bëlle gi wéi permanent Reparaturen an Erneierungen a mëttelfristeg zu manner Vandalismus féieren.

Leider stellt d'LSAP Déifferdeng fest, datt am Budget 2018 kee Geld fir dës Projekte virgesinn ass. Wat mir staark bedauern. Hat de Budget extraordinaire 2017 nach 3,1% vun den Dépense fir ëffentlech Sécherheet virgesinn, sou stinn 2018 nëmmen 1,2% zur Verfügung. Déi 1,2%, déi gutt investéiert sinn, gi gebraucht, fir eise Pompjeeën en neie Camion ze kafen, en Deel vun de Lokalitéiten um Scheierhaff fir eis Sécherheitsservicer ze bezuelen, a 25.000 Euro ginn investéiert an d'Sécherheitskonzept vun de Schoulen. Sécherlech e gutt Investissement, mä et feelet mer einfach d'Ofsicherung an d'Sécherheet, déi investéiert géife ginn an dat, wat ech Iech virdrun zitéiert hunn.

Ech kommen dann zur Verkéierssituatioun, wou ech mer déi brisant Dossier erausgepickt hunn, soss wier ech bis dräi Auer de Mëtten amgaangen.

vinal a déclaré qu'en raison d'un manque de personnel, il ne fallait plus compter sur le soutien de la Ville de Differdange.

Guy Altmeisch constate que le projet va être repoussé de quatre ans au minimum et qu'il faudra recommencer à partir de zéro. Ce seront quatre années terribles pour les citoyens ayant besoin de la police, mais ne trouvant pas de place de parking et se retrouvant dans un accueil de deux mètres carrés où cela sent mauvais. En plus, il s'agit de citoyens victimes d'un crime ou d'un acte de violence.

Les fonctionnaires, quant à eux, travaillent tous les jours dans ce taudis. Cinquante-trois personnes utilisent des installations sanitaires prévues pour vingt-trois. C'est pourquoi les recrutements nécessaires ne peuvent pas être effectués. Bref, la décision du collège échevinal contribue à empirer les relations entre la police et la commune, alors qu'elles devraient collaborer pour le bien des citoyens.

Differdange est sur le podium des villes luxembourgeoises ayant le plus besoin de la police. Le sabotage du commissariat lui octroiera sans doute la première place.

(Interruption)

Guy Altmeisch constate que les vols, les incendies et le vandalisme sont à l'ordre du jour. Aucune infrastructure publique, aucun chantier, aucune aire de jeux ne sont épargnés. Les frais sont conséquents. Le conseiller communal s'attend à ce que la crèche en forêt soit vandalisée à son tour. Il est temps de réagir avec l'installation de systèmes d'alarme, de détecteurs de mouvements, un meilleur éclairage des parcs et parkings, plus de contrôles la nuit, etc. Ces mesures coûteraient moins d'argent que les réparations.

Malheureusement, le budget 2018 ne prévoit pas de fonds. Les dépenses pour la sécurité passent de 3,1 % à 1,2 % du budget extraordinaire — qui serviront entre autres à acheter un camion aux pompiers. Ces investissements sont importants, mais largement insuffisants. Le dossier de la circulation est lui aussi explosif. Guy Altmeisch a dû faire un choix. Autrement, il y passerait la journée.

2. Finances communales

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
lui répond qu'il a tout le temps du monde.

GUY ALTMEISCH (LSAP) commence par la suppression de la barrière dans le centre de Differdange. L'étude et l'aménagement d'une phase de test coûteront 250 000 €. Concrètement, la barrière restera fermée, les voitures passeront par la rue Kondel et le chemin pour piétons sera amélioré sur 150 m et passera par la rue des Mines. Sans compter les coûts engendrés par ces travaux, le collège échevinal créera une situation catastrophique: un quartier résidentiel servira de contournement. Le chemin de l'école deviendra dangereux. Des ruelles accueilleront les voitures qui passaient par de grandes routes. Les socialistes ne peuvent pas accepter une telle phase de test, où les accidents sont garantis et où les riverains verront leur qualité de vie baisser. Ils demandent la suppression du passage à niveau ainsi que la construction d'un pont garantissant la sécurité de tous.

Guy Altmeisch salue le plan pour la rue de Soleuvre jusqu'à la rue Émile-Mark, qui rendra leur qualité de vie aux habitants.

Il se demande cependant pourquoi les horodateurs seront remplacés par des machines plus complexes. La suppression d'une demi-heure de stationnement gratuit n'est certainement pas à l'avantage des commerçants.

(Interruption)

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
annonce une pause d'un quart d'heure avant de constater que M. Diderich souhaite intervenir. Il est comme Columbo: il a toujours une question à la fin.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) vient d'apprendre quelque chose sur lui-même.

Tout à l'heure, il a oublié de poser trois questions. Il rappelle que la commune a acquis le Lommelshaff et un bâtiment à Arboria. Or, les recettes extraordinaires n'en font pas mention.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
confirme les propos de M. Diderich.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dir hutt Zäit, Här Altmeisch. Dir hutt all Zäit vun der Welt.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci.

Dat éischt, wat ech wéilt uspriechen, steet am Budget op der Säit 154, den Artikel iwwert d'Suppressioun vun der Barrière hei zu Déifferdeng am Zentrum. 250.000 Euro si virgesi fir d'Etüd an den Amenagement vun der Testphas.

D'Testphas gesäit vir, dass d'Barrière zou bleift, de Verkéier duerch d'rue Kondel leeft, an de Foussgängerwee, deen do ass, verbessert gëtt op enger Längt vun 150 Meter. Dee Wee féiert dann an d'rue des Mines. Da gëtt vun der Ënnerféierung vun der neier Gare profitéiert, an de Verkéier fléisst an d'rue Prince Henri, fir a Richtung Bieles, respektiv Richtung Woiwer virugefouert ze ginn.

Ofgesi vun de Käschte fir de Bau, respektiv d'Ausbesserung vum Wee, dee vun der Kondelstrooss bis an d'rue des Mines féiert, an deenen anere Stroossen, schaaft de Schafferot folgend katastrophen Situatioun: e Wunnquartier gëtt an där Testphas zur Ëmgeungstrooss. E Schoulwee vun de Kanner, dee bis dato sécher war, gëtt zur mega Gefor fir d'Schoulkanner. De Verkéier, deen doduerch entsteet, gëtt laanscht eng Primärschoul, respektiv duerch Zoufaartsweeër vun dräi Primärschoulen an zwou Maisons relaise geleet. Schmuelt Stroosse sollen de Verkéier opfänken, dee virdrun op breede Stroosse gestaut huet.

D'LSAP Déifferdeng kann esou eng Testphas net zouloossen, wou vun där éischter Minutt un Accidenter, mat an ouni Foussgänger, garantéiert sinn, sou wéi de Verloscht vun der Liewensqualität vun den Awunner vun de betraffene Stroossen, deen net ausbleift an net kann zu engem positive Resultat féieren. Mir sti fir d'Ofschafe vun der Barrière mat Hëllef vun enger Ënnerféierung, respektiv Iwwerféierung, déi de séchere Wee garantéiert fir all Benotzer.

Allgemeng zur Verkéierslag begréisst mer déi Weiderféierung vum fréiere Verkéiersschaffen, de Plang vun der Zolwerstrooss bis bei d'Emile-Mark-Strooss, déi eng Verkéiersberouegung opweise soll, an de Leit, déi do wunnen, eng bekannten oder fréier Liewensqualität zeréckginn.

D'Ersetze vun den Horodateuren duerch méi komplizéiert Maschinnen ass fir eis fraghaft. D'Ofschafe vun enger hallwer Stonn gratis Parken ënnerstëtzt garantéiert net eis Geschäftswelt.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Wann ech gelift, loosst den Här Altmeisch wéi all déi aner schwätzen, ouni ze ënnerbriechen. Här Altmeisch, Dir hutt d'Wuert.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Merci. Dat war meng Stellungnam zum Budget 2018. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci fir déi Gespréicher. Ech géif soen, mer maachen eng kleng Paus vun enger Véirelstonn.

Pardon, den Här Diderich... Et ass net üblech, mä den Här Diderich ass wéi de Columbo. Zum Schluss, ier en erausget, huet en ëmmer nach Froen.

Här Diderich.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Do léieren ech eppes iwwert mech selwer.

Ech hu just dräi Froen, déi ech virdru vergiess hat. Dat eent ass: beim soziale Mietwunnungsbau hu mer de Lommelshaff an och Arboria kaf.

2. Finances communales

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Bei de Recettes extraordinaires steet awer näischt dran.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Am Fong hu mer do jo awer Subsiden zegutt. Ass dat elo nach ze fréi, oder fir wat ass dat? Kënnt Der herno kuerz ...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ass nach keen Engagement, mä ech mengen, datt awer beim Plateau funiculaire eppes drasteet. Ech kucken dat awer elo an der Paus no.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Okay.

An eng aner Fro ass, wat de Virdeel vum Fonds de réserve ass, ob dat iergendwéi e konkrete Virdeel huet, wann een esou eppes uleet oder ob dat einfach eng Comptabel-Spillerei, souzesoen, ass? Respektiv, wat den Här Hartung d'lescht Kéier ugeschwat huet: ob esou Investitiounen, déi herno Loyereren erabréngen, wéi eben zum Beispill Wunnengen, net grad esou gutt, wann net besser ugeluecht sinn, wann d'Mëttelen eben do sinn.

An déi lescht Fro ass déi, ob et iergendwéi Pläng gëtt, fir eng Gewerbesteier erofzesetzen hei zu Déifferdeng, oder ob dat just e Gerücht ass? Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Villmools Merci. Elo maache mer eng Véirelstonn Paus.

(Paus)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Fir d'éischt ee ganz grouse Merci fir déi flott Contributioun vun alle Conseilleren a Conseillëren. Et ass richteg schéin, wann ee sech kann ausschwätzen, wann een net ënnerbrach gëtt. Esou bréngt een et dann och fäerdeg, deem anere besser nozelauschteren an och d'Gefill ze ginn, dass een, egal wéi eng Meenung een huet, deem néidege Respekt vis-à-vis vun all Positioun gëtt.

Op déi vill Froe wäert ech probéieren eng Äntwert ze ginn, a meng Kollege wäerte genau datselwecht maachen, op d'Froe vun all Conseiller a Conseillère äntweren.

Ech wëll der LSAP Merci soen, d'Wahlresultat akzeptéiert ze hunn. Datt Der an der Oppositioun sëtzt an Der awer ugedeit hutt, esou positiv an esou konstruktiv mat ze schaffen a weider ze schaffen, rechnen ech Iech ganz héich un. Ech hoffe wierklech, datt mer déi nächst Joren, bei esou schwéieren Dossieren, eis vläicht scho virdru gesinn an déi och esou preparéieren, wéi mer am Fong geholl deen heite Budget bal zesumme gemaach hunn.

Den Här Schwachtgen hat zwou, dräi Froen, haaptsächlech iwwert den Thilleberg, den Här Bertinelli och. Selbstverständlech wäerte mir deen Dossier weiderféieren, datt mer e Plang opstellen an Devisen. Mir wäerten och domatter an de Gemengerot kommen. Et ass wichteg, datt dat weidergefouert gëtt.

Mir hunn eng Propos vun ArcelorMittal virleien, fir dat Ganzt ze kafen. Mir müssen eis just nach mam Präis eens ginn.

A wann ech scho beim Präis sinn: ech hunn e puermol, zwëschent den Zeilen, ze verstoe kritt, datt et vläicht net flott ass, ze vill knéckeg ze sinn. Mä ech mengen net, datt ech knéckeg sinn,

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) suppose pourtant que la commune a droit à des subsides.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) n'est plus certain, mais pense que le budget fait mention du plateau du Funiculaire. Il devra vérifier.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) demande ensuite si le fonds de réserve a un avantage concret ou s'il s'agit d'un simple jeu comptable. Comme l'a dit M. Hartung, des investissements rapportant des loyers sont tout aussi efficaces et peut-être même plus.

La troisième question concerne l'impôt commercial. Va-t-il être baissé ou bien est-ce une rumeur?

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) décrète une pause d'un quart d'heure.

(Pause)

Roberto Traversini remercie les conseillers communaux pour leurs contributions. Il est important de pouvoir s'exprimer sans être interrompu et de montrer le respect nécessaire, quelles que soient les positions de chacun.

Le collège échevinal va essayer de répondre aux questions.

Roberto Traversini commence par remercier les socialistes. Ils ont accepté les résultats des élections et font désormais partie de l'opposition, mais souhaitent se montrer constructifs. Le bourgmestre espère que les gros dossiers à venir pourront être réalisés ensemble.

M. Schwachtgen et M. Bertinelli ont parlé du Thillenber. Ce projet sera poursuivi. ArcelorMittal a fait une proposition concernant le terrain. Il reste à trouver un accord sur le prix.

Roberto Traversini profite de l'occasion pour revenir sur le fait que certains le trouvent avare. Il n'est pas d'accord. Mais le dernier collège échevinal a fait très attention à ses dépenses. En effet, lorsqu'on réalise un projet, il est parfois possible d'obtenir les mêmes conditions à un prix inférieur.

Le rôle du bourgmestre est de veiller à ce que l'argent soit dépensé de manière sensée. Si les finances se portent bien, c'est aussi parce que le collège échevinal a fait attention

2. Finances communales

aux recrutements. Cette année, des embauches sont prévues. Roberto Traversini espère que les conseillers communaux ne l'attaqueront pas parce que le budget ordinaire explosera. Les augmentations du budget ordinaire affectent les finances pendant des décennies. Il faut donc faire attention.

Tout le monde sait que le terrain de football du CSO doit être refait. Mais il faut d'abord trouver une solution intermédiaire pour le club comme cela avait été fait pour le LUNA.

M. Mangen abordera la question de SERVIOR tout à l'heure.

Il sera question du 1535° lors de la séance du 24 janvier. Le comité de sélection et la SOUNDFACTORY seront abordés au cours de cette séance. Toutes ces questions devraient aussi être débattues par la commission culturelle et la commission des finances, car cela n'a pas vraiment été fait au cours des dernières années.

Il serait temps que M. Meisch comprenne que le DP fait partie de l'opposition depuis cinq ans. Tout ce qui fonctionne à Differdange n'est donc pas le fruit du travail des démocrates. Sans oublier le fait que ces 15 dernières années, les décisions ont été prises par le conseil communal et non par un parti tout seul. Parfois, un parti est dans l'opposition, parfois dans la majorité. Il faut donc arrêter de dire que tout ce qui est bien, c'est nous. Et tout ce qui est mal, ce sont les autres. Les démocrates se comportent ainsi depuis des années. Roberto Traversini tire son chapeau aux socialistes, qui ne le font pas.

En ce qui concerne le Science Center, le programme de coalition est clair. La Ville de Differdange veut le Science Center, mais n'est pas prête à investir dans cet établissement sans en connaître les répercussions financières. Elle ne donnera pas d'argent à une association si elle n'a pas son mot à dire dans le projet. Le collège échevinal a discuté récemment avec le directeur du Science Center et hier avec le Premier ministre. Ces discussions se sont bien passées. Roberto Traversini signale que par ailleurs, un soutien financier de la Ville de Differdange n'a pas été sollicité au

ech mengen, datt de leschte Schäfferot extrem opgepasst huet, wéi en d'Suen ausginn huet. An datt ee verschidde Projeten d'selwecht ka maachen. Wann ee sech lénks a riets e puer Saachen ukuckt, aner Saache kucke geet, eventuell rechent, kritt een heiansdo vläicht déiselwecht Saachen, awer vläicht e bèsse méi bëlleg, respektiv kann een déi aneschtens virgesinn.

Mäi Rôle ass et, op d'Keess opzepassen an op de Budget opzepassen an d'Sue wierklech sënnvoll auszeginn, datt ee rouege Gewëssens ass. An ze kucken, ob een datselwecht net kann och méi bëlleg kréien. A wa mer finanziell esou gutt dostinn, ass dat och, well am Ordinären opgepasst ginn ass, an och bei der Politik, fir Leit anzustellen.

Mir hu ganz oft gesot kritt, mir sollten nach Leit astellen. Mir wäerten dat och maachen. Dir gesitt dat och. Mä dann hätt ech awer och gär, datt, wann den ordinäre Budget d'nächst Joer an d'Luucht geet, ech dann net vernannt ginn, well den ordinäre Budget explo-di-iert. Dat eent hänkt mat deem aneren zesummen. An den ordinäre Budget an d'Luucht ze setzen, ass zimlech nohalt-eg. Dat huet een da während Jorzéngen. Dofir ass et awer gutt, datt een am ordinäre Budget nach ëmmer oppasst, wou ee wat ausgëtt. Ech mengen, den Här Muller huet do eng ganz gutt Ana-lysis gemaach.

De Fussball, den CSO, ass ugeschwat ginn, och vum Här Schwachtgen. Natierlech hu mer vill Fussballsterrainen. Mir wëssen, datt, wa mer den Terrain frësch maachen, wou jiddereen hofft, dëst Joer derduerch ze sinn, mer mus- sen eng Zwëscheléisung fir den CSO fannen. Mä mir haten och eng Zwëscheléisung fonnt fir d'LUNA. Sou- wisou musse mer nach eng Kéier mat de Veräiner eng Diskussioun féieren iwwert den Terrain an d'Besetzung.

Den Här Muller hat Froen zu SERVI- OR. Den Här Mangen kënnt drop ze schwätzen, wat mer do schonn alles erëm probéiert hunn déi lescht zwee Méint, wéi dat soll weidergoen.

De 1535°C kënnt an déi nächst Gemen- gerotssitzung vum 24.: Leit, wou mer mengen, si sollen am 1535°C d'Selekti- oun maachen, professionell Leit, déi an deem Milieu schaffen, wäerte mer da

proposéieren, an alles, wat Soundfacto- ry ass, och am Detail erklären, wéi mir et gesinn.

Souwisou, wann et souwäit ass, wäer- ten déi Posten ausgeschriwwen ginn. Do sinn zwou, dräi nei Iddien, doriwwer misste mer zesummen diskutéieren. Et wier vläicht och flott, an der Kultur- kommissioun, respektiv an der Finanz- kommissioun eng Kéier iwwert dat Ganzt ze kucken. Well ech muss soen, dass dat an deene leschte Jore vläicht verpasst ginn ass ze maachen.

Den Här Tempels huet de Science Cen- ter oft ernimmt. Den Här Meisch och.

Iwwregens, Här Meisch, ech muss Iech awer elo soen: „Et ass Zäit, datt Der mierkt, datt Der scho fënnel Joer an der Oppositioun sidd, datt net alles, wat gutt hei an der Stad ass, nëmme vun der DP komm ass”.

Ech hunn do eng aner Visioun vu Po- litik a vun Zesummenaarbecht. Et ass net alleng eng Partei, déi an de leschte 15 Joer decidéiert huet an d'Stad Déif- ferdeng weidergedriwwen huet, mä all d'Parteien hei ronderëm den Dësch. Och déi an der Oppositioun. An dat ass fir mech dat Wichtigst. Et ass net eng Partei, déi dat an dat gemaach huet. Mir all zesummen hunn dat fäer- deg bruecht. Déi eng Kéier ass een an der Oppositioun an déi aner Kéier an der Majoritéit. Mä et soll een, wann ech gelift, awer emol ophalen ze soen: „Alles, wat gutt ass, ware mir. An alles, wat net gutt ass, sinn déi aner”. Esou gesinn ech d'Politik op alle Fall net. A scho während Jore versicht Der dat. An dofir zéien ech mäin Hutt nach vill méi grouss virun der LSAP, datt déi dat awer verstanen huet an dat net mécht.

Zum Science Center. Wann Der de Koalitiounsprogramm gelies hutt, an deen hutt Der jo alleguer ausgedeelt kritt, quitte datt den definitiven, mat de Fotoen, nach net do ass, steet do ganz kloer dran, wat d'Stad Déiffer- deng wëll. D'Stad Déifferdeng wëll de Science Center. Mä d'Stad Déifferdeng ass net bereet, an e Science Center ze investéieren, wa mer net wëssen, wat déi finanziell Repercussiounen sinn, a ween do d'Soe kritt. D'Stad Déiffer- deng wäert kenger Associatioun Sue ginn, wa mer éischtens net kënne mat diskutéieren, an zweetens, wa mer net

2. Finances communales

kënne mat diskutéieren, wat dohinner kënnt.

Iwwregens hate mer den Direkter vum Science Center virun e puer Wochen hei, a mir sinn extrem gutt eens ginn, a mir hunn déiselwecht Visiounen. Mir ware gëschter beim Premier, an déi Diskussiounen sinn och gutt gelaf.

D'Stad Déifferdeng ass natierlech ganz frou, de Science Center heihinner ze kréien. Mä d'Stad Déifferdeng diskutéiert awer gär mat, wa si do soll Suen drastiechen.

An iwwregens sinn zu kengem Moment, an deene leschten zwee, dräi Joer, Sue vun der Stad Déifferdeng gefrot ginn. A mir hunn awer gehollef, well dee Parking integral vun der Stad Déifferdeng bezuelt ginn ass. 70.000 Euro. Wou mer amgaange sinn, ze kucken, wéi mer déi Sue vläicht kënne recuperéieren.

En plus, de Science Center wär net do, wann den Här Muller an ech selwer net decidéiert hätten, well mir Member an der Léierbud sinn, dem Science Center déi Lokalitéiten ze ginn. Och dat just fir ze soen, wéi wäit d'Stad Déifferdeng sech fir e Science Center agesat huet.

An dann nach eppes: zënter Jore kréien ech jo virgeworf, ech hätt eppes géint dee Mann. Ech hunn absolut näischt géint de Mann. Ech fanne just, datt de Finanzement muss gekläert ginn an transparent muss sinn. An dann ass de Science Center dat bescht an dat schéinst, wat eis, op alle Fall an där Szeen, ka geschéien.

Den Här Ruckert huet d'Personal, d'Maisons relaisen ugeschwat. D'Madame Pregno wäert drop agoen, wat mer do alles wëlle hunn. Da kritt Der déi néideg Äntwerten.

Här Gary Diderich, Dir hutt, wéi schonn oft déi lescht Joren, alles, wat Wunnengen ass, ganz gutt erläutert. Mä eppes verstinn ech net. Dir sot, mir géife vill vum Stat erëmkréien, bis zu 75%. Wann een déi kritt, misst ee wëssen, ween dann do där wunne goen. Et ass net wéi eng AISK, wou mir decidéieren, ween dra kënnt. Net mir decidéieren, mä den Office social. An do ass de Loun, wat d'Leit verdéngen, egal. Dat heescht, wann een e Subsid kritt vu 75%, gëtt gekuckt, wat d'Leit verdén-

gen. An da gëtt de Loyer natierlech esou ugepasst. Dat sinn dann natierlech ganz aner Loyerer, déi een erakritt, wéi bei enger AISK. A wann een dat net mécht, wann een dee Modell AISK kritt, kritt een natierlech och net déi 75% vum Stat. Dat heescht, do muss ee wierklech oppassen.

An ech sinn der Iwwerzeegung, datt mer genuch Mietwunnengen hei am Zentrum hunn. Mat der Société d'habitation à bon marché wäerten zwee Appartementskomplexer zu Nidderkuer, am Péitenger Wee, zur Locatioun kommen. Sou dass et méi dezentral ass an net alles zesummen op enger Plaz.

Mä ech mengen, datt mer eis do och eens sinn. Dir wëllt ebe just, datt mer et nach méi schnell maachen, nach méi dran investéieren. Mä wann ee ronn 17 Milliounen Euro dëst Joer dran investéiert: dat si jo net nëmmen déi 5 Milliounen Euro fir Immeubles bâtis, et sinn och déi ganz Infrastrukturen um Plateau funiculaire an déi Milliounen Euro, déi an der Groussstrooss virgesi sinn, well mer deen Terrain wäerte kréien. Et kann een ëmmer méi fuerderen, dat ass richtig. Mä wann een dat mécht, muss een natierlech och soen, wou een da soll manner investéieren.

Dir hat mer nach dräi konkret Froe gestallt. Fir de Plateau funiculaire sinn am Extraordinäre schonn 1,7 Subsid dra fir de Logement.

De Fonds de réserve ass wéi all Mënsch, deen e klenkt Spuerbuch opmécht. Dat leet een emol op d'Säit, fir wann eng Kéier eppes geschitt oder net geschitt, oder fir eppes Interessantes, wou een net grad Suen am Budget virgesinn huet, fir déi dann ze benotzen. Et ass net, datt de Fonds de réserve do ass, fir zum Beispill Wunnengen oder Schoulen ze bauen. A mir decidéieren zesummen, fir wat déi Suen erausgeholl an investéiert ginn. Ech hoffen natierlech, datt e stoe bleift, an datt dee Fonds de réserve an den nächste Joren eropgesat gëtt.

An zu der Gewerbesteier: de Schafferot huet op alle Fall net d'Intentioun, zu dësem Moment déi erof- oder eropzesetzen. Dat war Är drëtt Fro.

D'Madame Brassel-Rausch Christiane huet vill Froen zu de Campus scolaire

cours des trois dernières années. La commune a cependant aménagé un parking pour 70 000 €, somme qu'elle voudrait éventuellement récupérer. Le bourgmestre rappelle finalement que le Science Center ne serait pas à Differdange sans l'intervention de M. Muller et la sienne. Pour terminer, Roberto Traversini tient à préciser qu'il n'a rien de personnel contre le directeur malgré ce que l'on raconte. Il veut juste que la question du financement soit clarifiée.

M^{me} Pregno répondra à M. Ruckert concernant le personnel des maisons relais.

M. Diderich est revenu sur les logements sociaux et a dit que l'État remboursait 75 % des investissements. Roberto Traversini signale que dans le cas de l'AIK, l'office social de Differdange choisit les locataires. Mais pas pour les logements financés à 75 % par l'État. Les loyers que touche la commune sont eux aussi différents.

Roberto Traversini est par ailleurs d'avis que le parc locatif dans le centre-ville est assez grand. C'est pourquoi deux résidences seront construites à Niederkorn. M. Diderich voudrait que les choses aillent plus vite. Mais il ne doit pas oublier que les investissements ne se limitent pas aux cinq-millions d'euros pour les immeubles bâtis. En tout, il est question de 17 millions d'euros. Bien entendu, on peut toujours exiger plus. Mais dans ce cas, il faut aussi expliquer où prendre l'argent.

Pour ce qui est des autres questions de M. Diderich, un subside de 1,7 million d'euros figure dans le budget extraordinaire pour le plateau funiculaire. Le fonds de réserve sert à disposer d'une somme d'argent en cas de difficultés ou pour réaliser un projet qui n'a pas été prévu dans le budget. En ce qui concerne l'impôt commercial, le collège échevinal n'a pas l'intention de l'adapter.

2. Finances communales

Pour ce qui est du volet social, les conseillers communaux n'ont pas mentionné l'écrivain public, ce qui est dommage.

M. Aguiar a raison de dire que les informations doivent être communiquées dans un langage que tout le monde comprend. Le problème, c'est qu'à l'école, on enseigne aux élèves que plus c'est compliqué, mieux c'est.

M. Bertinelli s'est montré aussi énergique dans son discours qu'il l'a été pendant quatre ans en tant qu'échevin. Les projets dans le domaine du sport seront poursuivis. Roberto Traversini signale que ces projets ont été soutenus par tout le collège échevinal et pas seulement par une personne.

M. Bertinelli a expliqué pourquoi le sport est important. Pour ce qui est du manager, les trois candidats ne semblaient pas avoir les connaissances requises. Or Differdange a besoin d'un concept sportif. Au cours des prochaines années, la commune discutera avec les clubs pour voir de quel type d'aide ils ont besoin.

Pour le moment, la campagne «European City of Sport» n'a pas encore été lancée. En effet, il est facile de sortir des drapeaux, mais Roberto Traversini préfère peaufiner le concept d'abord.

En ce qui concerne les locaux de stockage pour les associations, le collège échevinal préconise le site d'Efco. Le sol est en train d'être analysé quant à une éventuelle pollution. La commune, qui loue les lieux, voudrait acheter.

M. Goffinet a demandé à quoi serviront les 100 000 € prévus pour 2022. Les deux coordinateurs présenteront le projet au collège échevinal, puis aux conseils communaux des onze communes du sud. Ensuite, chaque fraction pourra donner son avis quant à la participation de Differdange. C'est au conseil communal de décider quoi faire des 100 000 €, car pour le moment, Roberto Traversini ne sait pas si Differdange participera ou pas. Lors de la dernière réunion lundi matin, les 11 communes ont trouvé un terrain d'entente.

Comme l'a dit M. Goffinet, 2022 peut représenter une grande chance, mais les associations locales devront

gestallt, dorop kritt se natierlech och eng Äntwert.

Am Sozialen ass vill gesot ginn. Et ass just schued, datt keen den Écrivain public ernimmt huet, domatter hunn ech et da gemaach. Dat schéngt extrem gutt ze klappen. Dat ass fir déi Leit, wou Hëllef brauchen, fir administrativ Bréiwer ze liesen.

Den Här Aguiar huet Recht, et huet kee Wäert, vill Informatiounen ze schreiwen, wann et an enger Sprooch geschriwwen ass, déi kee versteet. Dann ass et natierlech schwéier. Dofir si mer amgaangen, ze kucken, eis Bréiwer méi verständlech ze schreiwen. Mä dat ass net evident, well ee jo an der Schoul just de Contraire geléiert gëtt. Wat et méi komplizéiert ass, wat ee besser schreift.

Den Här Bertinelli ass ganz engagéiert op déi zwee Ressorten agaangen, wéi en dat déi véier lescht Joer och gemaach huet.

Selbstverständlech wäerte mer am Sport mat därselwechter Energie weiderfueren, wéi mer dat déi lescht véier Joer gemaach hunn. Och do mengen ech, datt et net nëmmen eng Persoun ass oder war, mä dee ganze Schäfferot stoung hannendrun, sief dat a menge Ressorten oder an anere Ressorten. Ech mengen, soen ze kënnen, datt mer déi lescht Jore wierklech extrem flott fonctionnéiert hunn. Wou dee ganze Schäfferot, op alle Fall an de meeschten Decisiounen, hannendru stoung. Esou solle mer weiderfueren.

Dir hutt alles richtig gesot, firwat de Sport wichteg ass. Ech wäert dat elo net alles widderhuelen. Ech si frou, datt mer gutt nogelasschtert ginn ass an der Sportskommissioun. Mir haten dräi Plazen ausgeschriwwen, mä et war keen extrem interessante Profil dobäi. Et waren extrem interessant Leit, ech wëll dat net soen. Mä et hat keen dat Wëssen, wat mir eis virgestallt haten.

Dofir hu mer intern d'Decisioun geholl – dat misst awer nach duerch de Schäfferot goen –, ob mer net sollen déi Leit, déi mer hunn, entlaaschten an do vläicht eng Hëllef ginn. Well mir brauchen wierklech e Sportskonzept. Mir hu vill investéiert, mir mussen awer e globaalt Konzept erstellen. An deenen nächsten zwou, dräi Woche wäer-

te mer mat alle Sportsveräiner iwwert dat Konzept schwätzen a kucken, wou se déi meeschten Hëllef brauchen, sief et finanziell, sief et logistesesch oder eng aner Hëllef. Déi Gespréicher fänken un.

Natierlech solle mer Gebrauch maache vum internationale Sportsjoer, an deem mer dra sinn. Et wäerten awer elo nach néierens grouss Panneauen ze gesi sinn. Dat wäert eréischt stattfannen, wa mer eppes kënnen virweisen. E Logo a Fändelen ophänken, geet ganz schnell. Mä ech hätt gär, datt, wa mer dat no bausse maachen, mat eise Veräiner, schonn eppes Klenges hannendrun ass. Dofir hängt an der ganzer Gemeng nach kee Fändel.

Stockage fir d'Veräiner: dat wäerte mer nach eng Kéier kucken. Dat kënnt ëmmer erëm. Mir gesinn déi ganz gären op Efco. Mir lounen do. Mir wëssen, datt de Buedem net grad dee proppersten ass. Do si mer amgaangen, Analysen ze maachen. Dat steet och am Budget. Mir sinn ëmmer drun interesséiert ze kafen. Ech géif mengen, dat wär deen ideale Raum fir Stockage fir eis Veräiner, well do kéint een Halen a ganz vill maachen.

Den Här Goffinet huet ganz konkret Froe gestallt, zum Beispill, wat 2022 virgesinn ass, wat mer do maachen, a firwat déi 100.000 Euro sinn. Ech mengen, ech hat dat d'leschte Kéier scho gesot: déi zwee Coordinateure wäerten an de Schäfferot kommen. An déi zwee Coordinateure wäerten déi sämtlech Gemengeréit am Abrëll/Mee alueden, fir de sämtleche Gemengeréit aus den 11 Südgemengen dat virzustellen. Wa se dat bis gemaach hunn, kritt natierlech jiddereen, all Fraktioun, seng Zäit. Da wäert dat zeréck an d'Gemeng kommen. An da wäerte mer zesummen e Vote huelen, ob mer op dee Wee ginn oder net op dee Wee ginn.

Déi 100.000 Euro stinn dofir dran, fir zesummen ze decidéieren, wat mer domatter maachen. Et ass nach net ënnerschriwwen, datt d'Stad Déifferdeng 2022 dobäi ass. Mä ech muss awer soen, datt mer déi lescht Versammlung, déi net méi spéit wéi e Méindeg de Moie war, et fäerdeg bruecht hunn, déi eelef Gemengen an d'Boot ze kréien. Wat extrem wichteg ass.

An Dir hutt richtig gesot: “Et ass eng enorm Chance”, net nëmme fir 2022,

2. Finances communales

mä wäit doriwwer ewech. De Gemengerot wäert hoffentlech iwwerzeegt si vun deem, wat alles ka geschéien. Selbstverständlech muss mer eis lokal Veräiner abannen. A mir hu gewisen am Koalitionsaccord, wou mer dann de 24. driwwer schwätzen, datt dräi Leit sech sollen drëm këmmen. Ech hunn déi grouss Chance, an der Asbl ze sinn, an den Här Ulveling an den Här Mangel deele sech Kultur an Tourismus. Dat heescht, mir huelen 2022 ganz eescht. Och well mer eescht geholl gi sinn. Wat net ëmmer de Fall war. Iwwerregens net nëmmen do, mä och beim Science Center: datt mer dat wierklech als Chance gesinn, mä mir géifen awer gär mat diskutéieren.

Merci fir déi Froen. Elo kennt Der de leschte Stand. Mëtt dëses Joers wäert déi Versammlung stattfannen.

Et goufen och e puer konkret Froen gestallt zu de Chifferen an der Locatioun, déi 200.000 Euro. All Bail ass duerch de Gemengerot gaangen. Well all Bail, dee mer maachen, muss duerch de Gemengerot. Ech wäert Iech déi dann nach eng Kéier eraussichen, fir datt Der wësst, wouhier déi 200.000 Euro stamen. Mä all Lokal, wat d'Stad Déifferdeng verlount, muss duerch de Gemengerot goen. Et ka sinn, datt mer vläicht eng Kéier ee Mount hannendra sinn. Mä dat do besteet alles, dat kritt Der dann.

D'Publikatiounen: dat ass haaptsächlech duerch d'Deierecht, datt et e bëssen an d'Luucht gaangen ass. Et ass net, datt mer wëilten nach méi Publikatioune maachen. Op alle Fall net an deem Beräich.

Alles, wat d'Jugend betrëfft, seet d'Madame Pregno eis.

Den Diffbus: dat ass ganz einfach, fir wat den 1,6 Milliounen Euro eropgaangen ass. Dat ass net alleng, well en Elektresch fiert, mä dat ass och, well e moies eng Stonn, bal annerhallef Stonn méi laang fiert, a well mer eng véiert Linn bäigesat hunn. E fiert ewell schonn um Véirel vir sechs. Dat ass am Fong geholl déi Käschtenexplosioun.

Mir hu gesot, mir géifen no enger gewëssen Zäit e Bilan zéien. Et huet kee wäert, no dräi Méint erëm Miessungen ze maachen, wéivill Leit matfueren.

Mir sollen eis zwëschen néng Méint an engem Joer Zäit ginn, seet all Expert. Den Här Bertinelli kann dat bestätegen. Wa sech erausstellt, datt moies net vill Leit dra setzen, muss ee kucken, wat een do ka maachen. Dat weess den Här Bertinelli grad sou gutt wéi den Här Altmisch an ech: da muss ee vläicht verschidde Plazen ewechhuelen oder de Bus dréien. Mä dat gesäit een en cours de route. Dat gëtt net vergiess.

Zum T.I.C.E. kann ech eng Äntwert ginn. Den Här Bertinelli gëtt déi aner. Meng Äntwert ass, datt se amgaange sinn, ganz vill Personal anzustellen. Här Bertinelli, an déi zweet Äntwert ass:

FRED BERTINELLI (LSAP):

Déi zweet Äntwert ass, datt d'Dotation d'Etat déi lescht dräi Joer am T.I.C.E. vill méi gehéicht war, sou datt et ëmmer duergaangen ass, fir de Gemenge keng Erhéijung ze froen. Dat heescht, déi lescht dräi Joer sinn d'Dotations d'Etat esou héich gewiescht, datt déi geholl gi sinn, an der Gemeng kee Surplus verrechen ginn ass fir de Fonctionnement vum T.I.C.E.

Dann ass och en neit Gebai gebaut ginn.

An natierlech den Nuetsbus, deen elo Weekender fiert, bis moies sechs Auer, dat ass och verrechebar. Dat alles ass ausschlaggebend.

Et gouf awer ëmmer gesot, datt, wann d'Dotation d'Etat net méi esou héich wier, dat géif weider verrechen ginn op d'Gemengen. Dat ass de Moment de Fall, dat gëtt dann direkt eng grouss Zomm. Mä déi lescht dräi Joer – et hätt normalerweis misse gestaffelt ginn, all Joers e bësse bäi – ass net bäigeluecht ginn, well d'Dotations d'Etat esou héich waren, dass de Gemengen näischt verrechen ginn ass. An elo kënnt dann alles beieenen. Dat ass de Grond dofir.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Bertinelli. Den Här Bertinelli ass am Büro vum T.I.C.E. Dofir ass en esou gutt informéiert. Wat richtig ass, e fiert d'Nuechten an e fiert méi laang, datt eis Jonk a manner Jonk sécher heem kommen.

être intégrées au projet. Roberto Traversini est membre de l'ASBL, et M. Ulveling et M. Mangel sont échevins à la culture et au tourisme. Le collège échevinal prend 2022 au sérieux tout comme il le fait pour le Science Center. Mais des discussions doivent être menées.

Pour ce qui est des locations, le bourgmestre rappelle que tous les contrats de bail ont été approuvés par le conseil communal.

Le budget destiné aux publications a augmenté avec les prix. Mais le collège échevinal n'entend pas publier davantage de documents.

M^{me} Pregno répondra aux questions sur la jeunesse.

Les frais liés au Diffbus ont augmenté de 1,6 million d'euros non pas seulement parce que désormais il est électrique, mais parce qu'il circule plus souvent et en raison de la quatrième ligne. Roberto Traversini rappelle qu'il circule à partir de 5 h 45. Il est encore trop tôt pour dresser un bilan. Il faut attendre entre 9 et 12 mois. Ensuite, si on constate que peu de gens circulent le matin, il faudra adapter l'offre.

Pour ce qui est du TICE, le syndicat est en train de recruter énormément de personnel. M. Bertinelli peut fournir la deuxième réponse.

FRED BERTINELLI (LSAP) explique qu'au cours des trois dernières années, la dotation de l'État a été fortement augmentée. C'est pourquoi la participation des communes est restée stable.

Fred Bertinelli ajoute que le TICE a construit un nouveau bâtiment et que le bus de nuit circule désormais aussi les weekends. Tout cela a un coût.

Le TICE a toujours dit que les augmentations seraient facturées aux communes à moins que la dotation de l'État ne soit plus élevée que prévu. C'est ce qui explique que l'augmentation pour les communes soit aussi importante cette année.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que M. Bertinelli fait partie du bureau du TICE. C'est pourquoi il est si bien informé. Il précise que le bus de nuit circule plus longtemps.

La participation de la Ville de Differdange au SES a augmenté

2. Finances communales

de 20 %. Le collège échevinal ne prévoit pas une augmentation des taxes cette année, mais la loi est claire: les communes doivent rentrer dans leurs frais en matière de distribution de l'eau. Un débat devra être mené au sein de la commission des finances et de la commission sociale pour voir si un nombre limité de litres peut être offert à certaines familles. Ce qui est sûr, c'est que quelques euros ne permettront pas de sortir qui que ce soit de la pauvreté.

Comme l'a dit M. Ruckert, les taxes seront augmentées l'année prochaine. Mais cela n'a rien à voir avec les élections, car il y en a toujours. C'est une question de loi et une question de courage politique. Roberto Traversini rappelle par ailleurs que la dernière augmentation des taxes a eu lieu il y a quatre ans et il s'agissait d'une adaptation à l'indice.

Il ne croit pas qu'il faut soutenir les personnes dans le besoin à travers des taxes particulièrement basses. L'aide sociale doit être sélective afin de sortir ceux qu'il faut de la pauvreté. Les véritables problèmes sont le logement et le monde du travail. M. Altmeisch a mentionné le commissariat de police. Roberto Traversini rappelle que la police dépend de l'État. Par conséquent, la Ville de Differdange n'est certainement pas responsable du bâtiment où elle se trouve. La commune est prête à apporter son aide. Mais elle en a eu assez d'entendre de la part du ministère responsable de la police qu'il n'avait pas prévu telle ou telle chose.

Roberto Traversini précise que tous les plans sont prêts. Tout ce que demande le collège échevinal demande, c'est qu'on lui dise quand les préfinancements seront remboursés comme cela est le cas pour les écoles. Or on ne lui a pas répondu. La Ville de Differdange est disposée à faire l'échange de terrains comme cela avait été prévu. Mais elle doit avoir la certitude que les 15 millions d'euros qu'elle doit déboursier seront remboursés. Pour le moment, la commune ne dispose d'aucun document écrit. Or c'est le minimum à fournir à une commune dans ce genre de situation.

Déi lescht Fro: d'Waassererhéijung vum SES. Dir hutt gesinn, datt mer vun 1 Euro op 1,20 Euro eropgaange sinn. Dat heescht, d'Gemeng Déifferdeng bezilt 20% méi un d'SES.

Dëst Joer ass nach keng Taxenerhéijung dran. Dat hutt Der gesinn. Well et ass net esou einfach, eng Taxenerhéijung ze maachen. Do muss ee vill Saache kucken. Mä eppes steet fest am Gesetz. Am Gesetz steet, datt et muss käschten-deckend sinn.

Ech wëll déi Diskussioun elo net nach eng Kéier féieren. Mir wäerten déi an der Finanzkommissioun féieren, a firwat net och an der Sozialkommissioun, wou een dat ka mat betruuchten, datt een e puer Liter fir näischt gëtt oder net. Wou ech Iech kann ausrechnen, wat déi puer Euro enger Famill méi bréngen. Mä ech hunn awer kee Problem, oder de Schäfferot huet kee Problem, datt, wann d'Allgemengheet mengt, et misst een e puer Liter fir näischt ginn, een dat soll maachen. Mä ech kann Iech haut scho garantéieren, datt mer domatter keen aus der Aarmut wäerte kréien.

D'Taxe wäerten an den nächste Joren eng Kéier erhéicht ginn, den Här Ruckert huet do vollkomme Recht. Mä dat huet absolut näischt mat engem Wahljoer ze dinn, well d'nächst Joer ass schonn erëm e Wahljoer, an da si mer erëm virdrun. Et huet mat politeschem Courage ze dinn a mat engem Gesetz, un dat ee sech muss halen. A mir mussen da kucken, datt mer dat maachen.

An iwwregens war viru véier Joer déi lescht Taxenerhéijung. Et soll een net maachen, wéi wann all zwee Joer d'Taxe géifen erhéicht ginn. Si si mol net erhéicht ginn, si sinn un den Index ugepasst ginn. Méi ass do net gemaach ginn.

Mä, wann ech gelift, mir kënnen esou keng Sozialhëllef ginn. Ech mengen, datt een dat muss anescht maachen. An de Budget spigelt dat ganz gutt erëm, datt mer de Leit op anere Punkten hëllefen a wierklech deene Leit hëllefen, déi et batter néideg hunn.

A global ze mengen, d'Taxe soll een net eropsetzen, well mer finanziell gutt dostinn: jo, mir sti finanziell ganz gutt do, an ech hëllefe gären deene Familljen, deenen et net esou gutt geet. Mä net

pauschal mat enger Géisskan iwwert d'Sozialpolitik fueren. Ech maachen dat léiwer selektiv, fir deene richtegen ze hëllefen, datt se wierklech aus der Misär kommen. Wann et da méiglech ass. Mir wësse jo ganz genau, datt dee gréisste Problem nach ëmmer de Logement an d'Aarbechtswelt ass.

Här Altmeisch, Dir hat haaptsächlech Froen zum Policegebai. Meng Kollege wäerten och dozou Stellung huelen. Ech wëll hei ganz kloer betounen, datt d'Police nach ëmmer dem Stat ënnerläit. Wann d'Police Déifferdeng an esou engem Gebai sëtzt, ass dat doutsécher net der Stad Déifferdeng hir Schold, mä ganz alleng dem responsabele Ministère seng, deem dat ënnerläit. Well de Ministère ass fir seng Leit verantwortlech, an net d'Stad Déifferdeng.

D'Stad Déifferdeng huet sech weiderhi bereet erkläert, fir do ze hëllefen. Wat menger Meinung no eng Stad och maache soll. Wat mir jo och op alle Pläng maachen. Mir haten es awer genuch an der leschter Versammlung, déi mer mam Ministère haten, wou eis gesot ginn ass: „Oh, dofir ass näischt virgesinn“. Dofir si mer nach net ugeschwat gi vun deem Ministère. An ech schwätzen hei vum Ministère, deen d'Police ënnert sech huet. Dat sinn zwee Ministeren. Dir kennt déi grad sou gutt wéi ech. Ech wëll déi elo net hei nennen. Wou gesot ginn ass: „Et ass nach näischt erakomm“. An do hu mer gesot: „Dat ka jo awer elo net sinn“.

Dat heescht, et ass alles fäerdeg. Et ass alles fäerdeg. Dat eenzelt, wat mir brauchen, ass, datt eis gesot gëtt, wa mir et virfinanzéieren, datt mir et zeréckbezuelen kréien, sou wéi dat bei de Schoulen de Fall ass. A mir hunn dat net gesot kritt. Doropshin hu mer gesot: „Wann et esou ass, ass et awer wierklech net méi un der Gemeng, ze soen: 'Mir bauen Iech de Policebüro dohinner'“.

Mir stellen nach ëmmer den Terrain zur Verfügung, nach ëmmer mat deem Tosch, wéi et am Schäfferot festgehalen ass. Mir sinn nach ëmmer Preneur. Mä et muss een eis awer d'Garantie ginn, dass, wa mer 15 Milliounen Euro ausginn – oder wéivill sinn et der, Här Muller? –, wa mer herno fäerdeg sinn, mer déi awer erëmkréien. Datt mer déi awer erëmkréien, wa mer virfinanzéieren. An dee Pabeier hu mer net. Et ass

2. Finances communales

awer, mengen ech, dat mannst, wat een enger Gemeng ka ginn.

An ech muss soen, bei der EIDE hu mer dat. Dat heescht, déi 21 Milliounen Euro, déi drastinn, kréie mer komplett erëm, mat den Zënsen, mat de Leit, déi do schaffen. Dat war jo och eng Fro vum Här Hartung. An hei wier et ganz genau d'selwecht. Mir brauche just deen Ziedel, datt d'Stad Déifferdeng d'Suen erëmkritt. Da maache mer dat.

D'Stad Déifferdeng wëll dee Policebüro. D'Stad Déifferdeng huet zu kengem Moment gesot, datt mer dat net wëilten. D'Stad Déifferdeng ass och net dofir verantwortlech, datt d'Police keng Leit fënnt. Dofir ass d'Stad Déifferdeng awer net zoustänneg. Wann op eemol souvill Leit musse rekrutéiert ginn, an ee mierkt: „Wa keng do sinn, si keng do“, kann ech net dofir. Dir kënnt eis jo vill virwerfen, mä ech mengen, datt mir dee Problem wëlle léisen. Mä da muss een eis awer, wann ech gelift, soen, datt mer déi Suen erëmkreien, wa mer dat virfinanzéieren. Mä eis ze soen: „Mir wëssen näischt dovun. Mir wësse mol net, wat se brauchen“.

Datt déi zwee Ministère net matenee geschwat hunn. Deen, deen et soll finanzéieren, an deen, deen d'Leit soll astellen. Dofir fannen ech, datt een eng Kéier muss kënne soen: „Elo geet et awer duer“. Dofir gouf dat gesot.

Wa muer de Bréif erakënnt, datt dat virfinanzéiert gëtt, kann ech Iech soen, datt dat iwwermuer an de Gemengerot kënnt, an datt mir dat virfinanzéieren. Wann dat garantéiert ass, maache mer et. Mä dat muss garantéiert sinn.

A stellt eis, wann ech gelift, net dohin, wéi wa mir déi wieren, déi de Policebüro net wëilten. Dat ass op kee Fall esou. Mir wiere frou, wann de Policebüro géif kommen. Sou wéi mer et och gemaach hunn, fir eis Agents municipaux an e Lokal ze setzen. An déi ënnerleien eis, do hu mir direkt gehandelt. Wat heescht direkt? Et huet e bësse gebraucht, mä déi sinn an engem anstännege Lokal, well dat alleng d'Kompetenz vun der Gemeng ass. Dat anert ass eng Kompetenz vum Stat. Wou mer ganz gären hëllefen, wéi iwwregens scho ganz ville Ministère, deene mer gehollef hunn. Mä d'Garantie, datt

d'Stad Déifferdeng hir Sue bis op dee leschte Cent erëmkritt, muss gi sinn.

Ech géif dann dem Här Ulveling d'Wuert ginn.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dann och versichen, op déi Froen ze äntweren, déi u mech geriicht gi sinn.

Et ass vill iwwert de Parking Contournement geschwat ginn. Et ass gezielt ginn, e wär gestoppt ginn, fale gelooss ginn. Alles dat ass natierlech net wouer. Dann hutt Der net gutt nogelauschert, wéi ech Iech dat d'leschte Kéier erkläert hat. Well de Parking ass nach ëmmer iewescht Prioritéit vun dësem Schännerot, fir deen esou schnell wéi méiglech unzegoen.

Et ass awer en neie Moment agebracht. Nämlech sinn ech vum President vum Verwaltungsrot vun ArcelorMittal ugeschellt ginn, hie wëlt mat mer schwätzen. Ech kann elo leider ëffentlech net soen, wéi d'Positioun ass, mä ech mengen, mir wollten awer eng Kéier mat deem Mann schwätzen a kucken, ob mer eis eens ginn oder net.

Ech hunn him och gesot: „Et ass fir eis iewescht Prioritéit“, an dass mer net sechs Méint wëlte waarden, bis et zu engem Gespréich kënnt. Ech rechnen domat, dass an deenen nächsten zwee Méint eng Decisioun kéint getraff ginn. Mir héieren eis un, wat si gär hätten, a wéi si et gesinn. A mir mussen dann decidéieren, ob mir wëlle mat op dee Wee goen. Mä et ass op kee Fall geplangt, dass do soll iergendwéi eng Verzögerung dra kommen, mam Parking Contournement.

D'selwecht mam Policegebaai. Den Här Buergermeeschter huet in extenso d'Positioun duergestallt. Ech fannen et e bësse schued, dass den Här Altmeisch dat esou duerstellt, wéi wa mir alleng zoustänneg wären un deem Etat, wéi eis Poliziste mussen an hire Büroen iwwerliewen, kann ee soen.

Ech mengen, wann Der eis Wahlprogrammer gelies hutt, oder zumindest dee vun der CSV, steet do ganz kloer dran...

Roberto Traversini rappelle que dans le cas de l'EIDE, les 21 millions d'euros préfinancés seront remboursés intégralement avec les intérêts. Dès que le collège échevinal recevra un document certifiant que la construction du commissariat sera remboursée, Differdange préfinancera le projet.

Le collège échevinal n'a jamais dit qu'il ne voulait pas de nouveau commissariat. Et on ne peut pas lui reprocher de ne pas vouloir trouver une solution. Mais il exige un remboursement. Or les deux ministères — celui qui doit financer le projet et celui qui doit recruter le personnel — n'ont pas discuté entre eux. Dès que le collège échevinal aura la garantie d'un remboursement, il mettra le projet à l'ordre du jour.

Roberto Traversini rappelle que la commune a réagi assez rapidement en ce qui concerne les agents municipaux, car ils sont de sa compétence. Mais la police est de la compétence de l'État.

TOM ULVELING (CSV) revient sur le parking du contournement. Certains conseillers communaux ont prétendu que le projet allait être abandonné. C'est faux. Ce parking reste une priorité du collège échevinal. Récemment, le président du conseil d'administration d'ArcelorMittal a téléphoné à Tom Ulveling. L'échevin ne peut pas entrer dans les détails, mais estime qu'il faut rencontrer cette personne et discuter avec elle. Il ne veut pas non plus attendre six mois pour un entretien et suppose qu'une décision sera prise endéans les deux mois. Le collège échevinal va écouter ce qu'ArcelorMittal a à dire. Mais en aucun cas il ne devrait y avoir un retard.

Pour ce qui est du commissariat de police, Tom Ulveling regrette que M. Altmeisch prétende que seule la commune est compétente dans ce dossier.

Ceux qui ont lu le programme électoral du CSV savent...

(Interruption)

2. Finances communales

Tom Ulveling constate que l'accord de coalition explique aussi que le collège échevinal soutient ce projet. Le problème est qu'un des ministres compétents ne sait pas ce que planifie le deuxième. Le collège échevinal veut des explications noir sur blanc concernant le financement. Cela ne signifie donc pas qu'il veuille abandonner le projet.

Comme d'habitude, M. Meisch a utilisé beaucoup de formules toutes faites, mais n'a pas avancé de pistes concrètes. Quelqu'un qui reproche aux autres ne pas avoir de visions devrait proposer des solutions. M. Meisch est conseiller communal et il est de son devoir de le faire.

M. Meisch reproche ensuite au collège échevinal de ne pas aller assez vite en ce qui concerne l'église de Lasauvage. Mais c'est un échevin démocrate qui a planifié le projet il y a cinq ans et qui l'a stoppé parce qu'il était trop cher.

Pour ce qui est du Science Center, M. Ulveling rappelle qu'il s'agit d'une initiative privée. Le collège échevinal soutient cependant le Science Center et le projet de la Groussgasmaschinn.

M. Meisch a prétendu que le projet de la place Nelson-Mandela n'avancait pas. Mais ce projet compte plusieurs volets: une école avec maison relais, l'extension de l'école de musique, un parking, une cantine... Pour le moment, des conteurs de l'EIDE se trouvent encore sur le site. Il faut leur trouver un nouvel emplacement pour pouvoir commencer le chantier. Tom Ulveling ne pense pas que l'on puisse tenir des cours au milieu de marteaux pneumatiques. Il faut donc trouver une solution.

En ce qui concerne le bilan culturel, M. Meisch s'est montré cynique en prétendant que Tom Ulveling n'avait présenté que des chiffres. Il est vrai que les chiffres ne suffisent pas à résumer la culture, mais le collège échevinal souhaite travailler en toute transparence. Tom Ulveling rappelle qu'un échevin démocrate avait critiqué le manque de transparence du service culturel et avait même comparé celui-ci au Vatican. C'est pourquoi il est important de savoir ce que la programmation coute et si celle-ci obtient le succès attendu. Il faut notamment voir si

(*Ennerbriechung*)

Am Koalitiounsaccord natierlech och, dass mir eis asetze fir e Policegebai. An et ass och esou, ech war selwer dobäi, dass deen ee Minister net weess, dass deen anere Minister in extenso esou Saache plangt. An dass och net gefrot ginn ass, fir dat ze finanzéieren. Dofir hu mir eben deemools gesot: „Mir hätten dat awer gäre Schwaarz op Wäiss“. A mir hunn och gesot, dass mer drun interesséiert sinn, dass dat esou schnell wéi méiglech iwwert d'Bühn geet. Also kann een elo net maachen, wéi wa mer dat och erëm gestoppt oder fale gelooss hätten.

Den Här Meisch huet e bëssen, wéi gewinnt, mat ville Schlagwierder a grouse Wieder alles gesot, wat ee kéint a misst maachen. Mä en huet awer keng Pisten a keng Léisungen opgezeechent. Wat ech e bësse bedauern. Ech mengen, wann een esou virgeet an alles kritiséiert a seet: „Alles, wat gutt gemaach ginn ass, hu mir gemaach“ an „Dir hutt keng Visiounen“, „Dir hutt näischt“, hätt ech mer zumindest emol erwaart, Här Meisch, dass Der eis géift eng Pist opzechnen, wat een da kéint besser maachen, oder wou ee Saache kéint usetzen. Well mir verwalten zesummen d'Gemeng. An da sidd Dir och an der Pflicht, dat ze maachen, wann Der eng gutt Iddi hutt, dass Der eis déi sollt matdeelen.

Dann hutt Der gesot, et wär elo laang genuch mat der Kierch zu Lasauvage gewaart ginn, et sténgen nëmmen e puer Su am Budget. Ech wëll dorun erënneren, dass et en DP-Schäffe war, deen de Kierch-Lasauvage-Projet ausgeschafft hat viru fënnef Joer. An dass et och do gestoppt ginn ass, well et ze deier sollt gewiescht sinn déi Zäit. Also kënnt Der eis elo net virwerfen, dass mir net schnell genuch géife schaffen.

De Science Center hutt Der ugeschwat. Dozou huet den Här Buergermeeschter alles erkläert. Ech wëll just drun erënneren, dass een och muss bedenken, dass dat eng Privatinitiativ ass. Et ass eng Asbl, d'Groussgasmaschinn, déi dat ënnert sech huet.

An eisem Wahlprogramm wéi am Koalitiounsprogramm steet ganz kloer, dass mir zu dësem Objet stinn, an dass mir weider wäerten zesummeschaffe

mam Science Center, fir dass dee Projet Groussgasmaschinn eppes gétt. An ech mengen, do wäert och keen Iech soen, dass an der Vergaangenheet eis iergendwéi een opposéiert hätt.

Dir hutt kritiséiert, dass d'place Nelson Mandela net esou richteg géif virugoen, a mir géifen ëmmer nëmmen dervu schwätzen. Ech wëll just soen: „Dee ganze Projet huet e puer Voten“. Éischtens ass do de Bau vun enger Schoul geplangt. Et ass de Bau vun enger Schoul mat enger Maison relais, mat enger Extensioun vun der Museschoul geplangt. Et ass e Parking geplangt. An natierlech, wat ganz wichteg ass, eng Kiche mat engem grouse Réfectoire, enger Kantinn, kann ee soen.

Elo ass awer de Problem, dass mer an der Mëtt vun deem Ganzen de Moment nach Container stoen hunn, vun der Schoul EIDE. Dofir si mer, dat wäert den Här Liesch Iech nach erklären, natierlech drop aus, fir esou schnell wéi méiglech eng Léisung ze fannen, fir déi kënnen iergendwou anescht ennerzebréngen. Fir dass mer mat deem Chantier kënne lassleeden.

Mä et ass awer, mengen ech, kengem wirklech zouzemudden, wann Deeg a Woche mam Presslofthummer geschafft gétt a Saachen ewechgeraumt ginn, fir dann nach Schoul ze halen. Dofir wäerte mer musse waarden, bis eng Léisung fonnt ginn ass.

Bilan culturel: Här Meisch, Dir hutt dat esou e bëssen zynesch duergestallt, wéi wann dat jo nëmmen Zuele wäeren. Ech si jo ganz mat Iech averstanen, dass een effektiv net mat Zuele Kultur ka maachen, mä et muss een awer och wëssen, dass mer gären Transparenz an déi ganz Geschicht kréien.

Well firwat gétt e Bilan culturel opgestallt? Mä dat ass haaptsächlech, well en DP-Schäffe sengerzäit behaupt huet, do wier net déi néideg Transparenz an deem Service. An deen hat souguer vum Vatikan geschwat, sengerzäit. Ech ginn do net weider drop an, well ech net wëll provozéieren, mä mir sinn der Meinung, dass esou e Bilan éischtens soll opweisen, wat et kascht. Dat huet een an der Vergaangenheet ni gewosst. An och fir ze kucken, well dat jo och do dran ass, notamment d'Beleung vun eisem Stadhaus, ob dee Programm, dee

2. Finances communales

mer ubidden, och bei eise Leit ukënnt, a fir deem dann eventuell géigen ze steieren. Dofir ass et wichteg, dass mer esou ee Bilan culturel hunn, well mer doraus erkennen, ob déi Pisten, déi mer opgezeechent hunn, notamment, wou mer elo méi op Komik setzen, gräifen oder net.

Well et mécht jo och kee Sënn, wann een e Superprogramm opriicht, an et kënnt kee kucken, oder et kënnt keen nolauschteren. Dann hëlleft dat alles näischt. Dofir mengen ech, dass dee Bilan culturel méi wichteg ass, wéi Dir dat duergestallt hutt.

Kultur 2022: dozou huet de Buergermeeschter alles gesot. Deem hunn ech näischt bäizesetzen. Et ass kloer, dass mir souzesoen als Triumvirat, géif ech dat nennen, 2022 uginn. Natierlech musse mer elo waarden, bis ee vun den Haaptpartner ageschafft ass. Déi zu Esch hunn elo en neie Buergermeeschter, eng aner politesch Couleur. Et ass kloer, dass déi Leit sech emol mussen aschaffen an dann hir Pläng weisen. An den Här Buergermeeschter huet jo awer ganz kloer gesot, wéi et do soll virugoen.

D'Madame Richartz hat geschwat vum Belair. Et ass kloer: soubal mer déi Pläng hunn, a soubal alles kloer ass, féiere mer de Modell vum Här Erny Muller weider, dass mer mat der Populatioun schwätzen, dass mer mat deenen, déi do wunnen, eis wäerten treffen, an déi wäerten och en Uspriechpartner hunn, wann déi Aarbechten uginn, fir dass dat esou geet, wéi jiddereen et gär hätt, a fir d'Leit esou mann wéi méiglech ze kujenéieren.

Et ass eng zimlech schmucl Strooss, wou Beem stinn, wou mer nach mussen analyséieren, ob déi solle bestoe bleiwen oder net. De Moment weess ech, dass mer vun Experte gesot kritt hunn, dass déi Durée de vie vun deene Beem praktesch zu hirem Enn komm ass. Déi sinn elo 80, 90 Joer al, wann et e Mënsch wier. Dat heescht, si hunn net méi laang Iwwerliewenschancen. Ob een do net besser hätt, dann déi Beem ze ersetzen. Dat musse mer nach préiwen. Mä ech mengen, et ass net, dass mer einfach aus Blödsinn soen: "Mir huelen déi schéi Kiischtebeem ewech", well d'Leit jo awer drun hänken. Mä mir musse kucken, well et mécht jo och

kee Sënn, duerno, no fënnef Joer, dat Ganzt erëm eng Kéier opzerappen, fir nei Beem ze setzen.

Soubal mer de Projet hunn, wäerte mer eng ëffentlech Sitzung maachen a mat all de concernéierte Leit schwätzen an hinne soen, ween hir Uspriechpartner sinn, wa se nach Suggestiounen oder Doleancen hunn.

Den Här Bertinelli huet vu Spillplaze geschwat. Do war ech och e bëssen enttäuscht, Här Bertinelli. Dir hutt sou gemaach, wéi wann déi all vereelt wäeren. Dir hutt gesot: „Déi sinn zéng Joer al“. Ech mengen, Dir misst awer wëssen, dass mer all Joers déi Spillplaze kontrolléiere loossen, an dass mer all Joers e Label „Sécher Spillplazen“ kréien, zënter e puer Joer. Also all Joers gëtt no deene gekuckt.

Et ass richteg, natierlech sinn e puer Spiller drënner, déi zéng Joer hunn. Mä do gëtt wierklech op d'Sécherheet gekuckt, dass keng Neel erausstinn an esou. Ech kann Iech dee Bericht och eng Kéier weisen: mir kréie wierklech vun all Spill eng Foto mat. Wann e Problem do ass, zum Beispill en Nol eraus ass, ass dee Punkt gezechent, datt een dat muss flécken. An eis Leit maachen dat wierklech consciencieusement. Do si mer um richteg Wee.

Déi Spillplaze si jo net nëmme fir d'Kanner, mä et soll och e gewëssenen Echange tëschent den Eltere kënne stattfannen. Dofir hale mer drop, dass déi an engem gudden Zoustand sinn.

Vandalismus ass ugeschwat ginn: natierlech gëtt et Leit, déi sech net genéieren, mat hiren Hënn do hin ze goen. Mä da musse mer kucken, wéi mer dat an de Grëff kréien.

Dann huet ee vun eiser Archivarin geschwat. Ech weess net méi, ween.

(Ënnerbriechung)

Et war den Här Goffinet. Et ass richteg, dass mer eng Archivarin hunn. Et ass och richteg, dass déi zur Zäit hallef Deeg schafft. Dat huet am Fong zwee Grënn: well déi Zäit, wou mer se agestallt haten, hat eis eng aner Persoun aus deem Service verlooss, an du ware mer e bëssen ënnerbesat. Dofir hu mer gesot, si sollt dat emol Half time maa-

les pistes explorées — notamment la comédie — portent leurs fruits. Il ne sert à rien d'économiser de l'argent si le programme ne plait pas au public. Le bilan culturel est donc plus important que ce que M. Meisch laisse entendre.

Pour ce qui est de 2022, le bourgmestre a fourni les explications nécessaires. Tom Ulveling signale qu'Esch a un nouveau bourgmestre. Il faut lui laisser le temps de se mettre en place et de présenter ses plans.

M^{me} Richartz a mentionné Belair. Dès que les plans seront prêts, des entretiens auront lieu avec la population selon le modèle de M. Muller pour s'assurer que les riverains sont satisfaits du projet. La rue en question est étroite. Les arbres qui la bordent sont en fin de vie. Il faut donc voir s'il ne vaut pas mieux les remplacer. Les habitants tiennent aux cerisiers. Mais il serait bête de démolir à nouveau la rue dans cinq ans pour les remplacer. En tout cas, les riverains pourront bientôt exposer leurs doléances et faire des suggestions.

M. Bertinelli a prétendu que les aires de jeux sont toutes vieilles. Or le conseiller communal sait pertinemment qu'elles sont contrôlées tous les ans et qu'elles disposent du label «Sécher Spillplazen». Il est vrai que certains jeux ont dix ans. Mais le collège échevinal dispose de rapports détaillés avec des photos. Au moindre problème, les jeux sont immédiatement réparés. Tom Ulveling précise par ailleurs que les aires de jeux ne sont pas uniquement réservées aux enfants. Il s'agit de lieux d'échanges pour les parents. C'est pourquoi elles doivent rester en bon état.

La question du vandalisme a aussi été abordée. Il est vrai que certaines personnes n'hésitent pas à promener leurs chiens sur les aires de jeux, Il faudra voir comment maîtriser ces problèmes.

M. Goffinet a parlé de la responsabilité des archives. Pour le moment, elle travaille à mi-temps. Au moment où elle a été recrutée, une personne a quitté le service. Il y avait donc un manque de personnel. Le collège échevinal a demandé à la nouvelle employée de voir à quoi pourraient ressembler les archives

2. Finances communales

à l'avenir. Elle a collaboré sur ce projet avec M. Muller. L'espace de stockage prévu sur la place Nelson-Mandela correspond tout à fait à ce qu'elle souhaitait. Malheureusement, il n'est pas relié à la bibliothèque, qui se trouve à vingt mètres. Peut-être pourra-t-on cependant réaliser un passage souterrain à travers le parking.

La personne responsable des archives se dévoue entièrement à sa tâche. Elle a proposé de créer un article budgétaire pour acquérir des documents pouvant être intéressants pour Differdange.

Tom Ulveling pense que le collègue échevinal est sur la bonne voie pour ce qui est des archives. Et il est évident que si tout se passe comme prévu, une seule personne ne suffira pas.

Certains trouvent que le budget pour la publicité culturelle n'est pas assez élevé. Tom Ulveling se réjouit de ces remarques.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) proteste.

TOM ULVELING (CSV) trouve 90 000 € une somme considérable. La publicité coûte cher. Mais le budget a augmenté de 15 000 € et avant, personne ne se plaignait. Tom Ulveling propose d'essayer de s'en sortir avec le budget proposé. Et si cela ne suffit pas, le collègue échevinal pourra toujours l'augmenter l'année prochaine.

M. Goffinet a parlé du déplacement du monument sur la place du Marché. L'objectif était de rendre la place plus grande. Mais le collègue échevinal sait bien que beaucoup de gens tiennent à ce monument érigé pour les mineurs — même si à y regarder de près, il pourrait représenter des extraterrestres. Hier, Tom Ulveling a demandé à la commission culturelle de réfléchir à un nouvel emplacement. Il est important d'impliquer toutes les personnes qui tiennent à ce monument, et notamment les syndicats. Pour le moment, aucune décision n'a été prise. Le collègue échevinal recherche des solutions.

(Interruption)

Tom Ulveling répond que les discussions pourront être menées sur la base des premières réflexions.

chen, fir sech mol e bëssen anzeschaffen. Si sollt eis och ee Projet virleeën an där Zäit, fir ze kucken, wéi mer an Zukunft esou en Archiv gesinn. A si huet deelweis mam Här Muller geschafft.

Wéi den Här Muller d'place Nelson Mandela, de Parking, d'Stockageraim geplangt huet, huet si doru matgeschafft. De Raum ass am Prinzip deen, dee si gär gehat hätt. Et ass ebe just keng Ubannung un d'Bibliothék méiglech, well dat Gebai wäert op 20 Meter dervun opgeriicht ginn. An do ass et eben net méiglech, en direkten Zougang ze hunn.

Mä ech mengen, et kann een duerno kucken, iwwert de Parking oder esou, ob et net vläicht ënnerierdesch méiglech wier.

Ech fannen, dass déi Archivarin e ganz gudde Grëff war, well se wierklech ganz dediéiert ass. Si huet och virgeschloen, am Budget e Posten ze kreéieren, wou si kéint Saache kafe fir d'Archiven, wa si iergendwou op engem Maart Saache gesäit, déi fir d'Archive vun Déifferdeng wichteg wieren, fir dass si déi kéint kafen.

Ech mengen, mir sinn um gudde Wee. Natierlech, et ass richtig, mir müssen dat affinéieren. Mir musse kucken, fir déi Persoun optimal anzesetzen. An et ass kloer, dass iergendwann, wann dat esou funktionéiert, wéi mer eis dat virstellen, een alleng dat do och net ka maachen, wéi Der richtig gesot hutt. Wéi gesot, soubal déi nei Archiven do sinn, misst ee sech där Saach unhuelen.

Dann ass vu verschiddene Säiten ugeprangert ginn, de Budget vun der Publizitéit vun der Kultur war net héich genuch. Et freet mech, dass ech gesot kréien, et misst nach méi sinn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Oh, neen.

SCHÄFFEN TOM ULVELING (CSV):

Ech fannen, 90.000 Euro ass awer net grad näischt. Ech weess allerdéngs och, dass all déi Publizitéiten um Radio an op der Televisioun extrem deier sinn.

Mä ech wëll awer drun erënneren, dass mer de Budget ëm 15.000 Euro dëst Joer erhéicht hunn. A virdu ware se bei 75.000. Do hunn ech ni eng Kritik kritt, dass et net genuch wier. Also dofir wonnert et mech elo e bëssen. Elo ass et méi, an d'Leit sinn net zefridd.

Mä egal. Ech hu kee Problem dermat, méi ze maachen. Mä mir versichen natierlech, mat deene Suen, déi mer hunn — et ass jo net nëmme fir Radio, mä och nach fir Broschüren an esou —, iwwert d'Ronnen ze kommen. An, wéi gesot, wann Dir mengt, dass dat net genuch wär, kënne mer dat d'nächst Joer natierlech erhéijen.

Den Här Goffinet huet mech nach gefrot zum d'Déplacement vum Monument. Mir hunn am Fong d'Place du marché vergréissert, fir Saachen e bësse manner dense opzeriichten, och de Maart. Du war d'Iddi opkomm, dat Monument eventuell ze deplacéieren, fir dass déi Plaz ebe méi grouss gëtt.

Mä mir wëssen, dass ganz vill Leit un deem Monument hänken. Et ass jo d'Wahrzeeche vun Déifferdeng, well et jo fir eis Mineuren opgeriicht ginn ass, obwuel een heiansdo kéint mengen, et wier éischter fir d'Extraterrestre opgeriicht ginn, wann een dat esou kuckt.

Net méi spéit wéi geschter hunn ech eiser neier Kulturkommissioun matgedeelt, si solle sech emol Gedanke maachen, wou een esou ee Monument kéint verplanzen, wann een et da wéilt op enger würdiger Plaz verplanzen. An do hate mer och schon am viregte Schafferot driwwer rieds, dass een och misst d'Gewerkschaften an all déi Leit, wéi gesot, déi dorunner hänken, mat implizéieren, ob déi dann d'accord wäeren. Do ass also nach näischt geschitt an och nach näischt decidéiert. Mir wäerte kucken, eng Léisung ze fannen. A wann net, bleibt et eben esou, wéi et ass.

(Ënnerbriechung)

Jo. Maja, dann decidéieren oder diskutéiere se elo nach eng Kéier. Da kënne se jo op deem opbauen, wat Dir schon decidéiert hutt, op Reflektiounen, déi Dir schon hat. An da kucke mer dat nach eng Kéier am Schafferot.

Dann nach eng Fro iwwert d'Chaleuten. Ech mengen, et war och den Här

2. Finances communales

Goffinet, deen dat gefrot hat. Ech hunn net vu menge Servicer gesot kritt, mir sollten dat erhéijen. Dunn hunn ech et och net erhéicht. Also mir ass et net bekannt, an ech hunn keng Kloe kritt. Mir haten d'lescht Joer e puer neier kaf, et ass mir elo net direkt bekannt, dass do vill sollt futti sinn oder Saache géife feelen. Jiddefalls hunn ech dee Montant an de Budget gesat, dee meng Leit am CID mer gesot hunn. Mir hunn ëmmer nach esou kleng Reserven, wann iergendwann eng Kéier wierklech een oder zwee Chalet géife futti goen, dass mer déi kéinten nei maachen, respektiv reparéieren.

Mä et ass och esou, an dofir hate mer déi Saach erëm erfroge: et gëtt nëmmen ekonomesch sënnavoll, wann een e ganze Koup beienne bestellt. Wann een der just zwee vu Stroosbuerg komme léisst, gëtt dat extrem deier am Transport. Wann een der fënnef, sechs oder méi komme léisst, gëtt dat proportional vill méi bëlle. Dofir ass elo näischt virgesinn.

Da war nach eng Fro, déi ech elo nach am Kapp hunn, vum, ech mengen, Här Meisch, iwwer Nidderkuer, de Stroossen, d'Phasen dräi a véier. Déi géifen net ëmgese ginn. Bon, ech ...

(Ënnerbriechung)

Voilà. Dat wollt ech och soen. Effektiv, den Här Muller hat jo d'lescht Joer d'Phas zwee gemaach. Fir d'Phasen dräi a véier wollte mer waarden, bis dee grouse Chantier zu Nidderkuer, wou déi nei Sportshal ugeduecht ass, wou d'Camione vun ënnen erop, vun der rue Gansen erop un de Chantier fueren, fäerdeg ass. Mir géife léiwer dee Chantier fir d'éischt fäerdeg maachen. D'Phasen dräi a véier sinn net vergiess. Mä si ginn eben zeréckgesat aus deem Grond, well et kee Sënn mécht, eng Strooss nei ze maachen an duerno ass se dann erëm futti duerch déi Gebaier, déi mer do amgaange sinn opzeriichten.

Ech mengen, dat war alles, wat ech gefrot gi sinn. Wann ech eng vergiess hätt, kënnt Der mer déi nach eng Kéier stellen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Ulveling. Da géif ech dem Här Liesch d'Wuert ginn.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Merci. Ech ginn och kuerz duerch déi Saachen, déi meng Ressorte betreffen. Vum Här Schwachtgen war de PAG ugeschwat ginn, dass et wichteg wär, d'Biergerbedeelegung weider ze féieren. Dat wäerte mer natierlech maachen. Mir haten eng breet Campagne gefouert d'lescht an d'virlescht Joer. Mir sinn elo an der Consolidéierung. Mir hunn e strammen Termin. Mir mussen also bis Juli de PAG fäerdeg hunn. Natierlech sollte mer, elo, wou et an d'Schlussphas kënnt, d'Biergerbedeelegung net ausklameren. Dat wäerte mer sécher net maachen.

Zum Eclairage public hat Der gefrot, wat do géif gemaach ginn. An Dir hutt op d'Foussgänger opmierksam gemaach. Mat Recht. An enger éischer Reunion, déi des Woch stattfonnt huet, hu mer en Inventaire iwwert all eis Foussgängeriwergäng an eiser Gemeng gemaach: Wou gëtt et Luuchten, wou gëtt et keng? An a wéi engem Zoustand si se? Als Prioritéit hu mer de séchere Schoulwee festgehalen. Mir hoffen, dass mer fir den nächsten Hierscht, fir déi nächst Rentrée, fir de séchere Schoulwee an all eise Quartieren d'Foussgängeriwergäng anstänneg beliicht hunn.

Den Här Muller hat gefrot, wéi et mam Parkhaus wär. Do huet den Här Ulveling schonn drop geäntwert. Mir sollten net vill Zäit verléieren. Do ginn ech Iech ganz Recht. Mir sollten dat net ee Joer schleefe loossen. Dat wäerte mer och net. Mä d'Iwwerleeung, déi opkomm ass, fir d'Parkhaus eventuell op där anerer Säit ze maachen, sollt een awer och net einfach ignoréieren a soen: „Mir ginn elo Gas, a mir kucken dat net“. Mir wëllen dat wierklech eng Kéier seriö analyséieren an déi néideg Gespréicher féieren. Bis Ouschtere wäerte mer dann eng Decisioun geholl hunn. Wann et esou ass, wéi Dir sot, dass do aner Projete säitens Arcelor geplangt sinn, stelle mer dat jo fest. An da wäerte mer de Plang, sou wéi en ursprénglech vir-

Pour ce qui est des chalets, personne n'a demandé à M. Ulveling d'augmenter le budget — c'est pourquoi il ne l'a pas fait. Il rappelle que la commune en a acheté des nouveaux l'année dernière. Il n'est pas au courant du fait que certains seraient cassés. Il a prévu la somme demandée par le CID. De toute façon, la commune dispose d'une réserve pour les urgences. En plus, il est bien plus rentable d'en commander plusieurs en même temps. C'est pourquoi rien n'est prévu pour le moment.

M. Meisch a demandé pourquoi la réalisation des phases 3 et 4 de Niederkorn n'était pas prévue. Le collège échevinal souhaite attendre que le grand chantier pour la construction du nouveau centre sportif soit terminé. Il ne sert à rien de refaire une route qui serait endommagée tout de suite après à cause d'un chantier.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) *commence par le PAG. M. Schwachtgen a signalé l'importance de la participation citoyenne. Une campagne a été menée l'année dernière. L'agenda est serré. Mais il est évident que la commune ne peut pas oublier la question de la participation.*

Pour ce qui est de l'éclairage public, la question des piétons a été abordée. Cette semaine, il a été décidé de dresser un état des lieux de tous les passages pour piétons. Lesquels sont éclairés? Dans quel état se trouvent-ils? La priorité a été accordée au chemin de l'école. L'objectif est d'éclairer convenablement tous les passages pour piétons menant vers les écoles dans les quartiers à temps pour la prochaine rentrée.

M. Muller a abordé la question du parking. M. Ulveling y a répondu. Le collège échevinal ne veut pas perdre de temps. Mais il ne veut pas non plus ignorer la possibilité d'aménager le parking de l'autre côté de la rue, simplement pour ne pas perdre de temps. La situation doit être analysée et des entretiens menés. Une décision sera prise avant Pâques. Il faudra voir si ArcelorMittal prévoit d'autres projets. Si tel est le cas, les plans du parking seront exécutés comme prévu.

2. Finances communales

Aménager le parking de l'autre côté n'est pertinent que s'il est possible de le relier à la rocade. Cela signifierait toutefois qu'il faudrait déplacer la direction d'ArcelorMittal. Ce n'est pas la solution la plus facile, mais elle peut être intéressante du point de vue du trafic.

L'EIDE a besoin de plus de place pour la rentrée 2018. En décembre dernier, le collège échevinal s'est informé des besoins et a choisi trois sites adaptés. Il faudra en déterminer les avantages et les désavantages. Le collège échevinal en discutera avec la direction du lycée. Ensuite, il restera à décider qui exécutera les travaux. Mais Georges Liesch croit d'ores et déjà savoir qui devra préfinancer les travaux. Il ne sait pas si les ministères ont abordé cette question.

(Interruption)

Georges Liesch constate que la commune fera ce qu'elle a à faire. De toute façon, elle sera remboursée. Mais il faut aussi tenir compte du fait qu'un tel chantier demande des ressources humaines conséquentes. Mais comme il s'agit d'un chantier temporaire, la commune ne peut pas non plus recruter du personnel. Il faut se rendre compte que la commune ne peut pas avancer aussi vite qu'elle le voudrait dans ses propres projets si elle apporte son aide à des chantiers comme celui du commissariat ou du lycée.

M. Tempels a mentionné la gestion des parkings. Le montant demandé est effectivement élevé. Le collège échevinal réfléchit à la réalisation d'un audit. En effet, les parkings privés font des bénéfices, alors que la commune perd de l'argent. Georges Liesch veut remettre en question les exploitants actuels. Le collège échevinal se demande par ailleurs si les parkings ne devraient pas être exploités directement par la Ville. Mais Georges Liesch demande du temps au conseil communal pour qu'il puisse présenter des faits avant de prendre une quelconque décision.

Inutile de revenir sur le commissariat. Tout a été dit.

M. Meisch s'est étonné que le budget ne prévoie pas de fonds pour le Science Center. Georges Liesch lui demande en retour e qu'il aurait fallu prévoir puisqu'à aucun mo-

gesinn ass, exekutéieren. Mä wann do awer eng Opportunitéit wär, sollte mer déi awer net ignoréieren.

Si gëtt nämlech da sënnavoll, a si ass och nëmmen da sënnavoll, wann d'Parkhaus op där anerer Säit kéint gemaach ginn, wann een en direkten Uschloss un d'Rocade kéint réaliséieren. Wat jo dann och nach géif bedeuten, dass d'Direktiounsgebai vun der Arcelor misst geréckelt ginn an esou weider an esou fort. D'Parkhaus kéint natierlech awer schonn éischter gebaut ginn. Dat ass, wéi Der zu Recht sot, net deen einfachste Wee, mä vum Trafic hier awer sécher mol eng sënnavoll Iwwerleeung. An déi wollte mer awer nach ausféieren.

D'EIDE: et ass vun e puer Leit gefrot ginn: „Wéi geet dat virun?“ D'EIDE huet d'Demande gestallt, fir e weidere Terrain oder weider Plaz ze kréie fir d'Rentrée 2018. Si kommen ëmmer immens fréi. Mëtt Dezember hate mer eng éischt Reunioun, wou mer si gefrot hunn, wat hir Besoine vu Säll wäeren, wat se alles bräichten. Mir hunn dräi Sitë konnten determinéieren, wou dat machbar wär. Déi dräi Sitë kommen elo an de Schäfferot, wou mer nach musse kucken, wat d'Vir- an d'Nodeeler sinn.

Mir wäerten eis nach eng Kéier mat der Direktioun vum Lycée treffen, fir hinnen déi Proposen ze maachen, wou dat machbar wär. Da bleift awer nach ëmmer déi grouss Fro, ween dann erëm Executant ass. Mä ech mengen, ech weess d'Äntwert schonn, ween dat däreer virfinanzéieren, a ween däreer bauen, a ween däreer kucken, dass et och fir de 15. September 2018 dann operationell ass.

Ech mengen, dass och doriwwer wahrenscheinlech an de Ministèreen nach net vill geschwat ginn ass, ween dat soll finanzéieren. An dat wäert dann op eis kommen.

(Ënnerbriechung)

Ass et bei eis? Dann ass dat schonn decidéiert. Dat wäerte mer awer maachen, wann dat machbar ass. Dat war jo och hei eng Kéier gesot ginn, dass eis dat net vill kascht, mir géifen déi Sue jo erëmkreien. Jo, dat ass richtig. Mir kreien déi Suen erëm, zum Deel och vun eise Leit, déi selwer dann do um Chantier schaffen, mat investéiert hunn, mä

et muss een awer wëssen, dass awer dann d'Ressource humaine feelt. An dat heescht, hei am Haus hu mer jo och keng 20 Leit, déi esou Projete wéi dat do kënne begleeten an exekutéieren. An et kann een och keen astellen, well dat si jo Projeten, déi extraordinär sinn, déi vläicht d'nächst oder d'iwwernächst Joer guer net méi virkommen. An dann hätte mer am Fong Leit agestellt, déi mer dann net méi beschäftigt kréichen.

Also ass et schonn eng Belaaschtung fir eis Servicer. A mir komme mat eisen eegene Projeten natierlech net esou virun, wéi mer dat wëllen, wa mer lénks a riets, d'Policegebai, de Lycée, iwwerall aushëllefen. Wat mer natierlech maachen. Awer et muss ee wëssen, dass dat eis och ausbremst.

Den Här Tempels huet, mat Recht, gefrot, wéi d'Gestioun vun de Parkhaiser ass, wéi dat ausgesäit. Dat wollte mer kritesch hannerfroen. Mir fannen dee Montant, deen drasteet, och zimlech héich, a fannen, dass mer mussen eng Aart Audit maachen a kucken: Ass dat eng seriö Betreierung vun eise Käschten, vun eise Parkhaiser?

Dir hutt Recht, wann Der sot: „D'Parkhaiser, déi privat bedriwwen ginn, maache Benefiss“. Da kann et eigentlech net sinn, dass eng Gemeng muss eppes dropleeë bei Parkhaiser. Da leeft iergendeng schif. Mir wëllen dat genau analyséieren. Och mam Exploitant, dee mer am Moment hunn. Mir wëllen déi Fro och stellen. An ech verstoppen awer net, dass mer och Iwwerleeunge gefouert hunn, dass mer dat eventuell selwer dann eng Kéier wëlle geréieren. Och déi Rechnung wäerte mer maachen, ob et net herno méi gönschteg a méi bëlleg gëtt, wann d'Gemeng dat eventuell selwer mécht. Mä, gitt mer nach e bëssen Zäit. Ech wëll dat wierklech neutral betruechte loossen an dann herno mat Fakten an de Gemengerot kommen an Iech proposéieren, wéi mer da wäerte virgoen.

Op d'Policegebai ginn ech net méi an. Et si genuch Virriedner gewiescht, déi d'Situatioun ganz gutt erkläert hunn.

Här Meisch, Dir hutt geschwat vum Science Center. Den Här Buergermeeschter huet schonn drop reagiert. Dir hutt gesot: „Et steet näischt am Budget“. Ech stellen dann d'Fro: „Wat

2. Finances communales

hätte mer sollen an de Budget schreien?“ Et war zu kengem Moment, an ech hu mech nach leschte Mount mam Här Didier getraff, e Courier erakomm, wou d'Gemeng opgefuerdert gi wär, iergendeppes ze finanzéieren an dofir e Montant am Budget virzegesinn. Also vun dohier, mengen ech, war keng Demande do.

An op där anerer Säit hätte mer, mengen ech, och net direkt eppes an de Budget geschriwwen, soulaang wéi déi Transparenz, wat den Här Buergermeeschter erkläert huet, net garantéiert ass. Déi fänkt un, besser ze ginn. Mä déi muss awer op jidde Fall nach e puer Kräck noleeën, bis d'Gemeng Déifferdeng Sue wäert investéieren. Mä de Wëllen ass ganz kloer am Koalitiounsprogramm: de Science Center ass e Gewënn fir eis Gemeng, a mir wäerten un deem Projet festhalen, sou laang wéi et geet.

Den Här Ruckert huet d'Geméiszären ugeschwat: et wär e Projet, dee mer schonn zwee, dräi Joer matschleefen, an et géif näischt geschéien. Dat ass net ganz richtig. Dir hutt awer Recht, de Projet huet méttlerweil e laange Baart kritt. Dat huet zwee Grënn.

Deen éischte Grond ass, dass mer dat éischt Joer net verluer hunn, mä mir haten eis Gedanke gemaach, wou d'Geméiszäre sollten hi kommen. Mir haten e puer Siten. A mir haten eis Gedanke gemaach, wou se am beschte géifen hi passen. Wéi déi Decisioun plus ou moins gefall war, hate mer mam Kannerbongert d'Infrastrukture schonn esou preparéiert an och finanzéiert, duerfir war dee Budget och e bësse méi héich, fir dass d'Geméiszären op deem Campus méiglech wäeren. Do goufen also haaptsächlech Kanal- an Infrastrukturearbechten, fir Chauffage an esou weider, schonn esou preparéiert, dass d'Geméiszären am Fong kéinten drun ugeschloss ginn.

An op där anerer Säit hate mer natierlech och vum Ministère de l'environnement gesot kritt: „Wann Der do wëllt eng Zär bauen, musst Der och déi néideg Etüde maachen“. Dat hate mer och gemaach. Fliegermaass-Etüden, Vullen-Etüden: déi leien elo vir. An dat brauch eben alles Zäit. Dat musse mer awer respektéieren. A mir sinn awer elo, mengen ech, an der Ligne droite, dass mer kënnen ufänken.

An dann Är Fro, déi Der all Joer stellt: Dir hätt gärén en Datum, wéini dee leschte Container zu Déifferdeng verschwënnt. Deen Datum kann ech Iech haut och net nennen. Ech kann Iech awer soen, dass mer an de leschte Joren ëmmer manner Container kritt hunn. Mir hunn also iwwerall do, wou et méiglech war, a wou mer konnten, d'Container verschwanne geden.

Zu Uewerkuer stinn zwar nach Container am Prince Henri, si sinn awer eidel. Zu Nidderkuer sinn d'Container verschwonnen. Do steet nach een, dee geet awer dëst Joer ausser Betrib. An da bleiwen eigentlech nach de Préfabriqué an d'Container zu Déifferdeng. An do wësst Der, de Projet läit jo haut vir: op der place Mandela soll e Gebai gebaut ginn, wou mer eng Quartierschoul bauen, fir 200 bis 300 Kanner. A wann déi bis steet, kënnen déi Container verschwannen. Wat wär d'Alternativ? D'Alternativ wär, den Effektiv vun de Klassen ze héijen an ze soen: „Mir maachen d'Container zou, a mir setze pro Klasse einfach nach fënnef, sechs Schüler dran“. Mä dës Schafferot wëll dat jiddefalls net.

Da kommen ech bei den Här Diderich. Dir hat gefrot, wéi dat mat der Tax – wann ech dat richtig verstanen hunn – vum Sperrmüll wär, ob et do nei Taxe géife ginn. Neen. All Taxen, déi et do gëtt, sinn am Gemengerot votéiert ginn. Et gëtt keng nei. All Tax muss jo och duerch de Gemengerot goen. Dat heescht, do ass keng nei, exzeptionell Tax. Wat vläicht nei ass, ass, dass mer déi Reglementéierung vun engem Meterkibb vläicht e bësse méi rigouréis kontrolléieren.

Et ass esou, dass mer gemierkt hunn, dass awer Abus gemaach gouf, haaptsächlech am Sperrmüll an am Holzberäich. Wat eis immens vill Sue kascht. Et ass ee vun deene gréisste Käschtefacturen am Recyclingshaff. Sou dass mer gesot hunn: „Mir müssen do awer e bësse méi rigouréis kontrolléieren, ween do mat wat ugefuer kënt“. Dat ass vläicht d'Erklärung, firwat d'Leit Iech gesot hunn: „Wéi kann dat sinn, dass ech elo eppes hu misse bezuelen?“ Oder respektiv ëmgedrëit gi sinn, well et ze vill war.

Bei dem Vël'OK hat Der gefrot, ob do net d'Iwwerleeung wär, fir en anere Sys-

ment le Science Center n'a demandé de l'aide à la commune. En outre, le bourgmestre a expliqué que le dossier devait être géré avec plus de transparence pour que la commune accepte d'investir de l'argent. Cependant, le programme de coalition est clair: la commune tient à ce projet.

M. Ruckert s'est plaint du fait que l'aménagement de la serre de légumes n'avancait pas. Il n'a pas entièrement tort. Mais il y a des explications. D'abord, le collège échevinal a cherché un site. Ensuite, il a fait aménager le Kannerbongert de façon à pouvoir accueillir les serres en plus du campus scolaire — avec notamment des travaux d'infrastructures et de canalisations. Par ailleurs, le ministère de l'Environnement a demandé la réalisation d'études sur les chauvesouris et les oiseaux. La commune est dans la dernière ligne droite, mais il faut encore un peu de patience.

M. Ruckert veut également savoir quand le dernier conteneur scolaire disparaîtra. Georges Liesch ne peut pas lui donner de date précise, mais lui signale que le nombre de conteneurs a baissé systématiquement au fil des ans. Il en reste encore à Oberkorn, mais pas à Niederkorn. Il y a aussi le préfabriqué et les conteneurs de Differdange, mais une école de quartier de 200 à 300 enfants sera construite sur la place Nelson-Mandela. Une autre solution consisterait à supprimer les conteneurs et augmenter les effectifs des classes, mais ce n'est pas ce que veut le collège échevinal.

M. Diderich a demandé si une nouvelle taxe sur les déchets avait été créée. La réponse est non. Les taxes existantes ont toutes été approuvées par le conseil communal. En revanche, il est possible que la réglementation sur le mètre cube soit contrôlée de manière plus rigoureuse. Le centre de recyclage a, en effet, constaté des abus concernant les encombrants et le bois engendrant des coûts élevés. C'est ce qui explique que certains clients ont dû payer quelque chose ou bien qu'ils n'aient pas pu déposer tous leurs déchets.

M. Diderich a également proposé de remplacer Vël'OK par un système plus flexible. Georges Liesch

2. Finances communales

doit admettre qu'il ne connaît pas les autres systèmes en détail. Cependant, il veut bien s'informer. Il rappelle toutefois que Vël'OK est disponible de Differdange à Dudelange. C'est ce qui fait la force du projet. Et Differdange ne fera pas cavalier seul en adoptant un autre système.

Pour ce qui est du «carsharing», Georges Liesch rappelle que Differdange est la troisième commune du pays, mais qu'elle reste une petite ville. Il faut donc trouver un système cohérent avec les autres communes du pays. Pour le moment, il n'y en a que deux: le Flexsystem des CFL et Carloh. Mais Carloh ne dessert que Luxembourg-ville. Par conséquent, le collège échevinal contactera les CFL pour mettre au point un partenariat.

L'agrandissement d'Aquasud n'est pas lié à un manque de capacités pour le lycée. La taille du grand bassin est suffisante. C'est le bassin d'apprentissage qui est trop petit. Le collège échevinal pourrait supprimer les cours de natation du préscolaire et réduire la fréquence de ceux du primaire. Mais il préfère chercher une autre solution. Par ailleurs, un bassin d'apprentissage plus grand pourrait aussi servir aux associations et pas uniquement à l'école.

En ce qui concerne l'expert en arbres, il sera recruté à plein temps. L'appel à candidatures va être lancé prochainement.

M. Goffinet a posé une question concernant les 71 000 € pour le TNT. Il s'agit en partie de la participation de la Ville de Differdange à hauteur d'un euro par habitant. Des fonds sont aussi prévus pour des expertises — notamment pour ce qui est de l'étang entre Lasauvage et Hussigny. Comme il se trouve à la frontière, ce projet est idéal pour le TNT. Les analyses serviront à voir comment rendre l'étang accessible et comment l'assainir. Le budget prévoit aussi une réserve si des projets intéressants se présentent en cours de route.

tem ze maachen, dee vläicht méi flexibel wär. Ech muss soen: „Ech kennen dee System, deen Dir genannt hutt, net am Detail”. Wann Der do e Link oder eppes hutt, schéckt mer dat gären zou, dass ech mer dat eng Kéier kann uücken.

Mä mir sinn awer do net alleng. Ech muss soen: „De Vël'OK ass e System, dee jo quasi vun Diddeleng bis op Déifferdeng geet”. Dat heescht, do maache mer net Cavalier seul. Mir wäerten also ëmmer am Verbund mat alle Gemenge sinn, wa mer eppes Neies maachen, dat bleift. Well ech mengen, dat ass d'Stärkt vun dësem Projet, dass mer duerch dee ganze Süden am Fong ee System hu fir de Vëloverleihsystem. An dat musse mer op jidde Fall oprechterhalen. Wann et sech ergänze léisst, kann een awer doriwwer nodenken.

Ähnlech gëllt fir de Carsharing. Do muss ee soen: „Mir sinn als Déifferdeng wuel déi drëttréisste Gemeng am Land, an awer si mer eng kleng”. Also mir maache kee Carsharing alleng fir Déifferdeng. Dat wär total sënnslos. Mir brauchen e Carsharing, dee mat de Mengungen aus dem ganze Land iergendwou kohärent ass. Do gëtt et am Moment leider net vill Alternativen. Et gëtt de Flexsystem vun der CFL, deen eigentlech flächendeckend duerch d'ganz Land funktionéiert. An da gëtt et de Carloh, deen eigentlech nëmmen d'Stad Lëtzebuerg bedéngt. Deen also fir eis net esou interessant wär. Mä mir huelen emol Kontakt op mat der CFL, fir ze kucken, ob mer net mat hinnen zesummen zu Déifferdeng, zumindest bei de Garen, esou eppes kéinte maachen. Dann hätt mer schon emol e Pied-à-terre, wat de Carsharing an der Gemeng ugeet.

Dir hat och gefrot, ob den Ausbau vum Aquasud dorop berout, dass do vläicht falsch Berechnungen gemaach goufen, a firwat mer elo musse bäibauen. Et ass net esou, dass den Aquasud net d'Capacitéit hätt fir de Lycée. Dat ass absolut net de Problem. D'Capacitéit vum groussen Baseng geet nach wie vir ëmmer nach gutt duer. Dat ass net de Problem. De Problem ass de Lernschwimmbecken. Well do méi Kanner hi ginn, wéi mer Plaz hunn. Dat heescht, mir hunn am Moment e Problem mam Lernschwimmbecken.

Mir hätten d'Alternativ, fir ze soen, zum Beispill: „Majo, da ginn eis Spillschoulkanner net méi dohin”, sou wéi dat an anere Mengungen ass. An déi aner ginn net méi all zweet Woch, mä just nach eemol am Mount. Also mir hätten Méiglechkeeten, dat ze reduzéieren. Dat fanne mer awer e bësse schued. Do fir hu mer gesot: „Kommt, mir kucken eng aner Alternativ”. Ob mer de Lernschwimmbecken net kéinten op enger anerer Plaz maachen oder erweideren, ob mer net kéinten ubauen. An engems hätt mer natierlech dann och nach méi Plaz fir Coursen, déi am Moment och immens gutt besicht ginn, fir eventuell esou Saachen nach weider unzëiden, dass dat Lernschwimmbecken also net alleng fir d'Schoul wär, mä och fir Vereiner, fir zousätzlech Coursen unzëiden.

Da kéim ech bei den Här Goffinet. Do hat ech, mengen ech, schonn intervenéiert, wou Der dat gefrot hat mam Bam-Expert. Deen ass 100%. Déi Plaz gëtt elo ausgeschriwwen, an da kucke mer, weech do alles méllt. Mä et ass awer scho geduecht, eng Pleine-tâche ze hunn, fir dat doten ze maachen.

Dir hat och gefrot, wéi an engem Budgetartikel vum TNT déi 71.000 Euro opgeschlëselt wäeren. Do ass zum engem d'Participatioun dra vun der Mengung Déifferdeng. Et ass jo een Euro pro Habitant, dee mer do abezuelen.

Dann ass en Deel virgesinn, wa mer Experte missten engagéieren, fir Dossierer ze ënnersichen. An ee ganz konkreten Dossier ass de Weier, deen tëschent Lasauvage an Héiseng läit. Dat ass en ale Killweier vun der Schmelzanlag vun Héiseng. D'Grenz leeft am Fong genau doduerch. Dat wär en immens flotte Projet grad eben am Transfrontalier, fir zesummen ze kucken: Wéi kéinte mer éischters emol dee Weier accessibel maachen? An och entseuchen? Well dee Weier, dat verstopp ech Iech net, ass e Killweier. Also deen ass biologesch zimlech dout, fir et emol esou ze soen. Do fir sinn déi Sue virgesinn, fir Analysen. Wat kéint een do maachen? Wat géif et kaschten?

Dann ass och eng kleng Reserv dran, falls nach Projeten en cours de route kéimen, fir dann eventuell scho kënnen ze reagéieren. Dat ass elo graff d'Opchlëslegung vun deem Budgetartikel.

2. Finances communales

Dann hat Der gefrot an der Informatik, ob mer bei dem Wifi mat anere Gemengen zesummeschaffen. Den Här Muller hat et scho gesot. Do gouf et jo eng Méiglecheek, am ProSud mat ze schaffen. Mir haten dat schonn d'lescht Joer analyséiert gehat. Mir hunn awer fonnt, dass dat zimlech deier wär. An dass mer eigentlech, en vue vum Insourcing, déi Philosophie wëlle weiderféieren, dass mir dat am Fong kéinte selwer maachen.

Ech verstinn natierlech, wa méi kleng Gemenge soen: „Mir si frou, dass de ProSud dat mécht, well mer net déi néideg Ressourcen a Capacitéiten hunn, fir dat ze maachen, a mer awer wëllen eng modern Stad sinn“. Mir hunn déi awer. Also mir sinn op de Wee gaangen, dass mer soen: „Mir maachen eis Wifi-Anlage selwer“. Mir hunn och schonn iwwerall an de Gebaier, an de Schoulen an esou weider, zum Deel Wifien, awer eben net op den öffentleche Plazen. Mir wäerten dat also weiderféieren, ënnert eiser Gerance.

Dat heescht, eise Service informatique wäert dat geréieren. Dat ännert awer näischt un der Qualitéit. D'Leit kréien de Wifi genau esou wéi bei allen aneren. Et ass ebe just, dass mir dat selwer maachen. An och selwer finanzéieren. Et gëtt awer méi bëlleg, wéi wa mer am ProSud matmaachen. Well et ass jo net de ProSud, deen et mécht, mä si hu jo och Partner, mat deene se dat maachen. An eis Solutioun gëtt méi bëlleg.

Dir hat och gefrot no den 250.000 Euro, déi drastinn am Kader vum TNT. Déi stoungen och d'lescht Joer dran. Mir sinn an zwee europäesche Projeten ageschriwwen. Et ass esou: wann ee sech do aschreift, muss een eigentlech mat dem Engagement weisen, wéi dat finanzéiert gëtt. Do gëtt et eng Quote-part nationale an eng Quote-part locale. D'Quote-part nationale hu mer garantéiert. Dat heescht, mir waren deemools bei de Minister an hu gefrot, ob mer déi Sue géife kréien. Dat sinn déi 250.000 Euro. Déi stinn an de Recetten. Mä Dir hutt se bestëmmt och an den Depensen erëmfonnt. Dat heescht, et ass eng Nulloperatioun. Déi 25.000 Euro ass am Fong d'Part locale. Falls de Projet sech realiséiert, wär dat am Fong d'Part, déi d'Déifferdenger Gemeng misst zum Projet bäileen. Dofir ass déi kleng Differenz dran.

An d'Durée vun deene Projeten – et sinn der zwee, wéi gesot – wär dräi Joer, falls et sech realiséiert. Mä mir sinn nach ëmmer an der Phase de candidature. Déi ass nach net ofgeschloss. Mir waarden op de Feedback, ob mer ugeholl ginn oder net. Wa mer net ugeholl ginn, sträiche mer déi Saachen erëm, an dann ass et fir keen eng Euro-Ausgab gewiescht.

Zum Här Aguiar, Dir hat an der Informatik eng interessant Bemierkung mat der Formatioun gemaach. Et ass kloer, dass, wa mer als Gemeng méi modern ginn, wat d'Informatik ugeet, een net däerf vergiessen, d'Leit matzehuelen. Well et ass net jiddereen informatesch um selwechten Niveau. Mir däerfen do op kee Fall zouloossen, dass e Gruet entsteet. Ech mengen, eng Äntwert ass sécher: eisen Espace informatique, dee mer hunn am Medico, wou jo ganz vill Coursë vum CIGL ugebuede sinn, ass ëmmer gutt besicht. Wou ee gesäit, dass sech vill Leit mellen, fir einfach kënne matzehalen.

Mä ech mengen, doriwwer eraus muss ee vläicht awer och nach aner Saache maachen. Mir hunn hei am Haus selwer ee Mann, dee Formatiounen mécht, wou Dir och kënnt drop zeréckgräifen, dat ass den Här Piscitelli. Wann Der Froen hutt, wat Informatik ugeet, Software, wéi ee mat verschiddene Saachen ëmgeet, kënnt Der dat maachen. Dir kënnt natierlech och ëmmer an de Service informatique goen, mä dat ass eischter fir d'Hardware.

Mä et kéint een awer och drun denken, ob ee vläicht net nach eng Kéier eng Campagne start fir all déi Saachen, déi mer online ubidde fir eis Bierger, sief dat Formularen an esou weider an esou fort. Wéi geet een domatter ëm? Fir dass dat méi genotzt gëtt. Well mir mierken, dass dat net esou schrecklech frequentéiert gëtt. Dass vill Leit awer nach klassesch laanscht kommen oder Bréiwer schreiwen, obwuel d'Formularen online zur Verfügung stinn. Do kéinte mer wierklech nach en Effort maachen.

Zum Schluss kommen ech erëm op den Här Altmeisch zeréck. D'Policegebaier. Wéi gesot, ginn ech wierklech net méi drop an.

En ce qui concerne le Wifi, il existait la possibilité de collaborer avec le ProSud. Mais le collège échevinal a trouvé le projet trop cher et a décidé d'explorer d'autres pistes en interne en accord avec sa philosophie du «back sourcing». Georges Liesch comprend que de petites communes optent pour le ProSud. Mais Differdange a des ressources nécessaires pour aménager elles-mêmes les installations. Les écoles ont d'ores et déjà accès au Wifi, mais pas encore les places publiques. La qualité du service sera la même que pour les autres communes. Mais la solution de Differdange reviendra moins cher que celle du ProSud.

Deux-cent-cinquante-mille euros sont destinés à des projets européens dans le cadre du TNT. Lorsqu'on s'inscrit à de tels projets, il faut en garantir le financement à travers une quote-part nationale et une quote-part locale. Les 250 000 € représentent la quote-part nationale, financée par le gouvernement. Cette somme figure donc à la fois dans les recettes et dans les dépenses. La participation de la commune s'élève à 25 000 €. C'est la quote-part locale. Ces deux projets porteront sur trois ans. Pour le moment, la phase de candidature est en cours. Si Differdange n'était pas choisie, il n'y aurait bien entendu pas de dépenses.

M. Aguiar a justement constaté que tout le personnel n'est pas forcément au même niveau en matière d'informatique. Georges Liesch croit que l'espace informatique du CIGL, proposant de nombreuses formations, pourrait être une solution. Il rappelle également que M. Piscitelli donne des cours en interne. Le service informatique peut aussi répondre aux questions même s'il s'occupe surtout de la partie «hardware».

Georges Liesch trouve qu'il faudrait en outre prévoir une campagne pour les citoyens, qui ne savent pas tous comment remplir les formulaires en ligne. Car les services communaux constatent que beaucoup d'entre eux continuent à écrire des lettres.

En ce qui concerne les remarques de M. Altmeisch, Georges Liesch ne reviendra pas sur la question du commissariat.

2. Finances communales

Pour le reste, M. Altmeisch s'est souvent retrouvé à côté de la plaque. Il a notamment tenu un long plaidoyer à propos du Kannerbongert, mais sans être informé. Le Kannerbongert dispose d'un système d'alarme. Georges Liesch vient de poser la question à l'ingénieur communal. Cela n'empêche pas forcément les personnes mal intentionnées de vandaliser les infrastructures publiques. Mais la commune essaie de les protéger aussi bien que possible. Georges Liesch en profite d'ailleurs pour lancer un appel: les établissements scolaires ne contiennent rien de précieux, mais uniquement des livres, des jouets et des objets pour écrire.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que la situation n'est pas pire à Differdange qu'ailleurs. Il ne faut pas croire qu'il n'y a que des criminels.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) revient sur le passage à niveau 15. Certains conseillers se demandent ce que le collège échevinal compte faire.

Il existe plusieurs variantes que M. Muller connaît bien. La seule pouvant être testée est celle passant par le Kondel et Oberkorn, dont a parlé M. Altmeisch. Celui-ci a raison de dire qu'il faut bien réfléchir à la question. C'est d'ailleurs pourquoi il s'agit d'une phase de test. L'étude servira à comprendre les conséquences d'une telle décision. Quelle sera l'ampleur du trafic? Combien de temps faudra-t-il pour que les automobilistes changent leurs habitudes et optent pour un autre trajet? Le collège échevinal ne pense effectivement pas que tous les automobilistes empruntant la barrière aujourd'hui continueront à choisir cette route plus tard. Mais si l'étude démontrait le contraire, la phase de test ne serait alors pas nécessaire.

Le collège échevinal ne veut pas abandonner cette variante sans même la tester, car autrement, on lui reprocherait de ne pas analyser une solution ne coûtant quasiment rien. Si l'étude démontrait que cette variante est inefficace, elle sera abandonnée. Autrement, la phase

Bei den anere Saachen, déi Der gesot hutt, hutt Der e bësse wäit ausgeholl. An zimlech oft awer nieft d'Plaque geschloen. Ech muss just soen: Zum Kannerbongert hutt Der e laange Plädoyer gehal. Wann Der esou laang Plädoyereren haalt, informéiert Iech virdrun.

De Kannerbongert huet eng Abrochsécherung, eng Alarmanlag. Also déi ass do. Ech weess net, ween Iech gezielt huet, déi wär net do. Mä et ass eng do. Ech hunn elo nach virun enger Stonn eng SMS un eisen Ingenieur gemaach, fir ze froen: „Ass se do?“ Si ass do. Also hunn ech mech net geiert gehat, fir sécher ze sinn.

Wat awer net verhënnert, dass mer awer heiandsdo konfrontéiert gi mat Leit, déi ebe schlecht Gedanken hunn an iergendwou abrieche. Mir hunn dat och an eise Schoulen. Do hu mer och Alarmanlagen. An awer kënnt et emol vir. Natierlech probéiere mer, alles ze maachen, wat méiglech ass, fir dat ze verhënnere. Et kann een awer net ausschléissen, dass dat ni wäert geschéien.

Fir all déi Leit, déi eis nolauschteren dobaussen: Dir fannt ausser Schoulbicher a Saachen, fir ze schreiwen, a Saachen, fir ze spillen, net vill Wäertvolles do. Also et huet kee wäert, et ass nëmmen Aarbecht do, oder Education. Et mécht also kee Sënn, do anzubrieche. Voilà, ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Merci, Här Liesch. An et ass net schlëmmer hei wéi an anere Gemengen. Mä dat heescht awer net, datt een net soll alles probéieren, fir datt et soll besser goen. Net, datt d'Leit op eemol mengen, hei wiere just Krimineller zu Déiferdeng ënnerwee.

Här Liesch, hutt Der eppes vergiess?

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

Ech hunn nach eppes vergiess. Et deet mer leed. Ech hat mer dat hei op d'Säit geschriwwen. Dat ass awer nach e wichtige Punkt. De PN15.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

Jo. PN15. Richteg.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG)

Do waren eng Partie Leit drop agangen an hu gefrot, wéi mer eis dat virstellen. Et gëtt verschidde Varianten. Ech mengen, den Här Muller kennt déi och ganz gutt, wéi mer dee PN15 ausser Betrib kënnen huelen.

Déi eenzeg Variant, déi eigentlech testbar ass, déi also net baulech Moossname bedéngt, ass déi, dass mer se emol einfach zoumaachen an e Passage géife maache laanscht d'Kondel an duerch Uewerkuer. Den Här Altmeisch ass och doropper agangen. Ech ginn Iech Recht. Natierlech ass dat eppes, wou ee sech muss gutt iwwerleeën, wat mer do maachen. Duerfir heescht et jo och Testphas. An am Budget sinn eigentlech nëmmen Etüde virgesinn, fir déi Testphas emol ze ënnersichen. Dat heescht, et ass nach net decidéiert, dass mer dat maachen. Mir wëlle fir d'ëischt emol eng Etüd maachen, wat et géif bedeuten, wann een dat géif maachen.

Mat wat fir engem Trafic kéint ee rechnen? Wéi laang kéint ee rechnen, dass d'Leit hir Gewunnechten änneren, an den Trafic dann zu Uewerkuer net esou wär? Well mir gi jo net dovunner aus, dass de gesamten Trafic, deen elo iwwert d'Barrière geet, dann och ëmmer an éiweg wäert doriwwer goen. Mir ginn dovun aus, dass d'Leit soen: „Mir sichen eis en anere Wee“ an hofentlech vläicht manner oft op den Auto zeréckgräifen.

Wann awer d'Etüden erginn, dass dat net de Fall wäert sinn, musse mer eis iwwerleeën, ob déi Testphas sënnvoll ass.

Mir wollten awer och hei, d'selwecht wéi an anere Projeten, net einfach déi Variant ad acta leeën an herno de Virwurf gemaach kréien: „Mä Dir hutt eng Variant, déi quasi näischt kascht huet, net emol ënnersicht“ Mir wëlle se ënnersichen. A wann de Fazit ass, dass et näischt bréngt, maache mer et net. Wann de Fazit awer ass, dass et interessant wär, eng Testphas ze maachen,

2. Finances communales

fir méi Erkenntnisser ze kréien, wäerte mer et maachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci. Madame Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Buergermeeschter, Dir Dammen, Dir Hären, en gros waren net esou vill Froe komm, déi meng Res-sorten uginn. Ech weess elo net, ob ech Welpen-...

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Et ware just Komplimenter, Madame Pregno.

SCHÄFFE LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG):

Jo. Mä ech wollt elo grad soen: „Ech weess net, ob ech Welpeschutz hunn, well ech nach net esou laang dobäi sinn, oder ob et ass, dass einfach net esou vill Negatives do ass“. Ech mengen, ech optéieren einfach fir déi zweet Variant an huelen et als Kompliment un, dass vill Saache gutt lafen am Moment.

Ganz wichteg ass natierlech d'Qualitéit an eiser educativer Aarbecht. Mir verstärken déi weiderhin, mat deenen neie Konzepter vun de Weltatelieren, déi an de Maisons relaisen ëmgessat ginn. Zu Nidderkuer wäert deemnächst eng ufänken.

Ech weess, dass e Besoin un Educateuren do ass, oder respektiv iwwerhaapt un educativem Personal. Mir sinn eis däers bewosst. Mir hu schonn eng ganz Rei Leit agestellt an deene sechs Wochen, zënter ech dee Posten hunn.

Et ass geschwat gi vun Augmentations de tâches. Ech kommen op dat zeréck, wat den Här Buergermeeschter sot: et geet natierlech. Mä wa mer vun 20- op 30-Stonnewochen oder op 40-Stonnewochen eropginn, geet natierlech den ordinäre Budget signifikativ an d'Luucht. Wann dat qualitativ derwäert ass, hunn ech prinzipiell guer kee Problem domatter.

Et stellt sech awer eng aner Fro: dass virun allem an de Structures d'accueil, dat heescht, an de Maisons relaisen, 40-Stonnewoche ganz schwéier asetzbar sinn. D'Plages horairë gesinn zwar 40-Stonnewoche vir, déi sinn och do, mir brauchen déi och. Da brauche mer awer halt punktuell einfach vill Kapen, fir d'Spëtzenzäiten ze besetzen. An do kréien ech keng 40-Stonnewoch voll. Mir wëllen awer och net einfach 40-Stonnewoche ginn, fir 40-Stonnewochen ze ginn. Well déi Leit sollen eng Aarbecht hunn an deementspriedend och bezuelt ginn.

Ech hunn den Opruff gemaach bei de Leit, déi schonn agestellt sinn, puncto Augmentation de tâches. Mir hu Réckmeldunge kritt vu 14 Educateuren. Mir sinn amgaangen, d'Lëscht opzeschaffen, wou mer déi sënnvoll kéinten asetzen. Wat awer och heiansdo mat sech bréngt, dass se mussen an eng aner Struktur goen. Wat dann och erëm Educateuren net onbedéngt wëllen. Also gemoolt geet et am Moment awer dann net. Mä mir schaffen drun.

An deem Sënn sinn ech ganz vill am Dialog mam Personal, momentan nach op Niveau vun de Responsabele vun den Haiser, well et einfach e grouse Beräich ass, an et net méiglech ass am Moment, mat all Einzelnen ze schwätzen. Mä weiderhi ganz wichteg fir mech ass d'Participatioun vun deene Leit, déi um Terrain schaffen. An ech wëll déi natierlech do ënnerstëtzen, wou ech nimm kann. Ech erwaarde mer dann awer och en contrepartie eng Ënnerstëtzung fir meng Aarbecht, respektiv fir déi Services, déi ech betreiën, dass vun den néidege Leit och Réckmeldunge kommen, wa mer se froen. Wat awer am Moment relativ gutt klappt.

Participatioun, net just beim educative Personal, mä och a mengen anere Ressorten, oder an anere Beräicher, ënner anerem, wat de Jugendgemengerot ugeet. Effektiv ass dat vläicht e bëssen ageschlof déi lescht Zäit. Ech leeën awer ganz vill Wäert drop, dat erëm e bësse wakreg ze këddelen, an hu schonn déi éischt Impulser ginn. Den organisatorische Volet wäert an den nächste Wochen ufänken. Sou dass mer do relativ schnell erëm kënnen aktiv ginn.

Den Här Diderich hat no engem Service jeunesse gefrot. D'Jeunesse ass en

de test sera lancée pour en savoir plus.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG)
constate qu'on ne lui a pas posé beaucoup de questions.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)
ajoute qu'on ne lui a fait que des compliments.

LAURA PREGNO (DÉI GRÉNG) *se demande si on la protège parce qu'elle est nouvelle ou s'il n'y avait rien de négatif à dire. Elle préfère opter pour la deuxième variante. La qualité du travail éducatif est importante. Elle est renforcée par les concepts du «Weltatelier», qui seront appliqués prochainement à Niederkorn aussi.*

Laura Pregno est consciente des besoins en éducateurs et en personnel enseignant. Des recrutements ont eu lieu au cours des dernières semaines.

Pour ce qui est des augmentations de tâches, Laura Pregno revient sur ce qu'a dit le bourgmestre: elles augmentent significativement les dépenses ordinaires. Cela n'est pas forcément un problème à condition que la qualité soit au rendez-vous. Mais dans les maisons relais, les tâches de quarante heures posent problème, parce qu'aux heures de pointe, il faut davantage de personnel qu'aux autres moments de la journée. C'est pourquoi le collège échevinal ne peut pas proposer quarante heures à tout le monde. Laura Pregno a sondé les éducateurs. Quatorze voudraient travailler davantage. Mais ces éducateurs ne souhaitent pas non plus forcément changer de maison relais, ce qui ne facilite pas les choses.

Actuellement, Laura Pregno s'entretient régulièrement avec les responsables des maisons relais, mais la participation de ceux travaillant sur le terrain est aussi importante. Elle s'engage à les soutenir, mais en contrepartie, elle demande aussi leur soutien à la fois pour son travail et pour celui des services sous sa responsabilité.

Quand elle parle de participation, elle ne pense pas seulement au domaine de l'éducation, mais aussi de la jeunesse — et notamment du conseil communal des jeunes.

2. Finances communales

M. Diderich a demandé la création d'un service de la jeunesse. Laura Pregno constate que 20 % de la population differdangeoise fait partie des jeunes. Il est donc pertinent d'en discuter. Il reste à voir comment s'y prendre pour créer un tel service. Au cours de ses six premières semaines, Laura Pregno n'a pas pu s'occuper de ce point parce que d'autres dossiers étaient prioritaires.

L'échevine rappelle que Differdange compte une maison des jeunes très active comptant trois annexes ainsi que la structure ouvrant prochainement au Fousbann. Les éducateurs réalisent un bon travail sur le terrain. M. Diderich a souligné tout à l'heure que tous les jeunes ne fréquentaient pas de maison des jeunes. Mais ce n'est pas un mal. Car la famille et les parents restent les premiers éducateurs. La commune n'est pas là pour reprendre le rôle des parents. Elle peut apporter son soutien, mais pas prendre les responsabilités des parents.

De nombreux enfants et jeunes sont membres d'associations. Des partenariats avec les maisons des jeunes sont possibles.

Enfin, l'école a aussi un rôle à jouer — et notamment l'enseignement secondaire avec l'EIDE. M. Diderich parle d'un point info pour jeunes. Mais il ne faut pas oublier que le lycée réalise déjà un travail d'accompagnement. D'un autre côté, il y a des jeunes qui passent à travers les mailles du filet. C'est pourquoi la Ville de Differdange a recruté un éducateur gradué pour le projet «Outreach Youth Work». Là aussi, des partenariats sont nécessaires avec le service à l'égalité des chances, la maison des jeunes, les écoles... Mais la prévention ne se fait pas d'un jour à l'autre. Il faut communiquer, mettre en place des relations, discuter... En plus, la prévention ne se laisse pas mesurer concrètement. Ce n'est pas un produit. Bref, il faut du temps.

M. Diderich a mentionné la fête annuelle des jeunes. Il s'agit d'une cérémonie où les jeunes ayant eu 18 ans au cours de l'année reçoivent un cadeau. Dix-huit ans est aussi l'âge symbolique à partir duquel on peut officiellement faire de la politique. Les conseils communaux des

Thema, wat mir ganz um Häerz läit, well ech jo och selwer haaptberufflech dra schaffen. An enger grousser Stad vu 26.000 Awunner ziele mer 20% Catégorie jeunes, wat 1/5 ass vun den Awunner. Dohier ass et berechtegt, vun engem Service jeunesse ze schwätzen.

Et steet op enger To-do-Lëscht, ze kucken, wéi méiglech oder wéi ëmsetzbar dat ass, wéi eng Attributiounen esou e Service kéint hunn, wéi de Profil wär vun de Leit, déi esou e Service kéinte besetzen an opwäerten. Ech schwätze ganz konkret vun enger To-do-Lëscht. A sechs Woche war et mir net méiglech, dee Punkt an Ugrëff ze huelen, well einfach ganz dréngend aner Decisiounen an Dossieren opzeschaffe waren.

Mir sinn hei zu Déifferdeng relativ gutt opgestallt, wat d'Jugendarbecht ugeet. Mir hunn e ganz aktivt Jugendhaus mat engem Haapthaus mat dräi Annexen, plus elo en neit Haus, wat um Fousbann soll opgoen. Si maachen eng ganz gutt Aarbecht. Si si vill um Terrain.

Ech wëll awer och nach betounen, Dir hat virdru gesot: „Net all Jonke geet an e Jugendhaus“. Jo, dat ass wouer. An ech mengen, dass dat och erwünscht ass, dass net all Jonken an e Jugendhaus geet. Mir müssen ëmmer bedenken: „Den éischte Moyen vun der Education ass d'Famill, sinn d'Elteren“. Déi müssen definitiv méi gestärkt ginn a mat abezu ginn. Mir sollen als Gemeng, an egal a wéi engem Educationssektor mer schaffen, net de Rôle vun den Elteren iwwerhuelen. Mir kënnen eng Stäip sinn, mir kënnen e Kader ginn, awer ech sinn net d'accord, fir iergendengem seng Verantwortung ze iwwerhuelen. Kanner kréien ass eng aktiv Decisioun am Liewen. Et soll kee soss do responsabel sinn.

Des Weidere si ganz vill Jonker, souwuel Kanner wéi Jugendlecher, a Veräiner. Veräiner, Sport, Loisirs, Kultur maachen eng genial Aarbecht um Terrain. Och do brauch e Jugendhaus net anzegräifen. Et kann an eng Kooperatioun trieden, wat se och maachen, a weiderhi verstärkt solle maachen. Super. Och do ass et wichteg, dass en Encadrement garantéiert ass. An net zulescht d'Schoulen. Virun allem de Secondaire, wou mer hei mat engem Secondaire EIDE schonn e bësse ver-

truede sinn, mécht puncto Beruff oder Zukunft ganz vill Aarbecht.

Wa mir schwätze vun Orientatioun oder Point info jeunes, sinn do einfach vill Jonker, déi op engem anere Level opgegraff musse ginn. D'Lycéeën müssen Orientatioun maachen, musse betreien. Ech mengen, do musse mer och oppassen, dass vill Aarbecht net zwee- oder dräifach gemaach gëtt.

Elo gëtt et awer ëmmer Jonker, déi duerch dat ganz Net rutschen. An et gëllt, déi opzefänken an net anere Leit an hir Aarbecht eranzepfuschen. Ech mengen, do hu mer schonn en éischte Saz gemaach, andeems mer déi Psychologin respektiv e Posten Educateur gradué besat hunn, fir deen Outreach youth work opzefänken. Do kann ee geziilt déi Jonker usprieche, déi duerch d'Netz falen. An eben do eng Kooperatioun, wéi ech dat och schonn a menger Budgetsried gesot hat, vu Präventioun starten, mam Service égalité des chances, mam Jugendhaus, mat Schoulen a mat allen aneren néidege Partner, déi mer hunn. Mä dofir brauche mer e bessen Zäit. Präventioun ass näischt, wat vun haut op muer gräift.

Mir musse Konzepter opsetzen, mir musse Partnerschaften agoen. Dat geschitt alles op mënschlecher Basis. Mënsch sinn, geet net esou einfach. Et ass kee Knäppchen, deen een ëmleet. Et musse Bezéiungen opgebaut ginn, et musse vill Gespréicher gefouert ginn. An natierlech, Präventiounsaarbecht ass näischt, wat vun haut op muer einfach op eemol siichtbar ass. Et ass net ze erfaassen. Et ass net an engem direkte Produkt kënnen ze verkafen. Dat heescht, mir brauchen einfach Zäit, déi mat eis spillt an eis do begleet, fir an Zukunft konsequent gutt schaffen ze kënnen.

Als lescht, eng Remarque: déi 7.500 Euro, déi Der ugeschwat hat, d'Fête annuelle pour jeunes. Ass een dann endlech 18 Joer, ginn déi jonk Leit invitéiert vun der Gemeng a kréien e klengen Kado. Dat ass u sech einfach dee symboleschen Alter vun 18 Joer. Et ass de Wahlalter, et ass dee Moment, wou een offiziell Politik ka maachen.

Kanner- a Jugendgemengerot sollen dann a sech Précurseure si vun deem offizielle Politik maachen. An ech géif

2. Finances communales

et nëmme begréissen, wa méi jonk Leit sech géife mellen an aktiv matmaachen. Ech wäert mäin Néidegst maachen.

Villmools Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och, Madame Pregno. De Welpeschutz war gutt. Här Mangel.

SCHÄFFE ROBERT MANGEN (CSV):

Merci, Här Buergermeeschter.

Ech ginn op d'Froen a vum Här Muller a vum Här Tempels, d'Fleegegebai Servior um Woier. D'lescht Woch hate mer e Bréif un d'Madame Minister Cahen geschriwwe mat präzise Froen, ënnert anerem, wéi wäit den Oflaf ass vun der Planung vun de Gebailechkeeten. Elo waarde mer op eng Äntwert vun der Ministerin.

D'Madame Brassel huet virgeschloen, d'Allocation de solidarité ze indexéieren. Dat ass eng interessant Iddi. Ech huelen déi mat an déi verschidde Kommissiounen, fir d'Allocatioun nei ze belichten.

D'Madame Richartz huet virgeschloen, Phosphorbännercher auszedeelen während der Rentefeier. Dat ass och eng gutt Iddi. Huelen ech och mat.

De Käschtepunkt vun der Rentefeier pro Kapp ass relativ enk gemooss. Dat wëll ech hei awer eng Kéier soen. D'Feier kascht e gewëssene Präis, an de Kado, dee mer ausdeelen, an de Budget ass heiansdo limitéiert. Dofir ass et net ëmmer esou evident, fir en Equiliber ze kréien, fir emol heiansdo eppes méi Vernünfteges auszedeelen. Mä mir wäerte versichen, dat déi nächst Joren nei ze betruechten.

Den Här Buergermeeschter hat vun der Société d'habitation à bon marché zu Nidderkuer geschwat. Do war u sech ee Gebai virgesi fir Mietwunnengen. Mir hate gefrot, fir der zwee ze kréien. Mir haten hinnen de Message matginn, datt mer zu Déifferdeng méi Mietwunnenge bräichten. Si sinn du mat op dee Wee gaangen. Ech mengen, et ass och wichtig, dat ze präziséieren.

E kuerzt Wuert zum Här Altmeisch iwwert d'Sécherheet. Virun zéng Joer souz ech ongeféier op där Plaz, wou Dir elo sëtzt. Deemools hat ech dat schonn ugeschwat, datt et e Problem vun Onsécherheet zu Déifferdeng géif ginn. Deemools sinn ech ausgelaacht ginn.

Et huet sech elo net dramatesch verschlechtert. Mä et ass awer net déi ideal Léisung. Dat muss een och soen. Ech hat virun enger Woch virgeschloen, datt ech an Aarbechtsgruppe mat der Police an och mat de Schoulen de Vandalismus an d'Sécherheet usprieche. Da kucke mer, wat do vu Proposen erauskënnt. An opgrond vun deene Proposé kann ee jo dann erëm e Budget virgesinn. Dofir ass de Budget vläicht e bessen manner héich ausgefall wéi déi Jore virdrun. Mä dat ass awer net de Grond, datt mer net an d'Sécherheet investéieren, a mer dee Problem net betruechten.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Mangel.

Da géif ech d'Ronn nach eng Kéier opmaachen. Här Muller.

ERNY MULLER (LSAP):

Merci, Här Buergermeeschter.

Et ass jo normal, dass ech nach eng Kéier op d'Policegebai zeréckkommen. Ech selwer an eis Fraktioun, bedauern, dass an deene ganzen Diskussiounen, déi am MDDI gefouert ginn, oder dem Bâtiment public, keng Récksprouch geholl ginn ass mam zoustännege Minister vun der Sécurité intérieure. Dat hätt vläicht verschidde Meenungen deblockéiert. Et si vläicht Malentenduen dran. Ech hunn Iech jo déi Bréiwer ginn.

Dee Projet vun der Konstruktioun war sou gutt wéi ofgeschloss. Do war alles kloer an deem definitive Projet, dee mer der Police, den eenzelne Leit virgestallt haten. Do ass vum Directeur général vun der Police e Bréif un de Minister de la Sécurité intérieure gaangen, wou e kloer schreift: „Et ass alles duerch. Et ass alles an der Rei, wéi mir eis dat

enfants et des jeunes sont les précurseurs de la politique officielle. Laura Pregno voudrait que plus de jeunes s'engagent.

ROBERT MANGEN (CSV) revient sur les questions de M. Muller et de M. Tempels. Pour ce qui est de la maison de soins du Woier, le collègue échevinal a demandé par écrit à la ministre Cahen où en est le projet.

M^{me} Brassel a proposé d'indexer l'allocation de solidarité. C'est une idée intéressante dont les commissions pourront discuter.

M^{me} Richartz suggère de distribuer des bracelets fluorescents lors de la fête des retraités. Robert Mangen signale que le budget alloué à cette fête est limité. C'est pourquoi il n'est pas toujours évident d'offrir un cadeau pertinent.

Pour ce qui est du projet de la SN-HBM à Niederkorn, au départ, il était prévu de construire une résidence avec des appartements à louer. Mais le collège échevinal en a demandé deux et la SNHBM a accepté.

En ce qui concerne la sécurité, il y a dix ans, Robert Mangen a fait les mêmes remarques que M. Altmeisch aujourd'hui. À l'époque, on s'est moqué de lui. La situation n'a pas vraiment empiré. Robert Mangen a prévu des groupes de travail avec la police et les écoles. En fonction des propositions, le collège échevinal pourra fixer un budget. C'est pourquoi le budget est un peu moins élevé cette année. Mais cela ne signifie pas que le problème n'est pas pris au sérieux.

ERNY MULLER (LSAP) regrette lui aussi que le ministère du Développement durable et des Infrastructures n'ait pas discuté avec le ministère de la Sécurité intérieure en ce qui concerne le commissariat. Cela aurait débloqué la situation et évité d'éventuels malentendus. Erny Muller a remis les lettres au collège échevinal.

Il rappelle que le projet de la construction du commissariat était presque fini. Il a été présenté aux personnes concernées. Le directeur général de la police a ensuite écrit une lettre au ministre de la Sécurité intérieure pour lui expliquer qu'un

2. Finances communales

accord avait été trouvé et demander que les travaux avancent rapidement. Le 31 mars 2017, le ministre en question a envoyé une lettre au ministère des Finances et plus précisément au directeur des finances pour lui communiquer que la planification était terminée et pour lui demander que le ministère mène les discussions nécessaires avec la commune de Differdange dans les meilleurs délais. Erny Muller supposait donc qu'un accord avait été trouvé et qu'une convention allait être signée avec la Ville de Differdange pour pouvoir réaliser le projet tel que prévu.

Il croit comprendre que c'est ce que veut le collège échevinal.

(Interruption)

Erny Muller constate que la Ville de Differdange tiendra son engagement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

lui en donne sa parole.

ERNY MULLER (LSAP) *l'en remercie.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que le collège échevinal est en possession d'une lettre du 31 mars...

(Interruption)

Roberto Traversini constate que cela ne date pas d'hier.

Il rappelle en outre que le collège échevinal a rencontré M. Kamphaus du ministère des Finances récemment. La Ville de Differdange est prête à préfinancer le projet malgré les contraintes à condition de disposer de toutes les garanties nécessaires. Roberto Traversini sait que la commune a besoin du commissariat. Elle est disposée à construire le bâtiment dès qu'elle aura reçu l'argent. Le bourgmestre en fait la promesse.

ERNY MULLER (LSAP) *répond que le collège échevinal pourrait se servir du manque de ressources humaines pour ne pas réaliser le projet. Ce n'est pas ce que veulent les socialistes.*

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

proteste.

(Discussions)

ERNY MULLER (LSAP) *souhaite que*

virstellen, an och vun der Capacitéit hier". Dat heescht, si haten am Fong de Projet approuvéiert. An e freet elo de Minister, dass dat soll virugoen. An deem Bréif vum 22. März 2017 ass alles opgeléicht.

Den 31. März 2017 huet de Minister e Bréif geschéckt un de Ministère des finances, hien ass also un de Finanzministère erugetrueden, an do ass eng Kopie un en Här gaangen, dee mer ganz gutt kennen, den Direkter des finances, mat deem mer jo och ze dinn haten am Kader vun der École internationale, wou mer jo déi Accorde gemaach hunn. An do huet de Minister zum Ausdrock bruecht, de Space planning wär elo fäerdeg. An en hätt elo gär am Futur „soumis le dossier pour approbation à mon ministère". Dat heescht, de Space planning ass okay, mir hunn den Dossier kritt. An do freet en, ob de Finanzministère kéint „pouvoir mener les discussions nécessaires quant au terrain, respectivement aux conditions contractuelles" mat der Administration communale de Differdange. An en huet dunn de Finanzministère gefrot: „Je vous prie de bien vouloir charger vos services d'entreprendre dans les meilleurs délais les démarches nécessaires".

Dat heescht, hien huet sech am Fong op de Finanzministère gestäipt an hat do, souwäit ech informéiert sinn, den Accord, dass géif gesot ginn: „Elo schwätze mer, elo maache mer déi Konvention mat der Gemeng Déifferdeng, a mir kënnen dee Projet ofwéckelen, wéi mer dat am Ufank gesot haten".

Wa mir richtig verstanen hunn, ass de Schäfferot bereet, op dee Wee ze goen.

(Ënnerbriechung)

Da géife mer do eist Wuert halen. Wa mer dat richtig verstanen hunn.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech versprieche Iech dat.

ERNY MULLER (LSAP):

Ass gutt.

Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Ech kann Iech direkt drop äntweren. Mir hunn hei nach e Bréif vum 31. März, wou steet: « L'Administration communale est en attente d'une décision afin de pouvoir... ».

(Ënnerbriechung)

Dat ass net säit geschier. Dat ass bal néng Méint hier, wou mer dee Bréif kritt hunn.

An Dir wësst, mir haten eis eng Kéier mam Finanzministère getraff, net nëmmen dowéinst, mam Här Kamphaus, fir en net ze nennen. An et muss net nëmmen déi Decisioun geholl ginn, mä d'Servior muss jo och parceléiert ginn, wou mer solle kréien. Mä selbstverständlech, wa mir all Garantien hunn, an trotz de Contrainten, wou den Här Liesch gesot huet, mat eisem eegene Personal, si mir bereet, dat ze maachen. Well mer dat Gebai ganz kloer brauchen. A soubal mer den Accord hunn. A wa si et dann net wëlle bauen, baut d'Stad Déifferdeng et, wa mer d'Sue kritt hunn. Dat kann ech Iech versprieche.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wëll awer soen: mam Personal, mat de Ressources humaines kéint Der et jo réckgäegg maachen. Da sot Der einfach: „Mir hu keng Ressources humaines, da kënnen mer et net maachen". Dat wëlle mer awer net.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Neen, Neen, Neen.

(Diskussiounen)

ERNY MULLER (LSAP):

Mir wëllen et genau esou wéi bei der EIDE, dass mer bei engem Projet vun esou enger grousser Wichtigkeet och op dee Wee ginn. Well ech mengen, ech hunn et jo gesot: „Hei ass e Cahier des charges ze ficeléieren, an dann ass et fäerdeg". Mir ginn och e Gebai kafen op de Plateau funiculaire, wou de Ca-

2. Finances communales

hier des charges mat alle Konditiounen, wéi et soll gebaut ginn, kloer ass. A fir de Rescht brauche mer eis bal net méi drëm ze bekëmmen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass richteg. Just, datt mir hei Bauhär sinn. An um Plateau funiculaire, wat mir kafen, si mir net Bauhär. Dat kréie mer schlësselfäerdeg.

ERNY MULLER (LSAP):

Jo, dat ass scho richteg.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Den Här Liesch huet dat just präventiv gesot. Well den Här Liesch weess ganz genau, datt, wa mir d'nächst Joer hei erëm an de Budgetdiskussioun sinn, an eist Personal huet dann e puer Saache gemaach, an aner Saache sinn e bësse leie bliwwen, dann net op eemol gesot gëtt...

ERNY MULLER (LSAP):

Prioritéiten.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Genau.

ERNY MULLER (LSAP):

Et muss ee Prioritéite setzen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Dat ass scho präventiv virginn. Wann eist Personal dorunner schafft, si verschidden aner Saachen ...

ERNY MULLER (LSAP):

Okay. Wann dat esou geduecht ass, ass et an der Rei.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Esou ass et geduecht. Hien huet scho virgeschafft. Den Här Diderich, w.e.gl.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK):

Ech wollt nach eng Kéier kuerz op de Jugendkommunalplang agoen, well ech mengen, do net richteg verstane ginn ze sinn.

Ech hunn haaptsächlech d'Fro gestallt, ob et eng Kéier esou e Jugendkommunalplang ginn ass, ob et eng Kéier esou ee soll ginn, oder ob dat einfach d'Wuert ass, wat benotzt gëtt, fir Aktivitéiten opzelëschten. An ech hu virgeschloen, wann een esou ee wëilt opstellen, bräicht een e Service jeunesse an deem Sënn. Dat kann da léiert sinn, mä muss awer net.

D'Escher Gemeng zum Beispill huet fir d'éischt e Jugendkommunalplang ausgeschafft an doropshin de Service jeunesse opgebaut.

De Point info jeunes war an deem Sënn e Beispill, wat Sënn an Zweck ass vun engem Jugendkommunalplang. Ech géif elo net soen, Déifferdeng brauch e Point info jeunes. Dat weess ech elo net. Dofir ass grad e Jugendkommunalplang do. Et mécht een eng Bestandsopnam, et fënnt een eraus, dass verschidde Jonker op esou e Jugendforum zum Beispill komm sinn oder bei Ëmfroe gesot hunn, hinne feelt et un Informatioun. Da seet ee sech: „Mä mir hu jo awer e Jugendhaus, do kënnen se all déi Informatiounen fannen“. An da fënnt een eraus: Et geet awer net all Jonken an dat Jugendhaus. Et ass och net all Schoul oder all Veräin oder all Elterendeel, wou Bescheid weess, wat dee Jonken an där an där Situatioun kéint maachen, wou e vläicht en Job vacances kéint fannen, wou en dëst kéint fannen, wou en dat kéint fannen. An dofir ass dunn erausfonnt ginn, dass esou en neutrale Raum Sënn mécht. An dee gëtt dann och tatsächlech benotzt.

Mä et ass jo elo een zu Esch. Dat heescht, vläicht brauche mer hei guer kee méi. Do muss ee jo och regional denken. Vlächicht bräicht een ee fir de Kordall. Vlächicht kéint een dat eent oder dat anert Jugendhaus méi an deem Sënn

le projet soit réalisé de la même manière que l'EIDE. Sur le plateau du Funiculaire, la commune acquiert un bâtiment avec un cahier de charges ficelé. Elle ne doit donc s'occuper de rien.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que sur le plateau du Funiculaire, la commune n'est pas maître d'ouvrage alors qu'elle l'est dans ce cas-ci.

ERNY MULLER (LSAP) est d'accord avec le bourgmestre.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

explique que M. Liesch, qui a mentionné les problèmes de ressources humaines, sait parfaitement que certains projets n'auront pas été réalisés parce qu'il faut fixer des priorités.

ERNY MULLER (LSAP) le sait bien.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que si le personnel travaille sur un projet spécifique, d'autres projets peuvent prendre du retard.

ERNY MULLER (LSAP) répond que dans ce cas, il est d'accord avec le collège échevinal.

GARY DIDERICH (DÉI LÉNK) revient sur le plan communal des jeunes, car il n'a pas été compris correctement.

Il demande si un plan communal a déjà existé ou si le collège échevinal entend en élaborer un. Ou bien si pour le collège échevinal un plan communal de la jeunesse n'est rien d'autre qu'une énumération d'activités. S'il entend en réaliser un, il faudrait penser à créer un service de la jeunesse. C'est ce qu'a fait Esch. Le point info pour jeunes est un exemple de ce qui pourrait faire partie de ce plan. Gary Diderich ne sait pas si c'est nécessaire ou pas; c'est à définir dans le plan. Si après un sondage, la commune constatait que les jeunes manquaient d'informations, elle devrait trouver une solution. La maison des jeunes fournit déjà ces informations, mais tous les jeunes ne la fréquentent pas. Les parents et les associations n'ont pas forcément réponse à tout non plus.

3. Projets communaux

Dans ce cas précis, un espace neutre pour s'informer serait pertinent.

D'un autre côté, Esch dispose déjà d'un point info pour jeunes. Différence n'en a donc peut-être pas besoin. Mais qu'en est-il du bassin de la Chiers? Ou alors, ne pourrait-on pas l'intégrer à la maison des jeunes du Fousbann?

M^{me} Pregno est nouvelle au sein du conseil communal, mais c'est une tradition pour Gary Diderich de demander où en est le plan communal de la jeunesse. Parfois, le collègue échevinal lui en a même promis un. En tout cas, Gary Diderich tenait à expliquer ce qu'il voulait dire.

ERNY MULLER (LSAP) demande si la séance peut être interrompue brièvement avant le vote pour que les socialistes puissent se concerter.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) répond que oui. Il promet à M. Muller que la Ville de Differdange réalisera le commissariat aussi vite que possible si elle obtient l'accord du gouvernement. Il précise toutefois que cette proposition n'a rien à voir avec le fait que les socialistes approuvent ou pas le budget.

(Interruption)

Roberto Traversini passe au vote du rectifié 2017.

(Vote)

Roberto Traversini passe au vote du budget 2018.

(Vote)

Roberto Traversini constate qu'il se rapproche de son objectif. Peut-être le budget sera-t-il approuvé à l'unanimité dans quelques années. En attendant, le bourgmestre remercie ceux qui ont voté pour le budget. Il continuera à travailler dur pour convaincre les quatre autres.

Il remercie aussi les services communaux et notamment Carole, qui a élaboré le budget pour la première fois.

Roberto Traversini passe aux devis supplémentaires. Lors de la dernière séance, le collègue échevinal avait fourni les explications, mais les devis ne figuraient pas dans le dossier.

amenagéieren. Dat um Fousbann ass jo zimlech grouss.

Dat sinn alles Froen, wou ech just wollt illustréieren, firwat ech ebe vun engem Jugendkommunalplang schwätzen. Do waart Dir nach net am Gemengerot, Madame Pregno, mä dat ass e bëssen Traditioun am Gemengerot, dass ech ëmmer erëm duerno froen, an ech hunn och schonn heiansdo versprach kritt, dass ech dee Jugendkommunalplang da géif kréien, deen et scho méi laang gëtt. Mä dat just zur Anekdote.

Voilà. Ech wollt soen, wat ech domatter gemengt hunn, a wat ech net domatter gemengt hunn. Ech soen Iech Merci.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci, Här Diderich.

Här Muller, ganz gären.

ERNY MULLER (LSAP):

Ech wollt just froen, ob mer kéinten e puer Minutten, ganz kuerz, d'Sitzung ënnerbriechen, ier mer ofstëmme. Mir wollten eis nach eng Kéier concertéieren.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Jo, ech ginn Iech dat mat op de Wee, et ass op Band, et kënnt an de Bericht stoen: „Wa mir den Accord kréien, datt et méi schnell géif goen, wann d'Stad Déifferdeng et géif maachen, da verspriechen ech Iech, Här Muller, datt d'Stad Déifferdeng dat wäert maachen an dann déi sämtlech Ressourcen drop setzen, fir dat esou schnell wéi méiglech ze maachen, sou wéi mer dat och mat eisen Agents municipale gemaach hunn“. Dat ass kloer. Ech mengen, Dir kënnt mer dat dann all Ablack virhalen.

Dat war elo net, fir datt Der sollt de Budget matstëmme oder net. Dat hate mer vir drun ënnertene beschwat. Wann Der wëllt, kritt Der eng Minutt.

(Ënnerbriechung)

Da géife mer weiderfueren. Ech proposéieren, fir d'éischt iwwert de Rectifié 2017 ofzestëmme an duerno iwwert de Budget 2018. Den éischte Vote fänkt un.

Le conseil communal arrête avec 15 voix oui et 4 voix non le budget rectifié de l'exercice 2017.

Dann den initiale Budget 2018. Da géife mer och do mam Vote ufänken.

Le conseil communal arrête avec 15 voix oui et 4 voix non le budget initial de l'exercice 2018.

Merci. Ech komme mengem Zil ëmmer méi no. Vläch hu mer an e puer Joer 19 Jo-Stëmme. Mir hate scho laang net méi esou vill.

Villmools Merci un déi, déi eis hiert Vertraue ginn hunn, fir dee ganze Budget a fir d'Stad Déifferdeng weiderzebréngen. An déi véier, déi dogéint gestëmmt hunn: do wäerte mer dru schaffen, och si ze iwwerzeegen, datt mer eis wierklech weider setzen, d'Stad Déifferdeng weiderzebréngen. Op alle Fall villmools Merci.

An nach eng Kéier Merci un eis Servicer. An haaptsächlech un d'Carole.

Wat wierklech an dat kaalt Waasser geheet ginn ass, fir esou ee Budget opstellen. A wa Klenggekeeten am Laf vum Joer sollten änneren, wäerte mer dat dann och zesummen hei maachen. Mä och e Merci un d'Carole.

Den drëtte Punkt sinn d'Devis supplémentaires, déi leien elo bäi. Dozou hate mer déi leschte Kéier Explikatioun ginn. De Budget war ugepasst ginn, mä d'Devis loungen nach net bäi. Ech fannen, datt een dat awer da muss nohuelen. Dat ass d'Maison relais Uewerkuer, d'Jugendhaus an d'Pierre-Krier-Strooss.

Wann dozou keng Froe méi sinn, géif ech dat och zum Vote bréngen. En bloc.

4. Règlements communaux

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif aux travaux d'aménagement extérieurs de la maison relais d'Oberkorn.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis supplémentaire relatif à l'aménagement d'une maison des jeunes au quartier Fousbann.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver le devis relatif au réaménagement de la rue Pierre-Krier à Differdange.

Règlements communaux. Et geet haaptsächlech ëm d'Circulatioun. Här Liesch, ech hu gesinn, mir hunn nach gëschter eppes nogemailt kritt gehat. Wann Der dat och wéilt mat ofstëmmen? Et ass eng Klengegkeet.

En ass "paperless", da brauch een e bësse méi laang. En ass et nach net gewinnt.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Ech hunn hei eng Saach vun enger Madame, déi geplënnert ass.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Lauschtert no, w.e.gl. Mir si geschwë fäerdeg.

SCHÄFFE GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG):

Déi zweet Saach ass och eng Plënnertatioun. Et sinn am Fong Saachen, wann d'Leit plënnere, froe se, zum Beispill, d'Parkplaz virun der Dier ze späen.

Dat war scho alles. Et ware just déi zwou Saachen.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Plënnertpanneauen. Da géife mer dat och zum Vote huelen.

(Ënnerbriechung)

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

En bloc. Jo, Här Altmeisch.

GUY ALTMEISCH (LSAP):

Ech hunn eng Bemierkung dozou. Mir wëssen, dass all nei Beschëlderung, all Deplacement vu Verkëiersschëld op ëffentlecher Strooss muss, laut Legislatuer, duerch en Drénglechkeetsreglement ofgeséichert sinn, well soss hunn d'Schëlter keng Valeur a brauchen net respektéiert ze ginn. Dëst Reglement muss opgestallt an ënnerschriwwen ginn. An da kann déi nei Situatioun realiséiert ginn. Gëtt dës Prozedur net respektéiert, ass de Schäfferot responsabel fir d'Folge vun Accidenter, Verletzungen, Materialschued respektiv Wäertverloschter, déi entstinn duerch déi nei Situatioun.

D'Netanhale vun där Prozedur war de Fall an der avenue Charlotte. Am November 2017 gëtt de Bus-Arrêt mat der Beschëlderung deplacéiert. An e flotten Datum an deem Drénglechkeetsreglement: Neiwoersdag, also den 1. Januar, treffe sech de Buergermeeschter an de Gemengesekretär um Feierdag, ënnerschreien dat Dokument, an et gëtt souguer um Feierdag publizéiert.

(Ënnerbriechung duerch den Här Traversini)

Also war de Bus-Arrêt während zwee Méint net reglementéiert, an de Schäfferot hätt kënne responsabel gemaach gi fir all Schued, deem entstane wier. Leider konnt bei dëser Upassung den Avis vun der Verkëierskommissioun net ageholl ginn, vu que dass keng Sitzung war. An ech hoffen, dass sech dat an Zukunft verbessert.

Ech soen Iech Merci.

Roberto Traversini propose de les voter en bloc.

(Vote)

Roberto Traversini passe aux règlements communaux. Il cède la parole à M. Liesch. Comme celui-ci est «paperless», il lui faut plus de temps.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) précise qu'il est question d'une femme qui déménage.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) demande aux conseillers communaux d'écouter.

GEORGES LIESCH (DÉI GRÉNG) ajoute que le deuxième règlement concerne aussi un déménagement.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG) propose de voter les règlements en bloc.

GUY ALTMEISCH (LSAP) rappelle que les signalisations sur la voie publique doivent être validées par un règlement d'urgence signé. Si le collègue échevinal ne respecte pas la procédure, il est responsable en cas d'accident, de blessure ou de dégâts. Or il y a eu un problème dans l'avenue Charlotte. En novembre 2017, un arrêt de bus a été déplacé. Or le règlement n'aurait été signé que le 1^{er} janvier suivant par le bourgmestre et le secrétaire communal. Les deux hommes se seraient donc rencontrés un jour férié.

(Interruption de M. Traversini)

Guy Altmeisch constate que l'arrêt de bus n'était pas réglementé pendant deux mois. En plus, comme il ne s'agissait pas d'une séance, l'avis de la commission de la circulation n'a pas été demandé.

4. Règlements communaux / 5. Syvicol

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

répond que lui et le secrétaire communal sont très souvent à la commune. Il suppose avoir signé le document le jour précédent ou le jour suivant. Il veillera à ce que cela ne se reproduise plus.

Il remercie M. Altmeisch d'avoir abordé cette question.

(Vote)

Roberto Traversini passe au point suivant. Trois communes disposent d'un représentant au sein du Syvicol. Roberto Traversini propose M^{me} Conter de Pétange. Apparemment, il lui reste du temps libre. Roberto Traversini ne peut que féliciter cette jeune personne pour son énergie.

(Interruption)

Roberto Traversini insiste sur le fait qu'elle s'investira pour les trois communes. Il faudra juste veiller à ce que Differdange soit informée régulièrement.

(Interruption)

Roberto Traversini ajoute que Differdange n'aura plus besoin de se déplacer.

HENRI KRECKÉ (SECRÉTAIRE COMMUNAL)

rappelle qu'avant, il fallait assister à une réunion commune.

ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG)

ajoute que tous les conseillers communaux devaient y assister. Ce n'est plus le cas maintenant.

(Vote)

Roberto Traversini constate qu'il n'y a pas de changements dans les commissions. Il passe à la séance non publique. La prochaine séance du conseil communal aura lieu le 24 janvier à 8 h.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

Merci och.

Dir wësst, datt ech vill hei sinn. Mä ech kann Iech awer garantéieren, datt dat richteg ass, wat do steet. Ech hunn déi Ënnerschrëft wahrscheinlech den Dag virdrun oder den Dag duerno gemaach. An da wäert de Fonctionnaire grad dat gemaach hunn, an de Gemengesekretär ass och ganz oft hei. Mir kucken awer, datt dat net méi virkënnt. An Dir hutt ganz Recht, schonn alleng duerch d'Responsabilitéit. Dir hutt vollkomme Recht.

A Merci, datt Der eis drop higewisen hutt.

Kéinte mer en bloc ofstëmmen?

(Zoustëmmung)

Okay, Merci.

Le conseil communal décide à l'unanimité d'approuver les règlements temporaires de circulation.

Mir kéimen zum nächste Punkt. Dir wësst, datt mer ee Verrieder zu dräi Gemengen zegutt hunn am Syvicol. Mir géifen Iech proposéieren d'Madame Conter-Klein vu Péiteng, déi sech ganz wëll engagéieren, déi anscheinend och gutt Zäit huet, well se net genuch ausgelascht ass zu Péiteng. Mir kënnen dat just ënnerstëtzen, wann déi jonk Madame mat där viller Energie dat wëll maachen.

(Ënnerbriechung)

Wat ass se?

(Ënnerbriechung)

Jonk. Dach. Datt se sech wëll fir eis dräi Gemengen asetzen.

(Ënnerbriechung)

Mir musse just kucken, datt mer heiansdo Informatiounen kréien. Wann Der domatter averstane sidd?

(Ënnerbriechung)

Da géife mer driwwer ofstëmmen. Ech wëll nach soen: „Mir brauchen eis net méi ze deplacéieren“.

Soss huet ee jo ëmmer missen ...

GEMENGESekretär HENRI KRECKÉ:

Eng gemeinsam Sitzung.

BUERGERMEESCHTER ROBERTO TRAVERSINI (DÉI GRÉNG):

... eng gemeinsam Sitzung maachen, wou déi sämtlech Conseillere do waren. Dat ass, mengen ech, hifälleg, dat kann iwwer Bréif gemaach ginn. Gott sei Dank.

Le conseil communal décide à l'unanimité de proposer M^{me} Raymonde Conter-Klein comme déléguée au sein du comité du Syvicol.

Et si keng Changementer an de Kommissiounen. Da géife mer elo zu der Non-publique kommen. Déi nächste Sitzung ass de 24. Januar um aacht Auer. Et ka gutt sinn, datt déi och méi laang dauert. Da kucke mer, Bréidercher ze hunn.

Villmools Merci.

LIVE AM PARK

AM PARK GERLACHE
ZU DÉIFFERDENG
25. & 26. MEE

25. MEE 2018

18H00

BIELESER MUSEK

19H00

FANFARE DE LA COMMUNE DE DALHEIM

20H00

HARMONIE MUNICIPALE "LES ECHOS DE L'ALZETTE" RÉISERBANN

22H00

PROJEKTION VUM FILM - COCO

FRANSÉISCH VERSIOUN

ENTRÉE GRATUITE



26. MEE 2018

19H00

HARMONIE MOUTFORT-MEDINGEN

20H00

SOCIÉTÉ DE MUSIQUE "ST. LAMBERT" PERLÉ

22H00

PROJEKTION VUM FILM - CARS 3

DÄITSCH VERSIOUN

HMD
HARMONIE MUNICIPALE
DE LA VILLE DE DIFFERDANGE

Ville de
Differdange

BOFFERDING

Battin

www.differdange.lu
www.hmdifferdange.lu

Differdange
Place du Marché

PUBLIC VIEWING



**ENTRÉE
GRATUITE**

1/4 de finale

06.07.2018 16h00 + 20h00

07.07.2018 16h00 + 20h00

1/2 finale

10.07.2018 20h00

11.07.2018 20h00

Finale

15.07.2018 17h00



Differdange
SPORT CITY



FIFA WORLD CUP
RUSSIA 2018